

# INFO BLAT

'07 23

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 15. NOVEMBER 2023

Actualités Annuaire Contactez-nous Développement urbain DIFFMAG Emploi Events Formulaires Revue de presse FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique

# Conseil communal du 24 janvier 2024

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP) | CHARLÉ Zenia (LSAP) | MULLER Emy (LSAP) |
| ULVELING Tom (1er échevin, CSV) | CILLIEN Eric (DP) | OLTEN Claude (CSV) |
| WAGNER Thierry (échevin, LSAP) | DA SILVA Elisabeth (DP) | PREGNO Laura (déi gréng) |
| HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV) | DIDERICH Gary (déi Lénk) | SCHEUREN Michel (LSAP) |
| BERTINELLI Fred (échevin, LSAP) | ENGEL Morgan (PIRATEN) | SCHÜTZ Manon (déi gréng) |
| AGUIAR Paulo (déi gréng) | MEISCH François dit Fränz (DP) | TEMPELS Guy (CSV) |

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

# INFO BLAT 07 23


COMPTE-RENDU DU 15 NOVEMBRE 2023

5-88

FORMATION D'ANIMATEUR

89

ZESUMME RENOVÉIEREN

90



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 15 NOVEMBRE 2023

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Zenia Charlé (LSAP)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (Piraten)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Concours d'investisseurs visant la construction d'un parking public avec des surfaces commerciales et tertiaires sur une parcelle de 63,33 a au lieudit Boulevard Émile-Krieps à Differdange et conclusion d'une convention de concession d'un droit de superficie — présentation du résultat par Ernst & Young et approbation de ladite convention.**
3. **Programme de coalition de la majorité LSAP-CSV — prise de position.**
4. **Finances communales : diverses augmentations/diminutions des crédits extraordinaires.**
5. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : plan d'aménagement particulier au lieudit Rue Prommenschenkel à Oberkorn, convention signée avec les Œuvres paroissiales Oberkorn.**
6. **Projets communaux :**
   a. Travaux d'extension de la maison relais Oberkorn — devis supplémentaire et décompte, article budgétaire 4/242/221311/19009 ;
   b. Travaux d'aménagement d'un parc avec un pont pour piétons derrière la station Gulf — devis supplémentaire et décompte, article budgétaire 4/625/221313/23004 ;
   c. Participation aux frais d'une tranchée située route de Longwy et Fond-de-Gras — devis, article budgétaire 4/630/222100/99003.
7. **Office social de Differdange : budget rectifié 2023 et budget initial 2024.**
8. **Enseignement fondamental : plans de surveillance de l'année scolaire 2023-2024.**
9. **Structures d'accueil : organisation pour l'année scolaire 2023-2024.**
10. **École de musique : organisation scolaire définitive 2023-2024 – 2e validation.**
11. **Personnel communal : adaptation de l'organigramme au niveau des départements social, logement, CID, école de musique ainsi que des structures et des cuisines du service d'éducation et d'accueil.**
12. **Plan de gestion des forêts 2024.**
13. **Actes et conventions :**
    a. Acte notarié de bail emphytéotique et de vente d'un appartement situé dans le Gravity Tower à Differdange ;
    b. Convention de rétrocession d'un droit de superficie concédé en vertu d'une convention administrative du 13 juillet 1987 avec l'État relative à des terrains situés aux lieudits Zone industrielle Haneboesch et Bei der Langheck à Niederkorn d'une superficie totale de 427,70 a ;
    c. Contrat de location portant sur 2 parcelles situées aux abords de la rue de l'Eau au lieudit Hinter Rattem à Oberkorn d'une contenance totale d'environ 39 a ;

d. Convention pluriannuelle pour les années 2024 et 2025 signée avec l'État et la Miami University portant sur les conditions et modalités d'attribution d'une contribution financière ;
e. Contrats de bail pour des logements locatifs situés au sein du complexe Gravity à Differdange ;
f. Troisième avenant au contrat de bail avec Munhowen SA portant sur l'exploitation de la villa Hadir ;
g. Convention de mise à disposition d'un logement situé à Differdange, 41, avenue Charlotte à l'Office social de Differdange ;
h. Contrat signé avec Editus Luxembourg SA portant sur l'offre de service Editus Insight ;
i. Conventions de coopération d'une part avec les associations Ecotrel ASBL et CNDS Nei Aarbecht ASBL et d'autre part avec les associations Ecotrel ASBL et Digital Inclusion ASBL et portant sur la mise à disposition de déchets d'équipements électriques et électroniques ménagers en vue de leur préparation à la réutilisation et remise sur le marché ;
j. Convention de mise à disposition d'une parcelle à Post Luxembourg pour une station PackUp à Differdange, parking des Hauts-Fourneaux ;
k. Avenant concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.

**14. Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**

**15. Relations transfrontalières :**

a. Accord de jumelage avec la ville portugaise de Mira ;
b. Résiliation du jumelage avec la commune portugaise de Chaves.

**16. Syndicats intercommunaux : désignation d'un délégué supplémentaire au sein du SCIEC.**

**17. Commissions consultatives et groupes de travail :**

a. Nomination des membres observateurs au sein des commissions consultatives à la suite de l'appel à candidatures adressé à la population ;
b. Changements au sein des commissions consultatives.

**18. Questions.**

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, dass Der komm sidd haut an eise Gemengerot, dass Der alleguer hei sidd, dass Der alleguer monter a gesond sidd, wéi ech feststellen. Et ass keen, dee sech ofgemellt huet. Wat mer besonnesch Freed mécht, dass mer all komplett haut un dëser Gemengerotssitzung deelhuelen. Dat begréissen ech.

Ech profitéiere vun der Situatioun, fir d'Presenz vun der Press, d'Leit vun der Press ze begréissen. Des Weidere begréissen ech e Spezialist, deen eis eng flott Virféierung programméiert huet vun der Firma Ernst & Young, de Punkt 2 um Ordre du jour. Merci, dass Der komm sidd, merci, dass Der bereet sidd, eis déi Erklärungen ze ginn. An och merci un Iech alleguer, dass Der haut hei sidd.

Wéi Der zur Kenntnis geholl hutt, sti relativ vill Punkten um Programm. Dofir géife mer zügeg ufänken, fir dass mer gutt virukommen.

Mir géifen ufänke mat enger Kommunikatioun vum Schäfferot. Ech géif d'Wuert ginn un den Här Ulveling fir seng Matdeelungen. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zwou Informatiounen: Dat Éischt betrëfft d'Phas dräi zu Nidderkuer, wat mer déi leschte Kéier am Gemengerot gestëmmt hunn. Do ware mer jo e bëssen euphoresch, well mer den Devis kritt hunn, deen ëm eng Millioun Euro manner war wéi virgesinn.

Do hu mer awer d'Noriicht kritt, dass Fouilles archéologiques musse gemaach ginn, well an der Rue des Romains war viru laanger Zäit eng Krypta mat enger Kapell. An, fir just emol unzefänken, kascht dat eis schonn 117.000 Euro. A wann een dann eppes géif fannen, par malheur, kéimen nach Suen dobäi. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass eng Informatioun, dass mer gëschter vun engem portugisesche Kënschtler, dem Här Carlos Nogueira, eng Skulptur geschenkt kritt hunn, déi am Parc de la Chiers steet. Déi anlässlech vun dem Projet Pánta Rheî vun Esch2022 opgeriicht ginn ass. Op dëser Plaz wéilt ech dem Här nach eemol Merci soe fir deen nobele Gest, deen e fir d'Gemeng Déifferdeng gemaach huet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Wagner. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, och vu mir aus e schéine gudde Moien. Ech hunn e puer Punkte fir an Är Agenda. An dat a mengen zwee Ressorten: Sport a Festivitéiten.

Mam Sport ugefaangen. Do hunn ech zwou Noriichten. De Gala Sportif ass terminéiert op de 27.11. dëst Joer. Do ginn eis Champione geéiert, mee allgemeng och eis Clibb respektiv de Benevolat – d'Achs, mee och d'Achillesseen vum Veräinssport.

Flott ze annoncéieren ass de Six to Paris, dee gréissten europäesche Fechtmeeting, dee vum 26. bis den 28. Abrëll zu Déifferdeng ass. Mir iwwerhuelen do eng Partnerschaft mat der Fechtfederatioun. Mee virun allem ass et déi lescht Méiglechkeet, sech fir d'Olympiad ze qualifizéieren.

Et besteet d'Hoffnung, dass de Flavio Giannotte Chancen huet, fir mat op de Won ze sprangen. De Flavio ass en Déifferdenger an et wär eng flott Saach, hien ze ënnerstëtzen. Schéinen Niewen-effekt ass dobäi, dass mer lues a lues nees e Fechtclub op Déifferdeng kréien.

An de Festivitéite sti mer kuerz virun den traditionellen Evenementer de fin d'année. Den 1.12. ass d'Ouverture vun eisem Chrëschtmaart. Deemno eng gutt Méiglechkeet, no eisem Budgetsgemengerot moies, den Dag mat engem gemeinsame Vin chaud ofzeschléissen. D'Taass steet scho virun Iech, Dir braucht se just nach matzebréngen. Et ass rengen Zoufall, dass se rout ass.

Den Dag duerno kënnt de Kleeschen op Déifferdeng. Kucke mer dann, wie vun

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance. Il se réjouit du fait que le conseil communal soit au complet. Il salue les représentants de la presse ainsi que d'un expert d'Ernst & Young.*
*Le bourgmestre propose de commencer rapidement, car l'ordre du jour est conséquent. Il cède la parole à monsieur Ulveling pour les communications.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le devis concernant la phase 3 de Niederkorn était moins élevé que prévu. Mais entretemps, le collège échevinal a appris qu'il faudrait réaliser des fouilles archéologiques dans la rue des Romains, qui abritait une crypte et une chapelle. Les fouilles coutent 117 000 € à condition que l'on ne trouve rien.*
*L'artiste portugais Carlos Nogueira a décidé d'offrir une de ses sculptures à la Ville de Differdange. La sculpture se trouve dans le parc de la Chiers et a été réalisé dans le cadre du projet Panta Rhei d'Esch2022. Tom Ulveling profite de l'occasion pour remercier monsieur Nogueira.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *a deux points à communiquer.*
*Le Gala sportif aura lieu le 27 novembre. Il s'agira de rendre hommage aux champions, mais aussi aux clubs et aux bénévoles.*
*Du 26 au 28 avril, Differdange accueillera une grande compétition d'escrime permettant de se qualifier pour les Jeux olympiques de Paris. Le Differdangeois Flavio Giannotte a ses chances. Il faut le soutenir.*
*Parmi les effets secondaires positifs figure le fait que Differdange va bientôt rouvrir un club d'escrime.*
*En ce qui concerne les festivités de fin d'année, le Marché de Noël ouvrira le 1er décembre. Thierry Wagner propose de clôturer la séance du conseil communal de ce jour-là par un vin chaud. La commune a d'ailleurs remis la traditionnelle tasse à vin aux conseillers communaux. Le fait qu'elle soit rouge est un pur hasard.*
*Le 2 décembre, saint Nicolas sera à Differdange. Thierry Wagner est curieux de voir qui aura droit à un sachet.*

*La Sainte-Barbe aura lieu le 4 décembre à Lasauvage.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *annonce que les services du département social, c'est-à-dire le service de la jeunesse, le service de l'égalité des chances et l'ancien wok ont emménagé dans l'ancien bâtiment de la BIL, tout comme le service Senior Plus, qui se trouvait jusqu'ici dans la résidence Lara dans la Grand-rue. Cela devrait améliorer la collaboration entre les services, même si chacun continuera à proposer ses propres offres. Les services ont été consultés et ils ont réagi de manière positive à l'idée.*
*Par ailleurs, le site est central, ce qui leur donnera davantage de visibilité. Lorsqu'il fait beau, on peut imaginer organiser des activités à l'extérieur dans la zone piétonne.*
*Le bâtiment comprend deux salles de réunion pouvant être utilisées par les associations, les commissions ou les citoyens.*
*Le projet se nomme Vivre ensemble.*
*Dans ce contexte, le collège échevinal souhaite signer le Pacte du vivre ensemble avec le ministère de la Famille. La nouvelle loi entrera en vigueur en janvier 2024. Jerry Hartung distribue un dépliant aux conseillers communaux. Il ne dispose pas encore de la nouvelle convention.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *annonce que le service écologique va déménager sur la place du Marché de Differdange à cause d'un manque de place. Il a fallu lui trouver de nouveaux locaux adéquats. Leurs ordinateurs ont été installés.*
*La communication au sujet du déménagement a été faite. Désormais, c'est sur la place du Marché que seront gérés par exemple les subsides écologiques. Il est important de faire passer l'information à la population.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie le collège échevinal pour ces informations.*

eis eng Titche kritt nom Glüwäi vum Dag virdrun.

A fir ofzeschléissen, de 4.12. d'Sainte-Barbe-Feier op der Zowaasch. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. D'Wuert geet un den Här Hartung. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter a Schäffen, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, Vertrieder vun der Press, léif alleguer, schéine gudde Moien, ech wollt matdeelen, datt ons Servicer aus dem Département social, déi vun der Jeunesse, der Egalité an den Design for all, also eisem fréiere Wok, aus dem 1535° souwéi eise Service Senior Plus, dee bis ewell an der Résidence Lara an der Groussstrooss war, all zesumme geplënnert sinn an dat fréiert BIL-Gebai uewen an der Foussgängerzon.

Zum enge sollen dës verschidde Servicer gutt zesummeschaffen, weiderhin eegen Offeren ubidden, awer och kucken, wat een zesumme ka maachen. Et gëtt ëmmer geschwat vu Synergië schafen. Mir setzen dat intern ëm, well et aus eiser Siicht fir dëse Service Sënn mécht. Selbstverständlech gouf dat am Virfeld mat de betraffene Servicer beschwat. A vun hinne gëtt dat immens positiv matgedroen.

Zum aneren ass et eng zentral Plaz, wou d'Leit sinn, wat hinnen eng méi grouss Visibilitéit gëtt.

Bei guddem Wieder kann een zum Beispill Aktivitéite virun der Dier virgesinn, an der Foussgängerzon plangen.

Am Gebai sinn zwee Versammlungsraim amenagéiert ginn, ee gréisseren an ee klengen. Dës kënnen intern genotzt ginn oder vun Associatiounen, lokale Veräiner, eise Kommissiounen, Bierger an esou weider.

Dat Ganzt leeft ënner dem Numm vum Vivre ensemble, well si d'Zesummeliewen an eiser Gemeng solle stäerken.

Deementspriechend si mir mam Ministère de la Famille a Kontakt, well mir envisagéieren, de Pakt vum Zesummeliewen ze ënnerschreiwen. Mir musse just bis Januar waarden, well d'Gesetz geännert huet. Dat neit trëtt eréischt ab Januar 2024 a Kraaft. Verständlecherweis wëlle si keng Konventiounen nom ale Modell, mee nom neie Modell maachen.

Ech hunn Iech den Depliant matbruecht, ginn deen eng Kéier ronderëm. Natierlech hate mer gefrot déi nei Konventioun ze kréien, déi konnte se eis awer nach net ginn.

Vu datt mer als Déifferdenger Gemeng vill am Sënn vum Vivre ensemble wëllen ëmsetzen, mécht dat Sënn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Ech ginn d'Wuert un den Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech wollt Iech matdeelen, datt ab dëser Woch eise Büro vun der Ëmwelt, deen hei um drëtte Stack souz, elo zu Déifferdeng op der Place du Marché ass. Vu Plazmangel, wat Der jo och alleguerte wësst, fir déi Servicer a fir déi Aarbecht esou ze maachen, si mer mat deem Büro op d'Maartplaz geplënnert. Déi sinn elo fest do. Si hunn hir Computeren ugeschloss. All Mënsch ka se elo besichen. D'Kommunikatioun hu mer schonn erausginn. Alleguerten déi Subsiden, déi ee kritt, fir de Vëlo, fir d'Wäschmaschinnen, alles ass op där doter Plaz. Do kënne se adequat schaffen. Déi Informatioun wollte mer Iech weiderginn an och un eis Populatioun, well déi jo méi oft besicht gi vu Leit, déi eng Ufro hunn u si. Duerfir wollte mer déi Kommunikatioun haut maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen de Kolleegen aus dem Schäfferot Merci fir déi wichteg Informatiounen un eis Bierger. Da géif ech d'Kolleege froen, wien eng Fro unzemellen hätt.

Dat géife mer, wéi üblech, als Lescht huele vun der Partie publique. Den Här Meisch, den Här Aguiar, d'Madamm Pregno. Den Här Gary Diderich huet eis zwou Froe schrëftlech eraginn. Dat traitéiere mer duerno. Madamm Pregno, jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just froen, ob Der vläicht wéilt de Punkt 13) vum Ordre du jour huelen, d'Konventioun mat Editus. Dat ass eng Konventioun, wou den ale Schäfferot sech formell, also op d'mannst moralesch, dovunner distanzéiert hat. Mir fannen dat elo net ganz propper, wann do d'Nimm vum ale Schäfferot drop stinn. Mir froen, ob Der déi net wéilt remaniéieren? Oder vläicht hutt Der et entretemps gemaach an Dir hutt Är Nimm drop. Jo, ass et gemaach?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ganz genau.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Perfekt. Okay, dann huele mer herno Stellung zu deem Punkt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir haten dat am Nachhinein festgestallt an hunn en neien Avenant ausgeschafft mat deene richtegen Nimm drop, fir dass do kee sech maltraitéiert fillt.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Tipptopp. Dann ass et fir eis an der Rei. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Gutt, dass mer dat geklärt hunn. Da géife mer zum Punkt 2 vum Ordre du jour kommen, e ganz wichtege Punkt, wat eis scho méi laang um Häerz läit an eise Bierger dobaussen och, wat fir vill Diskussiounsstoff ge suergt huet a wou mer elo endlech esou wäit si fir deen, zum Wuel vun eise Bierger, zum Wuel vun eise Leit dobaussen, ze realiséieren. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir eis do méi Präzisiounen ze ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll eng kleng Introduktioun maachen. Dir gesitt: Mir hunn e Spezialist hei, den Här Seidenspinner vun Ernst & Young, deen Iech herno am Detail de Projet virstelle wäert. E ganz flotten an interessante Projet. Ech wëll virdrun en Historique maachen, fir dass déi Leit, déi hei sinn, e bësse wëssen, vu wou mer kommen.

Déi éischt Reflexiounen iwwert d'Implantatioun vun esou engem iwwerierdesche Parkhaus um Contournement, déi datéiere scho vun 2007. Eng éischt Presentatioun vum Konzept Nouvelle entrée de ville datéiert vun 2009. 2013, no enger Etüd vu Cushman & Wakefield, gouf wéinst der attraktiver Lag de Bauperimeter erweidert a 6.000 Meterkaree Geschäftsfläch bäigefüügt.

An de Joren 2013-2017 sinn eng Rëtsch Iwwerleeunge gemaach ginn, fir de Projet ze konkretiséieren. Zousätzlech zum Bauprogramm vun 2013 ass eng Variant mat der Integratioun vun enger Busgare ausgeschafft ginn.

2018 ass déi Iddi vun der Busgare falegelooss ginn, well den Terrain ze schmuel war an zousätzlech zum Bauprogramm Parking- a Geschäftsfläche koumen tertiär Fläche wéi Büroen dobäi.

Niewent dem Parkhaus Contournement gouf d'Implantatioun vun engem zweete Parking um Plateau des Hauts-Fourneaux analyséiert, well deemools sollt sech jo nach de Science Center do implantéieren, wat de Moment jo nach net ganz kloer ass.

Vun 2018 bis 2019 sollt sech d'Parkhaus um Plateau des Hauts-Fourneaux konkretiséieren, dëst an Zesummenaarbecht mat ArcelorMittal.

*Monsieur Meisch, monsieur Aguiar, madame Pregno et monsieur Diderich ont des questions, qu'ils pourront poser à la fin de la séance.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *propose de retirer le point 13 h de l'ordre du jour. Il s'agit d'une convention avec Editus, dont l'ancien collège échevinal s'était distancé moralement. Laura Pregno regrette que les noms de l'ancien collège échevinal figurent dans le document. À moins que les documents aient été modifiés…*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond par l'affirmative.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *prendra position tout à l'heure.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a fait modifier le document. Désormais, il comporte les noms corrects.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *s'en réjouit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne veut pas que quelqu'un se sente maltraité.*
*Le bourgmestre passe au point 2, un point qui tient à cœur des citoyens et qui a fait couler beaucoup d'encre. Il cède la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *souhaite faire l'introduction du projet avant de céder la parole à monsieur Seidenspinner d'Ernst & Young.*
*Il rappelle que les premières réflexions concernant l'implantation d'un parc de stationnement au contournement remontent à 2007. Une première présentation du concept de la nouvelle entrée de ville a été présentée dès 2009.*
*À la suite d'une étude de Cushman & Wakefield en 2013, le périmètre de construction a été étendu de 6000 m² pour accueillir des commerces.*
*Au cours des années suivantes, une variante comprenant une gare de bus a été élaborée. Cette idée a été abandonnée en 2018, car le terrain est trop étroit. En revanche, il était question d'implanter des surfaces de bureau.*
*Parallèlement, la commune a aussi évalué la possibilité d'aménager un*

*deuxième parking sur le plateau des Hauts-Fourneaux, qui devait accueillir le Science Center. En 2019, le parking des Hauts-Fourneaux semblait se concrétiser en partenariat avec ArcelorMittal. Mais en 2020, la commune a appris qu'ArcelorMittal ne cèderait son terrain que quatre ans plus tard. Ce projet a été abandonné.*
*La même année, il a été question d'un pôle multimodal relié à la gare de Differdange sur le plateau des Hauts-Fourneaux. Finalement, en 2021, le collège échevinal a lancé un concours européen d'investisseurs pour un parking de 500 places et des surfaces tertiaires de 4000 m² sur 4 étages.*
*Tom Ulveling remercie ceux ayant participé à l'élaboration du projet — notamment monsieur Manuel Lopes, l'architecte de la Ville.*
*Le terrain fait 63,37 a. Le parking comprendra 500 places de stationnement, mais il peut être agrandi à 600 places.*
*Pour ce qui est des activités tertiaires, des bureaux s'établiront sur 388 m² et des commerces sur 1000 m².*
*Le parking sera relié au centre-ville et au plateau des Hauts-Fourneaux. Le tunnel des CFL vers le centre sera rénové. Dans une deuxième phase, une transition piétonne verte sera aménagée vers le plateau des Hauts-Fourneaux. Un espace de rencontre convivial reliera le parking au quai des CFL.*
*Le toit du bâtiment accueillera une terrasse et des panneaux photovoltaïques.*
*Le parking disposera de vingt bornes de recharge pour véhicules électriques et de dix places pour le covoiturage. Deux-cents places sur cinq-cents seront mises en location aux prix de cent-vingt-cinq euros. La police, le personnel de l'EIDE et des commerçants se sont montrés intéressés.*
*Le bâtiment sera équipé d'un éclairage DEL.*
*L'investisseur s'engage à construire et à exploiter le parking aux conditions fixées par la commune lors du concours. C'est la différence avec les projets précédents. Les couts se montent à 6,2 millions d'euros pour la planification et 27,5 millions d'euros pour la réalisation du*

2020 gouf et allerdéngs Schwieregkeeten, well mer no laangen a villen Diskussiounen erausfonnt hunn, dass ArcelorMittal wuel bereet wär, eis den Terrain ze ginn, mee den Terrain wär eréischt disponibel véier Joer, nodeem mir ugefaangen hätten. Soudass mer déi Iddi dunn och falegelooss hunn.

2020 hu sech déi éischt Iwwerleeungen entwéckelt, fir e Pôle multimodal op dem Plateau des Hauts-Fourneaux ze implantéieren, mat direkter Verbindung mat der Déifferdenger Gare.

2021 decidéiert den ehemolege Schäfferot, am Kader vun enger europäescher Ausschreiwung en Investorewettbewerb ze lancéieren, mat follgendem Bauprogramm: Et missten do mindestens 500 Parkplazen a 4.000 Meterkaree tertiär Flächen ugebuede ginn, verdeelt op véier Niveauen. Wunnraum, ass ganz kloer gesot ginn, wär net erwënscht an och net erlaabt.

Ech wéilt haaptsächlech deene Leit Merci soen, déi mat an deem Projet do impliziéiert waren. Dat ass vun eiser Säit: den Här Lopes Manuel, Ingénieur-Architecte de la Ville, dee sech ganz vill an dëse Projet geknéit huet, ganz vill Reuniounen hat. De viregen an och dëse Schäfferot hate schonn e ganze Koup Reuniounen, fir dat doten ze ficeléieren an ze konkretiséieren.

Ech ginn Iech e puer Eckdate vun deem Projet, ier den Här Seidenspinner eis dat am Detail duerno expliziéiert.

Wichteg ze wëssen: Den Droit de superficie vum Terrain vum Boulevard Emile Krieps ass 63,37 Ar. Et ass eng Variant vu 500 Parkplazen, déi awer ausbaufäeg ass op 600 Parkplazen, dat war am Investorewettbewerb ugi ginn.

Ech hat gesot, et si bis zu 4.000 Meterkaree un Activités tertiaires do virgesinn. Dat heescht, dat sollten engersäits Büroe si vun 3.800 Meterkaree a Commercen ëm déi 1.000 Meterkaree. An et sollt och eng Verbindung garantéiert ginn tëschent dem Parking an dem Zentrum op där enger Säit an och um Plateau mat där anerer Säit op de Plateau des Hauts-Fourneaux.

Dat mam Zentrum, dat ass duerch den Tunnel vun der CFL, deen elo schonn existéiert, dee sollt renovéiert ginn. An enger zweeter Phas soll dann ee Passage entstoen tëschent dem Parking an déi aner Säit op de Plateau des Hauts-Fourneaux eng sougenannten Transition piétonne verte.

Niewent deem Ganzen entsteet en Espace de rencontre, deen engersäits convivial soll sinn an eng Verbindung mam Quai vun der CFL soll duerstellen. Et ass virgesinn, uewen um Daach vun deem Building eng Terrass ze unzeleeën, wou och Urban Farming virgesinn ass mat Coworking. An och Panneaux photovoltaïques solle kommen.

De Parking selwer huet 20 Places de recharge fir Elektroautoe mat enger Extensioun vu weideren 20 Plazen. Zéng Plaze fir Carsharing si virgesinn. An et ass och virgesinn, fir d'Reewaasser ze recuperéieren. 200 vun deene 500 Plaze solle kënne verlount ginn, pro Mount, zu engem Präis vun 125 Euro. E ganze Koup Leit sinn dorun interesséiert, notamment d'Police, d'Personal aus dem EIDE, d'Leit, déi hei entweeder Büroen oder Commercen hunn.

Den Éclairage: Et ass en LED-Éclairage, dee soll do ugeluecht ginn.

Dat Ganzt kascht den Investisseur – an dat ass eeben dee groussen Ënnerscheed tëschent deene Projeten, déi mer virdrun haten, an deem heiten. Dat hei ass ee privaten Investisseur, dee sech engagéiert, zu deene Konditiounen, déi mir deemools festgeluecht haten, do ze investéieren an och d'Parkhaus ze bedreiwen, respektiv déi Büroen an déi Commercen ze verlounen.

Et muss een awer wëssen, dass déi Leit an der Planifikatioun 6,2 Milliounen Euro virgesinn hunn. Fir d'Konstruktioun selwer hu se 27,5 Milliounen Euro virgesinn. Ouni d'Fraise vum Finanzement sinn dat am Ganzen 33,7 Milliounen Euro, déi hei investéiert ginn. Wou dann d'Gemeng net brauch direkt ze investéieren, mee wou mir awer, doduerch dass mer dat Parkhaus kreéieren, en direkten Notzen dovunner hunn.

Dat gesot, géif ech dem Här Seidenspinner d'Wuert ginn, fir dass en eis dat alles am Detail expliziéiere kann. Ech hu vläicht vergiess ze soen, dass et am Fong zwee Bléck sinn. Deen éischte

Block – et ass jo deen Terrain, deen ënner der Police ass –, dat si Büroen a Commercen. An deen zweete Block ass reng Parkhaus.

Här Seidenspinner.

**DR. RALF SEIDENSPINNER (DIREKTER ERNST & YOUNG):**

Sehr geehrte Damen und Herren, vielen Dank, dass wir nochmal die Gelegenheit haben, das Projekt vorzustellen.

(Ënnerbriechung)

Vielen Dank. Nachdem wir die Verhandlungen jetzt ins Ziel bringen konnten – die wesentlichen Eckdaten des Projekts hat Ihnen Herr Ulveling schon vorgestellt –, möchte ich Ihnen, in der gebotenen Kürze, das Projekt noch mal darstellen, damit Sie einen Eindruck bekommen, wie dieses Projekt aussehen wird, wie der Verlauf war, wie es gestaltet sein wird.

Wie Herr Ulveling gerade erwähnt hat, handelt es sich um ein Verhandlungsverfahren, in dem wir ein Investorenwettbewerb ausgeschrieben haben. Gemeinsam mit der Gemeinde wurden die Rahmenbedingungen festgelegt, die aus unserer Sicht, erforderlich sind, um das Projekt an einen Investor zu geben, und die wir in den Verhandlungen auch durchsetzen konnten.

Als Rahmenbedingungen hatten wir die eine Million direkte Ablöse plus die 35.000 Euro jährliche Erbpacht. Die Verhandlungen, Sie wissen es, begannen in einer relativ schwierigen Zeit, auch für die Bauindustrie, sodass die beteiligten Unternehmen hart verhandelt haben. Doch letztendlich konnten wir die Werte, die auch von der Gemeinde vorgegeben wurden, durchsetzen und es wurde von dem letztendlich obsiegenden Bieter Tralux akzeptiert.

Vielleicht noch einmal ganz kurz wie das Verfahren ablief. Zuerst wurden die Bedarfe festgelegt, die die Gemeinde benötigt, und haben gemeinsam mit Herrn Lopes und Team eine Leistungsbeschreibung festgelegt. Sodass wir genau definiert haben, welche Randbedingungen herrschen, was die Gemeinde benötigt.

Mit diesem Grob-Konzept haben wir anschließend eine Marktansprache gemacht, um eben verschiedene Unternehmen anzuschreiben, ob das Konzept so auf Interesse stöße, ob das auch wirtschaftlich darstellbar wäre. Wir haben dann, durch die Rückmeldungen des Marktes, noch die eine oder andere kleine Anpassung vorgenommen um sicherzugehen, dass wir auch wettbewerbsfähig seien und entsprechende Unternehmen haben werden, die sich für dieses Projekt interessieren.

Im Weiteren haben wir, gemeinsam mit der Gemeinde Differdingen, namentlich Herrn Lopes, die wirtschaftlich-technischen Grundlagen festgelegt, die kompletten Ausschreibungsunterlagen festgelegt und sind dann in eine europaweite Ausschreibung gegangen.

Mit diesen Unterlagen und den entsprechenden Bietern haben wir im Teilnahmeantrag entsprechend geeignete Bieter ausgewählt, die dann in das weitere Verfahren gekommen sind. In einem zweistufigen Verhandlungsverfahren, wie gesagt, mit intensiven Verhandlungen, in denen Herrn Ulveling auch, unter anderem, beteiligt war, konnten wir letztendlich – nach harten Verhandlungen mit einem guten Ende für die Gemeinde – mit Tralux den erfolgreichen Bieter finden, mit dem der Vertragsschluss stattgefunden hat.

Damit Sie einen Eindruck von dem Parkhaus bekommen: Es war uns wichtig, dass es nicht nur ein einfaches Parkhaus wird, das seine Funktionalität erfüllt, sondern sich auch städtebaulich einfügt und eben die Funktionalität erfüllt. Wir haben im weiteren Verfahren Anpassungen an der Fassade vorgenommen, dass das auch in der Gestaltung ein ansprechendes Bild ergibt.

Wie Herr Ulveling ausgeführt hat, wird es das Parkhaus geben plus die tertiären Flächen. Diese tertiären Flächen haben ein differenziertes Angebot, unter anderem sollen Restaurants, Gesundheitsangebote und Büroflächen dort einziehen. Auch gibt es ein Mobilitätskonzept mit Ladestationen, wie wir schon erfahren haben, und die Büroflächen eben auch mit modernen Coworking-Konzepten.

Es wird eine Dachterrasse geben mit Sitzmöglichkeiten, ein sogenanntes

*projet. C'est-à-dire 33,7 millions d'euros en tout. La commune n'a, quant à elle, pas besoin de procéder à des investissements.*
*Le complexe se compose de deux blocs, un avec les commerces et un avec le parking.*
*Tom Ulveling cède la parole à monsieur Seidenspinner pour les détails.*

**RALF SEIDENSPINNER (ERNST & YOUNG)**
*constate que monsieur Ulveling a fourni les données les plus importantes. Il rappelle que la commune a lancé un concours d'investisseurs et fixé les conditions-cadres — notamment une reprise d'un-million d'euros à verser directement et une emphytéose annuelle de trente-cinq-mille euros.*
*Les négociations ont été dures, car elles ont commencé alors que le secteur de la construction était en difficulté. Finalement, Tralux a accepté les conditions de la commune.*
*Ensemble avec monsieur Lopes et son équipe, il a d'abord fallu rédiger un cahier des charges précis. Ensuite, la commune a contacté plusieurs entreprises pour savoir si le concept les intéressait. Quelques adaptations ont été apportées au projet pour s'assurer que des entreprises participeraient au concours d'investisseurs.*
*Ernst & Young et monsieur Lopes ont ensuite préparé les données techniques et économiques, et préparé la soumission européenne. Plusieurs candidats ont été retenus dans un premier temps. Et après des négociations particulièrement difficiles auxquelles monsieur Ulveling a pris part, c'est Tralux, qui a finalement été retenu.*
*Pour la commune, il était important de ne pas construire un simple parc de stationnement fonctionnel, mais de l'intégrer correctement à la ville. C'est pourquoi la façade a été modifiée.*
*Comme l'a souligné monsieur Ulveling, il y aura d'un côté le parking et de l'autre les bureaux, des commerces et des restaurants. Ralf Seidenspinner mentionne le concept de mobilité avec les stations de recharge pour véhicules électriques ainsi que les espaces de coworking. Le toit accueillera une terrasse at-*

*tractive comprenant des activités d'agriculture urbaine.*
*Les partenaires du projet sont Tralux pour la construction, deux bureaux d'ingénieurs, APCOA, le plus grand exploitant européen de parcs de stationnement, et un bureau qui accompagnera les surfaces commerciales.*
*Le parking pourra accueillir 500 voitures. Il comprend un espace pour le covoiturage, 20 stations de recharge, 144 abris pour vélos et une offre de location de vélos électriques.*
*Les places de stationnement sont réparties sur trois étages et les surfaces commerciales sur quatre étages. Les places destinées à la location seront louées au prix de 125 € par mois. Le tarif des autres emplacements repose sur les tarifs pratiqués par la commune.*
*Par rapport à la proposition de départ, la façade du parc de stationnement est végétalisée et plus attractive. Une zone de rencontre sera aménagée devant le bâtiment. La façade sera en bois avec des éléments en métal et en aluminium recyclé. Le projet prévoit aussi des modules photovoltaïques sur le toit produisant de l'électricité.*
*Le complexe jouxte le commissariat de police. Il était donc important de concevoir l'accès de manière à ne pas occasionner d'embouteillages.*
*Ralf Seidenspinner montre ensuite où seront situés une station Pack-Up, les abris pour vélos et la terrasse comprenant les activités d'agriculture urbaine. Le dernier étage est accessible par une entrée séparée rendant le tout plus attractif.*
*Les installations techniques sont modernes et durables.*
*Le passage vers le centre-ville va subsister, mais il sera réaménagé pour le rendre attractif grâce à du mobilier urbain.*
*Ralf Seidenspinner passe à des visuels montrant le côté agriculture urbaine du projet.*
*Pour conclure, il remercie monsieur Lopes et son équipe, ainsi que monsieur Ulveling. Il répète que les conditions imposées par la commune ne tenaient pas vraiment compte de la crise économique. Mais finalement, la commune a ob-*

Urban Farming ist dort vorgesehen, um ein Spot für die Menschen dort zu haben, das wirklich sehr attraktiv zu gestalten.

Die Partner, die an diesem Projekt beteiligt sind: Tralux natürlich in der Hauptsache, der Konzeptialführer, der das Bauen maßgeblich auch führen wird, zwei Ingenieurbüros und ganz wichtig auch APCOA – der eine oder andere kennt das sicherlich, das ist Europas größter Parkplatz- und Parkhausbetreiber, sodass da auch ein starker Partner für den Betrieb des Parkhauses mit an Bord ist. Plus das Büro CBRE, das für die Begleitung der kommerziellen Flächen mit an Bord des Konsortiums ist.

Wir bekommen ein Parkhaus mit 500 PKW-Stellplätzen. Wir haben ein Mobilitätskonzept, das Carsharing beinhaltet, Ladesäulen – 20 PKW-Stellplätze schon voll ausgerüstet und 30 % sind vorgesehen in der Zukunft für weitere Möglichkeiten für Ladeplätze –, 144 Fahrradstellplätze und ein Vermietungsangebot für E-Bikes. Alles, was ein modernes Mobilitätskonzept beinhaltet.

Büroflächen und Geschäftsflächen, die eben schon erwähnt wurden. Die Stellplatzflächen haben drei überdachte Vollgeschosse und die tertiären Flächen vier. Und ein zurückgesetztes Dachgeschoss, das wir in der Visualisierung vorsehen.

Die Dauerstellplätze betragen 125 Euro im Monat. Die öffentlichen Parkplätze richten sich nach den Tarifen der Stadt Differdingen.

Um zu erläutern, was sich an Verbesserungen im Lauf des Verfahrens ergeben haben: Im Vergleich zum ersten Entwurf zum finalen Entwurf haben wir eine deutlich attraktivere Fassade des Parkhauses erwirken können, die sich besser an die Umgebung anpasst. Eine Begrünung der Fassade wird vorgesehen. Vorne wird eine Begegnungszone als auch eine Ausgestaltung der Unterführung konkretisiert. Das sind alles Elemente, die im Laufe der Verhandlungen verbessert wurden.

Es wird eine Holzfassade mit einer Metall-Unterkonstruktion. Die Rahmen werden aus recyceltem Aluminium hergestellt. Wie sie feststellen können, spielt Nachhaltigkeit eine ganz wichtige Rolle. Es gibt Photovoltaik-Module auf der Dachfläche, um Solarstrom herzustellen. Es wird auch ein Parkleitsystem geben.

Das sind die Details.

Es ist direkt neben dem Polizeipräsidium gelegen. Uns ist sehr wichtig, dass die Einfahrt so konzipiert wird, dass es keinen Rückstau gibt, dass es keine Komplikationen mit der Ausfahrt der Polizeistation gibt. Das wurde auch im Rahmen des Konzeptes optimiert.

Hier befinden sich die Fahrradstellplätze, hier ist auch eine Paketstation mitintegriert und vorne befindet sich Stadtmobiliar. In die Details werde ich jetzt nicht gehen. Hier die Rooftop-Bar mit dem Urban Farming auf der Dachfläche. Wo das letzte Geschoss zurückgesetzt ist und auch einen separaten Zugang hat, was unserer Meinung nach ein attraktives Angebot an der Stelle im städtischen Raum darstellt.

Die Anlagen-Technik entspricht einem modernen und auch sehr nachhaltigen Standard. Das war uns bei der Ausschreibung wichtig.

Vielleicht noch ein wichtiges Detail: Diese Unterführung soll weiterhin genutzt werden als Verbindung zur Innenstadt, allerdings wird vorne, wie gesagt, deutlich attraktiver gestaltet. Es wird ein sogenanntes Stadtraummobiliar geben, um diesen Platz lebendig und nutzbar zu machen, aber gleichzeitig die vorhandene Infrastruktur zu nutzen.

Hier ein paar Details, wie die Rooftop-Bar mit dem Urban Farming aussehen soll. Parken Vorderstation hatten wir gesagt.

So konnten Sie sich hoffentlich in der gebotenen Kürze einen Eindruck verschaffen. Die wirtschaftlichen Rahmendaten haben wir Ihnen genannt.

Ich möchte meinen Dank aussprechen an Herrn Lopes und Team, auch an Herrn Ulveling. Wie gesagt, es waren schwierige Verhandlungen, teilweise waren wir von den wirtschaftlichen Daten ziemlich weit weg in der Wirtschaftlichkeitskrise. Aber letztendlich

konnten wir die Forderungen der Gemeinde durchsetzen. Und ich denke, an dieser Stelle, für die Stadt Differdingen ein gutes Konzept aus unserer Sicht. Wenn Sie Fragen haben, sehr gerne. Vielen Dank.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Vielen Dank für die fachmännischen Erklärungen.

Mir kéimen dann zu de Wuertmeldungen. An ech si besonnesch frou, dass de Spezialist nach heibleift fir Är Froen, déi Der hutt. Dann hu mer ee sur place, deen eis den Detail vun deene Froen erkläre kann.

Gëtt et Wuertmeldungen zu deem do Projet? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir als Demokratesch Partei plädéiere scho länger fir e Parkhaus um Contournement hei zu Déifferdeng. Viru Jore gouf der Press an de Bierger schonn ee Projet mat schéine Billercher virgestallt. Bis elo ass awer nach näischt an där Saach geschitt. An d'Situatioun gouf mat der Zäit, wéi mer wëssen, net besser.

Dat hei kéint definitiv eng Plus-value fir eis Gemeng a virun allem fir den alen Déifferdenger Stadkär ginn.

Just bei Iddie wéi Urban Farming sinn ech fir Déifferdeng e bëssi skeptesch. Mee ech loosse mech do gäre beléieren.

Finanziell hätt een als Gemeng nach méi erausschloe kënnen, fir esou eng grouss Fläch zur Verfügung ze stellen. Mee de Mehrwäert vun esou engem Komplex iwwerweit fir eis bei eiser Bewäertung. Dofir kënne mir déi hei Konventioun gäre matdroen, sou schnell et geet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll Iech alleguer begréissen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Vertrieder vun der Press, déi Häre vun Ernst & Young an den Här Lopes.

Dat hei ass eppes – den Här Lopes weess dat –, woumat ech mech och scho selwer beschäftegt hunn. Et freet mech, dass mer elo endlech e Startschoss gi fir dee Projet – wann et och hätt scho vläicht kënne fënnef Joer éischter sinn. Mee ech mengen, dat ass eeben esou. Wichteg ass elo, dass mer an Zukunft e Gebai zur Verfügung hunn.

Et si 500 Plaze virgesinn, mat Optioun, fir op 609 eropzegoen.

Ech wëll drun erënneren, dass parallel zu der Konventioun, déi haut ënnerschriwwe gëtt, Annexen anzehale sinn. Ech referéiere speziell op d'Annex 9, den Tableau de fréquentation, a virun allem och op den Artikel 13, d'Emplacements à long terme. Wou mir eis als Gemeng verflichten, minimum 250 Plazen als Longue-Durée-Parkplazen zur Verfügung ze stellen.

250. Wann ech déi Utilisateure kucken, déi Clienten, déi do a Fro kommen, da kéint een dovun ausgoen, dass et der nach méi ginn. Ech géif souguer soen, mir kéinten herno op 300 fest Plaze kommen. Soudass eis der nach 200 zur Verfügung bleiwen. Dat ass elo, wéi ech et gesinn. Wann elo déi Leit, déi um Projet bedeelegt waren, mer kënnen do eppes anescht soen, dann huelen ech dat gär un. Mee ech fäerten, dass déi Plazen, déi fir de Grand public bleiwen, also fir den normale Public, dass déi e bëssen enk ginn.

Duerfir meng Fro un déi Leit vum Projet: Wär dat e groussen Opwand, fir vu 500 op 609, wéi et hei steet, wat de Maximum soll sinn, eropzegoen? Wär dat e groussen Opwand oder wär dat eventuell méiglech mat wéineg Opwand? Kéint een dat an enger zweeter Phas nach maachen oder misst dat direkt an der éischter Phas ageplangt ginn? Dat wär meng Fro.

Zu de Büroen, deem ganzen tertiäre Beräich. Mengen dee Projet, dat soll jo net nëmmen e Parkhaus ginn, e City-

*tenu ce qu'elle voulait et le concept est bon.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Seidenspinner pour son expertise. Il se dit content que celui-ci puisse répondre à d'éventuelles questions de la part du conseil communal.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que les démocrates plaident depuis longtemps pour un parc de stationnement au contournement de Differdange. De belles images avaient été montrées à la population il y a des années, mais depuis, rien n'a été fait et la situation a empiré. François Meisch voit dans ce projet une plus-value pour Differdange et son centre historique. En revanche, il se dit sceptique quant au projet d'agriculture urbaine.*
*Pour ce qui est finances, il estime que la commune aurait pu demander davantage pour mettre à disposition le terrain. Mais il faut tenir compte de la plus-value pour la ville. Le DP approuvera la convention.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se souvient avoir travaillé sur ce projet avec monsieur Lopes. Il se réjouit du fait qu'il soit sur le point d'être réalisé même si les travaux avaient pu commencer il y a cinq ans. Mais c'est comme cela.*
*Le parking disposera de 500 places de stationnement et pourra être agrandi pour accueillir 609 véhicules.*
*En plus de la convention, il faut aussi tenir compte des annexes — et notamment de l'article 13 de l'annexe 9 par lequel la commune s'engage à créer au moins 250 emplacements de longue durée. En tenant compte des clients potentiels, Erny Muller estime que l'on pourrait facilement monter à 300 places. Il en resterait alors 200. Le conseiller communal craint que cela ne suffise pas pour le grand public. Quels types de travaux seraient nécessaires pour passer directement de 500 à 629 places de stationnement ? Faut-il attendre une deuxième phase ?*
*Le City Parking accueillera non seulement des places de stationnement, mais aussi des bureaux et des*

*commerces. À l'origine, il avait été question d'espaces modulables.*
*Le nouveau projet prévoit des commerces et un espace pour le sport au sous-sol et au rez-de-chaussée. Les bureaux se trouvent aux étages. Le descriptif mentionne toutefois des bureaux ou des commerces aux étages. Qu'en est-il ?*
*Il faudra veiller à ne pas provoquer d'embouteillages aux entrées et sorties du complexe. Le site est situé en direction de Niederkorn et la situation sur le pont est problématique.*
*(Interruption)*
*Erny Muller se souvient d'une variante avec une passerelle vers le centre-ville. Le nouveau projet préconise l'utilisation du passage existant, qui sera réaménagé. Le programme de coalition parle d'une liaison attractive avec le centre-ville. Cette liaison tient à cœur aux socialistes.*
*Le bail emphytéotique porte sur 45 ans. C'est long, mais la convention est particulièrement précise, ce qui n'a pas toujours été le cas. La rétrocession est clairement définie. C'est important. Si elle l'estime nécessaire, la commune pourrait même décider de prendre le projet en main. Le volet financier est exposé.*
*Pour Erny Muller, il s'agit d'un projet chouette. Il remercie tous ceux qui ont participé à son élaboration. Les socialistes l'approuveront.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *cède la parole à monsieur Ulveling pour commenter les propositions et répondre aux questions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *revient sur la question du nombre de places de stationnement. Le bâtiment est conçu de sorte à pouvoir accueillir facilement un étage supplémentaire.*
*Le collège échevinal ne voulait pas seulement d'un parc de stationnement longue durée. Le projet doit aussi servir à revitaliser le centre-ville. C'est pourquoi seule la moitié des places pourra être louée à longue durée. Les autres emplacements seront mis à disposition des gens qui travaillent à Differdange ou qui y font leurs courses.*

Parking, wat ech iwwregens als Numm ganz gutt fannen, mee et soll och eng Weiderbeliewung gi vun der Geschäftswelt a vun aneren Aktivitéiten. Deemools hate mir méi modulär Systemer virgesinn, dat heescht Espacen, déi méi transforméiert kënne ginn.

Hei am Projet gesi mer, zum Beispill an den éischten Etagen, also Äerdgeschoss an Untergeschoss ganz kloer Commerce, souguer e Sportsberäich, wat ech och begréissen. An dann, wat mer méi eropginn, gëtt et Bürosraimlechkeeten. Awer am Descriptif steet och nach eventuell Commerce, also Geschäft an/oder Büro. Dat ass jo sécher nach flexibel. Oder kommen do elo ab dem éischte Stack nëmme Büroen? Oder hu mer bis op de Rooftop Open Space, wou et dann nach aner Aktivitéite gëtt?

Dat ass och eng Fro.

An dann eng aner Fro, déi hutt Der scho beäntwert, dat ass d'Afaart an d'Ausfaart, dass mer do effektiv kee Stau kréien. Well do gi mer elo jo méi Richtung Nidderkuer, a wat mer méi héich uewen op d'Bréck kommen, wat et méi problematesch gëtt, wann ee vun Nidderkuer erofgefuer kënnt. Dofir déi zwou Linnen. Dat ass jo dann och gutt geléist.

Deemools hate mer eng aner Variant, do war eng Passerell virgesinn an den Zentrum. Déi ass dës Kéier net. Also de Projet selwer beinhalt elo keng direkt Ubannung vum Projet un den Zentrum, mir huelen déi besteeënd, mer amenagéieren déi.

An och net no där anerer Säit hin, un de Plateau des Hauts-Fourneaux, der Cité Hauts-Fourneaux hu mer och keng. Hei hu mer gesot, eise Projet an déi Ubannungen, déi sinn da vun anerer Säit ze realiséieren. Do wëll ech scho virgräifen. Dir hutt jo all de Koalitiounsprogramm gelies. An do gëtt erwäänt, dass soll gekuckt ginn, fir eng attraktiv Ubannung ze kréien, haaptsächlech an den Zentrum eriwwer. Wou eis als LSAP, an och mir perséinlech, vill dru geleeën ass.

Ech mengen, ech hätt bal alles gesot. Ech fannen et e ganz flotte Projet. 45 Joer Bail emphytéotique, dat ass zimmlech laang. Mee wou mer nach net driwwer geschwat hunn, a wat ech och immens positiv fannen an der Konventioun, dat ass, dass mer alles gekläert hunn, wat d'Retrocessioun eventuell un d'Gemeng oder un aner Firmen ubelaangt. Dat ass immens wichteg. An anere Fäll hu mer dat net gemaach gehat. Mee hei ass dat ganz kloer. Dat heescht, d'Gemeng kéint souguer, zu engem gewëssene Moment, wou dat opportun wär, de Projet selwer iwwerhuelen. An et ass och ganz kloergestallt, wéi dat ofgerechent gëtt, wéi dat kommerziell iwwert d'Bün ze goen huet.

Alles an allem fannen ech et e flotte Projet a soen all deene Leit Merci, déi doru geschafft hunn. Mir stëmmen dee Projet selbstverständlech mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Muller Merci. An ech géif dann d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir direkt op déi Propositiounen ze reagéieren, respektiv déi Froen ze beäntwerten. Da si scho vläicht vill Froe vun deenen anere Kolleege beäntwert. Dat ass vläicht méi einfach. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi zwou éischt Froe vum Här Muller, déi 600 Parkplazen. Dat Gebai ass esou konzipéiert, dass een ouni Probleem ee Stack drop baue kann. Eis ass et jo och drëm gaangen, fir e Parkhaus ze hunn, wou mer net just, soe mer mol, Garagen hunn, déi d'Leit ee ganze Mount lounen. Mee et sollt jo och sinn, fir den Zentrum ze dynamiséieren, fir dass Leit kënne vu baussen erakommen.

Dofir war gesot ginn, maximum d'Hallschent soll kënnen op de Mount verlount ginn an de Rescht sollt zur Verfügung gestallt ginn, fir Leit, déi entweeder hei schaffen oder déi heihinner komme fir anzekafen. An dofir ass et wichteg, dass mer net ze vill Parkplazen op de Mount verlounen. Dat wier natierlech méi einfach.

Mee souwisou ass et net eise Probleem duerno, mee dem Investor säi Probleem.

Den Investisseur huet natierlech seng Calculle gemaach. Hie kritt natierlech méi Suen eran, wann en op d'Stonn verlount, wéi wann en eng Kéier eng Pauschal vun 125 Euro kritt. Mee ech mengen, do sinn och Modeller virgesinn, wou een zum Beispill nëmme kéint mueres eng Parkplaz lounen oder nëmmen an der Nuecht kéint eng Parkplaz lounen op de Mount. Soudass et do awer verschidde Méiglechkeete gëtt.

Dat anert, wat Der ugeschwat hutt, d'Commercen an d'Büroen. Et ass eng Wirtschaftlechkeetsstudie gemaach ginn, wou den Investor mengt, dass e sou vill Bürosraum géif kënne verlount ginn. Wann dat elo net antrëtt, si mir net déi, déi sech dogéint verspären. Wa si eis soen, mir kréien déi Büroen net verlount, mee mir hunn awer Commercen, da si mir net déi, déi soen, do mussen onbedéngt Büroe kommen. Do kënnen natierlech och Commercë kommen.

Wichteg ass, dass mer wollten eppes hunn, wat complementaire ass zu deem, wat elo do ass. Dat heescht, mir wëllen net direkt eng Konkurrenz um Niveau vun de Geschäfter, vum Commerce. Keng direkt Konkurrenz mat deem, wat schonn do ass. Mee mir wëllen dat als complementaire gesinn. An ech mengen, do muss den Investisseur da kucken, wéi hien dat am beschte verlount kritt. E muss eis zwar ëmmer froen, dat steet jo an der Konventioun. E muss eis Bescheed soen, wien e wëll huelen an esou weider. Mir mussen den Accord ginn, mee et ass awer schonn esou geléist, dass een d'Méiglechkeet huet, fir op déi eng oder déi aner Säit ze goen, entweeder méi Büroen oder méi Commercen, dass een dat kann esou akzeptéieren.

De Problem Zentrum/Passerell. Et steet ganz kloer am Projet, dass an enger zweeter Phas eng Ubannung ugeduecht ass, fir op de Plateau du Funiculaire eriwwerzegoen. Déi ganz Virplaz, wéi et elo ass, deen Tunnel, deen elo do ass, ënner der CFL erduerch, dee gëtt ganz neigestalt. Dat gesitt Der um Plang. Dat soll méi convivial ginn, dat soll net méi esou e Schloff ginn, wou een tëschent dräi Ecken an d'Déift an derduerch geet.

Herno muss een effektiv kucken, wann dat Ganzt emol funktionéiert, ob een eng zweet Verbindung brauch. Well et muss ee jo awer wëssen, esou eng zweet Verbindung no uewen, dat kascht natierlech vill Geld. Ausserdeem hu mer schonn eng zweet Verbindung, dat ass déi hanner dem Polizeigebai. Do ass jo eng Verbindung mat der Vëlospist, déi do erofkënnt. Dat muss ee kucken, menger Meenung no, en fonction vun deem, wéi dat herno genotzt gëtt a wéi dat herno funktionéiert.

Mir verspären eis net géint esou eppes. Mir hate Bedenken, well mer gesot hunn, et ass e risegen Invest, deen u sech näischt bréngt, well actuellement zwou Verbindungen do si mat der Stad selwer. Dat heescht den Tunnel an dee Passage uewe bei der Police.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Duerch déi Flexibilitéit, déi mer an deem Projet do un den Dag leeën, steigere mer automatesch d'Attraktivitéit vun deem Bau. Mir si fir all Situatioun gerëscht. Zu all Moment, wéi den Här Ulveling erkläert huet, si mer prett fir Upassungen zum Alldag ze maachen, Upassungen zu den Ufuerderunge vun de Leit ze maachen. Dat ass dat, wat dee Projet esou attraktiv gestalt.

Här Muller, wannechgelift, an da géife mer virufuere mat de Wuertmeldungen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hat eppes vergiess. Merci fir d'Wuert nach eng Kéier. De Projet gesäit eng relativ geréng Fläch Photovoltaikpannoen um Daach vir. Am Kader vun NetZeroCities solle mer esou vill wéi méiglech Flächen zur Verfügung stellen, profitéiere vun erneierbaren Energien. An hei ass déi gréisste Fläch, nämlech déi vum Parkhaus, do kënnt keng Photovoltaikanlag drop. Ech mengen, do kéint een nach kucke mat engem, do huet ee jo bestëmmt Partner, wéi SUDenergie, fir nëmmen deen ze nennen, déi vläicht géife mat deenen, ech nenne se mol, Promoteuren, e Projet realiséieren. Dass mer och iwwert déi grouss Fläch Pannoen hätten. Well déi ass wierklech ganz exposéiert, do schéngt praktesch 100 % vum Dag d'Sonn op där Plaz.

*Bien entendu, le promoteur touche plus d'argent s'il loue les places à l'heure au lieu de demander 125 € par mois. Mais certaines places peuvent aussi être louées la nuit ou le matin.*
*Pour ce qui est des commerces et des bureaux, l'investisseur se dit convaincu de pouvoir louer toutes les surfaces de bureau. Il se base sur une étude. Si ce ne devait pas être le cas, la commune ne voit pas d'inconvénient à ouvrir plus de magasins. Ce qui importe, c'est que les commerces soient complémentaires à ceux qui existent pour éviter une concurrence frontale. C'est à l'investisseur de décider comment il entend louer les espaces même s'il aura besoin systématiquement de l'accord de la commune. Il est d'ores et déjà prévu de lui laisser le choix quant à l'implantation de commerces ou de bureaux.*
*En ce qui concerne la passerelle, une deuxième phase du projet prévoit une liaison avec le plateau du Funiculaire. Le parvis et le tunnel des CFL seront complètement réaménagés pour devenir conviviaux. Une fois que le complexe entrera en fonction, il faudra voir si une deuxième liaison est nécessaire. Car elle couterait beaucoup d'argent. Tom Ulveling signale par ailleurs qu'une liaison avec la piste cyclable existe déjà derrière le commissariat. Il faudra voir au fil du temps comment tout cela va fonctionner. Le collège échevinal n'est pas contraire à l'idée. Mais une passerelle représente un investissement énorme étant donné que deux liaisons existent déjà.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *souligne la flexibilité du projet, qui en augmente l'attractivité. Des adaptations aux besoins des gens pourront être effectuées à tout moment.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite revenir sur les panneaux photovoltaïques. Il rappelle que dans le cadre de Net0Cities, Differdange doit mettre un maximum de surfaces à disposition pour les énergies renouvelables. Or, dans ce cas-ci, la surface sur le parc de stationnement n'est pas utilisée. Erny Muller se demande si un partenaire comme SudEnergie ne pourrait pas tra-*

*vailler avec le promoteur pour réaliser un projet. Il est question d'une grande surface exposée pratiquement toute la journée au soleil.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que monsieur Muller a déjà répondu à sa propre question. Si on installait des panneaux photovoltaïques sur le toit maintenant, il faudrait les démonter lorsque le parking sera agrandi. C'est pourquoi il vaut mieux attendre d'être surs de ne pas avoir besoin de 600 places.*
*Lors d'une réunion de Net0Cities, hier, le groupe de travail a estimé que ce projet était très écologique. Tom Ulveling répète qu'il faut d'abord le réaliser et voir comment il fonctionne. Mais à priori, il s'inscrit bien dans ce que le programme Net0Cities demande. Tom Ulveling espère même que ce projet obtiendra un prix.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *est d'avis que le projet du City Parking à l'entrée en ville est absolument pertinent et nécessaire pour ceux qui travaillent dans le nouveau quartier, ceux qui prennent tous les jours le train et ceux qui vivent dans le centre historique une fois qu'il sera revitalisé. Laura Pregno y croit.*
*Le nouveau parking comprendra 500 places de stationnement et non 800 comme mentionné dans l'accord de coalition. Il y aura aussi des magasins et des bureaux. Idéalement, le projet devrait aussi prévoir une chouette liaison avec une nouvelle gare ou tout du moins un arrêt convenablement aménagé au lieu d'un simple quai. Après tout, Differdange est une ville de plus de 30 000 habitants. Les écologistes soutiennent entièrement ce projet.*
*En revanche, ils ont analysé le contrat et Laura Pregno souhaite revenir sur trois points.*
*Il est question d'un parking public, mais 50 % des places de stationnement seront mises en location de longue durée. Comme l'a dit monsieur Muller, cela représente quelque 250 emplacements. La commune garantit cette location et le cas échéant, elle devra verser le solde. Laura Pregno pense que le besoin est réel. Mais monsieur Ulveling a parlé d'un « maximum » de*

Dat kéint eis eventuell ganz vill notzen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir hutt eis d'Äntwert am Fong selwer ginn, virdrun, Här Muller. Dir hutt geschwat vu 600 Parkplazen. Wa mer elo eng Photovoltaikanlag op där ganzer Fläch installéieren, da misste mer se erëm demontéieren, wa mer e Park dropsetzen. Dofir fannen ech et besser, elo mol mat enger klenger Photovoltaikanlag unzefänken a wann een herno gesäit, dass d'Gréisst vun deene 500 duergeet an et brauch een net op 600 eropzegoen, da kann een effektiv undenken, fir do eng Photovoltaikanlag opzeriichten.

Gëschter an der Reunioun vun NetZeroCities hate mer dee ganze Projet ugeschwat a mir hu fonnt, dass dat am Fong, wann dat esou realiséiert gëtt, wéi et do steet, e ganz ekologesche Projet ass, dee mer ganz gutt kéinte verkafen an eisem NetZeroCities-Programm.

Wéi gesot, fir d'éischt muss e realiséiert ginn, da kënne mer eréischt kucken. Mee a priori, sou wéi et do steet, wéi d'Descriptiffe sinn, gëtt alles gekuckt am Sënn vun NetZeroCities. Mir hunn eventuell geduecht, wann et bis sou wäit ass, dat als Projet anzereechen, fir vläicht e Präis ze kréien oder esou eppes. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller, fir déi interessant Informatiounen. Ech géif dann d'Wuert ginn un d'Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot, léiwe Gemengerot, léif Nolauschterer dobaussen, mir als déi Gréng denken nach ëmmer, dass dee Projet Parkhaus City-Parking wierklech immens sënnvoll an der Entrée de ville ass an dass e wierklech gebraucht gëtt.

Engersäits fir déi Leit, déi an dësem neie pulséierende Quartier schaffen, fir déi nei déi dohinner wäerte schaffe kommen, fir déi Leit, déi an der Stad oder op aner Plaze pendelen an den Zuch huelen anerersäits fir d'Awunner vun eiser „aler Stad", eisem Zentrum, respektiv fir déi, déi dohinner akafe ginn, wa mir et da fäerdegbruecht hunn, dësen ze beliewen. An ech gleewe fest dorunner, dass dat geléngt.

D'Gemeng huet hei e flotte Projet, dee 500 Parkplazen ubitt an net 800, wéi et an Ärem Koalitiounsaccord steet, mat Geschäfts- a Bürosflächen an hoffentlech iergendwann enger flotter Ubannung un eng nei Infrastruktur – eng Gare wär den Optimum oder flotten Arrêt wär och okay – an net just e Quai. Woumat mer enger 30.000-Awunner-Stad wierklech géife gerecht ginn.

De Projet as itself fanne mir wierklech topp a mir stinn do voll hannendrun. E Probleem, dee mer awer gesinn hunn, wéi mer de Kontrakt duerchgelies hunn an dee wierklech genau analyséiert hunn, do sinn eis dräi Saachen opgefall.

Et gëtt vun engem Parking public geschwat, wou awer muss 50 % vun de Plazen à longue durée verlount ginn. Et ass eng Estimatioun, wat den Här Muller schonn erwäänt huet, vu potentiellen Usagere gemaach ginn. Ech denken, déi ass sënnvoll a fundéiert, déi kommen op 250 Plazen, déi à longue durée verlount ginn. D'Gemeng ass Garant fir déi Locatioun a misst, au pire des cas, wann d'Objektiv net géif erreecht ginn, fir de Solde opkommen. Ech denken net, dass dee Cas de figure entsteet, well de Besoin, si mer eis all eens, besteet.

Den Här Ulveling huet awer gesot, maximum 250 Plaze géife verlount ginn. Et gëtt allerdéngs am Kontrakt ni vun engem Maximum geschwat. Et gëtt eemol minimum 250 gesot an eng Kéier just 250 respektiv 50 %. E Maximum gëtt ni erwäänt.

Dat heescht: Wann et wierklech total ausgenotzt gëtt an total verlount gëtt, dann hu mer fir dee Bierger oder fir dee Citoyen, iergendee Mënsch, deen e Mëtteg op Déifferdeng kënnt a vläicht wëll an den Zentrum goen, fir e puer Akeef ze maachen, op där Plaz kee Parking. Oder fir de Bierger, dee säin Auto iwwer d'Nuecht do ënnerstelle wëll, hu mer kee Parking.

Domadder ass net all Objektiv, dat sech dat Parkhaus hei gesat huet, erreecht. Mir fannen dat wierklech schued. Mir wëssen, dass et fir e Parkhausbedreiwer bei wäitem méi einfach an och méi lukrativ ass, eng Location à long terme ze maache wéi just à court terme. Dat ass deen éischte Punkt, dee mer bedaueren. Mee doriwwer kann ee jo nach schwätzen.

Da gëtt am Kontrakt op en Taux de fréquentation higewisen. Den Här Muller huet dat och schonn erwäänt, an der Annex 9. Mir hunn eis gefrot, op wat dee sech genau bezitt. Dat steet nämlech net do. Dat heescht d'Parkhaus misst wärend néng Méint consécutif zu 85 % besat ginn, vu méindes bis freides, daagsiwwer. Déi éischt Zeil.

Sinn dat dann elo 85 % vu 500 Parkplazen oder 85 % vun 250? Well déi aner si jo eh à long terme besat. Deemno wär d'Parkhaus souwisou ëmmer zu 50 % besat, da si mer scho ganz no bei 85 %. Mee dann eriwwrege sech den Tablo respektiv déi Zeilen, déi duerno kommen. Well do schwätze mer vu 45 %, déi si jo dann eh erfëllt, mir schwätze vu 25 %, da kënnt Der dat u sech sträichen. Oder Dir musst detailléieren, op wat sech deen Taux de fréquentation bezitt.

Mir wären op jidde Fall frou, fir do weider Detailer ze kréienAa wann déi Annex gegeebenefalls ajustéiert géif.

Deen drëtte Punkt, deen eis an d'A gestach ass, dee befënnt sech ënner dem Punkt 3 am Kontrakt bei den Obligations de la Ville. Ech erlabe mer do kuerz ze zitéieren: „La ville s'engage à ne pas autoriser un nouveau parking public couvert concurrent au projet de parking objet de la présente dans un périmètre de 700 mètres tant que ce dernier n'a pas atteint son objectif de fréquentation sur la durée minimale de neuf mois consécutifs hors congés scolaires (en annexe 8)."

Also do kann ech elo nëmme felicitéieren. Den Nelson-Mandela-Parking, deen Dir de Leit sou grouss an Ärem Koalitiounsaccord fir déi nächst sechs Joer verspriecht, ass jo domadder vum Dësch, well en ass jo an deem Perimeter vun deene 700 Meter mat dran. An dann ass dat jo ganz kloer net realisabel, wann hei de gefuerderten Taux an deenen nächste Joren – respektiv ass jo elo mol e Laps de temps, wou e Bau ass, dee sech jo quasi mam Koalitiounsaccord deckt, net méiglech.

Mir fuerderen, dass de Schäfferot dëse Punkt vum Ordre du jour hëlt respektiv dee Kontrakt an déi Annexe remaniéiert, well et fir eis net propper an net kloer ass, virun allem wat de Minimum/Maximum vun der Locatioun ugeet a wat den Taux de fréquentation ugeet.

D'Gemeng misst do Propperheet a Kloerheet schafen. Am Fall, wou dat net gemaach gëtt, stëmme mir leider mat Nee, obwuel mer ganz kloer fir e City-Parking sinn. Et ass jo e Projet, deen eng gréng Fieder dréit, am leschte Schäfferot, mee et geet eis hei wierklech just ëm d'Form vun dësem Kontrakt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Madamm Pregno, fir déi Iwwerleeungen, déi Dir Iech gemaach hutt. Ech ginn d'Wuert direkt virun un den Här Ulveling, fir Iech direkt eng Äntwert ze ginn op déi Zweiwel, déi Der hutt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Op déi 500 Parkplaze soll déi Frequentatioun gemooss ginn. Dat anert ass, wann Der richteg gekuckt hutt, datt keen neie Parking geplangt däerf ginn. Or, dee vun der Nelson-Mandela-Plaz, deen ass jo geplangt, deen ass jo schonn do. A si wësse jo och, dass deen do ass, an dass dee kënnt. Soudass mer do a kengem Widdersproch sinn.

Ech mengen, et ass kloer, een Investisseur, deen investéiert jo keng 35 Millioune Euro an eppes, wann e weess, dass d'Gemeng nach niewendrun e Parkhaus plangt an esou weider. Soudass dat fir mech awer kloer ass, dass dat esou ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Steet dat da sou do?

*250 places, alors que ce terme ne figure nulle part dans le contrat. Au contraire, il y est question d'un minimum de 250 places. Cela signifie que ceux qui veulent aller faire des courses dans le centre ou ceux qui souhaitent garer leur véhicule la nuit risquent de ne pas trouver de place dans le parking.*
*Tout cela est dommage même s'il est évident que l'exploitant empochera plus avec une location longue durée.*
*L'annexe 9, dont monsieur Muller a parlé, mentionne le taux de fréquentation. En journée, le parking devra être occupé à 85 % du lundi au vendredi. S'agit-il de 85 % des 500 places ou de 85 % des 250 places ? Car si les places de stationnement de longue durée sont incluses dans le calcul, on serait proche des 85 %. C'est pourquoi il est important de spécifier à quoi se rapporte le taux de fréquentation. Laura Pregno demande des détails supplémentaires. Le cas échéant, il faudra adapter l'annexe.*
*Le point 3 du contrat parle des obligations de la Ville. La commune s'y engage à ne pas autoriser un autre parking dans un périmètre de 700 m autour du City Parking tant que le taux de fréquentation visé n'est pas atteint. Laura Pregno ne peut que féliciter le collège échevinal. Car le parking de la place Nelson-Mandela, que l'accord de coalition promet, se trouve dans un périmètre de 700 m. Il ne pourra donc pas être réalisé — en tout cas pas au cours des prochaines années, quand le City Parking sera construit.*
*Les écologistes exigent que ce point soit retiré de l'ordre du jour ou du moins que l'annexe soit remaniée. Il faut définir clairement le taux d'occupation visé. Autrement, les écologistes se verront forcés de voter non combien même ils soutiennent le projet d'un parking. La forme du contrat est inacceptable.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour le mal qu'elle s'est donné.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que la fréquentation est calculée sur la base des 500 places de stationnement.*

*Pour ce qui est du parking de la place Nelson-Mandela, il est déjà planifié. Il est donc évident qu'il sera construit. Tom Ulveling ne voit pas de contradiction. De toute façon, personne n'investirait 35 millions d'euros sans connaitre les plans de la commune.*
*(Interruption de M^me Pregno)*
*Tom Ulveling répète que les investisseurs savent parfaitement que le parking de la place Nelson-Mandela sera construit. Il existe aussi des réflexions pour un parking sur le site d'ArcelorMittal.*
*En outre, le contrat ne stipule pas que l'on ne pourra plus jamais construire un autre parking.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que cela dépendra du taux de fréquentation.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que si le City Parking fonctionne, on pourra aménager un autre parc de stationnement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rétorque que cela ne figure pas clairement dans le contrat.*

**TOM ULVELING (CSV)** *suppose que monsieur Seidenspinner peut confirmer ce qu'il a dit.*

**MANUEL LOPES (ARCHITECTE COMMUNAL)** *confirme que le taux de fréquentation est calculé sur la base des 500 places de stationnement.*
*(Interruption de M^me Pregno)*
*Manuel Lopes, estime que pour le reste, il est normal que l'investisseur demande des garanties. Il est évident que le parking des Hauts-Fourneaux devra fermer une fois que le City Parking sera ouvert. Le périmètre a été calculé pour permettre au projet d'être viable.*
*La commune est convaincue que le taux d'occupation de 85 % sera atteint rapidement. Ce taux a été défini au cours des négociations. Il se rapporte aux 500 places de stationnement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *insiste sur le fait que dans ce cas, le contrat doit être précis. Il s'agit de sommes considérables.*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi Leit, déi an de Verhandlungen dobäi waren, déi kënnen dat jo bestätegen, dass dee Parking hei – si wësse genau, wat geplangt ass a wat ugeduecht ass. An et ass eebe ganz kloer gesot, well et war och nach an der Maach oder an der Iwwerleeung, vläicht eng Kéier e Parkhaus op ArcelorMittal hirem Site ze maachen an der Zukunft. An et steet jo net do, dass ni een däerf gebaut ginn, et steet just do, wann deen heite bis fonctionéiert, wa si iwwert d'Ronne kommen, dann hu si no deem Delai do keng Probleemer, fir dann ze soen, okay, et kënnt nach een neien dobäi.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et steet just net sou kloer do.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, mee ech mengen, den Här Seidenspinner kann eis soen, dass dat awer esou verhandelt gouf.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. De Virdeel ass, wa mer déi zwee Spezialisten nach hei hunn, da kënne si eis do den Detail ginn oder dat, wat den Här Ulveling gesot huet, elo confirméieren. Wannechgelift, Här Lopes, wann Dir kënnt, kritt Dir d'Wuert, fir eis dat ze erklären.

**MANUEL LOPES COSTA (ARCHITECTE DE LA VILLE):**

Schéine gudde Moien och mengersäits alleguerten. Den Taux de fréquentation gëtt gerechent op déi 500 Plazen. An der Annex 9 steet kloer den Taux de fréquentation, an dat ass op déi 500 Plaze gerechent. Et ass net just op de Public, well d'Parkhaus huet 500 Plazen a keng 250, wéi een dat kéint verstoen.

Dat anert ass, et ass normal, dass den Investisseur wëll Garantien hunn, dass dat Parkhaus dréit. Mir hu jo de Plateau des Hauts-Fourneaux direkt niewendrun, deen haut Parkplazen huet. Dat heescht, deen Dag, wou d'Parkhaus opgeet, muss natierlech de Parking des Hauts-Fourneaux zougemaach ginn, fir keng direkt Konkurrenz zum City-Parking ze hunn. An de Perimeter ass definéiert ginn, fir sécherzestellen, dass dat Parkhaus ka wirtschaftlech gedroe ginn.

Et ass awer esou, dass, wéi ech Iech och scho virdru gesot hunn, de Besoin wierklech do ass. A mir och gleewen, dass dee Parking séier deen Taux de fréquentation erreecht. An deen Taux de fréquentation, deen do genannt gëtt, déi 85 %, dat war dat, wat an deene leschte Verhandlungen ëmmer esou definéiert war. Wéi gesot, et ass op déi 500 Plaze gerechent. Dat ass wichteg ze wëssen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Da wär et och wichteg, dass et géif do stoen, fir dass jiddereen et géif wëssen. A bei esou engem Kontrakt a bei esou enger Zomm, bei esou engem Engagement, ass et enger Stad awer wierdeg, dass déi Kontrakter richteg opgesat sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen, et steet och am Text. Et ass eng Interpretatiounssaach, wéi mer dat do elo gesinn. Et besteet awer keng Gefor fir iergendeen, deen dee Kontrakt do ënnerschreift.

Des Weidere wëll ech Iech soen, wa mer am Alldag kucken, wat fir eng Parksituatioun mer hei an der Stad erliewen a wou geparkt gëtt, si mer frou, wa mer eng Méiglechkeet hunn, wou jiddweree säin Auto anstänneg ënnerdaach kritt.

Dat eng Ursaach méi, fir dat hei virunzedreiwen an dat heiten och wierklech esou zum Ofschloss ze bréngen, wéi mer elo säit fënnef Joer dreemen. An elo si mer kuerz virun der Realisatioun vum Dram, da wäerte mer eis net elo vun enger Interpretatioun vun engem Text dovun ofbrénge loossen.

Nach Wuertmeldungen? Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, hei ass elo de Projet, iwwert dee scho laang nogeduecht gëtt, fir endlech do e Parkraum ze schafen. E Parking um Rand vun eisem historeschen Zentrum, awer och direkt vun deem neien Zentrum, deen ee muss esou nennen, deen entstanen ass an nach um Entstoen ass.

An awer och hanner dem Schloff am Fong, dee mer hunn an eiser Gemeng, wou de Stau ass, fir dohinner ze kommen. Wann d'Leit vun der Collectrice kommen, déi mussen iwwert de Contournement, laanscht de 1535° an da bis bei déi Kräizung. Dee Wee ass ze maachen, fir an deen dote Parking ze kommen. Deem musse mer eis bewosst sinn.

A mir mussen eis bewosst sinn, dass mer d'Leit da quasi dohinner drainéieren. An net nëmme Leit, déi souwisou vläicht scho wëlle parken, mee mir wëlle jo souzesoe méi Leit dohinner.

Mir wëlle jo, dass d'Leit dohinner schaffe kommen. Wat jo positiv ass un deem heite Projet, dass mer Aarbechtsplaze schafen am Zentrum vun eiser Stad. Well déi Aarbechtsplaze kënnen dozou féieren, dass Leit sech ophalen an eiser Stad, dass se do an d'Restaurante ginn, dass se do an d'Geschäfter ginn, an dat kann zur Beliewung vun deenen zwee Zentren am beschte Fall féieren.

Mee mir mussen eis awer ganz gutt iwwerleeën, wat dat fir d'Verkéierssituatioun bedeit, eeben op deem Deel, wou ech elo gesot hunn. An dann natierlech och Richtung Nidderkuer an zréck. Ech denken, do baue mer de Probleem zum Deel aus. An dat kann och dozou féieren, dass deen heite Projet sech net esou entwéckelt, wéi een dat vläicht wëll.

Ze begréisse sinn déi ganz vill Parkinge fir d'Vëloen direkt nieft der Gare. Am Moment ass eis M-Box alles anescht wéi genuch besat. Dat heescht, et feelt am Moment net u Parking fir Vëloen, et feelt éischter u séchere Plazen, fir dass d'Vëloe kënne fueren. An do misst een deen dote Projet notzen, fir sech méi allgemeng Iwwerleeungen ze maachen iwwert d'Mobilitéit zu Déifferdeng. An och déi Mesuren zäitno ëmzesetzen, dass een eebe grad vun där doter Plaz aus an den Zentrum vun Déifferdeng kënnt an an déi eenzel Ecker vun Déifferdeng – also Uertschaft Déifferdeng elo geschwat, net d'ganz Gemeng Déifferdeng.

Mee natierlech och d'Uschlëss op aner Plazen an der Gemeng. Déi esou schaaft, dass ee mam Vëlo sécher vun do och weiderkënnt. Dass, zum Beispill, de Quartier Fousbann iwwer e séchere Vëloswee kann dohinner ugeschloss ginn. Fir dass déi do op eng Gare kommen, déi se am Moment net hunn. Wou se net Busse mussen huelen oder souguer herno mam Auto mussen do fueren, wat dann de Verkéier nach eng Kéier méi grouss mécht, fir just déi puer Meteren, déi se am Fong zréckzeleeën hunn, fir vum Fousbann dohinner ze kommen.

Dat sinn Iwwerleeungen, déi ee sech elo onbedéngt muss maachen. An déi mussen direkt ufänken, well soss verpasst een do eng wichteg Chance. Esou eng Plaz wéi dat dote kéint zu engem Changement vu Gewunnechte féieren. Well wann d'Leit sech bis aner Gewunnechte ginn hunn a Relatioun mat där doter Plaz, dann ass et méi schwéier, déi herno ze änneren. Wann een awer direkt alles virgesinn huet, dann huet een do gutt Chancen, dass een dee Changement kritt.

Wou ech awer skeptesch si fir d'Chance vum historeschen Zentrum vun där Plaz, dat ass den Zougang. Ech gesinn op de Pläng an op deem Bild eppes Faarweges, dat soll dee méi verschéinerten Zougang sinn duerch de Souterrain, fir an den Zentrum ze kommen. Mee u sech läit deen Zougang verstoppt hanner deem Gebai. Ech gesi guer keen Amenagement vun där Plaz, awéiwäit dat méi frëndlech soll sinn.

Also am Dossier kënnt dat net zum Virschäin. Hei gesinn ech virun allem Fotoe vun deem aktuellen. An da gesinn ech rechteckeg Këschten an e Croquis vun enger Plaz, wou e puer Backe stinn. An dann däerf een do an e Lach trëppelen iwwer e puer Trapen. Also nee, mat deem Vott, deen ech haut maachen, kann ech net mat guddem Gewësse soen, dass mer do eng verbessert Situatioun zu där aktueller kréien.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *pense que cela figure dans le contrat. C'est une question d'interprétation. Mais la commune ne court pas de risque en signant ce contrat.*
*De toute façon, quand on voit la situation sur les routes, il faut prévoir un parking. C'est pourquoi il ne faut plus perdre de temps. Cela fait cinq ans que la commune rêve de ce parking. Elle est devant la ligne d'arrivée. Inutile de perdre du temps sur l'interprétation d'un texte.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que les réflexions quant à ce projet ne sont pas nouvelles. Ce parking sera situé à proximité du centre historique et du nouveau centre.*
*Mais Gary Diderich signale que le site est sujet aux embouteillages. Les futurs utilisateurs du parking provenant de la collectrice devront passer par le contournement, le 1535° et le carrefour. Il faut en être conscient. En outre, il n'est pas seulement question des gens qui passent par là de toute façon. La commune souhaite attirer de nouveaux clients et de nouveaux travailleurs. C'est une bonne chose pour les magasins, les restaurants et le centre-ville.*
*Mais il ne faut pas oublier la situation sur les routes non seulement en provenance de la collectrice, mais aussi en direction de Niederkorn. La situation risque d'empirer et ce projet pourrait avoir des conséquences négatives.*
*En revanche, Gary Diderich salue les abris pour vélos à côté de la gare. Toutefois, Differdange ne manque pas d'abris pour vélos. Ce qui fait défaut, ce sont des pistes cyclables sures. Le conseiller communal suggère d'utiliser ce projet pour réfléchir à la mobilité en général et pour s'assurer que toutes les localités seront accessibles à vélo sans danger. Gary Diderich mentionne notamment le quartier Fousbann, dont les habitants devraient pouvoir se rendre à la gare sans prendre le bus ou la voiture.*
*Le projet dont il est question aujourd'hui a le potentiel de changer les habitudes. Mais il faut agir maintenant, car une fois les nouvelles habitudes installées, il sera difficile de les modifier.*

*Gary Diderich est en revanche plus sceptique quant au centre historique. Les plans semblent représenter un passage vers le centre. Mais le conseiller communal ne reconnait aucun aménagement et ne comprend pas dans quelle mesure ce passage sera plus agréable qu'actuellement. En outre, il est caché derrière le bâtiment. Le dossier contient des photos du site actuel et un croquis avec des boites rectangulaires et un escalier. Gary Diderich ne pense pas que le vote d'aujourd'hui permette d'améliorer la situation. Il a l'impression de devoir voter dans le noir. Or ce point est important, car si les gens n'utilisent pas le passage, le centre historique ne profitera pas du nouveau parking.*
*Gary Diderich se demande par ailleurs si le projet est plus rentable pour la commune ou pour les investisseurs. La commune met du terrain à disposition de partenaires privés pour plusieurs années. Ces investisseurs vont donc gagner de l'argent avec un terrain public. Cela n'est pas idéal. La commune ferait mieux de prendre ses responsabilités.*
*Gary Diderich se dit sceptique et se pose les mêmes questions que madame Pregno. Car si la rentabilité n'est pas au rendez-vous, les textes seront analysés en détail et d'éventuels litiges pourraient couter cher à la commune. Le PPP d'Aquasud va aussi entrainer des frais pour la Ville de Differdange. La même situation risque de se présenter avec le City Parking.*
*En revanche, Gary Diderich ne voit pas d'inconvénient à ne pas construire d'autres parkings. Le parking de la place Nelson-Mandela ne fera que drainer les automobilistes — notamment les gens se rendant à l'Aalt Stadhaus — vers le centre-ville. La clause portant sur l'interdiction de construire d'autres parkings ne pose pas problème à déi Lénk. Cependant, le contrat n'est pas suffisamment clair pour un projet de cette ampleur.*
*Gary Diderich va s'abstenir lors du vote, car tout n'est pas clair et le nouvel accès au centre-ville ne le convainc pas.*

Dat ass awer ze wichteg, fir dat esou opstoen ze loossen a sech do e bëssen an dat Blannt eranzeginn.

Am Dossier gesinn ech op jidde Fall näischt vun engem Amenagement vun deem Zougang. An deen ass ganz, ganz wichteg. Well wann d'Leit deen net benotzen, da ginn d'Leit all an deen neien Zentrum. Dann huet den historeschen Zentrum näischt vun deem dote Projet. An dat wär awer ganz schued. An dat wëll jo och kee vun eis.

Dat heescht, do hu mer, mat deem Vott, dee mer haut maachen, am Fong net déi néideg Elementer fir ze wëssen, dass dat wierklech da besser gëtt.

Da ginn ech op ee Volet an, deen nach guer net ugeschwat ginn ass. Et ass geschwat ginn, wéi vill rentéiert sech dat fir d'Gemeng, wéi vill rentéiert sech dat fir déi privat Investoren, fir déi Partner, déi hei mat dra sinn.

Et muss een einfach soen, mir ginn hei ëffentleche Raum, ëffentleche Grond a Buedem an eng privat Notzung wärend enger ganzer Rei Joren. A fir déi Leit, déi do dran investéieren, spillt natierlech d'Lukrativitéit vun deem Projet eng Roll. An déi Lukrativitéit, déi Rentabilitéit, déi se do erauszéien, déi maache se mat ëffentlechem Buedem. Dat ass fir eis net wierklech den ideale Wee. Mir denken, dass d'Gemeng selwer soll méi Verantwortung do iwwerhuelen.

Mee voilà, dat ass elo de Modell, deen hei proposéiert gëtt. Mir si skeptesch. Well da stelle sech déi Froen, déi d'Madamm Pregno jo och opgeworf huet. Well herno, wann et haart op haart kënnt an d'Rentabilitéit net garantéiert ass, da ginn déi Texter méi am Detail gekuckt. An da kënne Litigen entstoen, déi mir am Fong net wëllen. An déi kënnen, deemno wéi, och deier gi fir eis Gemeng. An dat wäerte mer jo och beim PPP, wat jo am Fong eng änlech Reflexioun ass wéi déi heiten, gesi vum Aquasud. Do wäerten och nach Nofollgekäschten op eis duerkommen. An dat riskéiere mer och hei.

Mee vläicht, fir en anere Bléckwénkel op dat ze werfen, wat d'Madamm Pregno gesot huet. Mir hunn am Endeffekt e bëssen deen Deel, fir net nach weider Parkingen an deem Perimeter ze realiséieren, als Garde-fou gesinn, fir net hott an har an op deene falsche Plazen nach Parkraum ze bauen.

Wann ee beim Ale Stadhaus nach weider Parkraum bäisetzt, dann drainéiert een de Verkéier erëm méi an den Zentrum, wou een e jo am Fong net wëll hunn. An et reduzéiert een d'Attraktivitéit, fir, zum Beispill, vun där doter Plaz duerch den Zentrum an d'Aalt Stadhaus ze goen.

Dat heescht, wann dat herno kann als Garde-fou déngen, dann hu mir domadder manner e Probleem. Mee, en effet, ass et net esou kloer, wéi et sollt si bei esou engem wichtege Projet.

Mir wäerten eis, jiddefalls à ce stade, enthalen, wéinst deenen doten Onkloerheeten. An och virun allem, dass den Zougang zum alen Zentrum, mer do keng Elementer hunn, dass mer do eng Verbesserung kréien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Ech géif d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir dorop ze reagéieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech ginn Iech net ganz Onrecht, dass mer mussen oppasse mam Verkéier. Dat ass ganz kloer. Mee ech mengen, Cushman & Wakefield hunn eis sengerzäit e bëssen expliziéiert, Bürosgebaier plus Commercen a Restauranten, dat huet eng aner Dynamik. Dat heescht, do kommen d'Leit zu anere Stonne wéi haaptsächlech um aacht Auer moies, wou d'Leit alleguerte schaffe fueren.

Also déi hunn eis dat sengerzäit gesot, well deemools wollte mer do eng Aart Shoppingzenter bauen. An déi hunn eis deemools awer erkläert, dass een do net bräicht ze vill Angscht ze hunn, wat de Verkéier, den Encombrement do op där Kräizung ugeet.

Bréck an Tunnel: Dir wësst, dass mer do iwwer enger CFL-Linn sinn oder dernieft. Dat heescht, d'Leit missten dann iwwer eng Bréck goen, déi iwwert den CFL géif goen, wat immens komplizéiert ass, immens vill Autorisatiou-

ne brauch an och net ganz schéi wäert sinn an der Géigend. Et ass och bewisen, dass d'Leit éischter duerch en Tunnel ginn, wann deen uerdentlech amenagéiert ass wéi iwwer eng Bréck. Ech ginn e Beispill: Um Kierchbierg, bei deem grousse Kino, war eng Bréck, an d'Leit sinn awer dann ëmmer iwwert d'Strooss, einfach iwwert d'Autobunn gelaf. Firwat se déi Bréck erëm ewechgeholl hunn, well kee se benotzt huet.

Ech hunn Iech virdrun erkläert: À ce stade sinn zwee Passagë méiglech. Een ënner dem Buedem an een iwwer d'Bréck. Soudatt ech mengen, dass een do awer elo net brauch Bedenken ze hunn, wat den Amenagement ubelaangt. Eent ass sécher, dat muss ee lumineux gestalten, dat däerf keen donkele Schloff bleiwen, wou d'Leit fäerten, derduerch ze goen. Et kann ee mat Kameraen an esou weider alles iwwerwaachen.

Dat ass alles ugeduecht ginn. Ech mengen, mir sollten der Saach vläicht eng Chance ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Da muss ech elo eppes soen, well ech jo och e bëssen dofir zoustänneg sinn, wat de Verkéier ugeet an dat Ganzt ronderëm. Et ass net esou, wéi verschiddener hei mengen, datt mer esou Saache maachen a mir géifen eis net de Kapp zerbriechen a mir hätten eis am Virfeld net driwwer informéiert, wat do entstoe kéint oder wat net.

Natierlech si mer och net esou honnertprozenteg frou mam Projet, wéi en elo ass. Mir hätten och dat eent oder dat anert anescht gemaach. Ech mengen, deemools ass de Projet vum Här Muller refuséiert ginn, dee bis op dee leschten Dibbelche perfekt war. Deen hei ass et net. Do sinn eenzel Saachen, wou ech och mengen, datt mer nach wäerten am Gespréich bleiwen. Dat eent oder dat anert ass scho gefall, zum Beispill d'Photovoltaik, wa mer eis selwer eeschthuele mat NetZeroCities, da musse mer dat och maachen. An do wäerte mer och drubleiwen a probéieren, dat ze maachen.

Mee ech wëll elo jiddwerengem soen, wa mer elo dee Projet hei, wéi d'Madamm Pregno gesot huet, géife refuséieren oder zrécksetzen, wéi laang Zäit dat anhëlt, fir en neie Projet unzegoen. Dat hate mer schonn eng Kéier mat Entrepreneuren, mat eise Virgänger. Datt mer dann op eemol zéng Joer kee Parking hunn an et ëmmer méi schlecht gëtt mam ganze Verkéier an der Stad.

An hei hu mer, wann een dat Ganzt kuckt, emol eppes, wat immens positiv ass, datt mer Parking an eis Stad kréien. An dovunner hänkt enorm vill of, wat mer an de Rescht vun eiser Stad maachen.

Wa mer keng Parkplazen hunn op där doter Plaz, kënne mer kee Shared Space maachen op deenen eenzelne Plazen. Mir kënnen déi Vëlosweeër an der Stad net ausbauen a mir kënne ganz vill net, wa mer kee Parkraum hunn, wou mer de Leit soen, gitt dohinner parken. De Rescht amenagéiere mer an eiser Stad esou, datt d'Foussgänger an d'Vëloe méi Plaz kréien a mer och e Shared Space maachen. Et muss ee mat eppes ufänken. An dofir mengen ech, datt dat Parkhaus do enorm wichteg ass.

Wéi gesot, nach eng Kéier, ech hätt och dat eent oder dat anert anescht gestalt, wa mer vun Ufank un dobäi gewiescht wären. Well de Projet, Madamm Pregno, ass jo praktesch nach e Projet vun Iech, wann ee vun eenzelen Detailer ofgesäit. Mee ech kann awer domadder liewen. Ech sëtze jo hei fir d'Stad Déifferdeng. A fir d'Stad Déifferdeng ze verbesseren, dann ass dat mir och egal. Ech wëll just, datt mer hei eppes maache fir déi Leit, déi hei an där Stad liewen.

A wa mer wëlle virukommen an déi Diskussiounen net ad aeternum weiderfueren, wat de Verkéier ugeet, ass dat hei emol e Point de départ, wou mer fortfueren, fir eis Stad endlech dohinner ze kréien, wou mer se gären hätten. Datt mer de Verkéier an eiser Alstad esou kënne gestalten, datt mer och emol kënne soen, datt een eenzelne Pad e Shared space gëtt, wou mer keng Parkinge brauchen, well 20 Meter méi wäit Parkinge sinn.

**TOM ULVELING (CSV)** *donne partiellement raison à monsieur Diderich concernant la circulation. Mais les employés de bureau et les clients des commerces et restaurants n'arrivent pas tous aux heures de pointe. C'est en tout cas l'avis des experts de Cushman & Wakefield.*
*Pour ce qui est du passage vers le centre historique, il ne faut pas oublier le fait que le site se trouve à côté de la voie ferrée. Il faudrait donc aménager un pont passant audessus de la voie. Ce serait extrêmement complexe et demanderait de nombreuses autorisations. Par ailleurs, les études montrent que les gens préfèrent les tunnels aux ponts. Tom Ulveling cite l'exemple du pont qui avait été aménagé pour accéder au cinéma du Kirchberg et qui a finalement été retiré.*
*Les possibilités sont au nombre de deux : un tunnel ou un pont. Ce qui est sûr, c'est que ce passage sera lumineux pour que les gens n'aient pas peur de l'utiliser. Il sera aussi équipé de caméras de surveillance.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal de laisser une chance à ce projet.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est l'échevin responsable de la circulation. Il tient à préciser que le collège échevinal réfléchit longuement avant de prendre une décision.*
*Il avoue ne pas être entièrement satisfait de ce projet. Mais il rappelle que le projet de monsieur Muller, qui était parfait, a été refusé. Celui-ci n'est pas parfait. Il faudra continuer à discuter des détails — notamment en ce qui concerne les panneaux photovoltaïques dans le cadre de Net0Cities.*
*Mais si le conseil communal décidait de reporter ce projet comme l'a demandé madame Pregno, Differdange n'aurait toujours pas de parking dans dix ans. Le collège échevinal précédent le sait bien. Ce projet apporte une plus-value à la ville et permettra de réaliser d'autres projets. Fred Bertinelli explique par exemple que sans ce parking, on ne pourra pas réaliser de shared space ou de pistes cyclables. Il faut bien commencer par quelque chose et ce parking est une pièce importante du puzzle.*

*Fred Bertinelli répète qu'il aurait préféré quelques modifications. Après tout, il s'agit en grande partie d'un projet de madame Pregno. Mais cela ne change rien pour Fred Bertinelli, car il s'engage pour Differdange et veut créer quelque chose pour les gens.*
*Le City Parking constitue un point de départ pour améliorer la situation sur les routes et revitaliser le centre historique. Aménager un shared space deviendra possible parce que les automobilistes pourront se garer vingt mètres plus loin. Fred Bertinelli répète que ce projet est important pour la ville et pour le stationnement. Mais il aurait préféré aménager 600 emplacements dès le départ.*
*Toutefois, il ne souhaite pas patienter encore dix ans. De toute façon, le projet parfait n'existe pas. Quelqu'un trouvera toujours matière à se plaindre. En outre, Fred Bertinelli n'exclut pas que l'on puisse encore améliorer l'une ou l'autre chose. Mais il est temps de construire ce parking dont on parle depuis 15 ou 20 ans.*
*(Interruption de M^me^ Pregno et discussions)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande à monsieur Bertinelli de la citer correctement. Elle n'a pas dit qu'elle était contraire au projet.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Laura Pregno n'est pas d'accord avec le contrat. Elle soutient en revanche le projet. Les écologistes faisaient partie de la majorité quand il a été élaboré.*
*Laura Pregno demande à monsieur Bertinelli de mieux écouter.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a une toute dernière question.*
*(Rires)*
*François Meisch voudrait savoir quand le chantier pourra commencer et quand il sera terminé.*

**MANUEL LOPES (ARCHITECTE COMMUNAL)** *rappelle qu'il faut encore préparer un PAP. Cela prendra deux ans. Parallèlement, la phase de planification sera lancée.*
*La commune a aussi besoin des autorisations des CFL, de l'Administration des ponts et chaussées, etc. Cela prend du temps. Mais Manuel*

An duerfir fannen ech éischtens, datt et en enorm wichtegen Niveau ass, dat Parkhaus. An och fir de Verkéier an eiser Stad an och fir d'Parkingen an eiser Stad. Ech wier och éischter op de Wee gaange vun deene 600 Plazen, well ech sinn iwwerzeegt, datt mer déi brauchen, wa mer wierklech e Konzept wëllen ausschaffen, wéi mer de Verkéier an eiser Stad wëlle gestalten.

Mee et muss mat eppes iergendwou eng Kéier ugoen. An ech mengen, hei ass dee richtege Punkt, wou dat muss ugoen. Ech wëll elo net nach zéng Joer diskutéieren, fir e Parking ze kréien, an da fënnt awer nach een en Dibbelchen. E Projet, deen esou perfekt ass, datt näischt méi drun ze diskutéieren ass, dat gëtt et net. Et ass ëmmer eppes, wat deem engen oder deem aneren net esou gefält. Hei hu mer eppes. An ech si ganz positiv, datt mer dee Parking do elo kréien. Wann dat eent oder dat anert nach ze verbesseren ass, da kënne mer dat maachen, da wäert de Schäfferot dat maachen. Mee et muss elo mol endlech – iwwert dee Parking am Zentrum diskutéiere mir elo 15 bal 20 Joer, elo muss en awer och kommen. Merci.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, dass ech mer d'Wuert huelen, ...

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Ech géif dann der Madamm Pregno d'Wuert ginn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wann Dir mech zitéiert, dann, wannechgelift, net falsch. Wann Der eppes sot, wat ech soen, da sot et, wannechgelift, richteg. Well ech hunn net gesot, mir wäre géint de Projet. Ech hu gesot wéinst dem Kontrakt.

Mir hu gesot, de Projet itself fanne mir gutt a mir stinn derhanner. Well, wéi Der gesot hutt, ware mir selwer dobäi, wou en am Schäfferot ausgeschafft ginn ass. Da lauschtert, wannechgelift, no a lauschtert richteg no an zitéiert richteg. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Eng weider Wuertmeldung? Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hätt eng allerlescht Fro zu deem perfekte Projet hei.

(Gelaachs)

Vläicht kënnen d'Experte mer dat matdeelen. Wann alles optimal géif lafen, wéini kéint de Chantier lassgoen a wéi laang géif en daueren?

**MANUEL LOPES COSTA (ARCHITECTE DE LA VILLE):**

Et muss nach e PAP gemaach ginn, déi ganz Planungsphas plus d'Geneemegungsphas. Do si mer bei gutt iwwer zwee Joer, déi ee brauch, fir e PAP. Parallel zum PAP kann déi Planungsphas lancéiert ginn.

Wat e bëssen Zäit hëlt ass d'Geneemegungsphas. Dir hutt hei Permission de voirie CFL, Permission de voirie Ponts et chaussées an esou weider, dat hëlt e bëssen Zäit. Dat heescht, ech rechnen do plus ou moins mat zwee Joer an eppes méi wéi zwee Joer Bauzäit.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Gëtt et nach eng Wuertmeldung? Keng weider Wuertmeldung. Da géif ech all Mënsch Merci soe fir déi Erklärungen, fir déi Detailer. Den Experte Merci soe fir hir Presenz. An da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 3 voix non et 1 abstention d'approuver la convention d'un droit de superficie dans le cadre du concours d'investisseurs visant la construction d'un parking public avec des surfaces commerciales et tertiaires sur une parcelle de 63,37 a au lieudit Boulevard-Émile-Krieps à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 3, dem Koalitiounsprogramm. Ech wëll e puer Detailer lassginn, ier mer eis op Är Kommentare freeën an op Är Erläuterungen dozou. De Koalitiounsprogramm, ass wichteg ze wësse fir eis Nolauschterer dobaussen, dass dat d'Basis war vun de Walprogrammer vun der LSAP a vun der CSV. Duerno, wéi mer beieneesouzen an diskutéiert hunn iwwert d'Zukunft, wéi mer dat als déi zwou Parteien am beschte gestalte kënnen am Sënn vun eiser Stad an am Sënn vun eise Bierger, si mer zur Konklusioun komm, déi Der gemailt kritt hutt.

Et ass e Koalitiounsprogramm, deen net a Stee gemeesselt ass. Et ass e Koalitiounsprogramm, deen oppen ass fir all gutt Iddien, fir all Propos vun all Leit an och vun all Leit heibannen. Mir sinn eis eens, dass mer prett sinn, fir all gutt Iddi mat an dee Koalitiounsprogramm afléissen ze loossen, fir dass, zum Wuel vun eise Bierger, eng honnertprozenteg Satisfaktioun kann entstoen.

D'Distributioun vum Programm geschitt no eiser Gemengerotssitzung vun haut. Dat wäert eng Distributioun ginn à tous les ménages vun zirka 12.000 Exemplairen. Nodeem e méi schéi gemaach ginn ass ewéi dat, wat Dir zougestallt kritt hutt, net am Text, mee mat Fotoen an esou virun, gëtt dat am Mount Dezember gemaach. Soudass eis Bierger en am Ufank vum Mount Dezember zur Verfügung wäerten hunn.

Dat gesot, géif ech Iech d'Wuert ginn. Mir géife mam Här Meisch ufänken an da géif ech Iech awer och bieden, Iech e bëssen an der Zäit ze reduzéieren, net dass mer, wéi des Ëftere schonn erlieft, Saache widderhuelen an esou virun. Natierlech huet jiddwereen d'Méiglechkeet sech auszedrécken, mee awer an engem räsonabelen Delai fir jiddwereen, dass mer dat iwwert d'Bün kréien.

Ech soen Iech Merci fir Äert Verständnis. An ech géif d'Wuert un den Här Meisch gi fir seng Erklärungen. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, wäert Matbiergerinnen a Matbierger, ech huele Stellung fir eis dräi a fir eis Demokratesch Partei.

Mir wollten dat Ganzt mol zäitlech a Relatioun setzen: Den 11. Juni dëst Joer hate mer Gemengewalen. E puer Stonnen drop stoung déi nei Koalitioun. Am Gemengerot vum 14. Juli dëst Joer hu mer eis Detailer erwaart, wat déi nächst Joren zu Déifferdeng konkreet soll geschéien. Ech zitéieren den Här Buergermeeschter: „Den Accord ass fäerdeg, d'Grafiker a sou weider schaffen elo drun. Déi fäerdeg Versioun kritt Dir fir d'Sitzung no der grousser Vakanz."

Schlussendlech krute mir als Gemengerot de 16. Oktober eng Mail mat engem Word-Dokument an enger Sprooch ouni Mise en page mat verschiddenen zesummegewierfelten Textpassagen.

Zesumme mat menge Kolleegen aus der Demokratescher Partei hu mer deen Text begutacht. An dat huet leider e grousst Gefill vun Enttäuschung bei eis hannerlooss.

Vill Konkreetes konnte mer net entdecken. Vill Widderhuelungen a vag Formuléierungen, wéi: „La coalition souhaite", „la coalition examine la possibilité", „la coalition analyse", „la coalition propose", „la coalition envisage" an esou weider. Mir hätte léiwer gewosst, wat da genau sollt ëmgesat ginn an den nächste Joren.

A bei deene Saachen, déi konkreet do stinn, huet een d'Impressioun, dass et just Saache sinn, déi, bedéngt duerch déi demografesch Entwécklung, nu mol musse gemaach ginn. An dat sinn dann nach gréisstendeels Elementer, déi massiv vum Staat subventionéiert ginn. Soss gesi mer wéineg nei Impulser. Mir hätten eis däitlech méi Wäitsiicht a Courage gewënscht.

D'Walprogrammer ware bei wäitem méi optimistesch wéi dat, wat dovun iwwreg bliwwen ass. Regéieren ass nu mol e Rendez-vous mat der Realitéit.

*Lopes pense que les travaux commenceront dans deux ans et qu'ils dureront un peu plus de deux ans. (Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au programme de coalition. Il explique que celui-ci repose sur les programmes électoraux du LSAP et du CSV. Après des discussions, les deux partis sont arrivés aux conclusions figurant dans le programme de coalition.*
*Guy Altmeisch signale qu'il est ouvert à des modifications si les idées sont bonnes. Les conseillers communaux peuvent donc faire des propositions. Il s'agit de travailler pour le bien des citoyens.*
*Le programme sera distribué à tous les ménages de la commune lorsque la mise en page sera terminée, c'est-à-dire en décembre.*
*Guy Altmeisch cède la parole à monsieur Meisch et demande aux conseillers communaux de se montrer brefs, car souvent les mêmes remarques se répètent. Chacun a le droit de s'exprimer, mais dans des délais raisonnables.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *va prendre position pour les démocrates.*
*Il souhaite revenir sur le calendrier. Les élections ont eu lieu le 11 juin. La coalition a été formée en quelques heures. Le 14 juillet, le conseil communal s'attendait à des détails. D'ailleurs, le bourgmestre avait dit que le programme était fini et qu'il fallait juste le mettre en page. Finalement, les conseillers communaux ont reçu un document Word le 16 octobre par courriel en une langue et sans mise en page.*
*Les démocrates l'ont évalué et se disent déçus. Le document ne contient pratiquement rien de concret. On y trouve des expressions comme « la coalition souhaite », « la coalition examine la possibilité », « la coalition analyse », « la coalition propose », « la coalition envisage »… Les démocrates auraient préféré savoir ce que le collège échevinal va vraiment réaliser.*
*Les parties plus concrètes du programme concernent des projets liés à l'évolution démographique, qui sont massivement subventionnés par l'État. Le collège échevinal*

*manque de vision et de courage. Si les programmes électoraux étaient optimistes, gouverner constitue un retour à la réalité.*
*Les citoyens ne savent toujours pas ce qui est prévu au cours des prochaines années. L'accord ne figure pas sur le site internet de la commune si ce n'est avec la mention « à venir ».*
*Un accord de coalition doit répondre à des questions à moyen et long termes. Il faut des solutions à des problèmes comme le chômage ou le prix des logements. Les enfants doivent disposer de perspectives et les citoyens doivent se sortir de l'aide sociale. Les services sociaux doivent être adaptés aux besoins. François Meisch mentionne de bonnes écoles, des emplois et des logements. Encadrer les jeunes chômeurs ne suffit pas. La commune doit créer des emplois. Il reste des friches industrielles. L'économie créative a du potentiel. C'est le moment de jeter les jalons pour l'avenir. François Meisch regrette que rien de tout cela ne figure dans le document.*
*L'accord n'explique pas non plus comment l'économie de Differdange va être renforcée. De bonnes initiatives ont permis de créer des centaines de postes d'emploi dans le passé. C'est ce qui a renforcé Differdange dans le passé. Une commune doit s'engager à long terme.*
*Le programme de coalition fait de l'emploi et du logement des priorités. Mais il manque des idées et des visions dans l'esprit de la fabrique créative, du centre culturel ou d'Aquasud, qui permettraient à la ville de se moderniser et de devenir plus agréable.*
*Le collège échevinal semble se contenter de l'essentiel. Mais il ne suffit pas de réagir à l'accroissement de la population. Le manque d'investissement risque de devenir une dette pour les générations futures.*
*François Meisch salue en revanche la poursuite du programme Net0-Cities. Personne n'est contraire aux énergies renouvelables et à l'éolien. Mais le conseiller communal se demande où le parc éolien verra le jour.*

All eis Biergerinnen a Bierger bleiwen nach wie vor, mir hunn et virdrun héieren, ausgeschloss vun allen Informatiounen, wat mat hirer Gemeng an den nächste Jore soll geschéien.

Haut um 15. November ass deen Accord nach ëmmer net ënner de Leit doheem ukomm a steet och emol nach net op der Internetsäit vun der Stad Déifferdeng. An der Rubrik Accord de coalition steet elo scho méintelaang „à venir".

Bei engem Koalitiounsaccord erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen: Wou soll eis Gemeng an den nächste sechs Joer an doriwwer eraus histeieren? Et erwaart ee sech Léisunge fir déi grouss Erausfuerderungen, virun deenen d'Stad Déifferdeng nach ëmmer steet. Ech nenne just den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage an déi deier Wunnengspräisser.

Mir mussen de Bierger de Wee aus der Sozialhëllef weisen, de Kanner gerecht Zukunftschancë bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou wunnen, schaffen a Fräizäit méi no beienee réckelen. Dat fërdert och d'Mobilitéit.

Déi sozial Déngschtleeschtunge musse mer no de Besoine vun eiser Populatioun ausriichten. Gutt Schoule fir eng multikulturell Schülerschaft ubidden. An, ech widderhuele mech, virun allem musse mer nei Aarbechtsplazen a bezuelbare Wunnraum schafen.

Initiative fir Laangzäit- a jonk Chômeuren ze begleeden, begréisse mer natierlech. D'Haaptzil, fir de Chômage ze bekämpfen, muss awer sinn, nei an ënnerschiddlech Aarbechtsplazen zu Déifferdeng entstoen ze loossen.

Ech denken do un d'Notze vun zousätzlechen Industriefrichen, déi de Moment broochleien. Ech denken un e wäitsiichtegen Ausbau vun der Kreativwirtschaft zu Déifferdeng. Et wär elo de Moment, fir e weidert Standbee vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoen ze loossen. Elo missten d'Weiche gestallt ginn. A mir bedaueren, dass dat net erauszeliesen ass aus dësem Text.

Mir vermëssen nei substanziell Initiativen am Koalitiounsaccord, déi dozou bäidroen, Déifferdeng wirtschaftlech méi staark opzestellen. Duerch esou Initiative konnten an der Vergaangenheet zu Déifferdeng honnerten Aarbechtsplazen entstoen an déi wirtschaftlech Basis vun eiser Gemeng gestäerkt ginn.

Eng Gemeng huet do vill Spillraum. Et muss ee sech just engagéieren, fir à moyen terme oder à long terme Resultater ze erzilen.

Mir liesen aus dem Koalitiounsaccord net eraus, dass et soll eng grouss Prioritéit sinn, fir nei Aarbechtsplazen um Territoire vun der Gemeng ze schafen. Déi selwecht Froe stelle mir eis bei der Problematik fir attraktiven a bezuelbare Wunnraum.

Am Koalitiounsaccord feelt et mer weiderhin un neien Iddien, neien Impulser an neie Visiounen, déi an dem Geescht vu Projete wéi der Kreativfabrick, dem Kulturzentrum Aalt Stadhaus, dem Schwämm- a Wellnesskomplex Aquasud, fir nëmmen déi ze nennen, kéinten entwéckelt ginn. Iddien, déi déi selwecht Ziler hunn: eis Stad ze moderniséieren, d'Liewensqualitéit ze erhéijen a vläicht och méi si wéi just dat, wat souwisou muss gemaach ginn, fir datt eis Stad fonctionéiert.

Et geet net duer, just op de Wuesstem ze reagéieren a punktuell Upassungen ze maachen. All Manque vu néidegem Invest ass eng Schold fir déi nächst Generatioun.

Am Géigesaz dozou begréisse mer, dass um nohaltege Projet NetZeroCities festgehale gëtt, an der Hoffnung, dass et no deene ganz villen Etüde schnell ka lassgoe mat der Ëmsetzung.

An engem änleche Kontext: Et ka kee géint erneierbar Energië sinn an domadder och net géint den Asaz vu Wandenergie. Gäre géife mer allerdéngs wëssen, wou esou ee Wandpark an der Gemeng entstoe kéint.

Weider positiv gesi mer den Ausbau vun der Gemeng oder anere Verwaltungsgebaier. De Bau vun enger Maison sociale drängt sech op. Déi betraffe Servicer hu keng adequat Raimlechkeeten a platzen aus allen Néit.

Och begréisse mer, dass de Bauperimeter net soll erweidert ginn, dass de Luxembourg Science Center weider soll ënnerstëtzt ginn, ënner enger anerer Gouvernance natierlech.

Mir gesi positiv eng weider grouss Ënnerstëtzung vun de Veräiner, och finanzieller Natur, mat neie Raimlechkeeten ënner der Form vun enger Maison des Associations. Hei bleift awer nach d'Fro vum Standuert op an Ärem Text.

Ee botanesche Gaart als nei Attraktioun kënne mer ënnerstëtzen, wéi och en Hochseilgaart. D'Detailer feelen eis och dozou: wat, wéi, wou.

Ech si frou, dass d'Wuert Jumelage e puermol fält, mee konkreet muss elo endlech eppes geschéien. Jorelaang prangeren ech dat hei schonn un. Et geet net duer, dass Politiker just heiansdo an eis Partnerstied reesen. A souguer dat huet bekanntlech net ëmmer geklappt. Eis Partnerschafte musse mat Liewe gefëllt ginn, zesumme mat de Bierger an all eise Veräiner.

Mir ënnerstëtzen de weideren Ausbau vun de Sportsinfrastrukturen, ech erënneren do un de Site Thillebierg. Dee Site ass geschützt an et muss dréngend eppes geschéien, soss fält en an de Koup. Hei bleift awer nach d'Fro onbeäntwert: Wat soll duerno do entstoen oder geschéien?

Et soll neie Schoulraum entstoen, wou mer e groussen Nachholbedarf hunn. Gären hätte mer am Text erausgelies, wou dat genau soll gemaach ginn. An eise Schoule muss d'Digitaliséierung konsequent weidergedriwwe ginn. Dat däerf net just eng Floskel bleiwen. D'Situatioun an eise Schoulen ass zimmlech miserabel, virun allem, wann een et mat anere Schoule vergläicht. Net méi spéit wéi leschte Méindeg hate mer eng Visite guidée an der internationaler Schoul hei zu Déifferdeng, do kann een nëmme staunen an där Hisiicht.

Eng vun de wéinege Saachen, déi konkreet ass, dat ass de Parkraum, dee soll geschafe ginn. D'Parkhaus um Contournement an zu Nidderkuer am Haneboesch, den ënnerierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum a Parkraum fir eis Kreativfabrick. Do si mer ganz, ganz bei Iech.

Mir hoffe just, dass dat ëmgesat gëtt an net erëm an iergendengem Tirang verschwënnt, wéi scho puermol an der Vergaangenheet.

Säit der Ouverture vun der Rocade läit d'Verkéiersberouegung an d'Neigestaltung vun der Zolwer Strooss wéi eng Entschäerfung vun der Woiwer Kräizung op der Hand. Dozou hu mer am Text awer näischt fonnt.

Gespréichsbedarf besteet nach zum geplangte Shared Space, deen an den Haaptstroossen op der Héicht vun de Schoulen zu Déifferdeng an Nidderkuer am Text steet. Mat enger Verkéiersberouegung si mer ganz kloer averstanen. Éier een awer op de Wee geet vun engem Shared-Space-Konzept, mussen alternativ Léisunge fonnt gi fir de Verkéier. Soss schnüre mer eis komplett an. Do bezéien ech eng Probleemléisung fir de Passage à niveau 15, also d'Barriär tëschent Déifferdeng an Uewerkuer, wéi och d'Entwécklung vun der Entrée en ville mat an.

Punkto Beliewe vum Déifferdenger Stadkär vermësse mer Iddien a Kreativitéit. Fir dass déi traditionell Geschäftsstroosse bestoe kënnen, mussen all d'Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an d'Déngschtleeschtung mat alle Partner ausgeschafft ginn: der Gemeng, de Geschäftsleit, de Proprietären a beschtefalls d'Matabanne vun der Kreativwirtschaft.

D'Politik kann d'Friichten droen, wann ee sech eng stabil Richtung gëtt: Wou wëlle mer hin? Wéi kënne mer eis als Bildungsstanduert weider entfale mat engem faarwegen an attraktive Studenteliewen a mat allem, wat dozou gehéiert, wéi de Logement, d'Gastronomie, de Commerce, den Aarbechtsplazen an esou weider?

Wéi kënne mer Déifferdeng als bedeitenden Acteur an der Kreativindustrie weider placéieren an eis Stäerkt op dësem Gebitt ausbauen? Mir hunn Iddien, wéi d'Wunnen an d'Schaffen zu Déifferdeng méi attraktiv kéinte ginn an de Bierger méi Liewensqualitéit zegutt kéint kommen.

Dëse Koalitiounsaccord gëtt dem Stadbild, wat mir als DP vun eiser Gemeng, vun eisen Déifferdenger hunn, net an

*François Meisch salue aussi l'agrandissement de l'hôtel de ville et la création d'une maison sociale.*
*Le périmètre de construction ne sera pas élargi, ce qui est une bonne chose.*
*Le Science Center sera soutenu.*
*Les associations pourront compter sur l'aide de la commune. Mais où le collège échevinal compte-t-il ouvrir une maison des associations ?*
*Les démocrates soutiennent des projets comme le jardin botanique et l'Acrobranche.*
*La question du jumelage doit être traitée de manière concrète. Il ne suffit pas que les hommes politiques voyagent de temps en temps dans une ville partenaire.*
*Le programme de coalition ne répond pas à la question de savoir ce qu'il adviendra du stade Thillebierg.*
*Où les nouvelles salles de classe seront-elles construites ? Du point de vue numérique, la situation des écoles est misérable. La commune devrait prendre exemple sur l'école internationale.*
*Le seul point concret du programme concerne le stationnement. Il est question de places de stationnement au contournement, au Haneboesch, à l'Aalt Stadhaus, au 1535°… François Meisch est d'accord, mais espère que ces projets seront réellement réalisés. En revanche, il n'est pas question de la rue de Soleuvre et du croisement du Woiwer pour soulager la circulation.*
*(Interruption et rires)*
*François Meisch soutient la création de shared spaces à Differdange et Niederkorn. Mais il faut d'abord trouver des solutions pour les voitures. Il pense notamment au passage à niveau 15 entre Differdange et Oberkorn.*
*De nouvelles idées pour la revitalisation du centre-ville semblent manquer. Pour trouver des solutions, la commune doit impliquer les commerçants, les prestataires de service et l'industrie créative.*
*Pour qu'une politique porte ses fruits, il faut décider dans quelle direction aller. Comment créer une vie estudiantine avec des logements, de la gastronomie, des commerces et des emplois ? Comment développer l'industrie créative ?*

*Les démocrates ont des idées pour Differdange, mais celles-ci ne se retrouvent pas dans le programme de coalition. Il ne montre pas non plus comment le collège échevinal compte réagir aux grands défis qui attendent Differdange.*
*La devise du Parti démocratique est de créer au lieu d'administrer. François Meisch espère recevoir plus d'informations avec le budget.*
*Que va faire le collège échevinal du centre Noppeney, du Petit Casino, de la ferme Lommel, de la maison Moderne, du centre Médicosocial, de l'école de Musique, de l'ancienne maison de soins, du quartier Wangert, de la place Jéhan-Steichen, de l'hôtel Gulliver… ?*
*François Meisch se dit par ailleurs extrêmement déçu que le mot culture ne figure nulle part dans le programme.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*François Meisch suppose qu'il ne faut pas s'attendre à des nouveautés.*
*Par ailleurs, il a lu dans la presse que monsieur Bertinelli allait abandonner son poste d'échevin au bout de quatre ans au profit du CSV. Est-ce vrai ?*
*Le DP prendra son travail d'opposition au sérieux et exercera sa fonction de contrôle.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *va s'intéresser avant tout aux ressorts qui lui tiennent à cœur avant de céder la parole à ses collègues.*
*Trois pages sur dix-sept concernent l'écologie. C'est beaucoup et Laura Pregno se réjouit partiellement de cet engagement. Le collège échevinal a reconnu l'importance de la chance que les écologistes ont offerte à Differdange avec Net0Cities. Differdange est la seule ville du Luxembourg à faire partie du programme.*
*Mais quand on lit ces trois pages, on se rend compte qu'il s'agit d'une énumération d'idées qui sont passées par la tête de la coalition. Mais il n'y a rien de vraiment concret. La coalition ne mentionne nulle part le Pacte climat 2.0 et le Pacte nature. Comment parler de l'environnement dans ces conditions ? ll n'est pas non plus question des décharges alors qu'elles impactent les citoyens. Laura Pregno mentionne*

allem gerecht. Politesch Verantwortung droen heescht, virun allem, eng konzeptuell Wäitsiicht fir d'Entwécklung vun eiser Stad ze hunn. Déi vermësse mir als Demokratesch Partei an dësem Text. Och well en nu wierklech net weist, wéi d'Gemeng gedenkt, op déi grouss Erausfuerderunge vun eiser Stad à long terme anzewierken.

Eis Devis ass: gestalten, net verwalten. Mir hoffen, dass mer an e puer Wochen am Budget e bësse méi Informatiounen erausliese kënne wéi dat an dësem Dokument de Fall ass.

Eng ganz Partie Erausfuerderungen, virun deene mir stinn, ginn nëmme flüchteg oder guer net erwäänt a vill Froe bleiwen op. Mir denken do un de Centre Noppeney zu Uewerkuer, de sougenannte Klenge Casino op der Maartplaz, de Lommelshaff, dee komplett broochläit, d'Maison moderne beim Pavillon Gerlache matten am Déifferdenger Zentrum, de Centre médico-social an der Grousssstrooss, d'Museksschoul déi aus allen Néite platzt, dat fréiert Klouschter respektiv Fleegeheim, wat eidel steet, déi katastrophal Zoustänn am Quartier Wangert, d'Place Jéhan Steichen zu Uewerkuer, wat laangfristeg mam fréieren Hotel Gulliver Tower geschitt an an an.

Richteg enttäuscht sinn ech perséinlech, dass d'Wuert Kultur am ganzen Text net eemol virkënnt. Dat léisst mech drop schléissen, dass et an deem Beräich leider esou weidergoe wäert wéi bis elo.

Schlussendlech nach eng Remark respektiv Fro: An der Press hu mer virun enger Zäitche gelies, dass den Här Bertinelli säi Schäffeposte géif no véier Joer un d'CSV ofginn. Ass dat esou? A wa jo, hu mir als Gemengeréit dat ni matgedeelt kritt.

D'DP wäert hir Aufgab als Oppositiounspartei eescht huelen, eiser Kontrollfunktioun gerecht ginn, konsequent awer fair. Ech soen Iech Merci, bis heihinner mol, fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, fir déi Erklärungen, Här Meisch an déi gutt Proposen. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Als Fraktiounsspriecherin vun de Grénge ginn ech als Éischt op e puer verschidde Ressorten a Punkten aus dem Koalitiounsaccord an, déi mir méi no stinn, ier ech d'Wuert weidergi wäert u meng Parteikolleegen, an dann och nach eng Vue globale vum ganze Programm wäert zéien.

Déi éischt dräi Säite vu 17 behandelen d'Ëmwelt, d'Natur an d'Klimapolitik. Dräi vu 17 Säiten ass vill, et ass jo och e wichtegt Theema. Et ass e grousst Engagement, iwwert dat mir besonnesch frou sinn, awer eebe just deels, mee dozou méi spéit.

Mir sinn immens frou, dass déi nei Koalitioun agesinn huet, wéi wichteg de Programm NetZeroCities ass a wéi eng Opportunitéit déi Gréng der Gemeng domat geschaf huet. Déifferdeng ass déi eenzeg lëtzebuergesch Stad, déi an deem europäesche Projet zréckbehale gouf.

Wann ee sech dann déi dräi Säiten am Detail ukuckt an analyséiert, mierkt ee schnell, dass et éischter eng netkonkreet Opzielung vun alle méiglechen Aktiounen ass, déi engem grad an de Kapp kommen, ouni sech wierklech wëlle festzeleeën, wéi, wou, wéini a wat dann elo genee an dëser Koalitioun soll realiséiert ginn.

Mir stellen eis eng ganz Rei Froen zu dësem Deel vum Koalitiounsprogramm. A kengem Saz gëtt am Koalitiounsaccord de Klimapakt 2.0 an den Naturpakt erwäänt. Wéi kann ee vu Klimaschutz an Naturschutz schwätzen, ouni dës zwee esou wichteg Kader-Reglementer ze erwänen?

Kee Wuert gëtt iwwer eis Altlasten an eis Deponie verluer. Wéi ass et méiglech, esou eng wichteg Thematik, wat jo net just geografesch am Zentrum vun eiser Stad läit an esou ee groussen

Impakt op eis Awunner huet, ze negligéieren?

Fir weider Theemen ze erwänen: Juegd, Unesco Biosphere, TNT, Agroforst. Flosspartnerschaften am Kader vum S.I.A.CH., Müllvermeidung, et j'en passe. Eng Hellewull Punkten, wou de Koalitiounsprogramm net fäerdeg ass oder dës Punkte vläicht einfach vergiess goufen oder einfach net ronn dréit, eeërt oder einfach just eckt. Eis ass ëmmer erëm opgefall: De Programm dréit net ronn. En eeërt net just, mee en eckt. An dat soll eng Gemeng um Rullen halen! Do stelle mer eis wierklech Froen.

Net ronn dréien, net logesch, net konsequent.

Soll d'Gemeng wuessen? Wa jo, solle mir bauen? Wa jo, wéi? Eng Rei Froe ginn hei am Pabeier gestallt. Da liesen ech, dass nei Quartiere sollen entstoen, déi nohalteg gebaut solle ginn. Mir wëllen eis Surfacen awer net versigelen. Mir wëlle Beem planzen, awer och Parkraum schafen.

Iergendwa muss ee sech schonn decidéieren, ob een dann elo de Bam am Quartier wëll oder e Mini-Parking. Leider kann een am Liewen net alles kréien. Dat wär ze schéin.

An der Mobilitéit fanne mir et positiv, dass vill op déi duuss Mobilitéit gesat gëtt, och dass Gespréicher ronderëm d'PN15 weidergefouert ginn, fanne mir gutt. Wann Dir do wëllt, kënne mir Iech gären a Verbindung mat den zoustännege Leit um Ministère setzen. Mir haten hei immens flott Kontakter.

Vläicht bréngt Dir et fäerdeg, mat der CFL eng Gare oder iergendeppes Anstänneges wéi en Arrêt op Déifferdeng ze kréien a wou net nach zwou Wochen no der Zäitëmstellung eng falsch Auerzäit ugewise gëtt.

Ee Bus, deen eis op Nopeschgarë bréngt, fir an d'Stad ze fueren, soll eisen Accès an d'Stad vereinfachen. Do froen ech mech: Fiert dee Bus vun der Déifferdenger Gare aus an ech als Nidderkuerer ginn doheem virun der Dier ofgeholl an da fuere mer awer nach op de Fousbann, op de Woiwer an op Uewerkuer?

Oder hu mer lauter verschidde Bussen, déi an d'Quartiere fueren, da laanscht d'Gare, well do sti jo och vläicht Leit, an dann op Käerjeng an do huelen ech de schnellen Zuch fir an d'Stad? An da soll ech awer méi schnell sinn, wéi wann ech hei op d'Gare ginn an einfach just 46 Minutten am Zuch sëtzen.

Och do eckt iergendwou eppes.

Quitte, dass mer jo natierlech all frou wieren, wa mer méi schnell an der Stad wären.

Da steet am Programm: „Prévoir des mesures pour réduire la trafic inutile." Iergendwéi ass Trafick jo ëmmer inutile, well jiddereen ass wierklech genervt dovunner. Mee ass dat de Krittär, deen ee gebraucht fir ze soen, dass en inutile ass? Oder wie jugéiert, wéi eng Faart néideg ass a wéi eng net?

An dann nach eppes, wou et eckt: „La pénurie en places de stationnement dans les agglomérations pose aussi un problème." Dans les agglomérations! Mee da steet awer do: „Construire des parkings à l'entrée de Niederkorn et Differdange pour augmenter le nombre de places de stationnements sans occuper des surfaces à l'intérieur des localités." Si mer un der Bordür? Si mer am Zentrum? Net ze vergiessen: Dir wëllt dausend Beem planzen. Do stellt sech dann d'Fro: e Bam oder eng Parkplaz? Ech kennen eis Äntwert, mee Är ass mir net kloer. An dat kënnt hei am Koalitiounsprogramm einfach net eraus.

Aménagement de places de stationnement adéquates dans chaque quartier. Hei froen ech mech: Wou huelt Dir déi Plaz hier? Déifferdeng ass quasi voll. Oder huelt Der Gréngflächen ewech a setzt do Parkplazen hin? Wat jo och erëm net logesch wär an net zu Ärem Koalitiounsprogramm passt. Wou ech erëm beim Theema wär, dass et eckt.

Ech fuere weider, kommen zu Urbanismus a Stadentwécklung. Soutenir financièrement les citoyens pour les rénovations énergétiques. Nach méi? Well et gëtt jo scho vill. Wann et méi ass, wow, cool, wierklech topp. Déi Subsiden zesumme mam Projet „Zesumme renovéieren", deen am leschte Schäfferot u Land gezu gouf, kann do scho wierklech eppes Grousses entstoe loossen.

*ensuite la chasse, l'Unesco Biosphere, le TNT, le partenariat des rivières, la gestion des déchets… Soit le programme de coalition n'est pas fini, soit ces points ont été oubliés. Laura Pregno ne comprend pas comment la commune pourra fonctionner sur la base de l'accord de coalition. Il manque de logique et de conséquence.*

*La commune est-elle censée croitre ? Si oui, comment ? Comment le collège échevinal va-t-il construire des quartiers écologiques sans bétonner les terrains ? Comment va-t-il à la fois planter des arbres et aménager des places de stationnement ? Va-t-il choisir de mettre des arbres dans les quartiers ? Ou bien des voitures ?*

*Laura Pregno soutient le fait que les discussions autour du PN 15 se poursuivront. Elle pourra fournir les coordonnées des personnes de contact au ministère.*

*Elle espère que le collège échevinal réussira à aménager une gare des CFL — idéalement où l'horloge indique le bon horaire.*

*Il est question d'un bus reliant Differdange aux gares voisines. Ce bus fera-t-il le tour de Differdange, de Niederkorn, du Woiwer et du Fousbann ? Ou bien y aura-t-il des bus différents pour chaque localité ? Les bus desserviront-ils aussi les quartiers ? Si tel est le cas, Laura Pregno doute que les voyageurs arrivent à Luxembourg-ville plus vite qu'avec le train maintenant. Ce n'est pas logique.*

*Laura Pregno explique ensuite que le collège échevinal veut limiter le trafic inutile. Quelle définition le collège échevinal donne-t-il à l'inutile ? Quels sont les trajets nécessaires ?*

*La conseillère communale passe à la « pénurie de places de stationnement dans les agglomérations ». Parallèlement, le collège échevinal veut augmenter les places de stationnement à l'entrée des localités sans occuper les centres. L'entrée des localités constitue-t-elle des bordures ? Et où le collège échevinal va-t-il planter mille arbres ? Où va-t-il créer des places des stationnement « dans chaque quartier » ?*

*Les primes pour les rénovations énergétiques vont-elles augmenter ? Si tel est le cas, bravo.*

*À quoi le collège échevinal fait-il référence quand il parle de « mesures concrètes » pour le développement économique ? Le programme de coalition ne parle ni de centre-ville, ni de commerce, ni de city management. Et pourtant, Laura Pregno sait même lire entre les lignes. Mais au moins, cette partie n'est pas illogique.*
*En revanche, comment le collège échevinal va-t-il rendre la ville plus sure sans développement urbain ? Il ne mentionne ni un raccordement au plateau du Funiculaire ni des mesures pour le parc Gerlache. Les priorités de la coalition auraient-elles évolué ? Car la question de la sécurité va plus loin que des portiers dans les écoles. D'un autre côté, Laura Pregno est contente de voir que le CSV ne pense plus que les portiers ne servent qu'à faire des photocopies.*
*Qu'est-ce que la commission de la sécurité ? S'agit-il d'une police citoyenne ?*
*Laura Pregno trouve évident que de nombreux points du programme de coalition n'ont aucune logique. Elle est déçue que l'économie locale et les commerces ne soient pas mentionnés.*
*Qu'en est-il des finances ? Après la pandémie et avec la guerre en Ukraine, il est irresponsable de ne pas en parler. Comment le collège échevinal compte-t-il financer tous ses projets en agissant en bon père de famille ? Laura Pregno se demande si la situation financière de la commune sera aussi bonne dans six ans que celle que la coalition actuelle a trouvée. L'endettement que les projets présentés entraineront n'a rien de positif.*
*La construction d'écoles est nécessaire. Mais qu'en est-il de projets de construction comme l'agrandissement de l'hôtel de ville ? Les deniers publics ne seront vraisemblablement pas gérés de manière durable.*
*En outre, est-il vrai que le collège échevinal veut vendre le Lommelshaff ?*
*Laura Pregno espère recevoir des réponses concrètes. Les citoyens méritent des explications.*
*Le document présenté aujourd'hui est un document de travail et non la version définitive. En tout cas, il n'y*

Eng weider Fro, wou de Koalitiounsprogramm de Lecteur e bëssen am Onklore léisst: „Des mesures concrètes seront prises pour le développement économique." Wéi eng? Leider konnt ech näischt iwwert d'Theema Geschäfter erausliesen. Zentrum, Geschäftsliewen, Erneierung, Beliewung, City-Management, wéi Der et och wëllt nennen, steet näischt dran.

Gleeft mir, ech kann och tëschent den Zeile liesen. Mee hei ass einfach e Grand vide. Bon, deen eckt op d'mannst net.

Sécherheetsgefill ouni Stadentwécklung, wéi geet dat? Näischt ze liesen iwwert d'Connexioun vum Plateau du Funiculaire oder vum Contournement an den Zentrum. Näischt Konkreetes iwwert de Parc Gerlache. Dat waren awer Theemen, déi Iech an der Oppositioun respektiv an der leschter Koalitioun, fir déi, déi dobäi waren, an an all Walprogramm an de Vierdergrond gestallt goufen. Huet sech dann do elo eppes geännert un Äre Prioritéiten an ass et op eemol net méi esou wichteg? Oder hutt Der keng Iddien? Oder ass et einfach vergiess ginn opzeschreiwen?

Sécherheet bedeit jo net nëmmen d'Portieren an de Schoulen, och wann ech wierklech frou sinn ze héieren, dass dat weidergefouert gëtt, wat am leschte Schäfferot initiéiert gouf, an dann och d'CSV endlech agesinn huet, dass déi net just do sinn, fir Kopië fir d'Enseignanten ze maachen, mee definitiv méi eng wäit a sënnvoll Aufgab an Aarbecht hunn.

Am Koalitiounsaccord gëtt vun enger „Commission de la sécurité" geschwat. Do sinn ech gespaant. Ass dat eng Biergerpolice? Wat genee soll dat sinn?

Dir Hären aus dem Schäfferot, léif alleguerten, léif Nolauschterer, ech hoffen Dir gesitt grad esou onkloer oder kloer, wou et iwwerall eckt an dësem Koalitiounsprogramm an dëst just an deene puer Ressorten, déi ech elo beliicht hunn.

Mir sinn enttäuscht, näischt ze liesen iwwert déi lokal Ekonomie an de lokale Commerce. Misst dat dach den Joker sinn, fir eis Stad ze beliewen.

Och feelt de Volet Finanzen. No Corona an nach ëmmer Ukrain-Krich an der domadder verbonnener Finanzproblematik ass et ganz irresponsabel, net op d'Finanzen anzegoen. Mir froen eis ganz konkreet: Wéi wëllt Dir dat alles finanzéieren, wat an Ärem Blietche steet an dobäi dat Ganzt en bon mère, a nee, entschëllegt, en bon père de famille geréieren?

Eng gesond Finanzlag, wéi Dir se hannerlooss krut, wär bestëmmt och wënschenswäert fir déi nächst Koalitioun, déi da spéitstens a sechs Joer untrëtt. Eng massiv Verschëldung, wéi se mat esou ville Projete muss geschéien, ass net gutt an net gesond.

Mir sinn eis all eens, dass verschidde Projete wéi eng nei Schoul dréngend noutwendeg sinn. Mee aner riseg Bauprojete wéi den Ausbau vum Gemengenhaus sinn déi wierklech noutwendeg elo an dëser kriddeleger Finanzlag? Ass dat derwäert, d'Gemeng an esou eng finanziell Schiflag ze bréngen, wéi dësen Accord et virgesäit?

Definitiv ass dat do an eisen Ae keng nohalteg Gestioun vun de Steiergelder an de Gemengefinanzen.

Zu gudder Lescht hunn ech nach zwou Froen: Wat geschitt mam ale Spidol? Wat geschitt mam Lommelshaff? Well do kurséiere Rumeuren, dass d'Gemeng déi wéilt verkafen.

Ech hoffen, Dir Hären, Dir kënnt eis konkreet Äntwerte liwweren. An ech hoffen, Dir huelt Iech uschléissend déi néideg Zäit, fir eis, a virun allem de Bierger dobaussen, eng Erklärung op déi gestallte Froen ze ginn.

Mir hu virdrun d'Erklärung kritt, dass dëst Aarbechtsdokument net dat Dokument ass fir de Bierger, well u sech wëlle mer jo, dass Bierger aktiv un der Politik participéieren. Ech weess, dat ass immens schwéier. Mee dëst Dokument mécht net vill Freed ze liesen. Keng Introduktioun, keng Konklusioun, keen Auteur, keng Parteien, vu wiem et ass, keng Säitenzuelen, näischt. Et hat jo awer och geheescht, wéi den Här Meisch scho sot, just de Layout géif feelen, dofir géife mir de Pabeier méi spéit kréien. Mee och esou spéit ass de Layout nach ëmmer net do. An och do eckt et.

Am Endeffekt geet et zwar ëm Inhalter, mee déi sinn an eisen Ae ganz moer. Et feelen eis Punkten an all den ernimmte Ressorten. Et mengt ee bal, et hätt misse schnell goen an et wéisst een net richteg, a wéi eng Richtung d'Schëff sollt steieren. An dobäi ass d'Verantwortung awer esou grouss. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Madamm Pregno. Ech muss awer elo reagéieren. Déi Probleemer, déi Opzielungen, déi Gebailechkeeten, déi Der eis elo opgezielt hutt, déi Verkéiersproblematik, ech gräifen elo just déi Haaptpunkten op, déi hunn och scho virdru bestanen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir waart zéng Joer laang an der Majoritéit an hutt de Problem net geléist. An elo kritiséiert Der eis Zukunftsvisiounen. Also dat ass schonn Är Oppositiounspolitik voll ausgenotzt. Ech géif dann d'Wuert ginn un den Här Aguiar, fir eis seng Proposen ze maachen.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Les propositions de la coalition au sujet des associations sportives, du sport et de tout ce qui est autour semblent malheureusement manquer d'innovation.

En tant que déi gréng, nous constatons que la plupart de vos propositions sont une suite de ce que nous avons déjà mis en place depuis quelques années. Tels que : la promotion des clubs sportifs, l'engagement d'un coordinateur sportif, la proposition de journée des ateliers dédiés au sport, la remise en état du stade Thillebierg, etc., etc.

Pour le reste, il semble que la vision de l'avenir de nos partenaires de la coalition est quelque peu limitée en ce qui concerne le développement du sport à Differdange.

Néanmoins nous saluons quelques points, entre autres, la gratuité des cartes de membres pour les moins de 16 ans. Mais là, on se pose la question si les jeunes de moins de 19 ans ne méritent pas également la gratuité. On trouve que votre appréciation de l'équité pose de vraies questions.

La création d'infrastructures sportives de portée régionale ou nationale, comme un stade d'athlétisme, est mentionnée. Nous saluons également ce point, et je suis impatient de le voir figurer dans les discussions des prochains budgets. Mais je pense que dans votre présentation du budget de 2024, rien n'y figurera.

Il est encore plus regrettable que l'e-sport ne soit pas mentionné dans le programme de coalition. En résumé : les propositions de la coalition en matière du sport semblent manquer de détermination et d'innovation. Tandis que pour déi gréng, le sport a joué un rôle significatif dans le développement.

En ce qui concerne les festivités, je n'ai rien trouvé de nouveau à part une garderie. Je tiens à exprimer certaines préoccupations concernant le programme de coalition actuel : où sont les nouvelles idées et initiatives pour répondre aux besoins, aux intérêts divers de nos résidents, de notre situation, en ce qui concerne les associations, les associations culturelles, notre situation économique à Differdange, nos magasins ? Rien.

Il est dommage de constater que plusieurs propositions importantes pour la jeunesse n'ont pas été mentionnées. Par exemple la distribution des bicyclettes. On attendait des informations sur l'augmentation des offres de logement encadré, la construction d'une grande aire de jeux couverte… Je trouve dommage que ça ne figure pas dans ce programme de coalition. On s'y attendait vraiment.

Donner plus de moyens pour le personnel qui travaille dans le secteur de la jeunesse est primordial et correspond vraiment à la suite logique de ce que nous avons entrepris dans l'ancienne législature, comme le Plan communal de la jeunesse. Ces discussions étaient sur la table.

*a pas que la mise en page qui manque. Où sont l'introduction et la conclusion ? Qui est l'auteur ? Le contenu est maigre. Laura Pregno a l'impression que le collège échevinal a agi à la va-vite et qu'il ne savait pas dans quelle direction aller.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale que les problèmes dont vient de parler madame Pregno n'ont rien de nouveau. Ils existaient déjà avant.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *concorde.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que les écologistes ont fait partie de la majorité pendant dix ans et ils n'ont pas résolu ces problèmes. Pourtant, madame Pregno critique le nouveau programme. Elle exploite à fond la politique d'opposition.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *trouve que les propositions concernant le sport manquent d'innovation. Elles constituent une suite logique de ce que les écologistes ont mis en place depuis des années : la promotion des clubs, la journée du sport, le stade Thillebierg… La vision de la coalition semble limitée.*
*Les cartes de membre pour les moins de 16 ans vont devenir gratuites. C'est une bonne chose. Mais qu'en est-il des jeunes de 17 et 18 ans ? Qu'en est-il de l'équité ?*
*Paulo Aguiar salue la volonté de créer des structures régionales et nationales comme le stade d'athlétisme. Il a hâte de retrouver ces points dans le budget 2024.*
*Mais d'une manière générale, les propositions de la coalition semblent manquer de détermination et d'innovation.*
*Pour ce qui est des festivités, la seule nouveauté concerne une garderie. Mais où sont les nouvelles idées répondant aux demandes des citoyens, des commerçants et des associations ? C'est le néant.*
*Quant à la jeunesse, la distribution de vélos gratuits aux enfants ne figure pas dans le programme tout comme l'augmentation des offres en logement encadré ou la construction d'une aire de jeux couverte. Donner plus de moyens à ceux travaillant pour les jeunes est*

*primordial et constitue une suite logique du Plan communal de la jeunesse entamé par le collège échevinal précédent.*
*Comment le projet Youthwork sera-t-il « renforcé » ? Le collège échevinal va-t-il recruter du personnel ? Des discussions avec le ministère sont-elles en cours ? Les horaires des maisons des jeunes seront-ils adaptés ?*
*Des projets comme la formation d'animateurs, l'Anima-Team, le conseil communal de la jeunesse, le coaching pour les jeunes et Fit4Gaming ne sont pas mentionnés.*
*Paulo Aguiar se dit aussi profondément déçu par le volet du vivre ensemble. Il mentionne la revalorisation des aires de jeux, le soutient à l'intégration professionnelle des personnes handicapées…*
*Differdange compte plus de 50 % d'étrangers. Il faut créer des échanges entre les groupes culturels pour combattre toutes les formes de discriminations. Mais il n'en est pas question dans le programme de coalition.*
*Paulo Aguiar estime que pour vivre ensemble, il faut d'abord créer une charte. Monsieur Hartung en a certes parlé, mais cette charte ne figure pas dans le programme. Elle devrait servir de guide pour promouvoir l'inclusion, la diversité et le respect mutuel. DifferentTogether est, quant à lui, un projet qui devrait être une priorité pour Differdange.*
*Paulo Aguiar se dit à son tour déçu, tant par la forme que par le fond. Ces 18 pages démontrent un manque flagrant de visions claires et d'engagement.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *salue l'idée d'une bourse pour les élèves afin qu'ils participent à des activités culturelles et sportives avec les villes jumelées. Mais pour le reste, elle ne sait pas quoi dire, car la culture n'est plus mentionnée nulle part mis à part dans un titre. Certes, Differdange est une ville du sport, mais elle dispose aussi d'harmonies, d'un club de photographie, de l'Art vivant…*
*L'école de Musique explose littéralement par manque de place comme l'a souligné monsieur Meisch.*

J'ai besoin de quelques informations en ce qui concerne le partenariat avec le projet Youthwork. « Sera renforcé » steet am Koalitiounsprogramm. Est-ce que vous parlez d'un poste supplémentaire ? Est-ce que vous êtes en discussions avec le ministère dans le cadre d'une convention qui sera entamée ? Et les horaires d'ouverture des maisons des jeunes qui seront adaptés. Il serait important d'avoir plus d'informations. Est-ce que maintenant les maisons des jeunes seront ouvertes le dimanche, par exemple ?

On trouve dommage que les points essentiels ne soient pas mentionnés, tels que la formation des jeunes comme animateur, le projet Animateam, ces jeunes qu'on voit souvent dans les évènements et dans les festivités. Le conseil communal de la jeunesse ou simplement le projet Fit4Gaming, qui était un succès énorme dans la commune.

Nous espérons que le coaching pour jeunes pourra continuer, car le succès auprès des jeunes à la recherche de l'emploi est primordial.

Pour terminer, d'Zesummeliewen, le vivre ensemble. Là aussi, nous sommes profondément déçus par la proposition de la coalition. Il nous manque énormément de choses : la revalorisation des aires de jeux, le soutien à l'intégration professionnelle des personnes handicapées, le développement des services…

L'aspect le plus important semble avoir été oublié : la ville de Differdange avec plus de 50 % de non-Luxembourgeois et plus d'une centaine de nationalités doit créer des opportunités d'échange pour les différents groupes culturels, combattre toutes les formes de discriminations basées sur le genre, l'âge, le handicap ou l'appartenance à une race ou à une ethnie, la religion et les convictions, l'orientation sexuelle — steet néierens am Programme de coalition.

Nous croyons fermement que pour véritablement vivre ensemble, zesumme liewen à Differdange, il est essentiel d'élaborer une charte du vivre ensemble, comme monsieur Hartung a dit dans le cadre des communications, mais il n'y a rien dans le Programme de coalition.

Cette charte servira comme guide pour promouvoir l'inclusion, la diversité et le respect mutuel dans notre ville. De plus, on a des projets ici, qui ont besoin d'avoir ce type de soutien en ce qui concerne l'inclusion, comme Different Together, qui devrait également être une priorité pour cette ville. Un projet qui illustre vraiment notre diversité ici à Differdange.

En examinant ce programme de coalition, je dois dire que nous avons été déçus de ne rien trouver ni sur la forme ni sur le fond. Dix-huit pages qui démontrent un manque flagrant de visions claires et d'engagement envers nos citoyens. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Ech ginn d'Wuert un d'Madamm Schütz. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien, Här Buergermeeschter, gudde Moien, Dir Hären an Dammen aus dem Gemengen- a Schäfferot, léif Nolauschterer dobaussen, vu dass mir eis d'Punkten opgedeelt hunn, iwwerhuelen ech elo fir de Rescht vun Ärem Koalitiounsprogramm.

Ech kommen zréck op de Punkt vun de Clibb, Sport a Kultur. Eng Bourse fir eis Schüler, déi, souwuel am Kultur- wéi am Sportsberäich, an Austausch gi mat eise Partnerstied. Dat begréissen ech. Awer duerno, Dir Hären, Dir Dammen, jo duerno stiechen ech mir de Fanger an de Mond. Well dat Wuert Kultur kënnt nach just am Titel vir.

Mir sinn eng Sportsgemeng. Mee ech denken, mir hunn awer och vill Kulturclibb wéi eis Museken, Fotoclub, Art vivant, fir elo nëmmen déi ze nennen – wat ass mat hinnen?

Iwwer eis Museksschoul, déi wierklech aus allen Néite platzt, wéi den Här Meisch scho virdru gesot huet, steet näischt dran.

Mir feelen nei Akzenter fir d'Bibliothéik, d'Aalt Stadhaus oder, Dir Hären,

bleift et do bei eisen op d'Bee gestalte gréngen Iddien?

Zum Tourismus. Äre „Jardin botanique", dat ass eng ganz interessant Iddi. Do wäre mir déi Éischt an eisem klenge Land, déi esou eppes hätten. Duerno awer da just eng grouss Opzielung vu Punkten, wat schonn alles leeft.

Eng kleng Bemierkung zum Punkt 11, dass déi Sites touristiques accessibles à vélos géife gemaach ginn. Mee de Giele Botter, dat ass en Naturschutzgebitt. Do kann ee weeder organiséiert Randonnéeën nach VTT-Circuite plangen, well dat ass net erlaabt.

Zum Punkt Jugendherberg. Viru Jore war eng Analys gemaach ginn, déi bewisen huet, dass keng Noutwendegkeet bestéing, well eis Escher net vollkommen ausgelaascht wären.

Am Volet Kanner, do gi vill Punkten opgezielt, déi betreffen de Ministère de l'Éducation, wat u sech dann net an de Beräich vun eiser Gemeng fält.

Interessant fannen ech all déi Punkten, wou et iwwert den Dialog oder d'Groupes de rencontre tëschent Elteren, Schüler a Personal geet. Ech si ganz gespaant, wéi Dir déi ëmsetzt. Well et ass wierklech e wichtege Punkt. Ouni Dialog geet näischt.

Da wënschen ech Iech och ganz vill Engagement, Courage a Succès bei der Ëmsetzung vum Pedibus. Well dat ass e Projet, dee schonn zënter Joren um Dësch läit an ëmmer erëm, wéinst kontroverse Punkten a Grënn, gescheitert ass.

Ze bemierken: Ech vermëssen eis Natur-, Technik- a Museksschoul. Kee Wuert iwwer eis Crèchen. Do ass, mengen ech, awer och eng grouss Demande.

Zu de Senioren. Ech begréissen, dass Der de Service Senior Plus renforcéiere wëllt, mee de Club Senior Prënzebierg, dat si véier Gemengen a besteet aus enger ASBL. Dat läit net eleng an der Hand vun der Déifferdenger Gemeng, fir d'Personal opzestocken.

Dat si meng Punkte gewiescht. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir d'Stellungnam vun där grénger Fraktioun. Et deet mer wierklech leed, dass mer Iech mam Koalitiounsprogramm esou enttäuscht hunn, mee mir hunn dee Koalitiounsprogramm opgestallt zum Wuel vun de Bierger. An nodeem mer mat Bierger an ënner eis geschwat hunn, doropshin ass deen zustane komm. Et mer leed, dass mir Iech da mussen enttäuschen domat.

Ech ginn d'Wuert un den Här Diderich weider.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, dëse Koalitiounsprogramm fänkt u mat engem Kapitel zum Theema Klima an Natur a verflicht sech hei fir déi wichtegst Aspekter vun enger ökologescher Transitioun, déi onabdéngbar sinn, fir d'Paräisser Klimaziler net ze wäit ze verfeelen. Dat ass e positiivt Zeechen, wou ee muss kucken, ob herno an der Ëmsetzung déi néideg Seriositéit gewise gëtt. Dat steet jo och am Titel vun deem Kapitel. Dofir hoffe mer, dass dat dann och esou gemaach gëtt.

D'Biergerbedeelegung hëlt eng relativ grouss Plaz an. Dat begréisse mir, och wa mir do zum Deel aner Virstellungen hunn. Eis Erwaardunge sinn op alle Fall grouss an deem Beräich. A mir si ganz gespaant, ob sech déi Absichten, déi sech do ausdrécken, dann och an der Praxis weise wäerten.

Am Beräich Mobilitéit kann een d'Volontéit fir Changementer hin zu méi Foussgänger a Vëloen aus dësem Programm erausliesen. Et ass absolutt ze begréissen, datt endlech ee Pedibus soll kommen. Dëst war jo och eng konkreet Propos vun de Bierger an de Biergerinnen, déi un den Assises du Climat deelgeholl hunn, nota bene: Fir sech do ganz op d'Eltere wëllen ze stäipen, riskéiert komplizéiert ze ginn – dat war et jo schonn an der Vergaangenheet – an de Projet ëmmer erëm zum Scheiteren ze bréngen.

An anere Gemenge gëtt et flott Pilotprojeten, wou zum Beispill Leit aus

*Qu'en est-il de la bibliothèque et de l'Aalt Stadhaus ? Le collège échevinal va-t-il simplement reprendre les mesures des écologistes ?*
*L'idée d'un jardin botanique est intéressante. Differdange serait la première ville du Luxembourg à en avoir un. Pour le reste, le volet du tourisme ne contient rien de nouveau. Le collège échevinal veut rendre les sites touristiques accessibles à vélo. Marion Schütz lui signale que les randonnées organisées et les circuits de VTT sont interdits au Giele Botter.*
*Une étude a démontré qu'ouvrir une auberge de jeunesse n'est pas pertinent, car celle d'Esch est suffisamment grande.*
*Le volet des enfants énumère des mesures concernant le ministère de l'Éducation. En revanche, Marion Schütz salue la volonté de promouvoir le dialogue entre les parents, les élèves et le personnel enseignant.*
*Elle souhaite bonne chance au collège échevinal pour mettre en place le pédibus. Il est question depuis des années.*
*L'École nature, l'École de musique, l'École technique et les crèches ne sont pas mentionnées dans le programme.*
*Marion Schütz se réjouit du fait que le collège échevinal veuille renforcer le Club Senior. Mais celui-ci se compose de quatre communes. Differdange ne pourra donc pas recruter du personnel seule.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *regrette que les écologistes soient déçus du programme de coalition. Celui-ci a vu le jour après des discussions avec les citoyens.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le programme commence par un chapitre sur l'environnement avec des mesures permettant de réussir la transition écologique. Reste à voir si ces mesures seront mises en place avec le sérieux nécessaire.*
*Gary Diderich salue l'importance accordée à la participation politique. Les attentes de déi Lénk sont fortes.*
*En matière de mobilité, il est question de changements pour les piétons et les cyclistes.*

*Le pédibus est une bonne idée. Mais dans le passé, il s'est toujours avéré difficile de s'appuyer sur les parents. Dans d'autres communes, il existe des projets pilotes reposant sur personnes encadrées par le Revis.*
*Gary Diderich se réjouit du fait que des éoliennes seront installées. Mais il rappelle que la commune a déjà dépensé un-million d'euros pour des études, et ce, sans résultats. Il se serait attendu à plus de précisions dans le programme de coalition. Depuis les élections, la coalition aurait eu le temps de rassembler des données et de les communiquer.*
*Faire des mesures de la qualité de l'air est une bonne chose parce que c'est un fait que l'air n'est pas propre partout à Differdange. Mais la dernière étude n'a toujours pas été présentée. Il faudrait enfin informer les citoyens.*
*En ce qui concerne les pistes cyclables sécurisées, il manque les détails.*
*Dans le domaine du logement, Gary Diderich reconnait certaines pistes. Il est notamment question d'acquérir des logements. Mais combien ?*
*Pour ce qui est des logements vides, penser que l'on peut convaincre les propriétaires à les vendre est une illusion. Deux ou trois bourgmestres ont, par exemple, essayé de convaincre les propriétaires de la maison en face de l'école. Cela n'a servi à rien. L'État a encore besoin d'un ou deux ans pour introduire une taxe sur les logements vides. Le collège échevinal ferait donc bien de prendre les devants et d'envoyer une lettre à tous les propriétaires. Dans d'autres communes, on a pu constater que la lettre seule a permis de convaincre plus de 50 % des propriétaires à réagir. Gary Diderich demande au collège échevinal de ne pas commettre les mêmes erreurs que les coalitions précédentes. Il existe des alternatives pour les propriétaires, comme l'AISK.*
*Comme l'a dit monsieur Meisch, il est difficile de comprendre pourquoi il a fallu autant de temps pour présenter ce programme, car le contenu est vague. Il faudrait le retravailler. La coalition y parle de biodiversité, de renaturation des*

dem Revis d'Méiglechkeet kréien, fir erëm a Beschäftegung ze kommen an dann esou de Pedibus-Service kënnen ze assuréieren.

Als déi Lénk begréisse mir, datt endlech solle Wandrieder kommen. Mee och hei, fir de Wëssensstand, deen eis Gemeng am Moment huet – mir hunn awer schlussendlech eng Millioun Euro bis elo u Sue verbroden, vun deene mer bis ewell nach keng Resultater hunn –, kéint ee sech an engem Koalitiounsprogramm awer méi eng prezis Ausso erwaarden, wou een da mengt, dass ee Wandrieder wëll realiséieren.

Déi ganz Zäit, déi vergaangen ass zënter de Walen, hätt engem erméiglecht, méi konkreet Donnéeën an dëse Koalitiounsprogramm afléissen ze loossen. Dës Koalitioun kann op jidde Fall net soen, dass se keng Donnéeë gehat hätt, fir do méi prezis kënnen ze sinn.

D'Loftqualitéit, dat begréisse mer, dass déi soll iwwerpréift ginn. Mir wëssen aus eisen nationale Miessungen, dass d'Loftqualitéit op e puer Plazen hei zu Déifferdeng ganz schlecht ass. Dat steet esou do dran. Op där anerer Säit huet d'Stad Déifferdeng eng Etüd, déi nach net presentéiert ginn ass. Dat heescht, wa se soll iwwerpréift ginn, da wär et awer och gutt, wann d'Bierger géifen informéiert ginn, wat dobäi erauskënnt an dann och déi néideg Mesurë geholl ginn.

Eng néideg Mesure wär sécher Vëlosweeër, déi wuel am Programm steet, mee och do feelt et un Detailer, wéi déi als Alternativ zum Autosverkéier an zu der schlechter Loftqualitéit kënne wierklech en place gesat ginn a wou. Do ginn ech spéider nach méi drop an.

Am Logement, ouni an all Detail anzegoen, kann een eng Rei Pisten an Ouverturen erausliesen. Do sollen eng Rei Saache gemaach ginn, ënner anerem – mee dat ass einfach eng Ausso – soll méi Wunnraum kaf gi vun der Gemeng. Mee wéi vill kann een hei net gesinn.

Wann et ëm eidelstoend Haiser geet, da bleift een der Illusioun verfaangen, déi schonn e puer Koalitiounen hei gemengt hunn, zum Succès ze bréngen an am Fong näischt bruecht hunn, nämlech mat de Proprietären zesummen an d'Gespréich ze goen. Ech mengen, ech brauch just dat Haus ze nenne vis-à-vis vun der Schoul. Wou schonn op d'mannst zwee, wann net dräi Buergermeeschtere konkreet mat där Persoun a Kontakt waren an et ëmmer sou kuerz virdru war, fir dat ze kafen. An herno huet den Här oder déi Koppel gemengt: „Mir maache selwer eppes". A mir gesi bis haut d'Resultat dovunner.

Wann een do mol géif den Taux op eng Steier aféieren, well op nationalem Niveau dauert dat nach zwee Joer, bis dat do ass. Wann ee mol eng Steier géif aféieren an e Bréif géif schécken un all déi Proprietären, kéim een, mengen ech, awer weider an et widderhëlt een net déi nämmlecht Sisyphusaarbecht, déi schonn an der Vergaangenheet gemaach ginn ass.

Dofir mäin Opruff un Iech: Verléiert Är Zäit net mat eppes, wou schonn Zäit verluer gaangen ass. Maacht vläicht eppes anescht. Och wann – dat weess een aus anere Gemengen –, och wann een déi Steier net definitiv applizéiert, eleng de Bréif mécht schonn, dass e gudden Deel, iwwer 50 % vun deene Proprietären, dann awer och endlech ufänken, eppes ze maachen. Well d'Alternative sinn do. Si kënnen un d'AISK verlounen an esou weider an esou fort.

Zum Koalitiounsprogramm selwer. De Fränz Meisch huet dat mat relativ klore Wierder gesot: D'Form an zum Deel de Contenu vun dësem Koalitiounsprogramm, versteet een net richteg, firwat et esou laang Zäit ageholl huet, wann eng Rei Saachen nach ganz vag sinn. Den Text misst carrement iwwerschafft ginn, ier en erausgeet.

Et sti Saachen dra wéi Biodiversitéit, Planzen- an Déierenaarte schützen, nei Parke schafen, d'Waasserleef solle renaturéiert ginn oder Schoulgäert solle kommen oder „modérer le trafic à l'entrée en ville" – ech weess net, ob den Här Buergermeeschter sech selwer mat der Päif wëll dohinnersëtzen, fir dat ze maachen, mee d'Moyenen dofir, kann ech hei net aus dem Koalitiounsprogramm erausliesen.

Oder, wat scho genannt ginn ass: „Prévoir des mesures pour réduire le trafic inutile". E Koalitiounsprogramm ass jo awer am Fong do, fir ze soen, wéi een all déi schéi Saachen do wëll maa-

chen. Jidderee wëll dat jo. An an Äre Walprogrammer stoungen och Saachen dran, dofir verwonnert et ëmsou méi, dass hei sou Plattitüde benotzt ginn, déi ee soss just op Walplakater schreift, awer herno och am Fong Iddien hannendrun huet, wéi een dat dann och wëll maachen.

Jiddefalls kann ech dat deelweis net erausliesen. An déi do Saachen, déi ginn dann als eenzel Punkten dohinner geschriwwen. A beim Handicap huet een dann ee Bullet point, wou dräi verschidden Iddien hannendrugereit ginn an deelweis ganz konkreet sinn. Dat heescht, innerhalb vum Text gëtt et ganz grouss Inkohärenzen, jiddefalls vun der Form hier. A vum Inhalt hier feele wichteg Detailer.

Eng Fro, déi ech mer zum Beispill stellen, dat ass: Wat sinn déi Zones de loisirs, déi um Bord vum Zentrum solle realiséiert ginn? Fir wie sollen déi sinn? Wou genee sollen déi realiséiert ginn? Do missten à ce stade Iddien do sinn, wann dat an de Programm kënnt.

Eng aner Fro, wat fir mech onkloer ass, dat sinn d'Diech: Wéi eng Diech solle mat Photovoltaik ausgestatt ginn? Sinn dat déi ëffentlech Diech, sinn dat déi privat Diech? A wann et béides ass, wat soll dann en place gesat gi vun der Gemeng op privaten Diech? Ausser dass d'Subside méi héich nach solle gemaach ginn.

Am Fong ass relativ kloer vun der Héicht vun de Subsiden, wéi se am Moment sinn, dass et net d'Héicht vun de Subsiden ass, wat d'Hindernisser sinn. Entweeder d'Leit hunn den techneschen Knowhow net, si hunn d'Informatioun net oder si hunn d'Suen net, wéi den Här Buergermeeschter hei d'Handzeeche gëtt, fir mol iwwerhaapt un esou eppes ze denken a sech doranner ze lancéieren.

Dat heescht, entweeder huet een als Koalitioun Wëlles, e Virfinanzéierungsmodell en place ze setzen oder et huet een u sech näischt an der Hand, fir dat doten awer löblecht Zil dann och ëmzesetzen.

Eng Fro, déi ech mir aus dësem Koalitiounsprogramm stellen: Gëtt et en Drogeproblem bei eise Kanner? Well dat kënnt op e puer Plazen erëm am Kapitel Kanner. Wann et ëm Schoul geet, da gëtt do vun Drogeprobleem geschwat. Harcèlement, verstinn ech, dat ass wierklech e Probleem, do soll eppes gemaach ginn. Do stellt sech erëm d'Fro, wat. Mee awer en Drogeprobleem, dat wonnert mech ganz staark, hunn ech nach net héieren.

An ech froe mech, wann ech de Koalitiounsprogramm kucken, ob hei net eng eenheetlech Definitioun feelt, bis wéini een e Kand ass, ab wéini een e Jugendlechen ass, wéini een an der nonformeller Bildung ass, also ausserhalb vun der Schoul, wéini een an der Schoul ass an do eppes wëll maachen.

Zum Deel ass emol net kloer, wéini mer am Secondaire sinn a wéini mer op enger Uni sinn. Dat heescht, an engem Bullet point steet do, mir solle méi Secondaire-Schoulraum hei zu Déifferdeng schafen. Am Saz duerno gëtt vun der LUNEX a vun der Miami University geschwat. Duerno gëtt erëm vum Emile Metz geschwat, da si mer erëm beim Secondaire.

Kuckt Iech vläicht déi Saachen nach eng Kéier un, dass wann Der dat verschéckt, dass d'Leit sech do awer vläicht besser erëmfannen, wéi et dat fir mech elo hei de Fall war. Net, dass d'Leit op eemol Angscht kréien, hir Kanner an d'Schoul ze schécken, well do anscheinend vläicht Drogeprobleemer sinn.

Den Urbanismus ass e Kapitel, ech kann awer keng urbanistesch Visioun hei erausliesen aus dësem Koalitiounsprogramm. Et soll e Plan de développement urbain kommen, ouni dass awer ervirgeet, wat domadder gemengt ass. Awéiwäit ass deen anescht wéi de PAG, dat ass am Fong d'urbanistescht Instrument, oder anescht wéi de PAL, de Plan d'action logement, wou am Fong och Statements dra sinn, wéi ee wëll, dass Déifferdeng wiisst, net wiisst, wéi een am Logement wëll virgoen?

An da stellt sech d'Fro: Wéi laang wäert et brauchen, fir deen auszeschaffen? Wann dee bis ausgeschafft ass, ass et dann net vläicht schonn erëm ze spéit, fir Är urbanistesch Visiounen och an d'Ëmsetzung ze bréngen? Ech mengen, do muss een oppassen, dass een net Saache widderhëlt, déi vläicht scho gemaach gi sinn an net zum Moment

*cours d'eau, de jardins scolaires, de modération du trafic, etc., mais quels moyens le collège échevinal compte-t-il se donner ? Un programme de coalition est là pour expliquer comment on va s'y prendre. Le programme est rempli de platitudes que l'on écrit uniquement sur des panneaux électoraux. Il faut des idées pour les réaliser.*
*En revanche, dans le domaine du handicap, certaines idées sont très concrètes. Il y a donc des incohérences en ce qui concerne la forme et des imprécisions pour ce qui est du contenu.*
*Que représentent les « zones de loisir » qui seront aménagées en bordure des centres ? À qui seront-elles destinées ? Où seront-elles aménagées ?*
*Quels toits seront équipés de panneaux photovoltaïques ? Les toits publics ou les toits privés ? Dans ce dernier cas, que peut faire la commune mis à part offrir des subsides ? Ceux-ci seront-ils augmentés considérablement ? Car les propriétaires n'ont soit pas les compétences techniques, soit pas les informations nécessaires, soit pas l'argent pour se lancer dans une telle entreprise. Le collège échevinal compte-t-il mettre en place un système de préfinancement ? Ou bien n'a-t-il pas d'idée précise ?*
*Existe-t-il un problème de drogue chez les enfants ? Car il en est question à plusieurs reprises. Gary Diderich comprend que l'on veuille lutter contre le harcèlement. Mais il n'a jamais entendu parler de problèmes de drogue.*
*D'une manière générale, Gary Diderich ne reconnait pas clairement quand il est question d'enfants et quand il est question d'adolescents. De même, il n'arrive pas toujours à distinguer si l'on parle de l'école ou de l'éducation non formelle. Certaines énumérations mélangent allègrement le secondaire et le supérieur. Gary Diderich demande au collège échevinal de vérifier ces choses. Il ne faudrait pas que les parents aient peur d'envoyer les enfants à l'école.*
*Gary Diderich ne voit pas non plus de vision urbanistique dans le programme. Il y est juste question d'un plan de développement urbain. Quelle est la différence avec le PAG*

*ou le Plan d'action logement? Combien de temps faudra-t-il pour réaliser ce plan de développement urbain? Une fois le plan élaboré, le collège échevinal aura-t-il le temps de réaliser les mesures? Il faut aussi faire attention à ne pas se lancer dans des travaux ayant déjà été faits. Il est temps de faire des choix et de prendre des décisions.*
*Le chapitre de l'urbanisme ne fait plus mention de ce plan. En revanche, il y est question des subsides pour l'assainissement énergétique. Mais que compte faire concrètement le collège échevinal? Veut-il mettre en place un système de préfinancement des mesures d'assainissement? Ce serait important, car la population differdangeoise n'a pas les moyens d'entreprendre des travaux d'assainissement sans aide financière de la commune.*
*Certaines formules dans le chapitre de l'urbanisme ne veulent rien dire. Il y est par exemple question de prendre des mesures concrètes pour le développement économique. D'accord, mais quelles mesures? Qui en assurera le suivi? De quels instruments la commune dispose-t-elle? Y aura-t-il un city management? Le collège échevinal préfère-t-il engager une société externe? Gary Diderich ne comprend pas quelles sont les idées du collège échevinal.*
*Bien entendu, tout le monde est d'accord sur le fait qu'il faille adapter les quartiers aux jeunes, aux séniors et aux personnes handicapées. Mais cela signifie-t-il que la commune va réaménager tous les quartiers en six ans? Certains quartiers seront-ils exclus? Qu'est-ce cela signifie concrètement?*
*Pour ce qui est des places de stationnement, où vont-elles être créées? Des places vont-elles être supprimées dans les centres des localités? Car si l'on veut aménager des pistes cyclables, il faut bien faire de la place quelque part — en tout cas si l'on ne veut pas que les gens se rendent à la gare en voiture. Les personnes ayant des difficultés à marcher ont besoin de places de stationnement de courte durée près des magasins. Les autres pourront utiliser le City Parking, ou prendre le train ou le bus.*

kënnt, wou d'Choixe geholl ginn, fir d'Decisiounen och an d'Ëmsetzung ze bréngen.

Am Kapitel Urbanismus ass dann och guer net méi rieds vun deem Plang, obwuel et net déi eenzeg Widderhuelung wär an dësem Programm. Sou gëtt an deem Kapitel zum Beispill vun de Subside fir d'energeetesch Sanéierung geschwat, déi jo och scho bei den ökologeschen an energeetesche Mesurë genannt ginn. Obwuel déi Mesuren oft genannt ginn, geet net aus dem Koalitiounsprogramm ervir – an dat hat ech schonn zum Deel gesot –, wat dann elo hei méi soll geschéien. Ob zum Beispill e Virfinanzéierungsmodell vun esou energeetesche Sanéierunge soll kommen, wat speziell fir Déifferdeng wichteg wär, an och fir d'Ziler vun NetZero-Cities ze erreechen. A well d'Leit wierklech net aus eegenen Efforten, op jidde Fall net dee gréissten Deel vun eiser Populatioun, dat do ka stäipen, wat bei esou enger energeetescher Sanéierung op een duerkënnt.

Et kommen zwou Formulatiounen am Kapitel Urbanismus vir, déi alles an näischt heeschen. Et soll ee Suivi vum Développement économique gemaach ginn a konkreet Mesurë solle geholl ginn. Dat kënnt Der iwwerall hischreiwen, dass konkreet Mesurë solle geholl ginn, an dass een e Suivi mécht. Mee wat sinn déi Mesuren? Wéi gëtt dee Suivi gemaach? Wéi eng Instrumenter gi mer eis? Gi mer eis e Service dofir? Gi mer eis e City-Manager? Wëlle mer kee City-Manager méi? Wëlle mer mat Externe schaffen? Alles dat gi mer hei net gewuer.

Well vu béidem, dass déi Saache gemaach ginn, gi mer jo awer aus, bei enger seriéiser Gemengeféierung. An hei wësse mer elo net, wéi eng Akzenter solle gesat ginn. Wat sinn Är Iddien?

Dat selwecht gëllt fir d'Ausso am Kapitel Urbanismus, dass d'Quartiere solle gestalt gi fir déi Jonk, fir d'Senioren a fir Persoune mat Behënnerung. Domat kann ee jo nëmmen averstane sinn, u sech soll dat eng Selbstverständlechkeet sinn, dass mer eis Quartieren esou gestalten. Mee heescht dat elo, datt all Quartier an deenen nächste sechs Joer wäert ëmgestalt ginn, well dat am Moment net genuch de Fall ass? Oder a wéi enge Quartieren ass dat net de Fall? Oder wéi solle se ëmgestalt ginn? Wat feelt do konkreet? Dat feelt eis ganz vill bei esou Aussoen.

An dësem Accord feelen eis och kloer Aussoen, datt, opgrond vu méi Parkplazen an der Agglomeratioun, wéi jo gesot ginn ass, ausserhalb vun den Uertschaften, dann awer vläicht innerhalb vun der Uertschaft – an dat stoung a verschiddene Walprogrammer –, am Zentrum vun Déifferdeng zum Beispill, dass do vläicht Parkplazen ewechgeholl géifen. Well iergendwou muss ee jo Plaz fannen, fir Vëlospisten ze maachen.

A wann ee wëll, dass d'Leit net all Meter bei eng Gare mat engem Auto maachen, da brauch een do déi Plaz. An da muss een déi schafen. An déi Ausso ass net an dësem Koalitiounsaccord. Ech gesinn awer d'Zoustëmmung vu verschiddene Säiten. Dann hoffen ech, dass dat awer da kann zur Ëmsetzung kommen.

Och méi op Parking courte durée setzen, wär ganz wichteg op deene Plazen, wou Geschäfter sinn, fir dass déi Leit, déi net sou gutt op de Been sinn, sécher eng Parkplaz fannen. A fir déi aner, do schafe mer jo elo mat deem City-Parking e Parkhaus, wou se och ganz schnell op déi Plaze kommen, respektiv gëtt et Uschloss vu Bus an Zuch.

Wat eis awer wierklech feelt an dësem Koalitiounsprogramm, dat ass e Kapitel vum Sozialen. Et gëtt Aussoen iwwer Soziales, déi üblech, dass een d'Allocation de solidarité wëll un d'Liewenskäschten adaptéieren. Dat ass keng Erhéijung, dat ass einfach, ginn ech dovun aus, dass ee mam Index geet. Ech mengen, souwäit si mer souwisou an eisen Decisioune bis elo.

Am Beräich vum Chômage gëtt et déi üblech Demarchen, den Job Center gëtt et jo schonn, wat soll deen anescht maachen? Kritt dee méi Mëttelen? Gëtt net gesot. De Youth & Work bei deene Jonke gëtt guer net erwäänt. Do hätt ech awer geduecht, dass eng Konventioun mat deenen ënnerschriwwe géif. Déi ass elo net hei dran. An och soss punkto Chômage, Saachen, wéi mir se virschloen, wéi e Restaurant solidaire, wéi lokal Gäert ausbauen an do Leit ausbilden, esou Saache feele leider an dësem Koalitiounsaccord.

An dann – an dat ass scho gesot ginn – gëtt et keng Kulturpolitik méi opgrond vun dësem Koalitiounsprogramm. Vu dass op anere Plazen, an anere Kapitelen, Saachen erwäänt ginn, déi et souwisou scho gëtt, déi selbstverständlech sinn, muss ee jo bal fäerten, dass d'Aalt Stadhaus an d'Bibliothéik zougemaach ginn, wa se mol keng Plaz an dësem Koalitiounsprogramm fannen. Wat ech awer dramatesch fannen, dass …

(Ënnerbriechung)

Nee, Dir hutt awer aner sou Plattitüde geschriwwen, z. B. dass den Job Center wäert weider funktionéieren. Do ass jo elo keng Neiegkeet dran, souzesoen.

Mee ech wëll elo net just an der Kritik bleiwen. Ech mengen, de Buergermeeschter huet gesot, dass dëst en Dokument ass, wat oppen ass fir Verbesserungsvirschléi. Ech hu probéiert, relativ konkreet, déi op verschiddene Plazen ze bréngen. An ech hoffen, dass déi dann nach kënne consideréiert ginn.

Dëse Koalitiounsprogramm gëtt a grousse Linne Potenzial, fir déi néideg Defien unzegoen. Mee et bleift villes onkloer. Zu dësem Moment ass et nach net sécher, ob mer 10 % maache vun deem, wat néideg ass, oder 100 %. Mee d'Basis ass do, fir an deene Beräicher, wou eppes muss gemaach ginn, dat ze maachen. An dat fannen ech positiv.

Ech hunn d'Gefill, datt de Wëllen do ass, dass et vläicht u verschiddenen Ëmsetzungen, konkreeten Iddien oder vläicht och heiansdo Kompetenze feelt. Oder vläicht an der Eenegkeet an der Koalitioun, well an de Walprogrammer stoung méi Konkreetes dran. Dat musst Dir wëssen. Oder dat kënnt Dir eis soen.

Mir sinn als déi Lénk jiddefalls gewëllt, dozou bäizedroen, datt fir d'Bierger an eis Ëmwelt 100 % vun deem, wat néideg ass, och soll erreecht ginn an aktiv un där sozialer an ökologescher Transformatioun, déi mer dréngend brauchen, matzeschaffen.

Ob dat wäert méiglech sinn, sinn ech am Moment e bësse skeptesch, opgrond vun de bisheregen Decisioune vun dëser Koalitioun. Eeben, dass mer mol net zougelooss ginn an all Kommissioun. Fir datt awer all déi Leit, déi gewëllt sinn, am Interesse vun de Bierger ze schaffen, brauch et Kooperatioun, amplaz Parteien auszeschléissen, wéi Dir et mat de Piraten an eis bei der Besetzung vun de Kommissioune gemaach hutt.

Mir invitéieren dës Koalitioun, fir déi Intentioun, déi hei ausgedréckt ginn ass, datt dat Dokument soll evolutiv benotzt ginn a sech wierklech fir déi kooperativ Approche ze decidéieren, all Partei, déi hei an de Gemengerot vun de Bierger gewielt ginn ass, d'Méiglechkeet ze ginn, an deem Sënn dann och an de Kommissioune matzeschaffen an eis Ureegungen an d'Finalisatioun vum Koalitiounsprogramm opzehuelen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich. Den Här Wagner huet nach eng Zousazinformatioun.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wollt just kuerz drop äntweren, well et elo zweemol gesot ginn ass: Et ass Youth & Work an net Youth at Work. An als Info: Dir wäert gesinn, am Budget wäert dat erëmkommen, dass mer do amgaange sinn, mat hinnen ze evaluéieren. Hu mer scho gemaach, an am Budget, wäert Der gesinn, dass do e Kontrakt wäert ënnerschriwwe ginn, fir dass et weidergeet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da geet d'Wuert un den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen alleguerten, ech wäert elo net de komplette Koalitiounsprogramm auserneenhuelen, deen eis virläit, dat heiten ass eng Roadmap, nennen ech et emol, déi d'Richtung ugëtt, wou et soll higoen.

Dee leschte Koalitiounsprogramm oder dee virege Koalitiounsprogramm, dat

*En ce qui concerne le volet social, le collège échevinal va adapter l'allocation de solidarité aux couts de la vie. Ce n'est donc pas une augmentation, mais une simple indexation.*
*Quant à la lutte contre le chômage, il existe déjà un Jobcenter. Quelles seront les nouvelles mesures ? Youth & Work n'est pas du tout mentionné. La commune ne va-t-elle pas signer une convention ?*
*Déi Lénk a proposé un restaurant solidaire, des jardins de formation… Ces éléments ne figurent pas dans le programme.*
*La politique culturelle semble avoir été supprimée — mis à part quelques mentions de projets existants. L'Aalt Stadhaus et la bibliothèque vont-ils être fermés ?*
*(Interruption)*
*Gary Diderich répète que la partie sur le chômage se résume à des platitudes, car le Jobcenter existe déjà. Le bourgmestre a dit qu'il était ouvert à des améliorations. Gary Diderich vient de faire des propositions concrètes. Pour lui, le programme de coalition a du potentiel, mais tout n'est pas clair. Le conseiller communal ne sait par exemple pas si la commune veut réaliser 10 % de ce qui est nécessaire ou bien 100 %. Mais en tout cas, la base est posée.*
*Gary Diderich a l'impression que le collège échevinal fait preuve de volonté, mais qu'il lui manque des idées concrètes, les compétences ou bien l'entente entre les partenaires de la coalition. En tout cas, les programmes électoraux semblaient plus concrets.*
*Déi Lénk est prête à participer à la réalisation de tout ce qui est nécessaire pour les citoyens et pour l'environnement. En revanche, Gary Diderich n'est pas convaincu par certaines décisions de la majorité. La coopération entre les partis politiques est essentielle. Il demande donc au collège échevinal d'ouvrir les commissions à tous les partis et à tous les citoyens, et à tenir compte des remarques de l'opposition dans le programme de coalition.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise qu'il sera question de Youth & Work dans le budget. Une évalua-*

*tion est en cours et une convention sera signée.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *ne va pas analyser le programme de coalition en détail, car il ne s'agit que d'une feuille de route indiquant la direction dans laquelle la coalition souhaite aller.*
*Il rappelle que les derniers programmes de coalition étaient semblables. Ils contenaient aussi des mesures qui n'ont pas été réalisées. Les programmes ne sont pas sculptés dans la pierre. Il faut laisser le temps aux élus de travailler. Le budget contiendra quant à lui des projets concrets.*
*Monsieur Meisch semble exiger des projets finis. Mais avant, il faut les planifier. Le City Parking par exemple sera prêt dans quatre ans. À la fin de la période législative, les électeurs évalueront le travail du collège échevinal.*
*Compte tenu des résultats des dernières élections, chacun ferait bien de réfléchir à la façon de faire avancer Differdange.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ne va pas non plus entrer dans les détails.*
*Les socialistes ont contribué à rédiger ce programme de coalition. Il y retrouve de nombreuses mesures concrètes, mais cela peut varier selon que l'on fasse partie de la majorité ou de l'opposition.*
*Erny Muller ne pense pas qu'il aille tout décrire en détail. Il se souvient du dernier programme de coalition avec de grands textes élaborés. Mais en fin de compte, Differdange ne dispose toujours pas d'une étude sur la mobilité. Erny Muller se dit optimiste. Les premières mesures seront présentées avec le budget.*
*Les personnes qui élaborent le programme de coalition et le budget sont engagées. Erny Muller leur fait pleinement confiance. Il a entendu beaucoup de critiques, mais aussi quelques remarques positives. La majorité a entendu ces remarques positives et en tiendra compte. Ensuite, l'opposition pourra éventuellement revoir sa position.*
*D'une manière générale, Erny Muller salue la prise de position des différents partis. Il est important que le collège échevinal sache ce que le* war och ëmmer dat selwecht. An do waren och Plazen dran, déi haut och nach opstinn oder wat net gemaach ginn ass. Et ass net alles a Stee gemeesselt. Et muss een deene Leit, déi en place sinn, hir Zäit ginn. Am nächste Budget wäerte mer gesi, wou et higeet. Do wäerten d'Projeten drastoen.

Den Här Meisch kann ech net komplett verstoen. Hien hätt gäre praktesch, definitiv, fäerdeg Projeten hei um Dësch leien. Ech mengen, alles brauch seng Zäit, et muss fir d'éischt ausgeschafft ginn. Dat hu mer elo grad gesi beim Parkhaus, véier Joer bis mer kënne bauen oder bis e fäerdeg ass. Dat geet alles net esou direkt vun der Staang.

An da muss een och ëmmer gesinn, um Schluss, wann d'Saison eriwwer ass, gëtt de Kont gemaach, do gëtt jiddwereen op seng Aarbecht bewäert. An dat maachen d'Wieler. A mir gesi jo elo, wéi mer opgestallt sinn, wéi et gaangen ass. Dofir soll jiddwereen sech u senger Nues huelen a kucken, dass mer fir Déifferdeng virukommen, schéi Projete kréien an eis Stad liewenswäert maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Ech géif d'Wuert un den Här Muller ginn. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, keng Angscht, ech ginn elo net méi op all d'Detailer an. Mir hu jo als Majoritéitspartei gehollef, dëse Koalitiounsvertrag opzestellen. Ech gesinn dora wierklech vill, vill méi wéi Dir vläicht, mee dat hänkt och eventuell dovun of, op wat fir enger Säit vum Dësch ee sëtzt, da gesäit een dat méi pessimistesch.

Ech sinn och der Meenung, dass een net alles kann am Detail do beschreiwen. Mir hate schonn hei Koalitiounsverträg gesinn – ech denken un dee leschten – mat vill Prosa, vill beschriwwen, ëmschriwwen, villen Texter. An am Endeffekt hate mer eng Mobilitéitsstudie versprach kritt an déi ass ni komm. Ech mengen, ech jugéieren dëse Schäfferot an ech si ganz optimistesch mat hiren Taten. Dir wäert gesinn, déi éischt wäerte scho kommen, wann d'Budgeten elo gestëmmt ginn.

A wat mir zesummen diskutéiert hunn, loosst Iech iwwerraschen, do kënnt nach munch Positives a ganz villes eraus. Vun eppes sinn ech iwwerzeegt: Déi Leit, déi do mat dru schaffen, déi si voll engagéiert. Ech hu vollst Vertrauen, mir als LSAP hu vollst Vertrauen, dass mer Iech Är pessimistesch Positioun haut am Groussen an der Moyenne – ech hunn och Positives eraushéieren, net ganz vill, mee vun deem engen oder deem aneren hunn ech awer och positiv Aspekter héieren, an déi positiv Aspekter, déi wäerte mer da versichen ëmzesetzen. Duerno kënnt Der dann Är Positioune soen oder Ären Avis an dann Är Meenung eventuell revidéieren.

Ech soe Merci. Ech hunn et awer ganz gutt fonnt, dass Der alleguer Är Positioune gesot hutt, dass Der dem Schäfferot matgedeelt hutt, wat Dir negativ a positiv gesitt do drun. Domadder krute mer elo e Gespier, wéi d'Meenung hei am Gemengerot ass.

An nach eng Kéier: Ech si voll optimistesch, dass et besser ausgeet, wéi verschiddener vun Iech dat haut mengen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Erlaabt mir dat lescht Wuert, wannechgelift. Éischtens sinn ech frou iwwert déi Iddien, déi mer haut héieren hunn. D'Flexibilitéit vun eisem Koalitiounsprogramm erlaabt eis en Abanne vun deenen Iddien. An d'Flexibilitéit erlaabt eis, verschidden Iddien ze reportéieren op Gemengerotssitzungen, déi mer dann an Zukunft hei wäerten hunn.

Dir wäert mierken, dass mer an Zukunft, wa mer hei sëtzen, dass Der verschidden Iddie vun Iech erëmbegéint a wou mer dann nach eng Kéier kënnen am Detail driwwer schwätzen.

Mee mer kënnen natierlech net all Iddi am Detail erklären an engem Koalitiounsvertrag. Soss kréie mer e Vertrag, wa mer e wëllen an d'Boîtten ausdee-

len, deen net ausdeelbar ass, well dat gëtt dann awer eppes méi Déckes, wéi mer dat vu fréier kennen, wéi d'Telefonsbuch. An déi aarm Leit, déi dat mussen an d'Boîte siche goen, dat ass jo bal net ze maachen.

Vill Detailer kann ech net méi dozou soen. Mir hunn zur Kenntnis geholl, wat Der eis gezielt hutt. Mir wäerten dat respektéieren. Ech proposéieren, zum Vott ze kommen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Kréie mir keng Äntwerten op eis kloer a konkreet gestallte Froen? Ech hat gefrot, wat mam Lommelshaff geschitt. Ech hat gefrot, wat mam Spidol geschitt. Kréie mir keng Äntwerten?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass richteg. Nee, Dir kritt haut keng Äntwert do drop. Spéitstens den 1. Dezember stelle mer Iech de Budget vir. Et ass wéi iwwerall, …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mee Dir misst et jo wëssen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

…eet kann ee sech net méi erlaben, wéi ee Suen huet. A mir wäerten Iech do Propose maachen oder Iech virstellen, wat mat deene Gebailechkeete geschitt a wat mer eis …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

A wat ass da mat der Rumeur, dass Der wëllt verkafen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

… finanziell … Ee Moment, Dir musst mer d'Méiglechkeet ginn auszeschwätzen, ier Der mer äntwert. Dat wier léif. Soss kann ech Iech jo net …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, natierlech. Ech hunn Iech net geäntwert, ech hu just meng Fro gestallt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Leider hunn ech déi Fäegkeet net, ze schwätzen an Iech nozelauschteren, Madamm Pregno. Deet mer leed. Dir wäert am Budget mierken, wat mer kënne realiséieren, wat mer fir finanziell Moyenen hunn. Och do hu mer eis vill Gedanke gemaach, zum Wuel vun eise Bierger an zum Wuel vun der Stad, dass mer dat realiséieren, wat ze realiséieren ass. An dat, wat finanziell machbar ass.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir waarden op Äntwerte vu verschiddene Saachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Richteg. Wéi den Här Ulveling mer seet, mir waarden nach op Äntwerten. Et ass net, dass wann ee Saachen decidéiert, dass een do keng Äntwert kritt, wat een do ka maachen a wat do vu finanzielle Méiglechkeeten dra sinn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Hutt Der da wëlles, de Lommelshaff ze verkafen? Oder ass et just eng Rumeur, déi falsch ass? Dat ass eng konkreet Fro, op déi Dir elo eng Äntwert hutt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass eng vun deene Méiglechkeeten, déi bestinn. Konkreet kritt Der dorop eng Äntwert, wa mer de Budget presentéieren. Do musst Der Iech dann nach 14 Deeg gedëllegen oder op eng konkreet Äntwert waarden.

Wa mir bis dohin eng Äntwert kritt hunn. Dat ass eng vun deene Méiglechkeeten, déi am Raum stinn. Et si méi Méiglechkeeten do, mee dat do ass eng vun de Méiglechkeeten, déi mer a

*conseil communal trouve positif ou négatif.*
*Erny Muller répète se sentir optimiste.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *se dit content des propositions qui ont été avancées. La flexibilité du programme de coalition permettra d'en inclure quelques-unes et d'y revenir dans les prochaines séances du conseil communal. Le collège échevinal entend discuter des idées qui lui seront soumises.*
*D'un autre côté, un programme de coalition n'est pas censé expliquer toutes les mesures dans les moindres détails. Un tel document n'entrerait même pas dans les boites à lettres.*
*En tout cas, le collège échevinal tiendra compte des remarques.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande des réponses concrètes à ses questions concernant le Lommelshaff et l'hôpital.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rétorque que le budget sera présenté le 1er décembre.*
*(Interruption de Mme Pregno)*
*Guy Altmeisch signale que la commune ne peut faire que ce que la commune peut se permettre financièrement. Le collège échevinal fera des propositions concrètes concernant les bâtisses en question.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande ce qu'il en est de la rumeur selon laquelle le collège échevinal souhaite vendre.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande à madame Pregno de le laisser s'exprimer avant de lui répondre.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *lui donne raison. Elle signale cependant qu'elle n'a pas voulu lui répondre. Elle a simplement posé une question.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *n'arrive pas à écouter madame Pregno et à lui répondre en même temps.*
*Le budget va montrer au conseil communal les moyens financiers dont dispose la commune. Le collège échevinal va réaliser les projets nécessaires pour le bien des ci-*

*toyens et de la ville en fonction de ces moyens financiers.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le collège échevinal est en attente de plusieurs réponses.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Ulveling.*
*Les décisions doivent se baser sur ce qui est réalisable et sur ce qui est possible financièrement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si le collège échevinal a l'intention de vendre le Lommelshaff. C'est une question concrète à laquelle le collège échevinal peut répondre.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique qu'il s'agit d'une possibilité. Laura Pregno recevra une réponse concrète dans 14 jours, car le collège échevinal est en attente.*
*La vente est une des solutions envisagées. Parmi d'autres. Pour trouver la meilleure solution pour la ville, le collège échevinal doit analyser les différentes propositions et tirer une conclusion.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie le bourgmestre. Celui-ci vient donc de confirmer la rumeur que le Lommelshaff pourrait être vendu.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme qu'il s'agit bien d'une rumeur.*
*(Interruption)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de faire une pause de 15 minutes avant de passer au point 4.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch passe aux finances communales. Il s'agit du transfert de certains montants pour équilibrer les postes budgétaires. À titre d'exemple, des factures doivent être réglées pour le CID et l'école du Bock, et il reste des crédits inutilisés pour le plateau du Funiculaire.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *voudrait savoir si le projet de la place Jéhan-Steichen pour 200 000 € sera réalisé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que rien n'a été fait cette année. Mais le*

Betruecht gezunn hunn. A fir déi räsonabel Léisung ze fannen, fanne mir et als Schäfferot ganz valabel a positiv, wann ee verschidde Méiglechkeeten analyséiert, kuckt, wéi eng déi Bescht ass fir d'Stad Déifferdeng an dann eng Konklusioun trëfft, déi een dann hei am Gemengerot och da virstellt.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Domadder hu mer also d'Äntwert, dass et am Gespréich ass, dass et kéint verkaf ginn. An domadder ass et jo dann eng bestätegt Rumeur. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg. Et ass eng Rumeur.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Richteg. Dee richtege Saz ass jo d'Rumeur an dobäi bleift et.

Da géife mer zum Punkt 4 komme vum Ordre du jour, de Gemengefinanzen. Oder nee, ech proposéieren zéng Minutten, eng Véirelstonn Paus ze maachen, Ier mer deen nächste Punkt an Ugrëff huelen. Da kënne mer e bësse Loft schnapen. Merci.

(Paus)

Fuere mer viru mam Ordre du jour. Dir gesitt, et steet nach vill un, net dass mer bis 15 Auer hei sëtzen.

Punkt 4, do maache en Transfert wat d'Gemengefinanzen ubelaangt. Am Tablo, deen Iech virläit, do si verschidde Montanten, déi gi momentan net gebraucht, an aner Montanten, déi gi gebraucht, well op där enger Säit sinn d'Facturen nach net do an op där anerer Säit musse mer déi Facturen awer, déi uleien, begläichen. Wéi zum Beispill d'Amenagement vum neie CID an d'Schoul um Bock. Do si Rechnungen do, déi musse beglach ginn. Dofir huele mer déi Kreditter, déi momentan net gebraucht ginn, zum Beispill de Plateau du Funiculaire, a wéi se hei opgezielt sinn, huele mer déi dann eriwwer, fir déi Rechnungen ze bezuelen.

Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn eng Fro. Merci fir d'Wuert. La Place Jéhan Steichen, est-ce que vous arrêtez le projet? Oder geet dat weider? Place Jéhan Steichen, travaux de réaménagement 200.000 Euro.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dëst Joer ass näischt gemaach ginn, mee dat geet d'nächst Joer virun.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Okay. Très bien!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir hunn déi am Budget vum nächste Joer respektéiert. Vu dass mer déi Suen dëst Joer net brauchen, hu mer se transferéiert, fir déi Facturen oder déi Aarbechten, déi um Lafe sinn.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci och. Nach eng Wuertmeldung? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver diverses augmentations et diverses diminutions de crédits extraordinaires.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 5, wou ech d'Wuert viruginn un den Här Ulveling. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et geet ëm e PAP an der Rue Prommenschenkel. Et ass am Fong eng Formalitéit, well alles scho kloer ass. Et ass

just, hei an där Konventioun steet, dass déi Partei, déi muss eng Garantie bancaire vun 214.000 Euro loossen, fir dat, wat se solle realiséieren, fir wa se et net géifen zu Enn féieren.

Wat ass geplangt? Héicht 6, Route de Belvaux op zwou Parzellen op enger Surface totale vu 14,35 Ar wëllt d'Oeuvre zwee Logements locatifs bauen, mat 28 Unités de logements meublés. Si beneficiéieren do vun enger Aide à la pierre vum Staat. Et ass d'Kreatioun vu Logements à finalité sociale se caractérisant par une modération de loyer. Wärend 40 Joer, musse se dat garantéieren. Dat musse mer hei guttheeschen.

Wéi gesot, dat ass alles scho geneemegt. Et ass just, dass mir heibanne festhalen, dass se eng Garantie mussen hannerloossen. Dat alles leeft mam Staat, wéi gesot, mat Aide de la pierre. Eng flott Saach.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir hunn eng Wuertmeldung vum Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat do kann ee jo nëmme begréissen. Et ass schéin ze gesinn, dass mer Acteuren hunn hei zu Déifferdeng, déi zum Schafe vun abordabelem Wunnraum bäidroen. Ech erënneren drun, dass mer am Kader vum Pacte Logement 2.0 eng 19.000 Euro kréien, wa si dat hei schafen. Dat heescht d'Gemeng huet och eppes dovunner. An huet dann e Budget, dee se awer och an deem Beräich da muss kënnen investéieren.

Dat kann een an dësem Sënn just ënnerstëtzen. Merci, dass d'Oeuvres paroissiales sech dann och nach am Beräich vum Wunnraum engagéieren. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hat vergiess ze soen, dass et d'Oeuvres paroissiales sinn, déi dee Projet maachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wëll dozou bemierken: Déi Wunnengen, déi do entstinn, déi si fir d'betreit Wunne vu Jugendlecher. Dat ass och gutt fir déi Jonk, dass si an esou enger sozialer Struktur kënnen zesumme wunnen. Sou musse si Verantwortung iwwerhuelen a sech selwer organiséieren. Dat ass immens wichteg fir si.

Ausserdeem kënnt do nach e Sall bäi, dee ka benotzt gi vun hinnen. Deen ass och fir aner Aktivitéite geduecht a warscheinlech och fir d'Veräiner, dass deen do kann zur Verfügung stoen.

Op jidde Fall stëmme mir dee Projet mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir schléissen eis den Aussoe vum Här Olten un als LSAP. Mir hunn de Projet schonn am Detail gesinn. Mir si frou, dass e Sall zur Verfügung steet, dee vun de Veräiner eventuell ka benotzt ginn, well dat Ganzt heescht jo Veräinshaus momentan.

Am Allgemenge gefält eis dee Projet ganz gutt fir d'Jugendlecher, wéi dat jo och schonn hei gesot ginn ass. Mir ënnerstëtzen dat dote voll a ganz. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da kéime mer zum Vott.

*projet se poursuivra l'année prochaine.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *s'en réjouit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que les fonds n'étant pas nécessaires cette année, ils ont été transférés pour payer d'autres factures.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe à un PAP dans la rue Prommenschenkel. La convention fixe une garantie bancaire de 214 000 € au cas où le projet n'était pas porté à terme.*
*Concrètement, deux logements locatifs doivent être construits sur 14,35 a à hauteur du 6, route de Belvaux. En tout, 28 unités sont prévues. Il s'agit de logements à finalité sociale.*
*Le conseil communal doit approuver la convention. C'est une formalité liée à l'aide à la pierre fournie par l'État.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se réjouit de voir que des acteurs construisent du logement abordable à Differdange. Il rappelle que la commune va toucher 19 000 € dans le cadre du Pacte logement 2.0 grâce à ce projet. Ce budget pourra être réinvesti dans le logement.*
*Gary Diderich remercie l'Œuvre paroissiale pour son engagement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *avait oublié de préciser que le projet était réalisé par l'Œuvre paroissiale.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *ajoute que ces logements sont destinés à l'encadrement de jeunes, ce qui est une bonne chose pour eux. Vivre seuls leur apprendra à s'organiser et à prendre leurs responsabilités.*
*Ils disposeront aussi d'une salle pour y organiser des activités.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'associe à ce que vient de dire monsieur Olten. Il se réjouit particulièrement de la création de cette salle, qui pourra aussi être utilisée par les associations.*
*Les socialistes soutiennent à fond ce projet.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à plusieurs projets communaux.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit d'un devis supplémentaire dans le cadre de l'extension de la maison relais d'Oberkorn. L'objectif est de conserver la beauté de cette villa historique tout en l'associant à une nouvelle bâtisse. Cela démontre que le patrimoine historique peut être rénové de manière durable.*
*En 2018, le devis se montait à 1 220 000 €, mais finalement, le projet coute 375 890 € de plus. Le supplément est dû à l'isolation de la façade et du toit offrant un meilleur confort. En outre, il a fallu refaire le sol de la cuisine. Quelques surprises dans le gros œuvre ont aussi entrainé des frais supplémentaires en plus des augmentations d'électricité, etc.*
*Tom Ulveling ajoute que désormais, la maison relais d'Oberkorn est adaptée aux normes de sécurité et d'énergie. Elle pourra accueillir 173 enfants, dont 33 dans la villa.*
*L'enveloppe budgétaire de l'État s'élève à 870 000 €, mais Tom Ulveling ne sait pas si elle sera versée dans son intégralité, car certaines dépenses sont moins élevées que prévu. Il faudra attendre le décompte.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *revient sur le subside de l'État. Ne pourrait-on pas aussi demander un subside à l'Administration des sites et monuments ?*
*(Interruption et votes)*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec les Œuvres paroissiales Oberkorn concernant le PAP au lieudit Rue-Prommenschenkel.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 6, wou verschidde Gemengeprojeten opgezielt ginn. Ech géif d'Wuert nach eng Kéier un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet ëm en Devis supplémentaire vun der Extensioun vun der Maison relais zu Uewerkuer. Dat ass e Beispill, fir eng historesch Villa nohalteg an hirer Schéinheet ze halen an eng harmonesch Verbindung ze maache mat engem neie Gebai. Ech mengen, do kann ee beweisen, dass een nohalteg och kann e Patrimoine renovéieren.

2018 war en Devis vun 1.220.000 Euro virgestallt ginn. Et huet sech awer erausgestallt, dass mer 345.890 Euro méi brauchen. Dee Supplement kënnt doduerch, ech erklären dat elo, éischtens well eng Bannenisoléierung an eng Daachisoléierung gemaach ginn ass vun deem ganzen Haus, dass een duerno e bessere Confort huet an och manner Energie verbraucht.

Wéi d'Kichen erausgeholl ginn ass, huet e ganz neie Buedem misse geluecht ginn, dat war net virgesinn. Et hu misse kleng Upassunge gemaach ginn, et koume Surprisë beim Gros oeuvre plus déi üblech Präiserhéijung vun der Technik, haaptsächlech Stroum a Reseauen. Soudass mer en Devis supplémentaire hu vun 345.890 Euro, deen ech Iech géif bieden ze stëmmen.

Ech wëll awer och soen, dass mer domat de Projet vun der Extensioun a Renovatioun vun der Maison zu Uewerkuer fäerdeg hunn an dat Haus op technesch, Sécherheets- an energeetesch Standarden elo ugepasst ginn ass. Et kënnen elo 173 Kanner do Plaz fannen, 33 dovunner an der Villa.

Et ass eng Enveloppe budgétaire vum Staat vun 870.000 Euro virgesinn, wou mer awer vläicht mengen, dass mer se net ganz wäerte kréien, well d'Depensë manner ware wéi virgesi bei verschiddene Posten. Dat genaut Dénge kréie mer eréischt, wa mer den Agrement hunn. Da kréie mer genau gesot, wéi vill mer finalement u Subsid kréien. Ech géif Iech bieden, dësen Dossier guttzeheeschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci alleguerten. Ech hunn eng Fro un den Här Ulveling. Dir hutt elo grad vun engem warscheinleche Subsid vum Ministère geschwat. Gouf vläicht och mat Sites et Monuments zesummegeschafft, fir vläicht vun do eppes ze kréien? Nee. Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Weider Wuertmeldungen? Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'extension de la maison relais Oberkorn.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire concernant les travaux d'extension de la maison relais Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6b an erëm eng Kéier den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Hei geet et ëm déi Bréck, déi vun der Cité Henri Grey eriwwergeet op de Parc AS Terrain. Dir wësst, datt ArcelorMittal sou fei war an eis deen Terrain zur Verfügung gestallt huet. Mir hunn dee gebotzt an de CIGL beoptraagt, déi Bréck ze bauen. Déi Bréck ass aus Holz gebaut. D'Culéeën an d'Piliere si vun engem Entrepreneur gemaach ginn. Dat Ganzt huet 75.969 Euro kascht. Do sinn och d'Fraise vun der Beliichtung dobäi.

Et war e flotte Projet, dee mer mam CIGL konnte maachen. En ass gutt gelongen, wann ee gesäit, wéi dat elo ass. Dat erméiglecht elo de Leit vun der Cité Henri Grey, direkt vun do an de Parc AS Terrain respektiv op déi Vëlospist ze kommen. Ech géif Iech bieden, dat ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wuertmeldungen zu deem Punkt? Nee, da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux d'aménagement d'un parc avec un pont pour piétons derrière la station Gulf.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire concernant les travaux d'aménagement d'un parc avec un pont pour piétons derrière la station Gulf.*

Ech soen Iech Merci. Mir fuere viru mam Punkt 6c, wou ech nach eemol d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis den Detail ze ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, hei handelt et sech ëm e Projet vun der Creos, déi eng Tranchée tëschent dem Trafo bei der Entrée vum Spidol an dem Trafo vum Parking écologique, wann een op Fond-de-Gras geet, wäert maachen. Mir bedeelegen eis un dëser Tranchée mat zwou Gainen, soudass mir do spéider kënnen eisen interne Reseau bis op Fond-de-Gras leeën.

D'Käschte vun der Tranchée ginn op e puer Reseaue verdeelt. Soudass mir do missten 115.000 Euro bäileeën, wat méi bëlleg gëtt, wéi wa mir déi Aarbechte missten eleng maachen. An dann och ganz eleng misste bezuelen. Ech géif Iech och bieden, dësen Devis vun 115.000 Euro ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Detailer. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour la participation aux frais d'une tranchée située dans la route de Longwy et au Fond-de-Gras.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7, dem Budget rectifié 2023 an dem Budget initial 2024 vum Office social. Heifir géif ech dem zoustännege Schäffen, dem Här Hartung Jerry, d'Wuert ginn. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, eisen Office social leescht eng ganz wichteg Aarbecht fir eis Awunner, déi Hëllef brauchen, datt si dës och gerecht kréien. An doriwwer eraus si ze ënnerstëtzen an ze beroden.

Dës Aarbecht spigelt sech an den Zuele vum Budget rectifié 2023 an dem Budget initial 2024 erëm, op déi ech gläich aginn.

Ze bemierken ass, datt alles iwwer eng gesetzlech Basis gereegelt ass, wat d'Fi-

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au pont entre la cité Henri-Grey et le parc Terrain-AS. ArcelorMittal a mis ce terrain à disposition de la commune. Le CIGL a été chargé de construire un pont en bois. Les piliers ont été réalisés par un entrepreneur. Les frais se montent à 75 969 € et comprennent l'éclairage.*
*Tom Ulveling trouve ce projet réussi. Le pont permet aux habitants de la cité Henri-Grey de se rendre au parc Terrain-AS et à la piste cyclable.*
*(Votes)*
*Tom Ulveling explique que Creos doit réaliser une tranchée entre le transformateur à l'entrée de l'hôpital et celui sur le parking écologique en direction du Fond-de-Gras. La commune participe au projet avec deux gaines lui permettant de relier le réseau interne au Fond-de-Gras. Cela représente des frais de 115 000 €, que Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au budget rectifié 2023 et au budget initial 2024 de l'Office social.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle l'importance du travail de l'Office social en faveur des démunis. Les chiffres des budgets 2023 et 2024 reflètent ce travail.*
*Le financement de l'Office social repose sur une base légale tant en ce qui concerne les aides que le personnel ou le loyer.*

*Certains frais sont entièrement à la charge de l'État comme l'ARIS. D'autres frais sont partagés entre l'État et la commune — notamment le travail réalisé par l'Office social. Enfin, une petite partie est financée à 100 % par la commune. Parallèlement, l'Œuvre Grande-Duchesse Charlotte soutient aussi l'Office social — notamment lorsque la Ville de Differdange réalise des projets en faveur des nécessiteux. Le budget rectifié 2023 passe de 350 000 € à 520 000 €. Cette hausse est due à deux projets. Les éducateurs de rue ont été approuvés par le conseil communal il y a six mois et comptent quatre personnes. Le projet Youth & Work sera quant à lui entièrement financé par la commune l'année prochaine. C'est la raison pour laquelle le budget initial 2024 passe de 520 000 € à 450 000 €. La différence de 70 000 € se retrouve dans le budget communal 2024.*
*Les aides de l'Office social se composent des avances et des secours. Les avances sont comparables à des prêts sans taux d'intérêt. Elles sont donc remboursées par tranches. Les secours en revanche ne sont pas remboursés, car la précarité des bénéficiaires ne le permet pas.*
*Jerry Hartung signale que la plupart des postes s'accompagnent d'un astérisque. Celui-ci signifie que les montants sont illimités bien qu'une somme prévisionnelle y soit inscrite. Mais si quelqu'un a besoin d'aide en octobre 2024, il la recevra même s'il ne reste plus de fonds à ce poste. Si nécessaire, les postes accompagnés d'un astérisque seront augmentés automatiquement.*
*Les aides pour l'alimentation s'établissent à 150 000 €. Les aides pour la santé augmentent. Le montant pour les factures médicales passe notamment de 70 000 € à 85 000 €. Seule la part patient étant calculée, ces 15 000 € représentent de nombreuses demandes.*
*Le secours pour les loyers baisse de 60 000 € à 30 000 €. En effet, de nombreuses demandes sont répertoriées dans les avances.*
*Le budget pour les bénéficiaires sous gestion s'élève à 980 000 €. Ces personnes ont besoin d'aide pour gérer leurs finances. Cela représente beaucoup de travail.*

nanzement ugeet, souwuel d'Iwwernam vun den Hëllefen, d'Unzuel vum Personal wéi de Loyer vun de Bürosraim.

Et gëtt Deeler, déi de Staat zu 100 % iwwerhëlt, en gros alles, wat den ARIS betrëfft, an Deeler, déi zu 50 % vum Staat an zu 50 % vun der Gemeng iwwerholl ginn, u sech de Gros, wat d'Aarbecht vum Office social betrëfft. An dann nach e klengen Deel, deen zu 100 % just vun der Gemeng gedroe gëtt.

Nieft all dëse gesetzleche Virgaben, ass positiv ervirzehiewen, datt d'Oeuvre Grand-Duchesse Charlotte den Office social finanziell ënnerstëtzt, a soumat d'Stad Déifferdeng gutt ënnerstëtzt. An zwar, wa mir zu Déifferdeng sozial Projeten am Kader vun Aides aux nécessiteux lancéieren.

Dir gesitt am Rectifié 2023 eng considerabel Hausse vun 350.000 op 520.000 Euro. Dëst, well fir 2023 zwee wichteg Projete fir Déifferdeng lafen, zum engen eise CollecDiff, also eis Streetworker, wou mer jo schonn hei am Gemengerot viru ronn engem hallwe Joer dëse Projet als feste Bestanddeel gestëmmt hunn an och de Staff deemools vun dräi op véier Persounen opgestockt hunn. Also eng Pai weider.

Zum aneren eise Projet Youth & Work, dee virdrun, wéi mer iwwert de Koalitiounsprogramm geschwat hunn, schonn erwäänt gouf. Dee gëtt d'nächst Joer integral vun der Gemeng iwwerholl. Dat ass och d'Erklärung, firwat de gesamte Budgetsposte mat de Projeten am Initial 2024 vu 520.000 Euro op 450.000 Euro erofgeet. Déi Differenz vu ronn 70.000 Euro fannt Dir den 1. Dezember am Budget vun der Gemeng.

Da kommen ech zu den Hëllefen. Do hutt Der zum engen d'Avancen an zum aneren d'Secoursen. Avancë si quasi wéi ee Prêt ouni Zënse vum Office social, fir eng Rechnung ze bezuelen, déi dann duerno zum Beispill a Form vu Ratenzahlung rembourséiert gëtt. Déi gesamt Montante vun den Avancë fënnt ee bei de Restants des recettes ordinaires.

D'Secoursen, par konter, si Rechnungen, déi integral vum Office social iwwerholl ginn, well d'Prekaritéit vun de Leit esou grouss ass.

Déi meescht Posten hunn e Stär virdrun, also de Stär virun den Hëllefen, dat bedeit, datt dëse Budgetsposten onbegrenzt ass. Hei stinn elo iwwerall Montanten dran, wat eng realistesch Aschätzung duerstellt, fir kënnen e Budget opzestellen. Natierlech, wann zum Beispill am Oktober 2024 beim Posten, ech soen elo, Secours opticien de virgesinnene Montant ganz ausgi gouf, kritt natierlech och deen, deen am November e Bréll brauch, deen en net ka selwer finanzéieren an e Recht op dës Hëllef huet, dësen dann och bezuelt. Dofir de Stär, fir drop hinzeweisen, datt de jeeweilege Posten noutfalls no uewen automatesch revidéiert gëtt.

Zu den Zuelen. Do picken ech déi markantst eraus. D'Hëllefe Punkto Iessen, déi gounge virun engem Joer e gutt Stéck erop a bleiwe bei 150.000 Euro. Verschiddenes, wat ronderëm d'Gesondheet ass, geet erop. Zum Beispill d'Apdikteschrechnungen a besonnesch d'Dokteschrechnungen. Dat geet elo hei aus dem Dokument net onbedéngt esou ervir, well just d'Part patient verrechent ass. De Montant fir d'Dokteschrechnunge geet am Rectifié vu 70.000 op 85.000 Euro erop. Wann ee bedenkt, datt dëst just d'Part patient ass, da sinn déi plus 15.000 Euro am Budget vill Demandë méi.

D'Part vun der CNS gëtt à part iwwerholl.

Secours Loyer, dee geet erof, vu 60.000 op 30.000. Leider net, well do keng Necessitéit méi wier, mee well d'Demanden an d'Rubrik vun den Avancë gefall sinn.

D'Elektresch, nodeems d'lescht Joer de Poste verdräifacht gouf, gi se dëst Joer nees vun enger Baisse vu 25 % aus, parallel zur erhoffter Baisse vum Marchéspräis.

Dir gesitt 980.000 Euro bei de Recetten an Depensë fir Bénéficiaires sous gestion. Dat si Clienten, wou den Office social d'Finanze fir si verwalt, déi Ënnerstëtzung brauche bei der Gestioun vun hire Suen. Dëst ass natierlech mat vill Aarbecht verbonnen.

Punkto Finanzen hiewe sech hei d'Ausgaben an d'Einnamen op.

Wéi iwwerall klammen natierlech och hei d'Personalkäschten. Ech schwätze vu Personalupassung no uewen, karriärbedéngt an natierlech Indexgebonnen.

Nei si 5.000 Euro fir Stagiairen, also ugeeënd Assistante-sociallen, déi am drëtte Joer hire Stage maachen. Do huet d'Gesetz changéiert a gesäit elo eng Indemnitéit vir. Et hätt een och kënne soen, mer huele keng Stagiairë méi. Mir denken, dat wier de falsche Wee, well mer sinn all frou, wa mer duerno gutt ausgebilt Personal um Aarbechtsmarché hunn. An dozou gehéieren och Stageplazen.

Hunn elo déi gréisser Saachen erausgepickt. Den Detail hutt Dir jo am Dossier leien. Ech bieden Iech, de Budget rectifié an initial vum Office social matzestëmmen a wëll vun dëser Plaz och der ganzer Ekipp vum Office social e grousse Merci matgi fir hiren Asaz. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Just e puer Sätz zum Office social vun Déifferdeng. Mir hunn eis d'Zuelen, souwuel vum Budget rectifié 2023 wéi vum Budget initial 2024, ugekuckt. Fir eis sinn d'Dokumenter sou ganz an der Rei.

Mir wëssen, datt d'Aarbechtskonditiounen net ëmmer déi einfachst sinn. A mir wëssen och, wéi wichteg d'Hëllef fir déi sozial Schwaach ass.

Dofir begréisse mir ëmsou méi d'Kreatioun vun enger Maison sociale ewéi se am Koalitiounsvertrag steet an hoffen, dass déi Ëmsetzung net esou laang dauert wéi de Parking um Contournement.

Zum Schluss wëlle mer deem ganze Staff vum Office social, dem Conseil d'administration, e grousse Merci soe fir hiren Asaz an hir kompetent Aarbecht, déi si all Dag maachen. Awer virun allem d'Aarbecht vum Christiane Saeul, déi hir Partei wärend Joren do representéiert huet an dëst och haut nach als Vizepresidentin mécht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et ass scho bal alles gesot ginn. Den Här Hartung huet eis gutt erkläert, firwat de Budget rectifiéiert ginn ass an an d'Luucht geet.

Ech wollt just op d'Wichtegkeet vun eisem Office social hindeiten. Si si jo an zwee gedeelt, dat heescht d'Aide sociale an de sougenannten ARIS.sSi këmmere sech ëm Leit, déi dat wierklech néideg brauchen. Hir Tâchë sinn: Santé, Doktesch- oder Medikamenterechnungen, am Logement d'Loyeren oder d'Energie bezuelen. Ech wollt eiser Ekipp vum Office social heimat e grousse Merci soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, den Office social mécht eng ganz wichteg, wäertvoll Aarbecht fir eis Bierger, fir déi, déi an enger schwéierer Situatioun sinn an net aus eegenen Efforten aus där Situatioun erauskommen oder an där Situatioun eens ginn.

Ze wënsche wär natierlech, dass dat net néideg wier an dass mer eng Realitéit hätten, wou d'Leit vun hirer Aarbecht kënne liewen, wat ëmmer manner de Fall ass. An ëmmer méi Leit, déi trotz schaffen an d'Aarmut rutschen an dann eng Ënnerstëtzung brauchen. Heiansdo och wéinst Krankheet oder Scheedung oder aneren Evenementer am Liewen.

*Jerry Hartung passe aux frais de personnel. Les augmentations peuvent se rapporter à des avancements de carrière ou à l'indexation des salaires. Parmi les nouveautés figurent 5000 € pour les stagiaires — et plus précisément les assistants sociaux en troisième année de stage. La nouvelle loi prévoit une indemnité. L'Office social aurait pu ne plus accepter de stagiaires, mais il est important de former du personnel compétent.*
*Les détails figurent dans le dossier. Jerry Hartung demande au conseil communal d'approuver le budget. Il remercie toute l'équipe de l'Office social.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *a analysé les chiffres des deux budgets de l'Office social. Ils sont en ordre.*
*Elle sait que les conditions de travail ne sont pas faciles, mais il s'agit d'aider les personnes défavorisées. C'est pourquoi elle salue l'ouverture d'une maison sociale en espérant que sa réalisation ne prendra pas autant de temps que le parking du contournement.*
*Elle remercie à son tour le personnel de l'Office social ainsi que le conseil d'administration. Un grand merci aussi à madame Christiane Saeul, qui y a représenté les démocrates pendant de longues années.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Hartung a déjà expliqué pourquoi le budget est en hausse.*
*Elle rappelle que l'Office social se compose de deux parties : l'aide sociale et les ARIS. L'Office soutient les gens pour payer leurs factures, les honoraires de médecin, les loyers ou l'électricité. Manon Schütz remercie toute l'équipe.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souligne à son tour l'importance du travail de l'Office social dans l'intérêt des citoyens défavorisés. Bien entendu, il souhaiterait que l'on n'ait pas besoin d'un office social. Mais la réalité est tout autre. Tout le monde n'arrive plus à vivre de son travail et certains sombrent dans la pauvreté malgré le fait qu'ils aient un emploi. Gary Diderich mentionne des problèmes comme une maladie, un divorce ou d'autres incidents,*

*mais aussi le fait que le salaire minimum ne suffit plus à joindre les deux bouts.*
*L'Office social soutient aussi ceux qui n'ont pas la chance d'avoir un emploi. Les chômeurs doivent aussi pouvoir mener une vie digne. Le personnel de l'Office social et le conseil d'administration les soutiennent.*
*Gary Diderich constate que l'Office social dispose d'une réserve de 2 800 000 €. Mais une telle réserve est-elle vraiment nécessaire ? Car depuis que Gary Diderich est conseiller communal, le budget de l'Office social n'a jamais été déficitaire.*
*Il se souvient d'un investissement de l'Office social dans un projet, qui a échoué. Mais d'une manière générale, l'Office social doit pouvoir investir dans des projets novateurs — par exemple dans le domaine de l'insertion socioprofessionnelle ou du logement.*
*Le logement est le domaine qui fait le plus mal aux gens. Gary Diderich propose par exemple d'acquérir une maison que le propriétaire n'arrive pas à vendre. Il arrive, en effet, fréquemment que les gens tombent dans la spirale de l'endettement parce qu'ils ont contracté un prêt, mais n'arrivent pas à vendre leur bien immobilier. Le budget de l'Office social servirait à acquérir une telle maison, qui serait subventionnée à 75 % par l'État et qui rapporterait en plus des recettes à travers le loyer. Si l'Office social n'a pas vocation à gérer des immeubles, il pourrait faire figure de promoteur social avant de chercher un bailleur social pour la gestion.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *remercie l'échevin aux affaires sociales pour ses explications.*
*L'aide aux personnes dans le besoin représente un état des lieux de la population differdangeoise. Or ce poste budgétaire a augmenté de 67,4 % de 2022 à 2023. Comme l'a dit monsieur Hartung, pratiquement tous les postes augmentent — et notamment les frais médicaux. En plus, les patients dont il est question bénéficient du tiers payant. La somme est donc particulièrement élevée.*

Oder einfach well de Mindestloun net méi duergeet, mat deene Loyeren an deene Liewenskäschten an och Energiekäschten, déi mer hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen.

Awer och fir déi Leit, déi net d'Chance hunn, enger Aarbecht kënnen nozegoen, muss den Office social kënnen asprangen. Och si musse kënnen e wierdegt Liewe féieren.

Dat gëtt gemaach vun eisem Office social, mam Asaz vum Conseil a vum Personal, wat do schafft. An dat ass ganz wichteg.

Et si lo vill Saache scho gesot ginn iwwert d'Detailer. Wat mir opfält, wat jo positiv ass am Budget, dat ass, dass eng Mouk do ass vun 2.800.000 Euro. Wou ee sech vläicht iergendwann awer och ka froen, ob déi solle gesammelt gi beim Office social. Well u sech ass de Budget ni defizitär – also säitdeem ech am Gemengerot sinn, ass en ni defizitär gewiescht.

Eng Kéier hat den Office social, an där Zäit wou ech hei sinn, Sue matinvestéiert. Dat sollt en innovativ sozialen, solidaresche Projet sinn. Dat war awer guer net sou gaangen, wéi et sollt. Mee dovu mol ofgesinn, denken ech, dass en Office social och soll kënne Suen asetzen an deene Beräicher, wou e Besoin ass. Och innovativ Projeten ënnerstëtzen. Dat war deemools méi am Beräich vun der Insertion socio-professionnelle geschitt, dat kéint eeben an deem Beräich sinn, dat kéint awer och am Beräich vum Logement sinn.

Et ass haaptsächlech de Logement, dee ganz vill op d'Budgete vun de Leit dréckt. Ech mengen, dat sollt ee vläicht ënner d'Lupp huelen. Fir et einfach ze maachen, kéint ee vläicht een Haus ofkafe vun enger Persoun, déi hiert Haus am Moment net verkaf kritt, wat awer e gudde Bien existant ass. Et si vill Leit, déi am Moment an d'Bredouille kommen, well se en Iwwergangsprêt hunn. An déi, trotz ville Ressourcen a priori, awer dann an eng Scholdespiral kommen.

Op där enger Säit wär deenen da gehollef an op där anerer Säit hätte mer méi bezuelbare Wunnraum. A mat deem Budget do kéint een, mengen ech, schonn een Haus iwwerhuelen. Et kritt een nach 75 % vum Ministère, et kritt een herno Loyersrecetten. D'Gestioun kann ee vläicht kucken. Wann den Office social elo net onbedéngt opgestallt ass, fir d'Gestioun ze maachen, mam neie Gesetz gëtt et Bailleur-sociallen. Dat heescht, ee ka Promoteur social sinn, dat wär dann hei vläicht den Office social. An da kéint een en aneren Acteur fannen, fir d'Gestion locative ze maachen, dat heescht Bailleur social ze sinn. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci och, Här Diderich. Eng weider Wuertmeldung? Den Här Muller.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt emol dem Sozialschäffe Merci fir déi explizitt Erklärungen. Ech wëll mech mat engem Punkt befaassen, den Aides aux personnes dans le besoin. Et ass ee wichtege Punkt vum gesamte Budget a wou een dann och e bëssen den Zoustand vun eiser Populatioun gesäit. Wann een elo de Budget 2022 hëlt op 2023, dann ass dëse Posten ëm ronn 245.000 Euro eropgaangen, dat si 67,4 % méi. Dat ass vun 363.000 op 609.000.

Wat kann een erkennen? Den Här Hartung huet et scho gesot, praktesch all Punkt geet an d'Luucht. Mee speziell falen d'Dokteschrechnungen op, wou mer jo awer, wéi gesot gouf, nëmmen deen Deel hunn, deen d'Keess net iwwerhëlt, well bei dëse Patienten ass den Tiers payant scho voll am Spillen. Soudass dat, sinn ech och der Meenung, wat Dir selwer gesot hutt, schonn e ganz héije Betrag ass.

Nei sinn d'Frais juridiques. Ech mengen, och d'Leit, déi vläicht d'Moyenen net ëmmer hunn, en Affekot ze huelen, déi sollen och zu hirem Recht kommen, wann dat néideg wär. Dofir fannen ech dat och ganz gutt, dass den Office social déi Leit finanziell ënnerstëtzt.

D'Energiekäschte schénge sech ze stabiliséieren. Mee haaptsächlech Secours électricité ass nach ëmmer dat Dräifacht, dat heescht deen ass op 25.000 Euro eropgaange vu 6.803, mengen

ech, dat war am Prévisionnel op de Réalisé.

De leschte Punkt – an dat muss engem awer wierklech ze bedenke ginn, well dat ass eng dramatesch Entwécklung –, ass d'Ënnerstëtzunge fir Frais d'alimentations, dat heescht Ënnerstëtzung fir Liewensmëttel. Dass et iwwerhaapt esou eppes nach gëtt hautdesdaags! Also do musse mer eis emol alleguer an de Spigel kucken, do sti sage und schreibe 150.000 Euro. Dee Poste geet erop vu ronn 100.000 op 150.000 Euro, also 50 %.

Mir stellen also fest, dass trotz enger staarker Erhéijung vun der Allocation de solidarité – an do ass jo vill ënnerholl gi vum Staat a vun der Gemeng, fir de Leit ënner d'Äerm ze gräifen, fir duerch déi erhéichte Käschten, Energie an esou weider de Leit entgéintzekommen, mee mir gesinn, et hunn nach ëmmer eng ganz Partie Leit Probleemer, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Den Office social erfëllt voll säin Zweck. Och mir vun der LSAP kënnen nëmmen där ganzer Administratioun ee grousse Merci soen – allen Assistantan Assistante-sociallen an och dem ganze Personal vun der Administratioun respektiv dem Conseil d'administration vum Office social.

Wat déi extra Zomm, wat den Här Diderich gesot huet, ubelaangt, do hunn ech mer änlech Gedanke gemaach wéi Dir. Ech mengen, do wär et néideg ze kucken, laut dem Gesetz, wat een do kéint maachen. An da misste mer endlech op en definitive Projet goen. Do ware scho mol Saachen ugeduecht, mee bis elo ass awer nach näischt mat deene Gelder realiséiert ginn. Ech mengen, dat sollt een awer elo probéieren. Well esou eng héich Zomm ëmmer erëm matzeschleefen, respektiv, dass se ëmmer méi héich gëtt, ech mengen, da solle mer se och sënnvoll asetzen am Kader vun de sozialen Déngschter. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Erklärungen. Merci fir déi Detailer. Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2023 et le budget initial 2024 de l'Office social de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 8 vum Ordre du jour, dee befaasst sech mam Enseignement fondamental mam Plan de surveillance vun de Joren 2023/2024. An ech géif do d'Wuert un den Här Wagner ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. An Ären Dokumenter hutt Der de Plan de surveillance vum Enseignement fir dat aktuellt Schouljoer. Et ass jeeweils ee Plang pro Site ausgeschafft gi vun de Leit vum Terrain. U sech ass et eng reng Formalitéit an ass Partie intégrante och vun der Schoulorganisatioun, trotzdeem muss et duerch de Gemengerot goen. An ech bieden Iech, dee Plang esou matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Plang, deen Der am Detail op der Diffcloud gesitt? Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de surveillance de l'année scolaire 2023-2024.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 9, Structures d'accueil betreffend d'Organisatioun vun de Joren 2023-2024. Den Här Wagner nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, nach eng Kéier, Här Buergermeeschter. An Ären Dokumenter fannt Der de Plan d'organisation vun eisen SEA-Strukturen. Den Dossier ass ganz komplett. D'Passagen a giel sinn

*Parmi les nouveautés figurent les frais juridiques. Les gens n'ont pas toujours les moyens de payer un avocat.*
*Les frais énergétiques se stabilisent, mais le secours pour l'électricité a triplé.*
*L'évolution des aides pour l'alimentation est dramatique. Le budget se monte à pas moins de 150 000 €, une augmentation de 50 %. Cela démontre que malgré les efforts de l'État et de la commune, qui a fortement augmenté l'allocation de solidarité, beaucoup de gens n'arrivent toujours pas à joindre les deux bouts.*
*Les socialistes ne peuvent que remercier l'administration de l'Office social, les assistants sociaux et tout le personnel.*
*En ce qui concerne le fonds de réserve, Erny Muller est d'accord avec monsieur Diderich. Il faudrait voir ce que la loi permet de faire. Plusieurs propositions existent, mais finalement l'Office social n'a toujours pas touché à cet argent. Erny Muller se demande s'il est pertinent de laisser ce fonds de réserve grandir d'année en année au lieu d'investir l'argent dans un projet social.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au pont 8, l'enseignement fondamental.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique que les conseillers communaux disposent du plan de surveillance pour l'année scolaire actuelle. Ce vote n'est qu'une simple formalité et fait partie de l'organisation scolaire.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute que les détails figurent sur le Diffcloud.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à l'organisation des structures d'accueil.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise que le dossier est complet. Les nouveautés sont marquées en jaune. Il remercie le service SEA ainsi que le personnel sur le terrain.*

*Le dossier commence par une explication sur l'importance des structures d'encadrement et par un historique de l'évolution des maisons relais à Differdange. Le développement des ces structures va de pair avec le changement de la structure familiale. Le nombre des familles où les deux parents travaillent et le nombre de familles monoparentales ont augmenté.*
*C'est ce qui rend les structures d'accompagnement indispensables. L'organisation des maisons relais tient compte des besoins des familles et des classes sociales.*
*L'objectif est d'assurer le développement cognitif et émotionnel de l'enfant. L'accent est mis sur la qualité de l'encadrement. Et pour que celui-ci soit qualitatif, le personnel doit être satisfait. C'est pourquoi le collège échevinal veut dresser un état des lieux à travers un sondage. Au 30 octobre 2023, les structures d'accueil comptent 201 CDI et 46 CDD. Une réunion aura lieu la semaine prochaine. La délégation du personnel est au courant.*
*Le document se trouve sur le Diffcloud. Le collège échevinal est disposé à faire des modifications le cas échéant. Mais Thierry Wagner ne veut pas prendre de décisions sans discuter au préalable avec le personnel. Après tout, il est question de l'avenir des enfants.*
*Les structures communales ont adopté le système Emmi Pikler et le Weltatelier. Mais il ne s'agit pas de principes inscrits dans la pierre. Ils peuvent évoluer au besoin. Les concepts à long terme doivent pouvoir être adaptés — par exemple au milieu social. Ce qui fonctionne dans une commune ne marchera pas forcément dans une autre.*
*L'enseignement doit être inclus dans le processus pour qu'il forme une unité avec le volet socioéducatif. Il s'agit du souhait à la fois des écoles et des maisons relais.*
*Les parents doivent aussi être consultés en tant que personnes de référence des enfants. Les éducateurs ont besoin de leur aide tout comme les parents ont besoin de l'aide des éducateurs.*
*Le projet de l'école des parents a été repoussé à cause de la pandémie. Mais depuis 2023-2024, les parents peuvent discuter avec les*

d'Nouveautéiten. Soudass Der dat ganz iwwersiichtlech presentéiert hutt.

Merci eisem SEA-Service fir dësen interessanten a ganz kohärente Plang, mee och eise Leit um Terrain, déi effektiv eng wäertvoll Aarbecht leeschten.

Am Ufank vum Dossier gëtt et eng Explikatioun iwwer Sënn an Zweck vun de Betreiungsstrukturen, mee och e klengen Historique an d'Evolutioun bei eis hei an der Gemeng Déifferdeng.

Natierlech gëtt et eng Relatioun tëschent der Verännerung vun der haiteger Familljestruktur an dem Ausbau vun den SEA-Installatiounen. Op där enger Säit ass et haut normal, dass bei jonke Familljе béid Elterendeeler beruffstäteg sinn an dass et och eng héich Unzuel u Monoparentalle gëtt. Dowéinst ass et noutwendeg, eng grouss Palett u gutt qualifizéierte Betreiungsstrukturen unzebidden.

D'Besoine vun de Familljе fléissen an eis nei Organisatioun, sief dat bei den Ëffnungszäiten oder bei der Ëmsetzung vum Kader, wou mer d'spezifesch Besoine vum Kand respektéieren. Wuelwëssend, dass mer och eis verschidde sozial Schichte musse berécksiichtegen an deementspriechend upassen.

D'Zil ass eng kognitiv an emotional Entwécklung vum Kand. D'Qualitéit ass de roude Fuedem an dësem Organisatiounsplang an den Usproch vun eisen zwou Crèchen zu Nidderkuer an de siwe Maison-relaisen. An zu engem Qualitéitsusproch zielt e gutt an zefriddent Personal. Do si mer jo och amgaangen d'Ist-Situatioun ze analyséieren. An engem Sondage, opgestallt mam CGPO, kënnen eis Leit sech äusseren.

Stand 30.10.2023 sinn et 201 CDI-Posten a 46 CDDen. Do si mer um gudde Wee. D'nächst Woch si weider Sitzungen, fir do eppes Kohärentes op Pabeier ze bréngen. Den Ausschuss ass doriwwer am Bild. Mir erhoffen eis eng interessant Evaluatioun.

Dir kënnt am Dokument op der Diffcloud liesen, dass mer wëlles hunn, en cas du besoin, Adaptatiounen a Kursännerunge virzehuelen. Mee do wëlle mer mat ville Leit schwätzen, fir keng Léisunge quasi aus der Hëft geschoss ze presentéieren. Dat ass net mäi Stil. Mir schwätzen hei vun der Zukunft vun eise Kanner. Do soll et erlaabt sinn, dat aktuellt pedagogescht Konzept ze analyséieren, wéi aner Gemengen et och gemaach hunn, ëmzebaue respektiv méi breet Léisungen ze sichen.

Eis Haiser schaffen nom Konzept Emmi Pikler respektiv nom Modell vum Welt-Atelier. Wéi Der op de Säiten 28 an 43 liese kënnt, sollen déi Richtlinne keen Endprodukt sinn, mee e liewegt Dokument, wat, jee no Wëssensstand, ugepasst soll a muss ginn. Och dozou sollen eis Leit um Terrain hir Meenung iwwert de Sondage matdeelen.

Wann een e Konzept à long terme en place setze wëll, ass et ëmmer noutwendeg, Upassungen ze maachen. Respektiv ass et och néideg, de soziale Milieu a Betruecht ze zéien. Wat an där enger Gemeng vum Land fonctionéiert, muss net onbedéngt 1:1 an enger anerer ëmsetzbar sinn.

Dat Ganzt soll Hand an Hand goe mat dem Enseignement, déi sech an de Prozess solle matabannen. De sozioedukative Beräich an d'formal Bildung mussen eng Unitéit ginn. Obwuel jidderee säin eegene Bildungsoptrag huet, ass et awer gutt, dass Synergië fonnt ginn.

A menge leschte Reuniounen ass dat och de Wonsch vun der Schoul, wéi och vun den SEAen.

Et gëtt vill Acteuren, wéi d'Eltere selwer, déi mussen als Bezuchspersoun vum Kand mat an d'Boot geholl ginn. Elterenaarbecht ass e wichtege Volet, déi eis Erzéier ëmmer nees fuerderen. De Kontakt zu den Elteren ass eminent wichteg. An dat geet an déi zwou Richtungen, well och d'Eltere brauchen Hëllef bei der Erzéiung vun hire Kanner.

Wéinst Covid-19 gouf de Projet vun der Eltereschoul verluecht. Mee zënter dem leschte Schouljoer an och 2023/2024 soll dat e weidere Pilier sinn an eiser Organisatioun, wou dann iwwer Spriechstonnen d'Eltere flott an hëllefräich Informatioune kënne kréien. Mee och den direkte Kontakt, wann d'Elteren hir Kanner siche kommen, also quasi tëschent Dier an Aangel, soll

e Moyen sinn a bleiwen, fir sech kënnen auszetauschen.

E weidere wichtege Volet ass d'Inklusioun. Säit 2020 kann een eis Strukturen als SEA-inklusiv bezeechen. Dat heescht, dass an all eisen Haiser inklusiv geschafft gëtt. Si sinn also apte, fir Kanner mat spezifesche Bedierfnisser ze betreien.

Fir mech ass dat e Meilesteen an der Entwécklung vun eisen Haiser. Hei kann een och vu gesonder Mixitéit schwätzen, zesumme liewen an et soll keen ausgegrenzt ginn. Dat ass zu 100 % en Atout fir eng gutt a gerecht Entwécklung vun all Kand.

All eis Strukturen hunn zwee Référents pédagogiques d'inclusion, kuerz RPI, an hiren Ekippen, déi fir déi néideg Koordinatioun suergen an dass och um Terrain inklusiv geschafft gëtt.

Punkto Formatioun ass et esou, dass zënter 2022 de Bildungsministère eng méi large Offer u Weiderbildungen ubitt. D'Quantitéit an d'Qualitéit vun deene Formatiounen ass an d'Luucht gaangen a virun allem si se gratis a ginn iwwer e System vu Kreditter pro Gemeng an Envergure ugebueden. Do gëtt et interessant an och ganz aktuell Modullen, wéi: Résolution des conflits, Education plurilingue, Partenariat d'éducation avec les parents an d'Gestion des allergies.

Dat ass dann och e gudden Iwwergang an d'Restauration scolaire, wou mer wäerten eng Restrukturatioun mam Personal vun de Kiche maachen. Do ginn ech da méi an den Detail am Punkt 11, beim Organigramm.

An der Moyenne ginn 1.745 Menüen an eise Kichen eraus. Nieft dem Mëttegiesse ginn e Petit Déjeuner an eng Kollatioun um 16 Auer ugebueden.

Et gouf bemierkt, dass vill Kanner moies kee Frühstück doheem kréien, dowéinst ass et wichteg, och déi Offerte ze hunn. Et gëtt weiderhi frësch, saisonal a lokal gekacht. Dat passt dann och an eis Kooperatioun mam SICONA mam Slogan: „Mir iesse regional, bio a fair."

Wichteg ass, den Antigaspillage am A ze behalen. Menger Meenung no gëtt nach ze vill ewechgehäit an domadder kann ech schlecht liewen. Zesumme mat de Käch an den Erzéier siche mer do no Léisungen.

Natierlech maachen eis Kichen och mat beim Plan d'action national „Gesond iessen, méi beweegen", wou op eng gesond an equilibréiert Ernärung gepocht gëtt. Wuelwëssend, dass ee muss Akzenter setze géint d'Obesitéit an eiser Gesellschaft.

Virdrun hat ech vun Allergië geschwat. Dozou ginn eise Leit säit 2022 Formatiounen ugebuede vum MENJE, an et ginn dann och nees Kreditter fir déi verschidde Formatiounsmoduller.

Säit e puer Joren hu mer en externen Intervenant, dee fir d'Qualitéitssécherung zoustänneg ass. Duerch reegelméisseg streng Auditten a Formatioune kënne mer de Level héich halen, well hir Analyse méi streng si wéi déi vun der Santé, wat jo och gutt ass.

Ab dësem Joer hu mer si beoptraagt, d'Gestioun vun de Menüe fir Allergiker a Kanner mat Intoleranzen ze iwwerhuelen an eeben och ze kontrolléieren. Kontroll ass den A an O an deelweis liewensnoutwendeg a verschiddene Fäll.

Ech denken, dass mer eis do gutt opstelle musse fir d'Zukunft.

Komme mer elo zu den interessanten Zuelen. Et kann ee soen, dass de Schoulministère eis fir 2023/2024 ëm déi 1.800 Plazen oder Chaisen accordéiert huet. Dat ass awer eng Estimatioun, well den Agrement fir de Container Precoce-Déifferdeng an d'Meederchersschoul Nidderkuer nach ausstinn.

Stand 9. Oktober hate mer 1.686 Inscriptiounen. Dat ass eng Augmentatioun vun 81 zum leschte Joer an et ginn aktuell 1.531 Kanner an eise Strukture betreit.

102 Kanner sti leider nach ëmmer op enger Liste d'attente fir d'Maison relais. Mam Agrement, deen nach aussteet, kéinte mer déi Zuel eventuell no ënne revidéieren.

D'Madamm Pregno hat zu der SEA-Organisatioun d'lescht Joer dem neie Schäfferot eppes mat op de Wee ginn,

*éducateurs lorsqu'ils vont chercher leurs enfants ou bien demander un rendez-vous.*
*Les structures d'accueil de Differdange sont inclusives et peuvent encadrer les enfants avec des besoins spécifiques. L'objectif est d'obtenir une mixité saine où personne n'est exclu. Chaque structure compte deux référents pédagogiques d'inclusion, les RPI, qui garantissent l'inclusion sur le terrain.*
*Depuis 2022, le ministère a élargi son offre en formations. Celles-ci sont gratuites et permettent aux communes d'obtenir des crédits. Parmi les modules proposés figurent la résolution de conflits, l'éducation plurilingue, le partenariat d'éducation avec les parents ou la gestion des allergies.*
*Le collège échevinal va entreprendre une restructuration des cuisines. En moyenne, les cuisines sortent 1745 menus par jour : les petits déjeuners, les déjeuners et les collations. Beaucoup d'enfants ne prennent pas de petit déjeuner à la maison. Les produits servis sont frais, saisonniers et locaux.*
*Le gaspillage est un sujet à surveiller. Thierry Wagner pense que trop de denrées sont jetées. Il cherche des solutions avec les cuisiniers et les éducateurs. Les structures d'accueil participent par ailleurs au Plan d'action national Gesond iessen, méi beweegen pour lutter contre l'obésité.*
*En ce qui concerne les allergies, le ministère de l'Éducation nationale propose des formations. Un intervenant externe réalise des audits quant à la qualité des aliments. À partir de cette année, il contrôlera aussi les menus servis aux enfants allergiques.*
*Pour 2023-2024, le ministère de l'Éducation nationale a accordé à Differdange quelque 1800 places. Au 9 octobre, 1686 enfants se sont inscrits, c'est-à-dire 81 de plus que l'année dernière. Actuellement, les structures encadrent 1531 enfants.*
*Cent-deux enfants se trouvent sur une liste d'attente. Mais ces chiffres pourraient être revus à la baisse en fonction de l'agrément.*
*L'année dernière, madame Pregno avait demandé au nouveau collège échevinal de planifier de nouvelles structures. Les structures actuelles*

*ont, en effet, atteint leurs limites. Le wok va venir s'ajouter aux maisons relais actuelles. Mais il faudra se montrer prévoyant et avoir une longueur d'avance.*
*Le Kornascht n'accepte que les enfants de Differdange.*
*Les critères d'admission ont été modifiés et approuvés par le conseil communal en mai.*
*Les conseillers communaux disposent d'une liste avec les projets socioéducatifs.*
*Thierry Wagner mentionne l'École nature de Lasauvage, où les enfants peuvent découvrir les écosystèmes.*
*La Journée du sport sera reconduite — éventuellement sous une nouvelle appellation.*
*Le projet Move a été lancé en 2010 avec un tournoi de handball et se poursuit.*
*Le 23 mai aura lieu la DiffDance Battle avec les maisons relais des communes voisines.*
*Le collège échevinal est à la recherche d'une personne voulant encadrer l'éveil musical. L'idée est de créer un chœur et Thierry Wagner demande aux conseillers communaux d'en faire partie.*
*(Rires)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *avoue que la dernière remarque de monsieur Wagner fait un peu peur. Il ne reste plus qu'à s'entrainer avant la première performance.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *préfère ne pas chanter, car sa voix est mauvaise.*
*Il rappelle que 1800 enfants devraient fréquenter les structures d'accueil cette année. Actuellement, les crèches et les maisons relais comptent 1531 inscrits.*
*Il est dommage que 102 enfants se trouvent sur une liste d'attente. La loi sur la gratuité des maisons relais stipule que chaque enfant a droit à une place. Dans ce contexte, Eric Cillien salue la volonté du collège échevinal, marquée dans le programme de coalition, de développer les structures d'accueil. Il espère que cela ira vite et que les listes d'attente disparaitront.*
*L'éducation non formelle est essentielle dans l'apprentissage holistique de l'enfant. C'est pourquoi le ministère a introduit la gratuité de l'accompagnement. L'État propose*

eebe fir nei Strukturen ze plangen. Dat ass och ganz richteg, well mer mat deene besteeënden Haiser eng raimlech Limitt erreecht hunn. Bock kënnt elo bäi, jo, mee et muss och an Zukunft gekuckt ginn, soss lafe mer deem alles ëmmer no. Besser ass et, wéi et an enger fréierer Witry-Rausch-Reklamm geheescht huet: „Ëmmer e Schratt viraus."

Am Kornascht, zum Beispill, huele mer just nach Kanner aus der Gemeng Déifferdeng un.

Nei ass, dass d'Critères d'admission ugepasst gi sinn. Dat gouf schonns am Mee vum virege Gemengerot esou gestëmmt.

Komme mer zu de sozioedukative Projeten. Se sinn all opgelëscht mat Erklärungen dobäi. Ech picken der just e puer eraus, ouni ze soen, dass déi elo méi wichteg wären. Dir hutt jo d'Méiglechkeet, se am Dokument nozeliesen. Besonnesch flott ass, dass d'Educateure mat de Kanner nees an d'Naturschoul zu Lasauvage kënne goen, wou se d'Natur an déi verschidden Ökosystemer entdecke kënnen.

De Schoulsportdag, deen 2023 ausgefall ass, ass nees um Programm. Vläicht mat engem neien Numm. An d'Organisatioun ass schonns amgaange mat de verschiddenen Acteuren.

Et kann een de Sportprojet Move erwänen, deen 2010 ugefaangen huet mat engem Handballtournoi an der Uewerkuerer Sportshal. No an no sinn du weider Sportsaktivitéite bäikomm.

Trainéiert gëtt fir den DiffDance Battle, deen den 23. Mee stattfënnt, zesumme mat de Maison-relaisen aus den Nopeschgemengen.

Den Éveil musical ass am Moment leider nach am Stand-by, well mer nach eng Persoun sichen, déi de Projet soll encadréieren. Am Fréijoer wëlle mer e Chouer op d'Bee stellen.

An domadder wëll ech och ofschléissen a proposéieren, dass de Gemengerot sech deem Chouer soll uschléissen.

(Gelaachs)

Merci. An ech bieden Iech, den SEA Plan d'organisation ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Wagner Merci fir déi Detailer a fir deen Opruff elo zum Schluss, deen eis all elo e bëssen erféiert huet. Mee dann hu mer d'Méiglechkeet ze trainéiere virun der éischter Prouf. Net dass déi aner Leit erféieren, wa mir ufänke mat sangen.

Géife mer zu de Wuertmeldunge kommen. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, léif Nolauschterer, ech sangen dann net mat, well meng Stëmm ass wierklech net gutt. Domadder verschounen ech Iech.

Wéi Der gesot hutt, wäerte ronn 1.800 Kanner dëst Joer vun de Betreiungsstrukturen hei an der Gemeng kënne profitéieren. Am Moment sinn 1.531 ageschriwwen an de Betreiungsstrukturen, souwuel am Klengkandberäich, Crèchë wéi an de Maison-relaisen.

Et ass schued ze gesinn, datt 102 Kanner op enger Waardelëscht stinn, virun allem am Beräich vun der non-formaler Bildung an de Maison-relaisen, well et do jo awer de Prinzip vun der Gratuitéit gëtt a well et do och e Gesetz gëtt, wat seet, datt am Fong all Kand en Urecht op esou eng Plaz huet.

Et ass ze luewen, datt mer am Koalitiounsaccord stoen hunn, datt mer kucken, fir déi Maison-relaisen an d'Betreiungsstrukturen hei an der Gemeng auszebauen. Ech hoffen, datt dat dann och esou schnell wéi méiglech ka virugedriwwe ginn, datt mer déi Waardelëschten op null kréien.

D'non-formal Bildung ass e ganz wichtege Volet an der holistescher Erzéiung vum Kand. Mir brauchen dat. Dowéinst ass déi Gratuitéit jo och agefouert gi vum Ministère. Do sollte mir kucken, fir deem bäizekommen. Vum Staat gëtt et do jo genuch Subventiounen, fir dat ze realiséieren.

Ceci étant dit, wollt ech op déi verschidde Projeten agoen, wou ganz vill Projete ganz gutt sinn. Ech wollt awer och nach op e Commentaire agoen, deen ech schonn eng Kéier hei gesot hat, deen och schonn an der Schoulkommissioun beschwat ginn ass, dat ass de Projet vum Welt-Atelier. Mir hu gesot: C'est un document vivant. Mir musse kucken, déi Saachen, déi kënnen evoluéieren, déi Projete mussen evaluéiert ginn. Do sinn ech ganz dobäi. De Projet vum Welt-Atelier sollt op alle Fall op de Leescht geholl ginn a sou schnell wéi méiglech. Ech hat et schonn eng Kéier gesot, virun allem am C1 hunn d'Kanner net d'Autonomie, fir selwer ze entscheeden, ob se wëllen iessen, ob se net wëllen iessen.

Ech gi vun Enseignanten drop ugeschwat, ech gi vun Elteren drop ugeschwat, déi soen, no der Mëttespaus kommen d'Kanner heem an hunn Honger. D'Enseignante gi vun den Elteren, wéi soll ech et soen, brüskéiert an et gëtt gesot: „Firwat seet mäi Kand mir, ech sinn hongreg um 16 Auer?" „Firwat kritt et näischt ze iessen an der Mëttegstonn?"

Je veux bien, datt d'Kand ka wielen, wat et wëll iessen, mee et muss awer eng gewësse Struktur do sinn. An d'Kanner hunn e Besoin u Routinnen. Beim beschte Wëllen, do komme mer net derlaanscht, do komme mer net derlaanscht. Mer kënne sou progressiv sinn, wéi mer wëllen, e klengt Kand brauch eng Routine. Nëmmen iwwert d'Routine léiert et eng Autonomie.

Wa mer dat net op de Leescht huelen, dann hu mer wierklech e Probleem. Et deet mer leed, mee domadder kann ech net liewen. A wann Der dee Sondage maacht a Bezuch vum Personal, bezitt an dee Sondage, wannechgelift, och d'Léierpersonal an a bezitt an dee Sondage och d'Eltere mat an. Well och déi wäerten Iech dozou eppes soen.

Dat gesot, soen ech dem Personal Merci, dat sech wierklech investéiert a vill schafft. D'Zesummenaarbecht tëschent der Maison relais an der Schoul fonctionéiert am grousse Ganze ganz gutt. Dat wëll ech awer och ervirhiewen.

An deem Sënn géife mer deen doten Dossier stëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Cillien, fir déi interessant Bemierkungen. Mir wäerten déi mat op de Wee huelen. D'Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Et ass scho bal alles gesot ginn. Den Här Wagner huet eis am Detail erkläert, wéi dat Ganzt fonctionéiert an och punkto Waardeleschten.

Dem Här Cillien seng Meenung deelen ech ganz, mir waren d'lescht Joer zesummen an der Schoulkommissioun. Am Welt-Atelier muss wierklech gekuckt ginn, dass virun allem déi kleng Kanner heiansdo awer, wéi ee seet, bei der Hand geholl ginn, fir Normalitéit eranzebréngen. An dass se an der Mëttegstonn kënne wielen, wat se iessen, mee dass se iwwerhaapt iessen.

Eng kleng Bemierkung zu de Waardeleschte vun eise Crèchen. D'Waardelëscht vun eise Maison-relais-Plazen, déi hänkt jo ëmmer e bëssen of vun de Chantiere vun den eenzele Sitten. 101 Kanner sinn an eise Crèchen. 86 am Foyer du jour Kornascht a 15 an der Bëschcrèche. Mir hunn awer eng Liste d'attente vu genau sou ville Plazen. Dat heescht vun 100 %. An am Koalitiounsprogramm steet näischt vu Crèchen. Dat kéint ee vläicht mat op de Wee huelen, fir doriwwer nozedenken.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Vun déi Lénk e grousse Merci fir déi ganz Aarbecht, déi geleescht gëtt mat eise Kanner, fir déi Organisatioun vun eise Maison-relaisen a Crèchen, déi, denken ech, op ganz gudden a wichtege Prinzippie baséiert. Mee wou een, en effet, d'Ëmsetzung – dat ass vum Eric

*suffisamment de subventions pour que la commune puisse agir.*
*En ce qui concerne les projets, il souhaite revenir sur le Weltatelier, dont il a aussi été question au sein de la Commission scolaire. Les concepts doivent pouvoir évoluer.*
*Pour Eric Cillien, le projet du Weltatelier doit être évalué le plus rapidement possible. Un enfant du cycle 1 ne peut avoir l'autonomie nécessaire pour décider s'il doit manger ou pas. Aussi bien les enseignants que les parents ont abordé Eric Cillien à ce sujet. Les parents s'étonnent que leurs enfants aient faim quand ils rentrent à la maison l'après-midi ou à 16 h.*
*Eric Cillien veut bien que les enfants choisissent quoi manger, mais ils ont besoin d'une structure et de routines. C'est inévitable que l'on soit progressiste ou pas. C'est à travers les routines que l'on devient autonome.*
*Pour Eric Cillien, il est essentiel d'évaluer le concept. Si le collège échevinal réalise un sondage, il faudra inclure le personnel et les parents, car ils ont des choses à dire.*
*Eric Cillien remercie le personnel pour son engagement. Le partenariat entre les maisons relais et l'école fonctionne plutôt bien. Il approuvera le dossier.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Cillien pour ses remarques intéressantes.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Wagner a expliqué en détail le fonctionnement de l'organisation.*
*Comme monsieur Cillien, Manon Schütz pense que le Weltatelier doit être revu. Il faut réintroduire une certaine normalité auprès des plus petits. À midi, ils doivent manger.*
*Les listes d'attente des maisons relais dépendent souvent des chantiers. Pour ce qui est des crèches, 86 enfants sont inscrits au Kornascht et 15 à la crèche forestière. Malheureusement, la liste d'attente est tout aussi longue. Or le programme de coalition ne mentionne pas les crèches. Il faudrait y penser.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie ceux qui ont contribué à la réa-*

*lisation de l'organisation des structures d'accueil.*
*Celles-ci reposent sur des principes sains, mais comme l'a dit monsieur Cillien, il faut parfois les évaluer. Doit-on remettre en question le Weltatelier ou simplement l'adapter ? Ce qui est sûr, c'est que les enfants ne peuvent pas être laissés seuls quand il est temps d'aller manger. Un cadre et des personnes de référence sont nécessaires. De toute façon, des éducateurs encadrent les enfants. Il faudrait en profiter pour surveiller de plus près ce qui se passe pendant les repas. Gary Diderich propose d'en parler au sein du conseil communal.*
*Car d'un côté, les enfants rentrent à la maison affamés à 16 h. Mais de l'autre, les structures d'accueil gaspillent beaucoup de nourriture. Existe-t-il des chiffres quant aux aliments jetés ? Ne pourrait-on pas mettre en place des mesures pour éviter de les jeter à la poubelle ? Gary Diderich trouve regrettable que l'on ait à la fois des clients de l'Office social n'arrivant pas à s'acheter à manger, des enfants ayant faim à 16 h et des quantités importantes d'aliments jetés à la poubelle lors même que leur production est liée à des émissions de* $CO_2$.

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *remercie tout le personnel scolaire.*
*Elle entend souvent dire que les enfants ont faim, mais qu'ils ne mangent pas alors même que les éducateurs les encadrent. On ne peut donc pas les forcer. Il ne faut pas systématiquement donner la faute au personnel.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *remercie monsieur Wagner pour sa présentation du dossier.*
*L'aide aux devoirs fait partie du SEA. De nombreux enfants passent toute la journée en maison relais. Il n'y a personne à la maison pour les aider à faire leurs devoirs. Et la simple surveillance en maison relais ne suffit pas. Existe-t-il des projets de concerts pour mettre en place une aide aux devoirs efficace ?*
*Les socialistes saluent la réalisation d'un sondage auprès du personnel des maisons relais. Il est essentiel que le personnel soit convaincu de*

Cillien genannt ginn – misst iwwerkucken.

Et muss ee sech froen, ob een dee ganze Prinzip muss a Fro stellen oder ob een éischter d'Aart a Weis, wéi een dat mécht, soll iwwerdenken. D'Kanner solle jiddefalls, och an engem Konzept Welt-Atelier, net ganz eleng gelooss ginn, domadder, wéi si iesse ginn, wéini se iesse ginn. Do soll et schonn e Kader ginn.

Et sollen och nach ëmmer Bezuchspersoune ginn. Et ass net, dass jidderee sech selwer iwwerlooss ass a sech do fräi ronderëm beweegt, ouni dass eng Bezuchspersoun do wär, un déi d'Kanner sech kënne wennen, wann eppes ass. An dat kann een och, grad wann een iesse geet, e bëssen notzen, dass een dann awer och mat de Kanner um Dësch sëtzt, dass een op d'mannst ee klenge Grupp méi am Bléck huet.

Vläicht kënne mer eis als Gemengerot méi domadder beschäftegen an eng Kéier sur place goen an dat thematiséieren.

Well wa mer op där enger Säit Kanner hunn, déi hongreg sinn um 16 Auer, dann hu mer op där anerer Säit ganz vill Bëtz, wat d'Iessen ugeet. Dat ass enorm an eise Kantinnen. Do wollt ech d'Fro stellen, wou mer do dru sinn. Kann een do schonn Zuelen nennen, wéi eng Quantitéiten dat sinn, déi do ewechgehäit ginn? Well et héiert ee relativ vill vum Terrain. Menges Wëssens ass näischt en place, fir dass déi Saachen net einfach an d'Poubelle gehäit ginn, mee dass se op d'mannst géifen op sënnvolle Plazen nach eng Kéier agesat ginn. Do wollt ech froen, ob Der dat am Bléck hutt an ob do vläicht Saachen en place kënne gesat ginn, fir dass mer net op där enger Säit hongreg Kanner oder soss Leit hunn. Mir hu virdru beim Punkt Office social vun deiere Liewensmëttelkäschte geschwat, an op där anerer Säit geheie mer d'Liewensmëttel, déi awer mat vill Aarbecht an och mat $CO_2$-Emissioune finalement verbonne sinn, dann ewech. Dat ass awer ze schued.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich. D'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begréissen d'ganzt Schoulpersonal an d'Léierpersonal. Mir ass och opgefall, dass vill Kanner oft soen, dass se hongreg si mëttes, awer och komplett refuséieren z'iessen, trotz dass d'Léierpersonal dohanner steet an och oppasst, dass se sollen iessen. Mee et kann een d'Kanner och net forcéieren. D'Schold kritt dacks d'Léierpersonal, ouni dass si eppes derfir kënnen. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci. Nach eng Wuertmeldung? Madamm Charlé, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech begréisse ganz vill, wat den Här Wagner eis haut presentéiert huet. Wéi ech den Dossier gelies hunn, si mer awer verschidde Froen opkomm, déi ech elo gäre stelle wéilt.

Op der Säit aacht gëtt erkläert, datt d'Aide au devoirs Deel ass vum SEA. Dëst verspriécht méi wéi just observéieren, wann d'Kanner Hausaufgabe maachen. Vu datt dëst de Kanner, déi dee ganzen Dag an de Betreiungsstrukture sinn an doheem keen hunn, deen hinnen hëllefe kann, deels net duergeet mam observéieren, wollt ech wëssen, ob virgesinn ass, e Projet an deem Kader ze lancéieren. Oder ob schonn eppes amgaangen ass, wat d'Aide au devoirs ugeet, fir dat just Observéieren e bëssen ze ëmgoen.

Eng aner Saach, déi ech bemierkt hunn, punkto Personal aus de Maisons relais, dat mat engem Sondage direkt ugeschwat gëtt. Dat begréisse mir natierlech als LSAP. Mir fannen et immens wichteg, datt trotz ausgeschaffte Konzepter wéi dem Welt-Atelier an dem

Emmi Pikler d'Personal, wat mat dëse ganze Konzepter schafft, och dovunner iwwerzeegt soll sinn a muss sinn, fir domadder kënnen ze schaffen. An do géif ech dann drop kommen, wat den Här Cillien virdru gesot huet, dass dat net fir all Kand ëmmer méiglech ass oder net fir all Kand klappt. Dat Ganzt misst een eng Kéier nokucken.

An deem Kader stellt sech d'Fro, ob dat net och eng gutt Iddi wär, fir fir d'ganzt Personal vun der Gemeng e Sondage ze organiséieren, wou jiddweree mol eng Kéier kéint soen, wéi e wat gesäit an ob en zefridden ass oder wat en denkt, wat ee kéint verbesseren. Well besser wéi si kënne mir et net wëssen, vu datt mer net iwwerall kënnen um Terrain sinn.

Da wollt ech verschidde Projeten ervirhiewen aus dem Dossier vum SEA. Zum Beispill den Airtramp, eng Aktivitéit, vun där all d'Kanner begeeschtert sinn an déi gläichzäiteg awer och ganz usprochsvoll a wichteg fir d'Entwécklung vum Kand ass an dat haaptsächlech am jonken Alter. Mir begréissen, datt fir dëst Schouljoer schonn e Plang opgestallt gouf fir den Airtramp, dee sech jo an der Fousbanner Schoul befënnt, dann och elo accessibel ass fir all d'Maison-relaisen.

D'Lasep, de Schoulsportdag, d'Schwammen, de Projet Move an nach vill aner Projete kann een nëmme begréissen, wann ee genau duerchliest a feststellt, wéi vill Aktivitéitsméiglechkeeten eis Kanner hei an der Gemeng hunn an och d'Educateuren hunn, fir mat hire Kanner ze organiséieren.

Wichteg ass et, sech déi verschidde Projeten an hir Ziler méi genau unzekucken a sech ze iwwerleeën, ob een eventuell misst Verschiddenes upassen oder ëmdenke fir déi kommend Schouljoren.

Hei géif ech méi konkreet op de Projet Sport mat de Veräiner an de Maison relais-Strukture kommen. Als Haaptzil gëllt et, ech zitéieren: „Die Kinder auf das Leben in einem Verein aufmerksam zu machen und sie für die Mitgliedschaft in einem Verein zu begeistern.“ Et wär eventuell fir déi kommend Joren eng Iddi, fir d'Kanner dann och effektiv an dës Coursen an an d'Veräiner ze kréien a se dofir ze begeeschteren. W ou se mat anere Kanner aus dem Veräin trainéiere kënnen. Dëst géif eng Bindung zum Veräin hierstellen an a spéidere Joren eventuell de Benevolat verstäerken.

Natierlech ass d'Fro vum Transport vun de Kanner eng, déi een net vun haut op muer léise kann.

Zu engem anere Projet wéilt ech nach ganz gären eppes soen. Jiddereen, dee mech kennt, dee weess, dass mir intergenerationell Projete ganz vill um Häerze leien. 2019 war dat de Grondstee vu menger Bacheloraarbecht. De Projet Liichtmëssdag fannen ech eng schéin Initiativ, e weist eis, datt den intergenerationellen Austausch béid Säiten eng grouss Freed bereeden. Ech sinn der Meenung, datt dat dote just soll den Ufank si vun engem grousse Projet, dee mer nach kënnen ausbauen.

Da wëll ech nach eng kleng Saach nofroen. Op der Säit 53 gëtt iwwert de Projet Recycling geschwat. Dat ass e Projet, wou d'Kanner an de Maison-relaisen a verschiddenen Ateliere léieren, de Recycling ausschaffen: Wéi funktionéiert dat? Wat gehéiert zu wat? Wat muss ech a wéi eng Dreckskëscht geheien? Ech géif et ganz interessant fannen, wann een de Recycling och kéint zu 100 % an de Schoulstrukturen, Maison-relais-Strukturen aféieren.

Dat ass an de Schoulen deels schonn de Fall. Awer an de Schoulhäff, zum Beispill, net ëmmer. Ech géif et ganz schéi fannen, wann d'Kanner, dat, wat se léieren, och an Zukunft géifen um Terrain virweisen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Gëtt et nach Wuertmeldungen dozou? Da géif ech d'Wuert zréckginn un den Här Wagner, fir eng Stellungnam zu deenen Erklärungen ze ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. E puer Erklärungen. Vill Froen, awer si sinn alleguerte positiv a ginn an déi richteg Richtung. A menger Ried kënnt dat och alles esou eraus an Dir confirméiert dat jo och vun Ärer Säit aus, da muss ech e puer Saachen och nach soen.

*concepts comme Emmi Pikler ou le Weltatelier, car c'est lui qui doit les appliquer sur le terrain. Comme l'a souligné monsieur Cillien, ces concepts ne sont pas forcément adaptés à tous les enfants. Il faut les évaluer.*

*Zenia Charlé se demande s'il ne faudrait pas réaliser un sondage auprès de tout le personnel communal pour savoir ce qui peut être amélioré. Après tout, le collège échevinal ne peut pas être présent partout.*

*Les enfants sont généralement enthousiastes en ce qui concerne l'Airtramp. Cette activité est importante pour le développement des petits. L'Airtramp se trouve au campus Fousbann et sera accessible aux maisons relais dorénavant.*

*Zenia Charlé mentionne ensuite la Journée du sport scolaire, la Lasep, la natation, le projet Move… Cela démontre que les enfants peuvent choisir parmi une vaste gamme d'activités. Ce qui est important, c'est de les évaluer et de procéder à des adaptations le cas échéant.*

*Le projet de partenariat avec les associations a pour objectif d'éveiller l'intérêt des enfants pour la vie associative. Au cours des prochaines années, il serait important d'organiser des visites dans les clubs sportifs pour les enfants des maisons relais puissent s'entrainer avec des membres. Cela permettrait de créer des liens. Mais la question du transport ne sera pas facile à régler.*

*Les projets intergénérationnels tiennent particulièrement à cœur de Zenia Charlé. Elle voudrait que le projet de la Chandeleur soit développé.*

*La page 53 parle de recyclage. Les enfants y apprennent le fonctionnement du recyclage, quels déchets il faut jeter dans telle ou telle poubelle, etc. Zenia Charlé pense qu'il faudrait introduire le recyclage dans les campus scolaires. Dans certaines cours de récréation, le tri n'est par exemple pas possible. C'est des choses que les enfants devraient apprendre sur le terrain.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *constate que de nombreuses questions vont dans la même direction. Les remarques des conseillers commu-*

*naux confirment ce qu'il avait dit dans son discours.*
*Évidemment, personne ne veut figurer sur une liste d'attente. Mais la taille des bâtiments ne permet pas d'accueillir plus d'enfants. Il reste du pain sur la planche. Il est possible que le nombre d'enfants sur ces listes baisse avec les agréments. Mais on n'arrivera pas à zéro.*
*Pour ce qui est des crèches, le Kornascht est plein. Il faudra trouver une solution. Quant à la crèche forestière, il n'y a rien à faire. La commune n'a pas accès au terrain en question parce qu'il s'agit d'une zone naturelle.*
*En tout cas, il faudra réfléchir ensemble avec les gens sur le terrain en tenant compte de l'évolution des enfants, de l'accroissement de la population…*
*Thierry Wagner concorde sur le fait que le Weltatelier doit être adapté. Il est intolérable que les enfants rentrent à la maison affamés. Comme l'a souligné monsieur Cillien, les plus petits ont envie de jouer et oublient d'aller manger. Une fois de retour en classe, ils se plaignent d'avoir mal au ventre.*
*Mais ces discussions n'ont rien de nouveau. Thierry Wagner sait que d'autres communes ont adopté des systèmes hybrides. Le Weltatelier peut avoir des effets positifs. Mais il ne peut pas être appliqué à la lettre. Dans ce cadre, le sondage que le collège échevinal veut réaliser est particulièrement important, car les éducateurs passent beaucoup de temps avec les enfants.*
*Un sondage doit aussi être réalisé auprès des parents. Il sera géré par le CGPO.*
*Comme l'a proposé madame Charlé, un projet similaire est aussi prévu auprès du personnel communal. Mais dans un premier temps, le collège échevinal se focalisera sur les structures d'accueil.*
*Thierry Wagner a du mal à accepter que des aliments soient gaspillés. Les aliments coutent cher et souvent, ils ne sont pas consommés. La situation est grave. Comme il l'a dit tout à l'heure, une restructuration des cuisines est prévue. Le collège échevinal cherchera des solutions en partenariat avec les cuisiniers et des entreprises externes.*

Listes d'attente: kloer, et ass fir kee schéin do mussen ze waarden. A mir schaffen drun. Et ass eeben d'Gréisst vun de Gebaier, déi dat am Moment einfach net hierginn. Do besteet effektiv Nohuelbedarf. Quitte, dass déi Agrementen, déi elo nach ausstinn, vläicht, wéi ech gesot hunn, dat Ganzt e bëssen no ënne revidéieren. Mee komplett gutt ass et net, well – an dat huet den Här Cillien jo och gutt gesot – eigentlech sollt et 100 % sinn. A mir schaffen drun, fir dat och ze realiséieren.

Dat war elo haaptsächlech d'Maisonrelaisen, mee och bei de Crèchen, do si mer effektiv um Enn. Dat heescht d'Kornascht ass voll. Do muss einfach eng Solutioun nach dobäikommen. D'Bëschcrèche kënne mer net veränneren, dat däerfe mer net. Dat huet och déi vireg Buergermeeschtesch d'leschte Kéier gesot hei, dass mer do keen Zougang zu deem Terrain kréien, well se am Naturberäich leien an net kënnen utiliséiert gi fir auszebauen.

Do musse mer effektiv nach Saachen an Ugrëff huelen an, wéi gesot, ëmmer mat de Leit um Terrain, fir erauszefannen, wéi d'Evolutioun vun de Kanner, d'Wuesse vun der Populatioun ass an esou weider. D'Demografie muss matageplangt ginn.

Welt-Atelier, sinn ech ganz op Ärer Säit, dass mer deen Dossier – dat hat ech och gesot – lieweg mussen halen. Dat heescht vläicht och emol revidéieren. Well et kann net sinn, wéi elo schonn e puer Riedner gesot hunn, dass d'Kanner duerno hongreg an der Klass sëtzen. Dat kann net sinn. Dat däerf net sinn.

Wéi den Här Cillien gesot huet, kleng Kanner sinn net ëmmer apte ze decidéieren, ob se wëllen iessen oder net, haaptsächlech wëlle se gär spillen an d'Iesse vergiesse se dann. Awer duerno hu se de Bauch wéi, wa se da beim Enseignant an der Klass sëtzen. An déi hunn eis dat och scho gesot. Dat sinn Diskussiounen, déi schonn amgaange sinn. Dat ass elo näischt Neies fir eis.

Effektiv musse mer d'Konzept Welt-Atelier oder dee Module, wéi een et och ëmmer nenne wëll, iwwerdenken. Ech war och schonn an aner Gemenge lauschteren, wéi si et upaken. An ech hat a menger Ried gesot, dass si hybrid Léisungen hunn. Dat heescht, dass dat e bësse kombinéiert gëtt. Wann et gutt ugepaakt gëtt, ass de Welt-Atelier positiv. Wann et net gutt ugepaakt gëtt, d'office scho schlecht gehandhaabt gëtt an à la lettre och geholl gëtt, da kann näischt Guddes doraus entstoen.

An do musse mer dann dat Ganzt, wéi gesot, ëmmer mat de Leit upaken. Dofir ass dee Sondage ganz wichteg. Do kënnt déi Fro e puermol op. Si sollen eis do och hir Iddie matdeelen, wéi si et gesinn. Well si sinn déi, déi mat de Kanner schaffen. Net mir, mee si. Dat ass ganz wichteg.

Wéi richteg gesot ginn ass, d'Eltere musse mer och froen. Et geet net duer, dass déi an der Schoulkommissioun sëtzen. D'Eltere musse mer alleguerten iergendwann eng Kéier an engem Sondage upaken, wéi dat machbar ass. De CGPO, wéi ech gesot hat, dat ass eng Cellule beim Staat, déi eigentlech och nëmme fir de Staat do ass, mee awer och fir d'Gemengen.

A mir hunn dat extra do ugefrot, hunn dat och gestatt kritt, dass mer dee Sondage kënnen iwwer si lafe loossen. A wéi d'Madamm Charlé gesot huet, ass dat och eng Iddi fir d'ganzt Personal vun der Gemeng, fir dat eng Kéier ulafen ze loossen. Dat hu mer hinnen och proposéiert. Si hu gesot, si maachen elo mol dat heiten. An da gesi mer jo, wéi den Echo ass. An da kënne mer dat dann och duerno ausbauen.

D'Kichen, Antigaspi, dat ass och fir mech, wéi ech scho vidru gesot hunn, schlecht ze erdroen, wa Saachen ewechgehäit ginn. Deier Iesswueren nach dobäi, déi dann einfach net utiliséiert ginn. Dat ass schlëmm, dat ass grav. Et ass awer och esou, hat ech jo och schonn ugekënnegt, dass mer an der Kichen eng Restrukturatioun maachen. Dass mer do d'Käch mat an d'Boot huelen a mat hinnen zesummen no Solutioune sichen. Respektiv iwwer extern Firmen, wat mer kënne vun deene Produiten notzen.

An do ass et awer och esou, datt wann de Welt-Atelier, dat Konzept anstänneg oder gutt géif lafen, da géife mer héchstwarscheinlech de Probleem vum Gaspillage – mir wëssen elo net, wat giess gëtt oder net – och besser an de

Grëff kréien. Dat muss een awer och soen.

Aide au devoirs hat d'Madamm Charlé ugeschwat. Jo, do sinn zwee Bildungsopträg, déi d'Maison relais respektiv d'Schoul huet, déi si ganz verschidden. D'Schoul ass do, fir de Kanner Wësse bäizebréngen. Op där anerer Säit ass den Educateur oder d'SEA do, fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, hir Hausaufgaben a Rou kënnen ze maachen. Si betreie se net direkt, si passe just op, dass se dat maachen. Ech denken an der Reegel, um Terrain, wäerte se och emol heiansdo hëllefen.

An dat ass awer eng Situatioun, déi och net esou gutt ass. Um Fousbann, dat koum vun hinne souguer selwer, leeft eng Aart Pilotprojet, dass verschidden Enseignanten och wäerten an d'Maison relais goen a mat de Kanner do den Appui maachen. Respektiv och ëmgedréit, wéi ech ëmmer gär hätt, Hand an Hand schaffen, dass Educateuren och an d'Schoulklasse ginn a verschidde Kanner, déi vläicht aner Besoinen hunn, ze betreien. Dat soll Hand an Hand goen.

Ech denken, do kënne mer eis eppes erwaarde vun deem Pilotprojet. Deen natierlech um Fousbann méi einfach ëmzesetzen ass, well et infrastrukturell machbar ass. De Kannercampus um Belval ass e gutt Beispill, wéi ee kéint verschidde Saachen zesummen upaken.

Wat ass nach gesot ginn? De Spodi. Jo, de Spodi ass eng gutt Aktioun, ass e gudde Schnuppercours fir d'Kanner, fir dass se an der Mëttespaus Sport kënne maachen. Et ass ganz wichteg, verschidde Sportaarte kënne kenneléieren.

Mee wéi d'Madamm Charlé gesot huet, fir sech ze bannen un e Veräin, ass et net esou machbar. Et muss dann esou sinn, dass d'Kanner an de Veräi kënne goen an do Sport maachen, sech mat deem Veräi kënnen ze identifizéieren. Dat ass deen eenzege Moyen, fir d'Kanner bei der Staang ze halen an hirer Sportaart.

Do hu mer jo – an dat huet de virege Schäffe jo och scho lancéiert –, e Coordinateur sportif, dee mer wëllen astellen. Dee stelle mer och elo gläich an. Et ass jo ausgeschriwwen, déi éischt Virstellungsgespréicher wäerten elo gläich sinn. An deen huet den Haaptaufgabeneffectif, de Spodi, nenne mer en dann och esou, d'Kanner an de Veräin ze bréngen. Dat ass eng logistesch Meeschterleeschtung, déi do muss gemaach ginn. Respektiv mussen eis Veräiner och do matspillen, mussen och emol d'Trainingszäiten ugepasst ginn. Mee dat wäerte mer dann am Dialog mat hinnen zesumme maachen.

Den intergenerationellen Austausch fannen ech super gutt, an dat kann een och ënnersträichen. E soll och ausgebaut gi mat deem Liesprojet, mee awer och aner Aktiounen, wou ee mat de Kanner vläicht kann an de Servior goen oder ëmgedréit och. Dat muss een och upaken.

De Recycling ass eng Saach, déi een anescht vläicht nach misst upaken. An der Schoul, respektiv an der Maison relais kréie se geléiert, wéi se sollen trennen an da gi se an de Schoulhaff, da steet eng Dreckskëscht do. Dat kann et jo dann net sinn. Bannen trenne se a bausse brauche se net ze trennen. Do hu mer elo e Concours lafen, fir d'Schoulhäff méi flott ze gestalten an do ass natierlech de Volet vum Recycling adaptéiert. Dreckskëschte mussen dann och do dobäikommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen dem Här Wagner Merci fir déi Erklärung. Mir kéimen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des structures d'accueil pour l'année scolaire 2023-2024.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 10 vum Ordre du jour, d'Musiksschoul, d'Organisation scolaire 2023/2024, eng zweet, déi néideg ass hei am Gemengerot. Här Hartung, wannechgelift.

*Pour le moment, la commune ne connait pas les quantités qui sont gaspillées. Mais si le Weltatelier fonctionnait comme il faut, il est probable que l'on arriverait à maitriser ce problème.*
*En ce qui concerne l'aide aux devoirs, on distingue deux missions. L'école apporte des connaissances aux enfants. Les structures d'accueil leur permettent de faire leurs devoirs en tranquillité. Les éducateurs les surveillent, mais n'interviennent pas directement. Cependant, dans la pratique, il est probable que les éducateurs les aident au besoin.*
*Au Fousbann, les enseignants ont décidé de se rendre à la maison relais avec les enfants pour donner des cours d'appui. Parallèlement, les éducateurs se rendront à l'école le cas échéant. Il s'agit d'un projet pilote. Le campus Fousbann s'y prête compte tenu des infrastructures. Le campus de Belval constitue un bon modèle.*
*Le Spodi est une bonne action permettant aux enfants de découvrir le sport. Mais il ne permet pas aux enfants de créer un lien fort avec les clubs sportifs. Pour cela, il faudrait que les enfants se rendent dans les clubs. L'échevin au sport précédent a lancé l'idée d'un coordinateur sportif. Les premiers entretiens d'embauche auront lieu prochainement. Sa mission consistera à organiser des séances au sein des clubs. D'un point de vue logistique, c'est un défi. Les clubs devront adapter leurs horaires.*
*Les projets intergénérationnels seront développés avec un projet de lecture et éventuellement en partenariat avec Servior.*
*En ce qui concerne le recyclage, les enfants apprennent à faire le tri. Mais une fois dans la cour de récréation, il n'y a qu'une seule poubelle. La commune a lancé un concours pour réaménager les cours de récréation. Dans ce contexte, il sera aussi question du recyclage et des poubelles.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à l'organisation 2023-2024 de l'École de musique.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que l'organisation provisoire a été adaptée le 14 juillet.*
*Aujourd'hui, il est question de la version définitive.*
*Les changements sont peu nombreux. Certains étudiants ont abandonné parce que les cours ne correspondaient pas à leurs attentes. Ils ont été remplacés par ceux sur la liste d'attente. D'une manière générale, les cours sont bien fréquentés, ce qui est important pour toucher les subsides.*
*En ce qui concerne le personnel, un enseignant doit être remplacé. Un appel à candidatures a été lancé pour un A2 comme prévu par la loi. La commune a reçu deux candidatures.*
*Cette année, les remboursements s'élèvent à 1 670 829,16 €, c'est-à-dire 200 000 € de plus que l'année dernière. L'année prochaine, cette somme devrait atteindre 1 869 000 € si aucun étudiant n'abandonne. En général, il faut compter avec une baisse de 5 % à 10 %.*
*Jerry Hartung remercie toute l'équipe de l'École de musique et demande au conseil communal d'approuver l'organisation.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *remercie à son tour le personnel.*
*Cent à cent-vingt personnes se trouvent sur une liste d'attente. Le chiffre exact dépend du nombre de personnes qui vont quitter les cours.*
*Differdange dispose d'une école régionale devant théoriquement enseigner tous les instruments. Par manque de place, elle ne peut malheureusement pas le faire. Pour cette raison, beaucoup d'étudiants vont à Esch ou à Dudelange. Pétange vient d'ouvrir sa nouvelle école.*
*Pour Manon Schütz, la musique est aussi importante que le sport et elle regrette que Differdange perde de nombreux étudiants.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à l'adaptation de l'organigramme du personnel communal.*
*Une partie des adaptations concerne des postes ayant fait l'objet d'appels à candidatures in-*

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif alleguer, am Gemengerot vum 14. Juli hate mer déi provisoresch Schoulorganisatioun gestëmmt. Haut hu mer elo déi definitiv Versioun virleien. Dëst en vu, datt all d'Zuele virum 1. Dezember um Schoulministère mussen ofgi ginn, fir eebe subsidéiert ze ginn.

Vum Inhalt hier huet sech net vill geännert. Divers Schüler sinn ewechgefall, well et oft net dat war, wat se sech sou virgestallt haten. Do sinn der vun der Liste d'attente nogerutscht. Soudatt d'Coursë weiderhin zimmlech gutt besat sinn. Wat och wichteg ass fir d'Subsiden.

Beim eegene Personal, do hu mer Schwieregkeeten, fir nach aacht Stonnen ofzedecken, well de virgesinnen Enseignant muss remplacéiert ginn. Wat mer mussen, laut legaler Basis, als Éischt als A2 ausschreiwen an net einfach séier ee sichen. Den Delai ass dëse Méindeg ofgelaf. Mir hunn zwou Kandidaturen erakritt, do musse mer elo kucken, ob dat da passt.

Zu de Finanzen, eng gutt Noriicht: Do krute mer dëst Joer 1.670.829,16 Euro rembourséiert. Dat si bal 200.000 Euro méi wéi d'Joer virdrun. Stand haut, géife mer d'nächst Joer 1.869.000 Euro rembourséiert kréien, wa kee Schüler ewechfale géif. Eppes wourop ee kaum Afloss huet, de Ministère awer net iwwerhëlt, obwuel si d'Reegele virginn. Generell ginn d'Museksschoulen ëmmer vun enger Baisse vun ëm déi 5 % bis 10 % am Laf vum Joer aus.

Nieft der grousser Offer an der gudder Organisatioun mussen d'Formalitéiten an d'Paperasse gutt klappen, fir sou héich rembourséiert ze ginn. Fir hire ganzen Asaz ee grousse Merci un eis ganz Ekipp vun der Museksschoul. Ech bieden Iech, d'Organisatioun vun der Museksschoul matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuertmeldung. Ech wëll och dem Personal vun der Museksschoul e grousse Merci ausschwätzen.

Effektiv, déi Waardelëscht vun 100 bis 120 Schüler, déi hänkt ëmmer dervun of, ob Kanner oder erwuesse Leit ophale mat de Coursen.

Ech wëll awer derzou bemierken, dass Déifferdeng eng regional Museksschoul ass a misst u sech all d'Sparten ofdecken. Wat awer, leider, net de Fall ass.

Wéinst Plazmangel kënne si net all Instrument oder all Spart ubidden. Dat ass natierlech schued, well dee ganzen Département danse feelt zum Beispill. Vill Schüler ginn dowéinst op Esch respektiv op Diddeleng, well déi dat ubidden. Péiteng huet natierlech och elo d'Chance, well hir nei Museksschoul opgaangen ass oder geet – ech weess elo net genau, ob se schonn op ass –, dass si och bal kënnen alles ofdecken. An doduerch vill Schüler heiansdo verluerginn. Jo, et ass halt nun esou. Mee ech wollt dat awer eng Kéier just bemierken, well Musek fir mech och eppes ganz, ganz Wichteges ass, genau sou wichteg wéi Sport zum Beispill. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Stellungnam. Gëtt et nach eng aner Wuertmeldung, soss kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2023-2024 de l'École de musique.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 11, eng Adaptatioun vum Organigramm vum Gemengepersonal um Niveau Office social, Logement, CID, Museksschoul an och an de Strukture vun der Kichen. Ech géif herno bei de Strukture vun de Kichen dem Här Wagner d'Wuert ginn, fir do den Detail ze ginn.

Ech presentéieren den Detail vun deenen aneren Adaptatiounen. Et handelt sech dobäi ëm Adaptatiounen, déi mer musse maachen, well Aarbechtsplazen intern ausgeschriwwe waren a Leit sech intern op déi gemellt hunn. Fir eis da fir d'Zukunft ze rüsten, fir dass mer déi Plazen, déi dann net méi besat sinn, kënnen ausschreiwen, musse mer eng Adaptatioun vum Organigramm maachen.

Dat heescht, et gëtt kee weideren agestallt, et ass just eng Adaptatioun, fir an Zukunft kënnen déi Leit auszeschreiwen, déi mer mussen op deene Plazen hunn.

Ech géif dem Här Wagner d'Wuert ginn, fir eis d'Situatioun am Beräich vun der Kichen ze erklären. An da kéime mer zu de Wuertmeldungen. Merci.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Um Niveau vun eisen SEA-Kichen hu mer eis e puer Gedanke gemaach, wéi mer d'Gestioun méi effektiv kënne maachen, an dëst no enger Evaluatioun vun der Ist-Situatioun zesumme mat eisen Haaptkäch vun deene verschiddene Sitten, wou mer och elo schonn dräimol zesummesouzen.

Nodeems de Poste vum Responsabele vun all de Kiche vakant ginn ass, gëtt deen esou net méi besat. Mee d'Verantwortung gëtt op e puer Schëllere verdeelt, esou dass et pro Kichen ee Chef d'équipe gëtt, dee säi ganzt Personal geréiert.

An do kënnt dann och elo d'Botzpersonal dobäi, wat bis elo ëmmer vun eisem CID geréiert gouf.

Mir hunn deemno elo dräi Sitten: Fousbann, Uewerkuer an Nidderkuer. Nidderkuer besteet aus de Kiche Mathendahl an dem Kornascht.

Domadder kann aus engem Goss geschafft respektiv gekacht ginn. D'Hierarchie ass gekläert, an de Responsabelen ass direkt um Site selwer. Et ass awer och esou, dass déi dräi Chef-d'équippen ënnerenee kommunizéieren, fir gemeinsam Commanden zum Beispill, mee awer och, wa Personalmangel ass an enger Unitéit, fir dann ëmzeswitchen.

Esou ass de Service ëmmer ënner Kontroll. A bei enger gréisserer Penurie, bedéngt vläicht duerch Krankeschäiner, besteet d'Méiglechkeet, aus dem Service Nettoyage Leit bäizekréien. Dat gouf esou an eisem CID ofgekläert. A béid Säite gesinn dëst als eng gutt Léisung.

Mir kréien also fir de Site Uewerkuer an Nidderkuer/Mathendahl zwee Chefs d'équipe am Organigramm. An de vakante Chef-d'équipe-Poste geet un den Haaptkach vum Fousbann. Doduerch hu mer e Posten, dee vakant ginn ass, an dee besetze mer um Site Nidderkuer, wou och Bedarf ass, mat engem weidere Kach. An dee Poste gëtt dann och elo ausgeschriwwen. Ech bieden Iech, déi Ännerung esou unzehuelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations de l'organigramme au niveau du département social, du CID, de l'École de musique ainsi que des structures et des cuisines du service d'éducation et d'accueil.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'assistant social C6 sous le statut du salarié (CCT-SAS) pour le service logement.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'éducateur gradué C6 sous le statut du salarié (CCT-SAS) pour le SEA.*

*ternes. Ces transferts ont créé des postes vacants qu'il s'agit désormais de pourvoir.*
*Guy Altmeisch précise que personne ne sera recruté. Il s'agit simplement d'adapter l'organigramme aux futurs besoins.*
*Le bourgmestre cède la parole à monsieur Wagner pour parler des cuisines.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique que des réflexions sont en cours pour gérer de manière plus efficace les cuisines des structures d'accueil. Un état des lieux a été dressé.*
*Le poste de responsable est supprimé. La responsabilité sera répartie entre différents chefs d'équipe — un par cuisine.*
*Jusqu'à présent le personnel de nettoyage était géré par le CID. Cela va changer.*
*Thierry Wagner rappelle qu'il est question de trois sites : Fousbann, Oberkorn et Niederkorn. Niederkorn compte deux cuisines : celle du Mathendahl et celle du Kornascht.*
*Les trois chefs d'équipe sont censés communiquer entre eux pour gérer les commandes communes, mais aussi pour faire face à un manque de personnel ponctuel. Et en cas de grosse pénurie, les agents de nettoyage pourraient aussi intervenir en cuisine.*
*Pour résumer, il s'agit de créer deux postes de chef d'équipe. Le poste de responsable des cuisines est transformé en poste de chef d'équipe du Fousbann. Le poste vacant qui en résulte est attribué au campus de Niederkorn.*
*(Votes)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au Plan de gestion des forêts.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a assisté à la présentation du garde forestier, monsieur Berg, et il constate que le Plan de gestion des forêts n'est pas le même d'une année à l'autre. Cette année, le garde forestier a dû faire face à de nombreux pépins : des tempêtes, la sècheresse, le manque d'eau… En outre, de nombreux arbres sont simplement tombés, y compris à des endroits dangereux. Le garde forestier a donc dû intervenir et veiller à ce que personne ne se retrouve en danger.*

*Pour ce qui est des bostryches, il a fallu abattre des arbres. Mais Fred Bertinelli s'étonne de la vitesse à laquelle la nature se reprend. À Lasauvage, les nouveaux arbres ont déjà atteint un demi-mètre de hauteur. En revanche, d'autres forêts sont atteintes et il faudra abattre les arbres.*

*Le bois des arbres abattus est utilisé pour chauffer les écoles. Fred Bertinelli signale que Differdange ne compte que peu de forêts privées. La plupart appartiennent à l'État ou à la commune.*

*La pénurie d'eau constitue un grand problème. Les animaux sauvages n'en trouvent plus en quantité suffisante et sont obligés de se diriger vers les villages ou les fermes pour trouver à boire. La commune essaie de voir comment utiliser l'eau des sources dans les forêts. Elle a demandé une autorisation à monsieur Leytem.*

*Le garde forestier organise aussi des activités pédagogiques pour les élèves. Il leur explique ce qu'est la forêt.*

*Parmi les projets intéressants figure l'agrandissement de l'école Nature à Lasauvage. Il a fallu repousser le projet pour des questions budgétaires, mais monsieur Bertinelli en parlera bientôt.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif, pour le département social.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste d'employé communal appartenant au groupe d'indemnité A1, sous-groupe enseignement, pour l'École de musique.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la décision à caractère général concernant la rémunération d'un salarié.*

Merci. Da kéime mer zum Punkt 12, Plan de gestion annuel vun de Bëscher. Ech géif dem Här Bertinelli d'Wuert ginn. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, alle Jahre wieder komme mer zu eisem Bëschplang. Wa mer eise Bëschplang awer esou kucken – an een deen op der Presentatioun war vun eisem gudde Fierschter, dem Här Berg, gesäit dat –, gesi mer, datt awer net all Joer de Bëschplang dee selwechten ass.

Eise Fierschter hat dëst Joer mat ville Saache Misär. Dat heescht mat Stierm, mat Dréchent, mat Manque vu Waasser, awer och Waasser, wat ganz vill Beem ënnerspullt huet. Op alle Fall hate mer eppes dëst Joer, wat mer scho laang net méi haten: Ganz vill Beem sinn einfach esou ëmgefall, och a Géigenden, wou et scho geféierlech war, op Stroossen oder op Weeër an esou.w-Wou de Fierschter huet mussen duerno kucke goen, fir déi Saachen ze sécheren. Dass kengem eppes géif geschéien, deen do iwwer e Wee oder duerch de Bësch spadséiere geet.

Déi aner Saach ass de Borkenkäfer. Dir gesitt, datt mer iwwerall do, wou et machbar war, déi Beem gefällt hunn. Wann ee gesäit, wéi schnell d'Natur, ouni vill Saachen ze planzen, sech erëm erhëlt. Wann een op Lasauvage fiert, déi nei Beem sti scho praktesch op en hallwe Meter erëm, déi do um Komme sinn. Do gesäit een, wéi schnell d'Natur sech regeneréiert. Mee mir hunn nach e ganze Koup Bëscher, déi befall sinn an déi just nach stinn, well se no beienee stinn, mee déi och deemnächst musse gefällt ginn. De Fierschter huet eis drop opmierksam gemaach, datt dat an der nächster Zäit wäert geschéien.

Aus de gefällte Beem gëtt Holz gemaach, dat gëtt verfeiert. Do si mir dee gréisste Client, eis Gemeng, mat eise Schoulen. Dat ass och gutt esou. An dat geet och duer. Mir hu ganz wéineg privat Bëscher, déi hei ronderëm sinn, dat meescht ass de Staat an d'Gemeng. An do ass och ganz vill geschitt.

Ënnerwee ware mer och mam Fierschter. Wat eis de Summer iwwer vill Suerge gemaach huet, dat ass d'Waasser an de Bëscher. D'Déieren, zemools déi wëll Déieren an de Bëscher, hunn op ville Plaze kee Waasser méi fonnt, well es néierens méi war, well de Bësch esou ausgedréchent war. Wat och e Grond war, firwat d'Beem einfach ëmgefall sinn. Soudatt d'Déieren erofgelaf sinn an d'Dierfer oder bei de Bauer an d'Wiss drénken, well néierens Waasser war fir d'Déieren.

Do leeft eng Aktioun elo mat eisem Fierschter a mat eise Leit vun der Gemeng a mat der Ëmwelt, fir ze kucken, wou een natierlech Quelle ka lafe loossen, wéi zum Beispill dat d'ganzt Waasser, fir déi, déi de Site e bësse kennen, op der Camionspist, dat do op der Strooss steet an da verdréchent. Dat Waasser loosse mer elo an de Bësch lafen.

Do hu mer eng Permissioun beim Här Leytem gefrot, fir dat kënnen ze maachen. Datt mer ëmmer Waasser an de Bëscher fir eis Déieren hunn.

Des Weidere gëtt de Fierschter sech ganz vill Méi, fir mat eise Schoulen, der Naturschoul an eise Schoulen, pedagogesch do virzegoen. Fir de Kanner ze weisen: Wat ass e Bësch? Wat ass d'Ëmwelt am Bësch? Do gëtt e sech ganz vill Méi.

An ech muss soen, datt mer nach vill, vill Saache virhunn. Mir hunn och elo zu Lasauvage e Projet, dee mer elo lues a lues wäerten ugoen, wat d'Vergréisserung och vun der Naturschoul wäert ginn. Wou mer awer elo budgetär hu missen zréckstellen, mee wou mer Iech deemnächst doriwwer wäerten informéieren, wat dann doraus gëtt.

Des Weidere muss ech soen, datt den Här Leytem eis ganz vill ënnerstëtzt huet, wat eis ganz Regioun ugaangen ass. Deen ass Direkter gi vun der ANF an hoffe mer, datt e vun hei aus, datt en eis sou weider hëlleft, wéi en eis gehollef huet. Dat war op jiddwer Fall ëmmer, wa mer bei e gaange sinn oder Saache gefrot hunn, hu mer ëmmer Saache gesot kritt, wéi se sinn a wat mer däerfen a wat mer net däerfen. Och op deene Sitten, déi geschützt waren. An duerfir soen ech Iech, datt mer deen heite kënne stëmmen.

Ech wëll Iech informéieren: Mir probéieren, aner Bamaarten unzeplanzen, déi vill méi resistent sinn op d'Dréchent an op d'Hëtzt. Ee Pilotprojet wëlle mer maachen, fir ze kucken, wéi déi an eise Bëscher reagéieren. Do hu mer elo mol eng Ufro gemaach.

Wéi gesot, wann een dat all Joer hei matstëmmt, mengt een ëmmer, et wier all Joer dat selwecht, mee e Bësch, dee lieft. An dee Bësch ass esou grouss an esou schéin an ech wëll hei dem Fierschter mat senger ganzer Ekipp, an all deene Leit, déi do schaffen, Merci soen, wat ech och an der leschter Kommissiounssitzung gemaach hunn, well si maache wierklech eng fantastesch Aarbecht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Mer wäerten dee Bëschplang matstëmmen a mir schléissen eis de Mercien un.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Pregno. Merci, Här Cillien.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Et wäert kee wonneren, wann ech soen, dass déi gréng e positiven Avis zu deem Bëschplang ginn. Ech war ganz frou ze gesinn, dass nach den Avis vun der Ëmweltkommissioun nokomm ass. Dat ass en immens positiven Avis mat ganz villen Detailer fir deen, dee sech vläicht an deem Domän net esou auskennt.

Mir hunn hei zu Déifferdeng eng ganz fortschrëttlech an ökologesch Bëschpolitik, déi, wéi den Här Bertinelli gesot huet, vum Fierschter senger Verwaltung geleet gëtt. An och mir felicitéieren eisersäits dem Här Leytem, mat deem mer jo och ëmmer gutt geschafft hunn, fir seng Promotioun an d'ANF.

E grousse Merci geet vun eiser Säit souwuel un de Fierschter an d'Bëschaarbechter wéi un de Service écologique, déi jo och ëmmer ganz enk do zesummeschaffen.

Ech denken, dass den Challenge vun der Bëschaarbecht, nennen ech elo mol esou, wierklech dat grousst Bëschstierwen ass. Dat jo drop zréckzeféieren ass, dass mer vill ze vill héich Temperaturen an ze vill Dréchenheet an de Summerméint hunn an anerersäits mat engem immens héije Wëldbestand ze kämpfen hunn. Do muss engersäits gekuckt ginn, wéi mer eis Bëscher virum Klima schütze kënnen, an anerersäits dann och schütze virum Wëldbestand a wéi een dat Bëschstierwen e bëssen ophale kann.

Well mir wëssen alleguerten, dass mer déi gréng Long brauchen. En Haaptmierkmol vun der Stad Déifferdeng ass déi Centure verte, en Noerhuelungsgebitt. A mir gesinn, oder fir déi Leit, déi Usager si vum Bësch, mir gesi vill Leit an deene Bëscher, déi wierklech op eng ganz positiv Manéier vun deem Gebitt do profitéieren.

Am Bëschplang si weider Aarbechten a Projete verankert. Dir hutt de Gros ervirgehuewen, Här Bertinelli, ech ginn net weider drop an. Eppes, wat mer

*Monsieur Leytem, le nouveau directeur de l'Administration de la nature et des forêts soutient énormément Differdange. Chaque fois que la commune a des questions, il répond de façon claire — par exemple en ce qui concerne les zones naturelles protégées.*
*La commune a aussi l'intention de planter des arbres plus résistants à la chaleur. Le collège échevinal a fait une demande pour lancer un projet pilote.*
*Fred Bertinelli explique que le conseil communal peut avoir l'impression que le Plan de gestion des forêts n'évolue pas d'une année à l'autre. Mais la forêt est vivante. Fred Bertinelli remercie le garde forestier et toute son équipe, car ils réalisent un travail formidable.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *annonce que les démocrates approuveront le Plan de gestion des forêts.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *voit le Plan de gestion des forêts d'un bon œil. Le dossier reprend l'avis de la Commission de l'environnement, qui contient de nombreux détails pour les novices.*
*La politique differdangeoise en matière de forêt est écologique et progressiste. Laura Pregno félicite monsieur Leytem pour sa promotion au sein de l'ANF. Elle remercie ensuite le garde forestier, son équipe et le service écologique.*
*Le plus grand défi pour Differdange est de contrer la disparition des forêts due aux températures trop élevées et à la sècheresse. Le nombre d'animaux sauvages constitue un deuxième problème. La commune doit réfléchir à la question de savoir comment protéger la forêt du changement climatique. Differdange dispose d'une ceinture verte et les gens en profitent pour se ressourcer.*

*Laura Pregno ne va pas revenir sur tous les projets, car monsieur Bertinelli en a parlé. Elle tient cependant à souligner l'importance de l'École nature, qui fait découvrir la nature aux enfants. Les enfants respectent ce qu'ils peuvent voir, toucher et appréhender.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie à son tour le garde forestier pour le travail réalisé dans les forêts, car les conditions ne sont pas faciles.*
*Le Plan de gestion des forêts et l'avis de la Commission de l'environnement soulignent comment l'équipe du garde forestier ne se contente plus de travailler dans les forêts. Elle en crée. Gary Diderich fait allusion aux microforêts. Celles-ci relient les centres urbains à la forêt et permettent de rafraichir les localités.*
*Un des objectifs consiste aussi à étendre les zones protégées. La commune réfléchit notamment à faire des bois autour de la Ferme rouge une zone naturelle. Il est important d'entretenir la forêt du mieux possible à cet endroit.*
*Gary Diderich voudrait en savoir plus sur les dommages occasionnés par les animaux sauvages. Sont-ils en augmentation ?*
*Il sait que les plantes sont protégées par un grillage. Mais la question est importante, car il faut organiser la chasse de manière à empêcher les animaux de manger les meilleures plantes avant qu'elles n'aient le temps de pousser.*
*La forêt a une fonction importante. Il faut la protéger et la reconstruire là, où le bostryche a sévi.*

**MORGAN ENGEL (PIRATES)** *salue à son tour le Plan de gestion des forêts.*
*Le gibier s'approche souvent des maisons et occasionne des dégâts dans les jardins. Dans la rue des Ligures par exemple, les habitants ont installé des barbelés. Mais Morgan Engel ne pense pas que ce soit une bonne chose pour la nature et pour les animaux qui se blessent.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle que le garde forestier a présenté le Plan de gestion des forêts à la Commission de l'environnement la semaine der-*

awer ëmmer erëm begréissen, dat ass déi enk Kooperatioun mat der Naturschoul. Et ass wierklech wichteg, dass mer d'Kanner d'Natur léieren, de Kanner d'Natur bäibréngen a se wierklech am Respekt domadder opwuesse loossen. Et ass jo dat, wat d'Kand gesäit a kann upaken an erfuerschen, wat et herno och wäert vill respektéieren.

Dofir vun eis e positiven Avis. A villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Och vun eiser Säit merci fir déi Aarbecht, déi geleescht gëtt an eise Bëscher. Dat ass vill Aarbecht. Déi ass wichteg an déi gëtt ënner deene Konditiounen, déi mer hunn, beschtméiglech gemaach.

Wat een ervirsträiche kann aus dem Avis vun der Ëmweltkommissioun respektiv aus dem Bëschplang, dass eis Ekipp mëttlerweil net nëmmen am Bësch schafft, mee och Bëscher schaaft, Tiny Forests oder Micro-forêts genannt, wéi mer se op der Wuelemswiss um Fousbann hunn. A wou den Appell leeft, dass weider esou Plaze solle virgeschloe ginn a geschafe ginn. Well déi wichteg Verbindunge schafen tëschent dem urbanen an dem Raum an de Bëscher selwer an och mat deenen Temperaturen, déi an d'Luucht ginn, erméiglechen, dass eis Stied ofgekillt ginn duerch esou Mikro-Bëscher.

Et geet och drëm am Bësch Zonen auszeweiden, déi protegéiert sinn. Sou sollen d'Bëscher ronderëm de Roudenhaff zum Beispill gekuckt ginn, ob een do net Naturschutzgebitt kann draus maachen an do weider d'Efforte verstäerken, fir dass de Bësch do sou gutt wéi méiglech ënnerhale gëtt a sou mann wéi méiglech Nuisancë fir de Bësch entstinn.

Eng Fro, déi ech wollt opwerfen: De Wëldschued, wéi entwéckelt dee sech am Moment? Hutt Der e Monitoring vum Wëldschued, ob deen an d'Luucht geet oder net? Ech weess, dass nei Planze mat Drot protegéiert gi mëttlerweil, fir dass d'Planzen awer nach ukommen. Dat ass en Theema, wat jo och elo méi an der Aktualitéit ass, wéi een d'Juegd esou gemaach kritt, dass d'Wëld eeben net ëmmer déi kleng an déi beschten an déi schmackhaftste Planzen dann ewechfruppst, ier se d'Méiglechkeet haten ze wuessen. Iwwert dee Volet stinn elo keng Mesuren am Bëschplang. Eng éischt Mesure wär vläicht fir mol ze kucken, wéi sech deen entwéckelt, an dorobber dann ze reagéieren.

Dat ass vun eiser Säit hier d'Reflexioun zum Bëschplang an zum Bësch, deen eng ganz wichteg Funktioun fir eis huet an dee mer esou gutt wéi méiglech sollen erhale respektiv do erëm nei opbauen, wou de Borkenkäfer an de Klimawandel eis en zum groussen Deel vreckt gemaach huet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Madamm Engel.

**MORGAN ENGEL (PIRATEN):**

Villmools merci fir d'Wuert. Och mir begréissen et. Ech hätt eng Fro. Effektiv, wéi den Här Diderich elo gesot huet, et gëtt verschidde Plazen, wou d'Wëld relativ no un d'Haiser kënnt an alles, wat Gäert an esou ubelaangt, zertrampelen oder wéi och ëmmer. Vill Leit hunn ugefaangen, wéi zum Beispill hanner der Rue des Ligures, Drot ronderëm ze maachen, fir ze vermeiden, dass dat Ganzt eebe futti gemaach gëtt. Ech gleewen net, dass dat gutt ass fir d'Natur an och fir d'Déieren, déi sech doranner verfänken.

Merci villmools.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen alleguer, d'lescht Woch war eise

Fierschter bei eis an der Ëmweltkommissioun, fir eis de Bëschplang virzestellen. Fir d'éischt wëll ech d'Geleeënheet notzen, dem Christian a senger Ekipp Merci ze soe fir hir Aarbecht an eise Gemengebëscher.

Gréisser Ännerunge stinn net um Programm, loosse mer esou soen. Nieft senger Aarbecht, eise Bësch an der Rei ze halen – wat net einfach ass, well vill Beem krank sinn –, besteet déi grouss Erausfuerderung, de Bësch fir d'Zukunft fit ze maachen.

Donieft muss hie fir d'Sécherheet an de Bëscher suergen an och géint invasiv Planze virgoen.

Nei ass dëst Joer: Et wäerten nëmme 40 Kouerten Holz gemaach gi fir d'Stéit. Wat, menger Meenung no, net extreem vill ass.

Nei ass och ee klenge Gadget, loosse mer et emol esou nennen. Viru Jore goufe Chrëschtbeemercher oder Dänne gesat, déi elo dëst Joer déi éischt Déifferdenger Chrëschtbeemercher sinn, déi selwer an eise Bëscher gezillt gi sinn.

Vill Holz wäert net kënne geschloe ginn, well mer e relativ jonke Bësch hunn. Lues a lues sinn déi Plaze mat de Borkenkäferfiichte fort. Hei ass gemierkt ginn, dass d'Bëscher sech relativ séier erëm erhuelen, well mer uewen um Bierg e relativ gudde Buedem hunn an de Bësch warscheinlech séier an deenen nächste Joren do erëm opkënnt, loosse mer esou soen.

Wat nach usteet ass, d'nächst Joer wäerte vun der ANF nei Kaarte vun eise Bëscher erstallt ginn. Dës ginn all zwanzeg Joer gemaach. Hei gëtt dra festgehalen, wéi de Bësch an Zukunft beschafft soll ginn. An do wäerten dann och déi Bëscher, déi mer op der Zouner Kopp op der franséischer Säit kaaft hunn, mat an dee Plang fléissen.

Hei entsteet dann och en Zéngjoresplang, wat an Zukunft an de Bëscher wäert geschéien.

Nieft senger Aarbecht am Bësch, mécht de Fierschter och nach vill edukativ Projete mat de Kanner, fir hinnen d'Wichtegkeet vun eisem Bësch méi nozebréngen.

Den Här Diderich hat gefrot mam Verbass. Do ass et esou, op ville Plaze gesäit ee sou Weisergatteren, nennt een dat, dat heescht, déi si ronderëm zou, dass d'Wëld net erakënnt. An do gëtt da gekuckt, wéi den Ënnerscheed ass zu deene Plazen, wou d'Wëld eeben drukënnt, fir festzestellen, wéi de Verbass ass. Mee ech weess awer elo net, ob se do scho wëssen, wéi schlëmm oder wéi gutt oder wéi schlecht mer do stinn.

Mir soen eisem Fierschter, senger Ekipp an och eise Leit aus dem Service écologique Merci a stëmmen dëse Bëschplang mat Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Den Här Scheuren, wannechgelift.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech hale mech kuerz, et ass alles gesot. Ech wollt am Numm vun der LSAP dem Fierschter a senger Ekipp e grousse Merci ausdrécke fir déi wäertvoll Aarbecht, déi si maachen, geféierlech Aarbecht och deels.

Vu dass mer och gäre Leit an d'Bëscher kréien, fannen ech perséinlech, dass een do kéint méi u Bänken an Dreckskëschte bei de Bänken denken. Well déi lescht Joren, wann een duerch de Bësch geet, soubal eng Bänk enzwousch ass, da läit alles do. Da gëtt do richtege Littering gemaach ronderëm, wat u sech schued ass fir dee schéine Bësch, dee mer hunn. Ech weess elo net, ob dat dem Fierschter ënnerläit, mee ech mengen, do kéint een den Hiewel usetzen, fir de Bësch e bësse méi propper ze kréien. Well en ass derwäert, fir och propper gehalen ze ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren. Da ginn ech dem Här Bertinelli d'Wuert zréck.

*nière. Il remercie monsieur Berg et son équipe.*
*Les adaptations sont peu nombreuses. D'un côté, il s'agit d'entretenir les forêts, ce qui n'a rien d'évident compte tenu du nombre d'arbres malades. De l'autre, il faut préparer les forêts aux défis à venir.*
*Enfin, il s'assure que les forêts soient sures et lutte contre les plantes invasives.*
*Cette année, seules quarante cordes de bois seront distribuées aux ménages, ce qui est peu.*
*Parmi les autres nouveautés figure le fait que les sapins plantés il y a quelques années seront utilisés cette année pour Noël.*
*La forêt differdangeoise étant relativement jeune, on ne pourra pas abattre beaucoup d'arbres. Le bostryche est en train de disparaitre. La forêt se régénère plutôt rapidement, car le sol est de bonne qualité.*
*L'année prochaine, l'ANF va réaliser de nouvelles cartes des forêts differdangeoises comme c'est le cas tous les vingt ans. La gestion pour les dix prochaines années sera décidée. Les plans comprendront aussi les forêts que la commune a acquises à Saulnes.*
*Le garde forestier organise aussi des activités pour les enfants afin de leur inculquer l'importance de la forêt.*
*Monsieur Diderich a parlé de l'impact du gibier sur les plantes. Guy Tempels ne sait pas quelle est la situation à Differdange, mais on peut prendre des mesures pour évaluer l'impact.*
*Le conseiller communal remercie le garde forestier, son équipe et le service écologique.*

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** *remercie à son tour le garde forestier et son équipe pour leur travail parfois dangereux.*
*Comme les gens aiment passer du temps dans la forêt, il faudrait penser à installer plus de bancs et plus de poubelles. En effet, Michel Scheuren a remarqué qu'à côté des bancs, il y a souvent des détritus. Il ne sait pas si ce problème est de la compétence du garde forestier, mais en tout cas, plus de poubelles pourraient contribuer à réduire le problème.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que d'après le garde forestier, les dommages occasionnés par le gibier à Differdange ne sont pas considérables. Il arrive que les animaux pénètrent dans des quartiers comme Belair, car les jardins jouxtent la forêt. Dans certains cas, le gibier peut provoquer des dégâts, mais d'une manière générale, le garde forestier estime que le problème n'est pas énorme.*
*Le garde forestier et son équipe comptent aussi aménager le site entre le Béckléck et l'ancienne douane. Fred Bertinelli avait oublié de le préciser tout à l'heure.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux actes et conventions.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise qu'il est question de la vente d'appartements à Gravity.*
*La commune veut s'assurer que les appartements revendus continuent à être abordables. Ainsi, elle dispose d'un droit de préemption. Le prix est fixé dans l'acte sur la base d'une formule tenant compte de l'indice de construction et de l'ancienneté.*
*En juillet, la commune avait racheté un des appartements. Le vote d'aujourd'hui porte sur la revente de cet appartement à une famille figurant sur la liste d'attente.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention dont l'historique remonte à 1987. À l'époque, la commune et l'État ont signé une convention sur cinquante ans portant sur le Haneboesch.*
*Au cours de la période législative précédente, le conseil communal a approuvé la prolongation du contrat de bail avec l'État afin de permettre à certains exploitants de procéder à des travaux de transformation ou d'agrandissement.*

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et si Froe gestallt ginn. Déi eng, dat war, wat d'Wëld ubelaangt. Dat ass richteg. De Fierschter sot, dat wär net esou schlëmm. An och eis Beem, déi Planzen, déi si gesat hunn, déi si mat deem Drot do festgemaach. Et ass vill Wëld am Bësch, mee sou vill Schued duerch d'Wëld hätte mer net.

Déi aner Fro, wann d'Wëld erauszitt, dat sinn eenzel Plaze wéi de Belair oder wou de Bësch direkt un de Gäert vun de Leit läit. Do ass effektiv, wa se do duerch den Drot ginn, da maache se Schued, dat ass richteg.

Mir wësse jo awer alleguerten, datt all Juegdhär, deen eng Juegd huet, och eng Assurance dofir huet. Also, wann ee sech do mellt, dat ass kee Probleem, datt dee säin Drot ersat kritt. An da wäert d'nächst Joer, wann ze vill vun enger Zort do sinn, da wäert e säi Juegddénge méi héich setzen. Mee, wéi gesot, u sech war de Schued awer net héich, net esou grouss, laut dem Fierschter.

Ech hat virdrun eppes vergiess, de Fierschter huet eis gesot, vum Béckléck erop bis bei d'Douane gëtt vu senge Leit amenagéiert. Do kuckt en och, fir dat hinzekréien, wat en do muss ewechschneiden. Dat ass och eppes, dat ass ganz kuerzfristeg, mee dat ass och elo an der Maach. Ech wollt Iech awer doriwwer informéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Plan de gestion annuel des forêts 2024.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 13), wou verschidden Akten a Konventiounen erläutert sinn. Ech géif d'Wuert dem Här Hartung ginn, fir eis den 13) ze erklären. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Gären. Hei si mer nees beim Verkaf vun de Wunnengen aus dem Gravity. Also ganz kloer de Verkaf, net d'Lokatioun. Déi waren all schonn am Fréijoer verkaf ginn.

Fir sécherzestellen, datt dës Wunnengen am abordabele Wunnraum bleiwen, falls de Proprietär nees wéilt verkafen, gouf deemools richtegerweis festgehalen, datt d'Gemeng e Virkafsrecht op dës Appartementer hätt. De Präis ass beim deemolegen Acte de vente mat enger Formel, déi zum engen dem Bauindex an zum aneren der Anciennetéit Rechnung dréit, festgehale ginn.

Am Juli hate mer jo de Fall, datt eng Persoun aus private Grënn hiert Appartement aus dem Gravity zréckverkaf huet. Elo verkafe mer dës Wunneng un déi nächst Famill, déi op der deemoleger Liste d'attente stoung. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et Wuertmeldungen dozou oder Froen? Wann net, da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de contrat de concession d'un droit d'emphytéose et de vente d'un appartement situé dans le Gravity Tower à Differdange avec les époux Von Schledorn-Iturralde Baquero.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 13), eng Konventioun.

Do muss ech elo e klengen Historique maachen. Et geet an d'Joer 1987 zréck, wou de Gemengerot zesumme mam Staat eng Konventioun ënnerschriwwen huet op 50 Joer, déi bis 2037 gutt sollt sinn, am Zesummenhang mat der Zone industrielle Haneboesch. Fir déi Exploitanten, déi do Terraine kritt hunn.

D'Demande war do vu verschiddenen Exploitanten, fir do nei ze investéiere respektiv fir do ze transforméieren.

Dofir hu mer an engem fréiere Gemengerot déi Ajustementer gestëmmt an och déi Verlängerung vun deem Contrat de bail mam Staat an déi Reinterventioun gestëmmt.

Wéi dat dunn un den Enregistrement gaangen ass an déi Akten hu missen enregistréiert ginn, ass festgestallt ginn, dass een Akt gefeelt huet bei där Ofstëmmung. Dofir musse mer déi Ofstëmmung haut nohuelen. Et ass am Fong geholl eng Formalitéit, well déi Zäit am Gemengerot en Oubli war. Méi ass et net.

Wann Der Froen hutt dozou oder Wuertmeldungen, probéieren ech Iech, dat nach ze erklären. Et war och Neiland fir mech. Ech hu mer et och missen zweemol erkläre loossen, ier ech et emol e bësse verstanen hunn. Mee ech hoffen, dass meng Erklärunge bei Iech ukomm sinn, an dass Der dat e bësse verstanen hutt, wat ech domadder gemengt hunn.

Wann et keng Froen oder Wuertmeldungen dozou gëtt, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de rétrocession d'un droit de superficie concédé en vertu d'une convention administrative du 13 juillet 1987 avec l'État relative à des terrains situés aux lieudits Zone-industrielle-Haneboesch et Bei-der-Langheck à Niederkorn d'une superficie totale de 427,70 a.*

Merci. Da kéime mer zum 13), eng Lokatioun zu Uewerkuer vun zwou Parzellen. Do ginn ech dem Här Bertinelli d'Wuert, fir eis e puer Erklärungen ze ginn. Här Bertinelli, wannechgelift.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass en Terrain, dee mer bei engem Bauer geléint hunn. Dat ass, wann Der d'Boettelchen, d'Rue de l'eau eroffuert, hanner der Schoul Um Bock op der Héicht vun där Wiss niewendrun. Do leeë mer en Naturparking u fir 30 bis 50 Autoen. Dat ass geduecht, fir wann d'Schoul Um Bock erëm opgeet an och fir déi Sportshal, déi do hannendrun ass, datt déi Leit eng Parkplaz fannen.

Dat ass meeschtens bis 17 Auer, wou d'Leit do Schoul hunn. Fir de Weekend a fir owes ass et da geduecht, och fir d'Leit aus dem Quartier, well zu Déifferdeng Parkplaze rar sinn. An hei géife mer de Probleem vun der Bockschoul ee fir allemol geléist kréien, wa mer dee Parking do op där Plaz géife kréien.

Mir hunn dee Parking net kaf, mir hunn e gelount. Fir 10.000 Euro d'Joer kréie mer dee vun där Persoun geléint. Mir maachen d'Infrastrukturen. Dee Parking ass och payant fir d'Personal vun der Schoul. Just fir de Quartier résidentiel ass e gratis, soudass och deen, deen do am Quartier mol eng Kéier méi wéi zwee Autoe bei sech op Besuch huet, kann do den Auto histellen. An et ass e laang gefrote Probleem hanner der Bockschoul, fir dee Probleem esou kënnen ze léisen.

Ech wier frou, wann Der mer dat géift stëmmen. Dann hätte mer dee Probleem beim Bock, wat de Parking ubelaangt, gekläert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wuertmeldungen? Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Déi Gréng si sech bewosst, dass et zu Uewerkuer zu gewëssene Momenter wierklech eng problematesch Parksituatioun gëtt. Mir begréissen déi Initiativ, wou de Schäfferot léisungsorientéiert geschafft huet, mee iergendwéi gesi mer net wierklech déi Léisung als Optioun un.

Dëse Parking géif jo u sech déi immens kleng a schmuel Strooss vum Trafick hier iwwerfuerderen. Et géif vill Trafick an dësem Deel vum Quartier bedeiten. An am Koalitiounsprogramm steet jo awer „éviter tout trafique inutile". Oder ass dësen Trafick hei dann utile?

Et géif warscheinlech iergendwou den Elteren zegutt komme moies, déi d'Kanner do an d'Schoul bréngen.

*Lorsque les documents ont été envoyés à l'Administration de l'enregistrement, on s'est aperçu qu'il manquait un acte. Aujourd'hui, il faut procéder à un deuxième vote. C'est une formalité.*
*Guy Altmeisch ne connait pas tous les détails non plus. Si les conseillers communaux ont des questions, il essaiera de fournir d'ultérieures explications.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à la location de deux parcelles à Oberkorn.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit de terrains que la commune a loués à un agriculteur. Ils se situent derrière l'école du Bock quand on descend la rue de l'Eau. Il s'agit d'y aménager un parking naturel pour trente à cinquante véhicules. Quand l'école du Bock va rouvrir, il faudra que le personnel puisse trouver une place. Le soir et le weekend, le parking est plutôt destiné aux riverains.*
*La commune loue le terrain pour 10 000 € par an et gère les infrastructures. Le parking sera payant pour le personnel de l'école et gratuit pour les résidents du quartier.*
*Le problème du stationnement à proximité de l'école du Bock n'a rien de nouveau et il fallait trouver une solution. Fred Bertinelli demande au conseil communal d'approuver le projet.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que les écologistes sont au courant des problèmes de stationnement à Oberkorn. Il est vrai qu'il faut trouver une solution, mais elle doute que celle proposée soit pertinente. En effet, la rue en question est courte et étroite. Elle risque d'être saturée avec un parking. Laura Pregno se demande si cela ne fait pas partie du « trafic inutile » mentionné dans le programme de coalition.*
*D'un autre côté, ce parking serait utile pour les parents emmenant les enfants à l'école.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno admet que le personnel s'en servira aussi.*
*Elle estime cependant qu'Oberkorn serait le quartier idéal pour introduire le pédibus.*

*Une des deux parcelles dont il est question se trouve dans une zone REC. Pour aménager 10 ou 15 places de stationnement, il faudra compenser la haie et les arbres. Le reste se trouve dans une zone verte. Laura Pregno doute que monsieur Leytem, dont monsieur Bertinelli a parlé tout à l'heure, soit d'accord. L'avis de la Commission de l'environnement n'a même pas été demandé.*
*Pour le contribuable, les frais se montent à 150 000 € sur 15 ans pour à peine 15 places de stationnement. Les écologistes n'approuveront pas ce parking.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *confirme que la situation dans ce quartier est catastrophique. Il y habite.*
*D'un côté, les parents n'hésiteraient pas à entrer en voiture dans les salles de classe s'ils le pouvaient. De l'autre, les enseignants n'ont pas envie de se garer au parking du Parc-des-Sports quand il fait mauvais. Il est donc important de discuter de ce projet.*
*En revanche, François Meisch trouve le prix trop élevé. Si cela intéresse le collège échevinal, il dispose lui aussi d'une prairie dans le quartier.*
*(Rires)*
*François Meisch annonce que les démocrates approuveront ce projet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *félicite l'échevin à la circulation pour son efficacité.*
*Il est question de deux parcelles de 39 a dans la rue de l'Eau. Il rappelle que monsieur Bertinelli veut aménager un parking écologique, ce qui résout les questions environnementales.*
*Ce parking va soulager le quartier autour de l'école du Bock. Les réclamations des riverains sont nombreuses, car les emplacements résidentiels sont constamment occupés. La situation est devenue intolérable. Mais désormais, le personnel du campus pourra utiliser le nouveau parking.*
*Les socialistes soutiennent l'aménagement de parkings de quartier. Pour Erny Muller, il faut chercher d'autres quartiers dans la même situation et y aménager ne serait-ce*

(Ënnerbriechung)

Net?

(Ënnerbriechung)

D'Schoulpersonal, okay. Well ech denken awer och un Elteren, déi hir Kanner dohinnerbréngen. Ech hunn dann awer och eppes vu Pedibus gelies. Ech denken, grad Uewerkuer wär u sech dee beschte Quartier, fir vläicht de Pedibus op d'mannst nach eng Kéier ze analyséieren. Quitte, dass och dat jo scho geschitt ass.

Ech kommen zu zwou anere Constatatiounen. Déi Parzellen, déi de Schäfferot hei lount, sinn am PAG an zwou verschidden Zone klasséiert. Laanscht d'Strooss befënnt sech eng Zone REC, wou een effektiv eng Rei Parkplazen amenagéiere kéint. Hei steet allerdéngs eng Heck a puer vereenzelt Beem, déi misste jo dee Moment nach kompenséiert ginn. Ech denken, dass een hei tëschent 10 a 15 Parkplaze kéint amenagéieren.

Dee gréissten Deel vun dëse Parzelle läit awer, laut PAG, an der Zone verte. An d'ANF huet Iech jo awer sur place gesot, an Dir hutt jo virdru beim Bëschplang gesot, dass Der an enke Kontakt mam Här Leytem stitt, dass Der net mol bräicht eng Demande anzereechen. D'Äntwert wär hei e kloren Neen. Och ass keng Ëmweltkommissioun heizou ëm en Avis gefrot ginn. An et si jo awer Parzellen an der Zone verte.

De Gemengerot soll hei also e Kontrakt validéieren, wou mir eisem Steierzueler seng Suen, also 10.000 Euro, wéi Der sot, op 15 Joer, also spréch 150.000 Euro ausginn, firwat? Fir zéng Parkplazen? A fir dass mer de Rescht dem Gras beim Wuesse kënnen nokucken?

Ech mengen, ech brauch jo wierklech elo net hei ze soen, wat mir do stëmmen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Aner Wuertmeldungen? Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, ech ka bestätegen, datt do Dag fir Dag eng katastrophal Situatioun an deem Quartier ass. Ech gi reegelméisseg selwer do ëmmer zougesat, well ech do wunnen.

Mir wëssen: D'Eltere wéilten am léifste mam Auto bis an de Klassesall fueren. Mir wëssen och, datt vill Enseignanten, zemools bei schlechtem Wieder, net an de Parc des Sports an d'Parkhaus ginn. Dat ass nu mol esou, dat kréie mer warscheinlech och ni geännert. Dofir sinn ech frou, datt dat hei elo zur Ried kënnt.

De Präis fannen ech e bëssen héich. Ech hunn iwwregens och nach eng Wiss do, wann Der nach e bësse braucht.

(Gelaachs)

Mir stëmmen dat gäre mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Am Numm vun der LSAP wëll ech de Schäfferot, a speziell de Mobilitéitsschäffen, luewe fir déi schnell Reaktioun betreffend der Lokatioun vun dësen zwou Parzellen. Et sinn 39 Ar en face vun der Bockschoul geleeën, an der Rue de l'Eau. Fir op dëser Plaz e sougenannte Quartiersparking anzeriichten. Wéi ech den Här Bertinelli verstanen hunn, wëllt e jo den Ëmweltprobleemer domadder entgéintkommen, dass dat en ekologesche Parking soll ginn.

Dëse Parking wäert de Quartier ronderëm d'Bockschoul entlaaschten, zum Virdeel vun den Awunner a Parking résidentiel. Ech si ganz d'accord mam Här Meisch, dass mer do nëmme Reklamatioune kréien, well de Quartier résidentiel permanent vun aneren Utilisateure besat gëtt an de Quartier praktesch vum Verkéier hier, also vun der Parkplaz-Situatioun hier, onméiglech gëtt.

Vu dass d'Léierpersonal an och d'Personal vun der Maison relais elo kann op dëse Parking zréckgräifen, kréie mer schonn déi Situatioun entspaant.

Iwwregens wëll ech soen, dass d'LSAP all Initiativ ënnerstëtzt betreffend d'Ariichtung vu sougenannte Quartiersparkingen, sief dat flächeméisseg oder, wann dat net geet, och als Mikro-Parkhaiser.

Ech mengen, et sollt een änlech gelagert Quartieren elo weider kucken, wou Handlungsbedarf ass a wou sech Méiglechkeeten ergi fir e Parking, a sief et och nach nëmmen dee Klengsten. 30 bis 50 Autoe kann eis do ganz vill notzen, fir déi Quartieren erëm besser ze gestalten.

Mir encouragéieren de Schäfferot, weider op dee Wee ze goen, fir och op deenen anere Plazen, wou mer änlech Situatiounen hu wéi hei, den Awunner aus de jeeweilege Quartieren entgéintzekommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Parksituatioun ass bekannt an deem Quartier. Ob dat heiten elo eng Léisung ass bezweifelen ech.

An deem Quartier gëtt et e relativ grousst Parkhaus, och wann den Här Meisch bezweifelt, dass dat jee wäert esou genotzt ginn. Mee ech weess awer net, ob eis Reaktioun muss sinn, fir Gréngfläch mat Parking ze beleeën, well déi puer Meter ze wäit sinn. A wéi ee Beispill mer do eise Kanner och ginn an am Fong Richtung Pedibus wëlle goen an d'Leit an der Beweegung wëllen halen an d'Kanner an der Beweegung wëllen halen a mer dat net esou organiséiert kréien, dass déi puer Meter do ze packe sinn.

Dovunner ofgesinn, dass dat vläicht politesch ënnerschiddlech Perspektive sinn, wéi een d'Mobilitéit hei an der Gemeng gestalte soll, muss een ëmmer wëssen: All Parkraum, deen ee schaaft, an all Strooss, déi ee schaaft, schaaft Autosverkéier. Dat ass esou. Ob mer do elo „Mikro" virun de Parking setzen, dat ännert näischt. An dat muss ee sech bewosst sinn, wann een esou Choixen hëlt.

Dat anert, wat net eng Fro ass vu politescher Appreciatioun, an dat huet d'Madamm Pregno schonn ugeschwat: Hei hu mer am Dossier just e Contrat de location. Mir hu kee Plang, wat domadder gemaach gëtt, mir hu keng Geneemegungen. Mir ginn hei matzen a Richtung Zone verte eran, zu engem groussen Deel, a mir wëssen net, wéi vill Plaze mer herno wäerten hei autoriséiert kréien. Mir wëssen awer schonn, dass dat eis op esou vill Joer 10.000 Euro d'Joer kascht. Esou eppes kënne mir als déi Lénk op kee Fall matdroen.

Wann Der esou ee Parking wëllt do maachen, an Dir wëllt eng Zoustëmmung hei kréien an engem Gemengerot, da preparéiert den Dossier esou, dass een all d'Elementer zesummen huet an dass ee weess, dass dat finanziellt Engagement, wat mer haut stëmmen, dass dat och dans l'effet eppes bréngt. An dat wësse mer elo net. Dat heesch, jiddereen, deen elo dofir stëmmt, dee stëmmt fir eng Iwwerraschungstut. Wann dat den Ëmgang ass mat ëffentleche Suen, dann ass dat Äre Choix.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Gesitt Der, wat een dovunner huet, Här Buergermeeschter, wann ee seet, wat ee maache wëll! Wéi mam Budget virdrun a mam Koalitiounsprogramm.

Hei steet jo just dran, datt mer deen Terrain hei lounen. Méi steet jo net dran. Wat mer domadder maachen, wäerte mer Iech nach soen. Souwäit si mer jo net. Mir lounen dat, fir do wëllen e Parking ze maachen. Mir sinn dat alles froe gaangen. Mir hunn do vun deene Leit gesot kritt, datt dat geet, datt mer do mindestens kéinten 30 Parkin-

*que trente ou cinquante places. Cela aide les résidents.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *connait les problèmes du quartier, mais doute que la solution proposée soit bonne. Le quartier dispose déjà d'un grand parc de stationnement, qui, comme l'a dit monsieur Meisch, n'est pas suffisamment utilisé. Mais la solution ne peut pas consister à occuper toutes les surfaces vertes. Les gens devraient être capables de marcher quelques mètres.*
*Gary Diderich admet que les avis politiques peuvent diverger à ce sujet. Mais il ne faut pas oublier que chaque nouvelle rue et chaque nouvelle place de stationnement engendre du trafic. De petits parkings n'y changeront rien. Il faut en être conscients quand on prend ce type de décisions.*
*Comme l'a dit madame Pregno, le dossier n'est constitué que d'un contrat de location. Le conseil communal n'a reçu ni plans ni approbations. Or le terrain se trouve en pleine zone verte. La commune ne sait pas combien de places de stationnement vont être autorisées. En revanche, le loyer se monte à 10 000 € par an. Gary Diderich demande au collège échevinal de préparer des dossiers complets. Car il ne sait pas à quoi servira cet argent. C'est comme approuver un sachet-surprise.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale que le vote d'aujourd'hui ne porte que sur la location des terrains. Il n'est pas encore question des travaux qui y seront réalisés.*
*Tout ce que Fred Bertinelli peut dire, c'est que le collège échevinal compte aménager une trentaine de places de stationnement.*
*Fred Bertinelli suggère à ceux qui ne connaissent pas les problèmes du quartier d'y circuler en voiture. Comme l'a dit monsieur Meisch, la situation est catastrophique. Pendant des années, les écologistes n'ont fait que regarder. Les enfants sont en danger quand ils s'engagent dans le rondpoint pour aller à l'école. Les voitures sont garées partout sur le trottoir.*
*Dans un premier temps, la commune a transformé la rue en sens*

*unique avec une zone kiss & go. L'école est en train d'être agrandie. Et les riverains n'ont pas envie d'aller chercher tous les jours l'instituteur qui s'est garé devant leur garage. Ils habitent la commune et veulent pouvoir se garer.*
*Les gens ont demandé à la commune de pouvoir emmener leurs enfants à l'école en sécurité et de pouvoir trouver une place de stationnement. La différence entre les socialistes et les écologistes, c'est que les socialistes écoutent ce que les gens leur disent. C'est ce qui explique le résultat des élections.*

**TOM ULVELING (CSV)** *propose comme compromis une clause selon laquelle l'approbation d'aujourd'hui n'est valable que si la commune peut aménager des places de stationnement. La commune doit recevoir l'autorisation pour un parking écologique.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que le collège échevinal ne construirait pas des infrastructures sans autorisation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le contrat mentionne bien la création d'un parking payant. Il stipule donc bien à quoi servira le terrain. Mais monsieur Bertinelli n'a peut-être pas lu le contrat.*
*Laura Pregno signale par ailleurs que ces parcelles se trouvent dans une zone verte et que la commune a eu une entrevue avec un responsable de l'ANF. Monsieur Bertinelli ment s'il prétend qu'il a obtenu une autorisation orale. Il n'existe pas d'accord.*
*Laura Pregno salue la proposition de compromis de monsieur Ulveling. C'est une chouette initiative. Mais comme l'a dit monsieur Diderich, le conseil communal a besoin de l'accord et des plans. Il sera toujours temps d'approuver ce dossier lorsque l'Administration de la nature et des forêts ou le garde forestier auront donné leur accord. Le dossier sera alors en règle.*

gen hikréien. Da kucke mer elo, wat mer doraus maachen. An ech wäert Iech dann invitéieren, wann de Parking opgeet, da kënnt Der dohinnerfueren.

Dir sot, do wäre keng Probleemer. Et ass esou, wéi den Här Meisch gesot huet. Ech fueren och all Dag do, ech wunne jo just dobäi. Dat ass eng Katastroph, wéi déi Schoul funktionéiert. An Dir hutt jorelaang nogekuckt. Jorelaang sinn do d'Kanner doudgeféierlech an d'Schoul gaangen, bei engem Rond-point, wou d'Leit gedréit hunn, wou lénks a riets d'Autoen op den Trottoire stoungen. An dat kann ee gesinn, wéi ee wëll. Do hu mer mol als Éischt aus där Strooss eng Einban gemaach, mat engem Kiss & Go, datt d'Leit konnten hir Kanner do adequat erausloossen.

Déi Schoul, déi gëtt jo elo méi grouss. Wann ech dräimol an der Woch an d'Schoul lafen, engem Schoulmeeschter soen, e soll säin Auto aus menger Garagenafaart eraushuelen, da sinn ech ee vun zéng Stéck, déi do wunnen, déi dat selwecht maachen. An déi Leit soen: „Et deet mer leed, ech wunnen net hei an der Gemeng, ech fannen hei keng Parkplaz. Ech hunn dräi Kierf, wou ech muss d'Bicher droen."

Hei hu mer geduecht, mir maachen eppes, wat d'Leit gefrot hunn. D'Bierger hunn dat gefrot. A vu datt mir dat maachen, wat d'Bierger eis froen, duerfir hu mer dat gemaach. Datt ee sécher ka mat de Kanner an d'Schoul goen an eng Parkplaz fannen, wann een eng brauch. Duerfir hu mer dat gemaach. Dat ass den Ënnerscheed tëschent eis an Iech.

Ech wëll Iech dat just soen, Madamm Pregno. Dir hutt dat gesot. Duerfir hutt Der dat Resultat kritt, wat Der elo kritt hutt a mir hunn en anert kritt. Wann Der Iech frot firwat dat esou ass. Ech soen Iech firwat dat ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech géif vläicht e Kompromëss proposéieren, fir aus deem Dilemma hei erauszekommen, dass mer dat géifen ënner Virbehalt stëmmen, dass mer effektiv do eng Geneemegung kréichen, fir dee Parking ze bauen. Da wäre mer jo alleguer zefridden. Mee wa Leit mengen, dat wär onméiglech, da solle mer deen Zousaz vläicht dobäischreiwen, dass, ënner Virbehalt, dass mer déi Autorisatioun kréien, fir do en ekologesche Parking ze bauen. Ech mengen, da misst jiddwereen kënnen dermat d'accord sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech mengen, mir sinn déi Lescht, déi eppes géife schafen, bauen oder esou virun, ouni eng Autorisatioun ze hunn an ouni mat deene concernéierte Plazen an deenen zoustänneg Plaze geschwat ze hunn. Madamm Pregno, nach eng Kéier, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, am Kontrakt steet „à des fins pour établir un parking public payant." Oder ech weess net, ob établir do steet oder net. Dat heescht am Kontrakt gëtt drop higewisen, firwat Der déi Parzelle lount. Wann Dir sot, dass dat net do drasteet, dann hutt Der Är Hausaufgaben net gutt gemaach, well dann hutt Dir de Kontrakt net richteg gelies.

An da kann ech weiderfueren, dass Der Är Hausaufgaben net gemaach hutt. Dir sidd an enger Zone verte, Dir hat eng Entrevue mat zoustännege responsabele Leit um Lieu. A wann Der elo sot, dass déi Leit Iech den Accord mëndlech ginn hunn an Dir hätt do eng Zouso, da litt Der. Da sot Der hei Saachen, déi net stëmmen. Dir hutt keen Accord kritt.

An och dee Kompromëss. Et deet mer leed, Här Ulveling, ech begréissen et wierklech, dass Der e Kompromëss virschlot, ech fannen dat eng immens flott Initiativ vun Ärer Säit, mee mir kënnen eis als gréng Partei op deen dote Kompromëss net aloossen. Mir wëlle

gären den Accord, wéi den Här Diderich et sot, au préalable, a mir hätte gäre Pläng.

A wann deem esou ass, wann eng Forstverwaltung an e Fierschter a wien och ëmmer zoustänneg fir déi Zone verte ass, domadder averstanen ass an Dir kritt dat erlaabt, dann huelt den Dossier schéi propper mat zréck an de Gemengerot an dann hu mer e properen Dossier, wou Der Fakte schaaft an net Saachen duerch d'Géigend zielt, déi um Terrain net esou stëmmen, Här Bertinelli. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi verschidde kontrovers Stellungnamen. Eis Stellung kennt Der, eis Positioun kennt Der. Mir géifen dann zum Vott iwwergoen. Mir géifen de Vott dann nach mat deem Zousaz, wat den Här Ulveling proposéiert huet. Wat jo selbstverständlech ass, mee mir géifen dat awer dann nach bäischreiwen. Da géife mer zum Vott kommen.

(Diskussiounen)

**ERNY MULLER (LSAP):**

Entschëllegt, do steet jo dran, Dir hutt jo selwer gesot „à des fins pour établir un parking payant". Wann dat drasteet a wa mer dat elo net kréien, dann ass de Kontrakt ongëlteg.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

A wou steet dann déi Klausel? Et gëtt keng vertraglech Klausel, déi dat seet, wat Dir sot.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Kommt, mir froe vläicht den Här Gemengesekretär, dee warscheinlech méi kompetent ass an deene Kontrakter, mat de Klauselen. An da si mer en bonne et due connaissance de cause.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Nee. Ech sinn d'accord mam Här Ulveling, wat e gesot huet, dass dat bäigefüügt gëtt. Mir stëmmen dat sous condition, dass dat kann drakommen. Also do sinn ech och där Meenung.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Si mer dann do an der Legalitéit? A muss dann deen, deen de Kontrakt esou ënnerschriwwen huet, dat dann herno esou akzeptéieren, wann dat elo net drasteet? Ech weess et net. Ech wéilt do einfach gären eng Beliichtung an eng Kloerheet, dass mer wëssen, wat hei grad geschitt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Natierlech si mer frou fir en erklärend Wuert vun eisem Sekretär. Mee ech mengen zwar och, wann drasteet, mir lounen dat do, fir dat ze maachen, wann dat net ze maachen ass, da loune mer et net. Dat ass jo sous entendu, wat fir mech awer kloer ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

De Kontrakt ass ënnerschriwwen. A soulaang Dir mengt, wësse mir et awer net.
(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Text bleift jo awer deen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Sous réserve d'approbation par le Ministère de l'Intérieur.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Nee, den Inneministère brauch dat guer net ze validéieren. De „Sous réserve …" géif am Beschten am Vertrag stoen. Dat ass absolutt richteg. Wann de Gemengerot elo hei eng Decisioun mat Jo hëlt, well jo am Kontrakt steet sous réserve, dass den Objet realisabel ass – mee wat

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que la position du collège échevinal est connue. Il passe au vote tout en précisant que la proposition de monsieur Ulveling est retenue.*
*(Discussions)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime que le contrat ne serait de toute façon pas valide sans autorisation. Car il y est fait mention d'un parking.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rétorque qu'il n'existe pas de clause correspondante.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *propose de donner la parole au secrétaire communal, qui est probablement plus compétent.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *donne raison à monsieur Ulveling. Les socialistes approuveront le contrat à condition qu'une clause y soit ajoutée.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si tout cela est bien légal. Le propriétaire sera-t-il tenu de respecter cette clause ? Elle voudrait que cette question soit résolue.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *n'est pas contraire à quelques explications du secrétaire communal. Mais il suppose que la commune ne louera pas les parcelles si elle ne peut pas aménager un parking.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que le propriétaire ne peut pas savoir ce que monsieur Altmeisch suppose.*
*(Discussions)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que le texte ne change pas.*
*(Interruption et discussions)*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *estime qu'idéalement, le contrat devrait être plus clair. Car même en stipulant que le contrat est valide sous réserve de réalisation d'un objet, on ne saurait toujours pas de quel objet il s'agit. Un emplacement pour une diligence ? Un parking pour trente voitures ?*

*Un plan permettrait par ailleurs au propriétaire de savoir ce qu'il signe. Pour Henri Krecké, les conditions ne sont pas du tout claires. En cas de litige, bonne chance.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de reporter ce point le temps de clarifier certains détails.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *remercie le bourgmestre.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit d'une formalité. Le ministère accorde à la Miami University un subside de 207 000 € en 2024 et en 2025 pour le loyer que l'université verse à la commune.*
*Ce subside est lié à des conditions — notamment l'attribution de bourses à des étudiants luxembourgeois.*
*Pour la commune, il s'agit uniquement de savoir qu'une partie du loyer que lui versera l'université provient d'une subvention de l'État. En fait, cela n'a rien de nouveau.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce une pause d'un quart d'heure.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch passe aux logements locatifs de Gravity.*

ass den Objet? Ass et eng Stellplaz fir eng Postkutsch oder ass et fir 30 Autoen? Dat steet och alt erëm net dran.

Effektiv wär et gutt, wann s de ee Plang dobäi häss, wou s de de Proprietär dann och an eng ganz kloer Situatioun setz. Wat ass dann elo d'Fuerderung aus dem Vertrag? Et ass einfach eng Parkplaz, ee Parking. Et steet jo keng Zuel do. Och zéng ass ee Parking. Natierlech léiwer 30. Du kanns déi Réserve setzen an da soen, de Gemengerot validéiert just an där doter Konditioun. Mee d'Konditioune sinn äusserst onkloer. Wann dat do eng Kéier ee Rechtssträit géif ginn, da bonjour fir d'Resultat. Ech weess et net.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech géif proposéieren, dass mer et zrécksetzen, bis mer Klärung hunn iwwert déi Detailer. An dann en Akt kënne stëmmen, wou déi zwou Säiten dermat kënne liewen a wou och fir jiddwereee kloer ass. Net, dass mer da mussen nuets erwächen, wa mer dorunner mussen denken. Ech géif soen, mer setzen et zréck an da kläre mer dat. An da maache mer eis eng Freed draus, Iech de Parking nach eng Kéier ze proposéieren.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gär geschitt. Da komme mer zum Punkt 13, eng Konventioun, wou ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir Iech do e puer Erklärungen ze ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass just eng Formalitéit, wou de Ministère der Miami e Subsid zousprécht vun 207.000 Euro fir 2024 an och eng Kéier 2025. Dat ass en Deel, deen de Ministère bezouschosst zum Loyer, dee si bezuelen hei zu Déifferdeng. De Ministère ënnerstëtzt domat de Site Déifferdeng vun der Miami University.

Dat ass natierlech u Konditioune gebonnen, notamment – dat steet jo hei am Dokument – dass do Boursse fir Lëtzebuerger Studenten ausgedeelt ginn an esou weider. Also ech mengen, dat ass net elo einfach esou eng Zomm, déi si kréien, mee si ënnerleie gewësse Konditiounen, déi sti genau am Kontrakt, wat se musse maachen.

Et ass am Fong just fir eis, dass mir dovunner wëssen, vun deem Kontrakt. Well deelweis de Loyer dann domat ka bezuelt ginn, mat där Zomm, déi si der Miami zoukomme loossen. Ech mengen, et ass eng Formalitéit, déi mer bis dato ëmmer haten. Dat war ëmmer esou, dat ass elo just prolongéiert ginn ëm zwee Joer. An dofir géif ech Iech bieden, dat och ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling, fir déi Erklärungen. Gëtt et Wuertmeldungen zu deem Punkt? Da kéime mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention pluriannuelle pour les années 2024 et 2025 signée avec l'État et la Miami University portant sur les conditions et modalités d'attribution d'une contribution financière.*

Ech soen Iech Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer eng Véirelstonn Paus maachen, fir eis e bëssen ze erblosen, duerno géife mer virufueren. Merci.

(Paus)

Da géife mer virufueren, vu dass mer nach e puer Punkten um Ordre du jour hunn. Mir sinn um Punkt 13e an ech géif d'Wuert un den Här Hartung ginn, fir eis déi verschidden Erklärungen ze gi betreffend déi Logements locatifs am Gravity-Tower. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Hei si mer erëm bei der Locatioun wat de Gravity ugeet. Am Gemengerot vum 25. September hate mer all d'Wunnenge fir d'PMR an déi éischt fir d'Seniore verdeelt. Deemools hat ech déi ganz Prozedur e bëssen erkläert, d'Delaie fir d'Kandidaturen, an dass d'Demanden anonymiséiert traitéiert ginn, fir datt kee weess, ëm wien et sech handelt. Fir eeben esou Transparenz a Fairness ze garantéieren.

D'Propositioun vun der Verdeelung baséiert um RENLA, ee Verdeelungsschlëssel vum Logementsministère, deen d'Urgence a verschiddene Beräicher bewäert. En vue vun der Locatioun an dem Suivi social gëtt dann och de soziale Passé vun den Demandë gekuckt.

D'Cellule Logement, wou den zoustännege Ministère dra vertrueden ass, mécht doropshin eng Propositioun. Déi hutt Der am Dokument detailléiert bäileien an déi huet de Schäfferot och 1:1 esou iwwerholl.

Hei d'Eckdate vun den aacht virgesinnen a leschte Kéier all verginne PMR-Wunnengen. Do huet eng Famill hir Demande zréckgezunn, soudatt do deen Nächsten op der Liste d'attente norutscht an haut hei virläit. Dat ass déi iewescht Kandidatur op Ärer Lëscht.

Vun de 24 Seniorewunnengen, do waren der déi leschte Kéier schonn eelef vergi ginn. Do sinn der just néng, déi d'Offer schlussendlech ugeholl hunn, soudatt 15 Wunnengen disponibel bloufen, déi mer dann haut all géife verginn. Domadder wieren dann d'PMR an d'Seniorewunnengen ofgeschloss, ausser vun deene 16 géif natierlech nees een net unhuelen.

Da bleiwen nach déi 13 Wunnengen oppe fir jiddwereen. Wou jo bekanntlech eng riseg Unzuel un Demanden erakoum, wat verständlecherweis méi Zäit brauch. Et gi jo Enquête-socialle virun der Vergab gemaach.

Ofschléissend wëll ech hei eisem ganze Service logement Merci soen, well do sinn an de leschte Wochen a Méint eng Jett Iwwerstonne prestéiert ginn, fir datt mer hei schnellstméiglech virukommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Den Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Déi Gréng begréissen déi zweete Propositioun vun der Cellule consultative du logement. Mir stëmmen natierlech mat Jo fir d'Attribution de logement locatif um Komplex Gravity.

Ech muss just soen, en raison du rapport du 6 septembre, je remarque ce n'est pas une tâche facile de pouvoir discuter en détail les candidatures qui nécessitent une discussion plus approfondie pour les personnes en difficultés. Pour ça je voudrai remercier nos assistantes sociales pour leurs enquêtes, pour leurs travail, pour leurs professionnalisme. Ça demande une transparence respectivement un professionnalisme.

Ça relève aussi des questions importantes, auxquelles je suis sensible, telles que la situation professionnelle des demandeurs, la situation financière ou aussi la santé mentale. Mee mir fannen et awer wichteg, datt och ces personnes là, ils ont aussi droit à un logement. J'espère que le Schäfferot puisse trouver aussi des solutions pour ces personnes là.

Je voudrais rappeler, et je pense que c'est important, et je ferai toujours ce rappel ici au sein du Conseil communal, que nous avons également 1.054 candidatures. On est toujours en train. Et 238 proviennent de Differdange.

Et je rappelerai toujours que la demande de logement abordable est urgente. Il est important de continuer à investir dans le logement. Ça devrait être une priorité fir eis alleguerten. Ech soen Iech villmools Merci.

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que le 25 septembre, le conseil communal a approuvé la répartition des logements pour les personnes à mobilité réduite et une partie des séniors. L'échevin avait expliqué quelles procédures étaient en place pour garantir un maximum de transparence et d'équité.*
*La clé de répartition des logements repose sur le RENLA du ministère du Logement. Ce registre des logements abordables permet d'évaluer les situations d'urgence. Sur la base du RENLA, la Cellule du logement a fait une proposition que les conseillers communaux retrouvent telle quelle dans leur dossier.*
*Une famille a retiré sa demande de sorte qu'une autre famille a pris sa place. Il s'agit de la première candidature dans la liste.*
*La dernière fois, le conseil communal a approuvé l'attribution de 9 logements pour séniors sur 24. Aujourd'hui, il s'agit d'attribuer les 15 restants.*
*Les 13 autres appartements sont accessibles à tous. Les demandes ont été particulièrement nombreuses. La procédure prend d'autant plus de temps qu'il faut réaliser des enquêtes sociales.*
*Jerry Hartung remercie le service du logement. L'équipe a presté un nombre important d'heures supplémentaires au cours des derniers mois.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue la proposition de la Cellule consultative du logement et annonce que les écologistes approuveront l'attribution des logements.*
*Il constate que discuter de l'attribution de ces logements à des personnes en difficulté n'a rien de facile.*
*C'est pourquoi il remercie les assistantes sociales, qui réalisent les enquêtes avec beaucoup de professionnalisme. Elles tiennent compte de la situation professionnelle, de la situation financière ou de la santé mentale des demandeurs. Ces personnes ont également le droit de trouver un logement et Paulo Aguiar espère que le collège échevinal trouvera une solution.*
*Il rappelle que la commune comptabilise 1054 candidatures. Deux-cent-trente-huit proviennent de*

*Differdange. Cela démontre une urgence certaine. La commune doit en faire une priorité.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à un contrat de bail avec l'entreprise Munhowen dans la villa Hadir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie l'entreprise Munhowen, car l'exploitant actuel du restaurant a un contrat durant encore un an et demi. Or il a expliqué ne pas pouvoir amortir l'investissement. Munhowen a accepté de prolonger le contrat de neuf ans au même prix.*
*Tom Ulveling trouve chouette que cette personne puisse continuer à travailler à la villa Hadir.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention pour la mise à disposition d'un logement dans l'avenue Charlotte.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que l'électricité a été installée dans la maison en question cet été. Entretemps, le CGDIS a confirmé que la maison est conforme aux normes de sécurité.*
*Il est question de trois unités de logement, une par étage. Un des logements d'urgence sera mis à disposition d'un client de l'Office social qui se trouve dans une situation extrêmement difficile.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à un contrat avec Editus.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique qu'Editus s'est spécialisé dans les flux au sein des villes.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, fir déi Informatiounen. Keng weider Wuertmeldung, mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail pour des logements locatifs au sein du complexe Gravity à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mer kéimen zum Punkt 13), en Avenant, e Contrat de bail mat der Firma Munhowen a Relatioun mat der Exploitatioun vun der Villa Hadir. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do muss een der Firma Munhowen villmools Merci soen, well deen, deen hautdesdaags déi Villa Hadir bedreift, deen hätt nach ee Joer oder annerhalleft Joer e Kontrakt gehat. E wollt awer investéieren. Soudass mer u Munhowen erugetruede sinn, fir ze froen, ob een do net kéint en Arrangement fannen, well de Mann sot: „Ech kréien dat net amortiséiert a sou kuerzer Zäit". An d'Firma Munhowen war d'accord, fir de Kontrakt – zum selwechte Präis, muss een och nach soen – ëm néng Joer ze verlängeren.

Ech mengen, dat ass eng flott Saach fir deen, deen d'Villa Hadir do bedreift, dass deen do weider ka schaffen. Dat ass och am Fong eng Formalitéit, mee mir musse se hei guttheeschen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Keng Wuertmeldung, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le troisième avenant au contrat de bail avec Munhowen SA portant sur l'exploitation de la villa Hadir.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 13), deen den Här Hartung eis géif erklären. Et handelt sech ëm eng Konventioun, eng Mise à disposition vun engem Logement hei zu Déifferdeng 41, Avenue Charlotte. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Richteg. Virop wëll ech an dësem Kontext matdeelen, datt eis Servicer am betraffenen Haus iwwert de Summer d'Elektresch leeë gelooss hunn, kleng Aarbechte gemaach hunn a mam CGDIS gekläert hunn, datt alles sécherheetskonform ass.

Hei hu mer elo dräi Unitéiten, eng pro Stack, als Logement d'urgence. Den Office social huet hei eng Persoun an extreemer Nout an ouni Alternativ fir ze wunnen, soudatt d'Gemeng iwwert den Office social dëser Persoun eng Wunneng hei verlount. Ech bieden Iech, dës Konventioun matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wuertmeldungen zu deem Punkt? Da kéime mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un logement situé à Differdange, 41, avenue Charlotte à l'Office social de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Mer kéimen zum Punkt 13), wou de Kontrakt mat der Editus a mat der Gemeng ënnerschriwwen ass, wou mer déi Konventioun bäisetzen, wéi ech Iech virdrun erkläert hunn. Et ass den Här Bertinelli, deen eis do den Detail erkläert.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass e Kontrakt mat der Editus, déi sech spezialiséiert hunn op d'Fluxen an enger Stad. Wat wichteg kéint si fir d'Gemeng, wéi d'Fluxen am Verkéier, am Geschäftsgefahre sinn. Verschidde

Gemenge schaffe schonn domadder. Duerfir wollte mer dat doten och hunn, fir ze kucken, wa mer Verkéierskonzepter maachen, wéi dat fonctionéiert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Bertinelli. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech wéilt op den Historique agoen, well dat virdru fir d'Leit vläicht net esou verständlech war. Dee Kontrakt datéiert vu September 2022, dee vum deemolege Schäfferot ënnerschriwwe gouf. Et war awer esou, dass bei de Gréngen eng ganz Rei Leit net domadder averstane waren. Do war eng Aarbechtssëtzung, wou Editus presentéiere komm ass. Doropshin hat d'Koalitioun dee Moment decidéiert, dee Projet net ze maachen. Et ass dunn awer net richteg gehandelt ginn, och vum deemolege Schäfferot. Dat muss ech dann hei och soen.

Mir hätten u sech missen deem Kontrakt une fin setzen a soen, mir maachen dee Projet net. Wa mer dat esou gewollt hätten, da wär e Solde bezuelt ginn an da wär dee Projet an den Tirang geluecht ginn a wär null an nichteg.

Mir hate gefrot, als gréng Partei, dass dee Kontrakt géif aktualiséiert ginn, well mir eis formell vun deem Projet distanzéiert haten. Dir gesitt, am Dossier läit e Bréif vun Editus bäi, en Extrait aus enger Mail, déi ech geschriwwen hat deemools. Ech kann Iech awer versécheren: Et war net just eng Mail. Et gouf eng ganz Rei Telefonater, déi ech mat Editus hat, deemools, fir hinnen ze erklären, wou, wat a firwat. Dat waren net einfach just dräi Zeilen.

A mir hate gëschter mam Sekretariat rieds, dass et elo vläicht moralesch net esou tipptopp wier, wann e Kontrakt géif am Dossier leien, wou den deemolege Schäfferot sech distanzéiert hat.

Ech sinn elo frou ze héieren, dass do konnt en neie Kontrakt kommen. Ech denken, dass Der deen elo de Moie jo nach ënnerschriwwen hutt, mat den aktuelle Signatairen, en Avenant.

Mir als Déi Gréng stëmmen awer elo just mat Nee, well mir deemools am Schäfferot de Projet net matgedroen hunn. Just, dass Der verstitt, dass mer do an enger Kontinuitéit wëlle bleiwen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll just soen, dass et wichteg ass ze wëssen – ech weess net, ob all Mënsch genau weess, ëm wat et geet: Do ginn Daten erfaasst vu Leit, iwwer hiren Telefon, fir ze kucken, wou déi Leit higinn. Ob déi duerch Déifferdeng fueren, ob déi op Nidderkuer fueren an esou weider.

Déi Date ginn anonym erfaasst. A wat wichteg ass ze wëssen, dass ëmmer mindestens zéng Leit mussen op eng selwecht Plaz kommen oder goen, fir dass déi Daten iwwerhaapt erfaasst ginn. Dat heescht, et ass net, wann ech elo bei meng Frëndin ginn, dass dat dann do erschéngt, mee da muss ech schonn zu zéng bei meng Frëndin goen, fir dass dann ee Passage do géif.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass eng gutt Erklärung.

(Gelaachs)

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An ech wëll awer soen, mir waren elo op engem Kongress zu Barcelona, wou mer vun der Chambre de Commerce invitéiert waren, vu Smart Cities. An do war och eng Foire, an do huet ee gesinn, dass all déi grouss Stied, déi do dobäi waren – et ass ëm NetZeroCities am Fong gaangen –, alleguerte verstäerkt mat Systemer mat Kamera schaffen. Dat heescht, fir eeben déi Fluxen ze iwwerwaachen. Fir ze kucken, wann do Stauen entstinn, fir da schnell

*Cela peut être intéressant tant pour la mobilité que pour le commerce.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souhaite revenir sur l'historique. Le contrat date de septembre 2022. À l'époque, une partie des écologistes n'étaient pas d'accord. Editus était venu présenter le projet et le collège échevinal de l'époque avait finalement décidé de laisser tomber. Mais le collège échevinal a commis une erreur en ne mettant pas fin au contrat. La commune aurait alors versé un solde et le projet aurait pu être oublié.*
*Concrètement, les écologistes souhaitaient actualiser le contrat, car ils s'étaient distancés du projet. Laura Pregno avait envoyé un courriel à Editus. Il y avait aussi eu plusieurs discussions au téléphone.*
*D'un point de vue moral, il aurait été regrettable d'approuver un dossier dont le collège échevinal précédent s'était distancé. Laura Pregno est contente de voir qu'un nouveau contrat a été conclu. Cependant, les écologistes ne l'approuveront pas afin d'inscrire leur politique dans la continuité.*

**TOM ULVELING (CSV)** *veut apporter quelques précisions pour que tout le monde comprenne de quoi il s'agit. L'idée consiste à analyser les données des gens à travers leurs téléphones pour savoir où ils se rendent. Par exemple à Differdange ou Niederkorn.*
*Ces données sont bien entendu anonymes. Il faut aussi que dix personnes au minimum se rendent au même endroit pour que les données soient récoltées. En d'autres termes, si Tom Ulveling se rend chez sa petite amie, cela ne sera pas répertorié. En revanche, si dix personnes se rendent chez sa petite amie…*
*(Rires)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *apprécie l'explication de monsieur Ulveling.*
*(Rires)*

**TOM ULVELING (CSV)** *s'est rendu récemment à Barcelone dans le cadre d'un congrès au sujet de Net0Cities. Dans ce contexte, il a visité une foire où il a pu constater que toutes les grandes villes travaillent*

*avec des caméras pour analyser les flux et réagir le cas échéant.*
*Ces caméras servent à prendre des mesures de l'air et du bruit. Les flux d'automobilistes y sont aussi surveillés. De toute façon, de nos jours, les communes doivent disposer de toutes sortes d'informations pour planifier l'avenir. Pour les obtenir, il faut collecter des données comme le fait Editus dans le cadre de ce projet. Il ne s'agit aucunement de surveiller les gens.*
*Tom Ulveling répète que la collecte des données est entièrement anonyme. Les informations sont importantes pour la planification de la mobilité.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a assisté à la présentation. La question de la protection des données a été thématisée.*
*En tout cas, le city management pourrait tirer des conclusions quant au comportement commercial des gens. Les visiteurs proviennent-ils des communes voisines ? Où vont-ils ?*
*Pour revitaliser le commerce, il faut analyser la situation en profondeur. Si les commerces sont attractifs, les gens vont venir à Differdange. Mais la tâche est ardue. Erny Muller suppose que tous les conseillers communaux voudraient avoir un centre-ville plus dynamique. Pour y parvenir, l'analyse de la zone graphique est nécessaire.*
*Pour ce qui est de la mobilité, il est important de voir d'où viennent les gens et où ils se rendent.*
*Les couts pour l'analyse de 3 mois sont fixés à 26 400 €. Ces frais comprennent l'évaluation des données.*
*Erny Muller répète que pour lui ces données pourraient s'avérer intéressantes. En outre, les données ne sont pas mises en ligne.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Erny Muller admet qu'il existe d'autres systèmes et que les gens sont libres de mettre leurs données en ligne.*
*L'analyse pourrait aussi servir à voir d'où proviennent les gens pour les grands évènements.*

kënnen ze reagéieren, ob d'Leit deviéiert kënne ginn. An op de Kamerae moosse si d'Loft, si moossen d'Geräisch, si kucken de Flux vun de Leit, si kucken de Flux vun den Autoen.

Also dat ass hautdesdaags sou, wann ee wëllt wierklech d'Zukunft plangen, da muss een e gewëssen Informatiounsstatus hunn. An dee kann een nëmme kréien, wann een esou Saache mécht wéi hei mat dem Telefon, deen eeben dann d'Mouvementer kuckt, wou d'Leit higinn a wou se stoe bleiwen, wéi laang se eventuell stoe bleiwen an esou. Et ass wierklech net, fir d'Leit ze iwwerwaachen.

An et muss een och kloer soen, datt dat Ganzt muss an deem Sënn ganz transparent sinn, an dass et och wichteg ass, dass d'Leit wëssen, dass et anonym ass. Wéi gesot, et ass wichteg, dass ee verschidden Informatiounen huet, wéi den Här Bertinelli gesot huet, fir eeben am Verkéier, an der Mobilitéit duerno kënnen ze agéieren oder ze reagéieren, en cas utile.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech war op der Presentatioun, an nach deen een oder deen aneren heibannen. Mir hunn eis dat alles erkläre gelooss. Déi Froe sinn deemools scho gestallt gi punkto Dateschutz, Anonymitéit, wéi dat Ganzt funktionéiert an esou weider an esou fort.

Ech hat e bësse Bedenken, wann een zum Beispill de City-Management wëllt dorobber orientéieren, wéi ass d'Akafsverhale vun de Leit an esou weider an esou fort. Ech gesinn, do kann ee Konklusiounen draus zéien. Effektiv kann ee gesinn, wou d'Leit sech beweegen, ob dat interner sinn, externer. Wie kënnt vun ausserhalb op Déifferdeng akafen? Wou geet en hin? An esou weider an esou fort.

Natierlech si mer an enger Situatioun vun eisem Geschäftsliewen, wou mer mussen aner Inputte ginn. Also dat muss méi fondéiert ënnersicht ginn. A mer mussen och attraktiv Aktivitéiten, attraktiv Commercen dohikréien, fir dass d'Leit dann och dohiginn. Ech mengen, dat ass jo déi schwéier Aufgab, déi mer eis virhuelen.

Well ech mengen, jiddwerengem heibannen ass jo sécher dru geleeën, dass eisen alen Zentrum – mir schwätze jo elo ëmmer vun deenen zwee Zenteren – och erëm belieft gëtt a wéi e soll belieft ginn an esou weider. An do kommen och nach Initiativen. Dat ass dann déi Analys vun der Zone graphique, wéi een dat ëmmer seet.

An dann dat anert, natierlech och interessant, ze kucken: Wou kommen d'Leit hier? Wou gi se hin a punkto Verkéier? Déi Mobilitéitsetüd.

Wann ech dat alles richteg gekuckt hunn, da gi mer 26.400 Euro aus fir eng Analys, déi wärend dräi Méint funktionéiert, déi nach méi kuerz opgeholl gëtt, awer da si jo och nach d'Auswäertungen dobäi. Ech wollt och nach soen – dat wësst Der och vläicht oder Dir hutt dat gelies: Déi Erfaassung ass net online, mee offline, am Nachhinein ginn d'Analyse gemaach.

Ech mengen, wann elo eng Unzuel u Leit reegelméisseg iergendwou zesummekommen, da gesäit een dat iergendwann an da geet ee mol kucken, wat do lass ass oder net. Mee dat steet elo net zur Debatt.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat kriss de och bei Google.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, et gëtt och nach aner Systemer, wou een dat géif gesinn, wou déi Leit alleguer sinn, dat stëmmt och. Do gëtt natierlech jiddereen et fräi vu sech, mee dat ass eeben esou.

Dräi Méint, ass dat richteg?

An dann hate mer och nach gesot, mir géifen déi grouss Evenementer kucken, wou d'Leit hierkommen. Do kënne mer da kucken, wou mer eventuell nach kéinten Aktioune maachen, fir Leit aus

anere Regiounen oder aneren Zonen op déi Evenementer ze kréien.

Also ech mengen awer schonn, fir dat Geld, wat mer do investéieren, ass et eng attraktiv Initiativ fir eis. Wa mer dat gutt auswäerten, misst dat awer och eiser Gemeng oder eiser Stad eppes bréngen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Als déi Lénk sti mer dësem Projet ganz skeptesch géintiwwer. Mir verstinn och net, firwat Editus schreift, wéi wann dee Projet allgemeng begréisst gi wär. Well nodeem de Kontrakt schonn 2022 am September ënnerschriwwe ginn ass, huet eréischt am Februar 2023 eng Infoversammlung mat Editus stattfonnt. An do waren awer ganz vill Froen, déi opgeworf gi sinn, déi awer éischter Skepsis ausgedréckt hunn an alles anescht wéi positiv déi Saach gesi ginn ass.

Ee vun de kritesche Punkte war, dass déi Donnéeë 24/24 recoltéiert ginn. Dat huet dann elo net méi onbedéngt mat deene Saachen ze dinn, déi hei genannt ginn. Do ginn d'Donnéeën awer vill méi laang recoltéiert. An dat ass problematesch.

Dat anert, wat problematesch ass, dat ass, dass hei jo och einfach Sue gemaach gi mat den Donnéeë vun de Leit. Dat heescht Editus verkeeft eis d'Donnéeë vun eise Bierger quasi, fir dass mir hei kënnen eng ëffentlech Politik maachen, wat ech vum Prinzip hier scho ganz problematesch fannen.

En plus, dass am Fong Editus, deen nämmlechte Service, déi nämmlecht Donnéeën un anerer ka verkafen. Dat heescht, mir kréien déi, mee déi Donnéeën, wa se bis esou existéieren, ka jidderee bei hinnen akafen an iwwert d'Beweegungsverhale vun eise Leit Bescheed wëssen. Wat ech awer och ganz problematesch fannen.

An dofir 30.000 Euro auszeginn, ouni e Plang ze hunn, wat mer am Fong mat deenen Donnéeën esou richteg maachen, fannen ech disproportionéiert, fir iwwerhaapt emol un d'Donnéeë vun de Leit ze goen, déi opzehuelen, déi kommerziell ze verschaffen, an dann domadder déi Méiglechkeeten opzemaachen, déi ech grad genannt ze hunn. Dofir stëmme mir dogéint.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Eng weider Wuertmeldung? Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Monsieur Diderich a en fait dit tout ce que je voulais dire. Mais je voulais rajouter quelque chose. Aujourd'hui on a vraiment besoin des données pour pouvoir mieux travailler. C'est un fait. Sans données on a vraiment du mal a pouvoir se projeter, à mettre en place des projets, à mettre en place de Verkéier. Donc c'est effectivement un outil qui aide.

La seul question qu'on se pose: Est-ce que nous, en tant qu'entité publique, on va faire ça derrière les gens? Parce que dans le fond c'est ça. On donne l'autorisation. On paie une prestation de service pour qu'on aille chercher des données sans l'accord des gens. Et cela pose un vrai problème. On aurait pu demander aux personnes si ça pose un problème ou ça ne pose pas de problème.

Qu'après ils le fassent, d'accord, mais que nous, en tant qu'entité publique, le fasse, ça pose vraiment une question primordiale. On se pose vraiment la question si on le fait sans que les personnes le sachent. Et c'est pour cela que nous, en tant que déi gréng, on s'est remis en question par rapport à ce projet. Ech soen Iech villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Iwwerleeung. Ech wëll just nach een Zousaz kuerz dozou soen. Mer hunn hei am Land eng Organisatioun, déi heescht Dateschutz. An déi si méi wéi pingeleg an esou virun, fir déi

*Erny Muller estime que cet argent serait bien investi et que l'étude apporterait quelque chose de positif à la ville.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se dit particulièrement sceptique. Il ne comprend pas pourquoi Editus prétend que ce projet a été salué par tout le monde. Car le contrat a été signé en septembre 2022, mais la réunion d'information n'a eu lieu qu'en février 2023. De nombreuses questions ont été posées et les gens étaient plutôt sceptiques.*
*Les données seront récoltées 24 heures sur 24, ce qui ne serait pas nécessaire pour atteindre les objectifs dont on vient de parler.*
*Par ailleurs, il s'agit de gagner de l'argent grâce à des données personnelles. En d'autres termes, Editus va vendre les données des Differdangeois à la commune. Une fois ces données récoltées, rien n'empêchera Editus de les vendre aussi à d'autres. C'est un gros problème. Gary Diderich ne comprend pas comment le collège échevinal peut vouloir dépenser 30 000 € pour des données sans savoir précisément ce qu'il va en faire. Cette somme est disproportionnée compte tenu des abus qui sont possibles.*
*Gary Diderich n'approuvera pas le contrat.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Diderich vient de dire ce que lui aussi avait préparé.*
*Évidemment, pour bien travailler, on a besoin de données. Autrement, il devient difficile de se projeter et de mettre en place un concept.*
*Mais une entité publique comme la commune peut-elle vraiment donner son autorisation pour récolter les données de ses citoyens et payer ce service ?*
*Paulo Aguiar estime que le collège échevinal aurait dû d'abord poser la question aux citoyens. Ce n'est pas à une entité publique de prendre cette décision. C'est la raison pour laquelle les écologistes ont remis en question ce projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que le Luxembourg dispose d'une organisation s'occupant de la pro-*

*tection des données. Cette organisation est particulièrement stricte et n'aurait pas donné son autorisation à Editus s'il existait des problèmes de confidentialité.*
*En outre, lorsque la commune charge un bureau d'experts de récolter des informations au sujet du trafic, ce bureau obtient les données d'entreprises comme Editus. Quelqu'un qui a un téléphone portable sait que ses données peuvent être récoltées. Guy Altmeisch doute qu'il faille demander l'autorisation des gens, car la commune exploite déjà ce type de données depuis des années.*
*Même un particulier peut acheter ce type de données s'il le souhaite.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que dès qu'on paye avec une carte de crédit, on est tracé. En d'autres termes, Cactus sait par exemple qui achète six litres de lait une fois par mois.*
*(Interruption de M. Aguiar)*
*Tom Ulveling n'a jamais donné son autorisation à Cactus pour vendre ou ne pas vendre ses données.*
*Bien entendu, les données personnelles doivent être traitées de manière transparente. En outre, elles doivent être anonymes. Bref, il ne faut pas faire comme Cactus.*
*(Interruption)*
*En théorie, Cactus pourrait informer les clients qui achètent régulièrement du lait que celui-ci est en promotion. Or personne ne remet cela en question.*

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *donne raison à monsieur Ulveling.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *signale en outre que certaines personnes déballent leurs vies sur Facebook — y compris quand ils vont aux toilettes.*

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'à ce moment-là, ils font un choix.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Paulo Aguiar ajoute que personne n'est forcé d'utiliser une carte de crédit. Les gens font donc un choix. Pour Facebook, c'est encore plus clair.*
*Mais dans ce cas-ci, ce sont les hommes politiques qui décident de* Daten net public ze maachen a fir dat an engem Rahmen ze halen, dass d'ganz Populatioun hei am Land kann domadder liewen.

Déi sinn esou gefestegt an esou strikt doranner, dass déi esou eng Autorisatioun oder eng Firma wéi déi jo guer net erausginn hätten, wann dat ze no beim Dateschutz wier vum Bierger.

Och wëll ech hei soen, dass alleguer oder de Gros vun deene Consultingsfirmaen, wou mir eis drun halen, fir Informatiounen ze kréie betreffend de Verkéiersfloss, betreffend d'Verhale vun de Bierger an esou virun, déi hunn och dat Recht an déi huelen och hir Renseignementer vun deene Firmaen do.

Soudass jiddwereen, deen e Kontrakt fir en Handy huet an esou virun, deen ënnerschreift dat automatesch mat, dass déi Donnéeë vun deene Beweegungsantenne kënne verbraucht ginn. Dofir weess ech net, ob mir de Bierger nach eng Kéier mussen zousätzlech informéieren, dass mir dovunner profitéieren, well et gëtt schonn iwwer Jore vun all deene Firmaen, mat deene mir zesummeschaffen, dovu profitéiert. Gleeft mer eent: Den Dateschutz ass op Niere gepréift ginn, an op alles, ier si dat doten autoriséieren, fir eng privat Firma.

Souguer als Privatmann, wann een do investéiert an et mécht een eng Demande an et bezilt een, kann een déi Donnéeën do kréien. Well se ëmmer onperséinlech sinn a well se déi Garantie ginn, dass do näischt Perséinleches domadder ka geschéien.

Den Här Ulveling nach.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll och nach soen, dass mer eis musse kloer sinn: Allkéiers, wa mir mat enger Kreditkaart bezuelen, déi ganz Informatiounen, déi do drastinn, déi ginn erëm weider verkaf. Allkéiers, wa mir am Cactus egal wat kafen, de Cactus weess genau, du keefs sechs Liter Mëllech am Mount an esou weider. Alles dat gëtt weiderverkaaft.

Soudass mer am Fong duerchsiichteg an deem Sënn scho sinn. An do hu mer och ni dem Cactus eng Autorisatioun ginn, fir ze soen, du däerfs elo dat do verkafen oder net.

Ech verstinn, dass d'Leit soe Privacy an esou weider, dat muss transparent bleiwen, wat mat den Donnéeë geschitt a wie se däerf hunn a wéi se kollektionéiert ginn. A wat fir mech awer wichteg ass, dass se anonymiséiert hei sinn. Net wéi beim Cactus. Ech soen elo Cactus, mee dat ass fir se alleguer. Dee weess genau – dee kéint, reng theoreetesch, elo ee Post maache fir ze soen: Haut ass d'Mëllech méi bëlleg, well ech weess, dass du all Mount sechs Liter Mëllech keefs, zum Beispill. Dat wier alles méiglech, ouni dass iergendeen dat a Fro stellt.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Do hutt Der Recht.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Op där anerer Säit gesinn ech op Facebook Leit, déi hiert ganzt Liewen devoiléieren, et ass alles, dass se net schreiwen, wa se op d'Toilette ginn.

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

C'est une question de choix justement.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Okay

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Just kuerz: c'est une question de choix. Vous avez le choix de le faire ou pas. En ce qui concerne la carte de crédit, je pense que vous n'avez pas le choix. Mais en ce qui concerne Facebook, etc., vous avez le choix. En fait, ça nous concerne nous, en tant qu'hommes politiques – de faire ce choix d'aller chercher les informations à l'insu des gens.

Et c'est ça, la grande question qui se présente ici. Haut hu mir de Choix fir ze soen : Mir sinn net dofir.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, okay. Mee Dir wësst jo awer och, dass et an d'Richtung geet, fir de Cash ofzeschafen an deem Sënn, dass d'Leit nëmmen nach solle mat Kaarten an esou bezuelen. Also si mer dann erëm um selwechten Déngen.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich nach eng Kéier.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt preziséieren: Den Ënnerscheed tëschent de Beispiller, déi den Här Ulveling hei opzielt, an dëser Konventioun ass, do ass et eng privat Entreprisë par rapport zu private Leit. An d'Privatleit huelen hir Decisiounen. Hei intervenéiere mer als ëffentlech Hand a mir belounе souzesoen déi privat Entreprisen, déi déi privat Donnéeë vun de Leit verkafen. A mir ënnerstëtzen dee Marché, dass dat gemaach gëtt.

Et ass gefrot ginn, sinn et perséinlech Donnéeën. Also et si jo hei net perséinlech Donnéeën, et ass net, dass een herno kann identifizéieren. Ech wëll och elo net esou maachen, wéi wann ech esou Ängschte wéilt opkomme loossen. Et ass net, dass ee kann identifizéieren, wie vu wou bis wouhinner gaangen ass. Dat geschitt jo elo hei net.

Mee du mierks awer, dass Fluxe sinn. An, just fir ze illustréieren, zu wat dat awer ka féieren: Wann elo op eemol erëm e Lockdown wär wéinst Corona an et wär eng Ausgangsspär, a vu dass hei eng Observatioun 24/24 ass, kann een iwwert deen dote System erausfannen, datt sech Leit net un déi Ausgangsspär gehalen hunn.

Deemno wien dann déi Donnéeën huet, a wéi en déi wëll notzen, a wann een déi repetitiv oder iwwer e puer Deeg huet, dann ass deen nächste Schrëtt net wäit, fir ze soen: Ma elo intervenéiere mer da mol do. An dat sinn eeben déi Saachen, déi ech hei kritesch fannen.

Dat Beispill, wat den Här Ulveling ginn huet vu Smart Cities, déi esou Outilen am Kader vu wierklech enger Gestaltung vun der Stad an esou weider, asetzen, ech mengen do schwätzt ee vun aneren Echellen. Do ass dann e Plang dohanner, wéi een dat mécht an et ass eng Utilité collective a publique, déi hannendrun ass an déi dat justifiéiert.

Hei fäerten ech, dass et eis geet wéi bei der TNS ILRES-Ëmfro, déi mer bei eise Bierger gemaach hunn, déi eis vill méi Sue kascht huet wéi dat doten, da kréie mer e puer Grafike presentéiert an duerno maache mer näischt domat.

Ech hunn hei näischt gesinn, wat da méi soll domadder gemaach ginn. An da fannen ech et disproportionéiert, d'Moyenen an den Agrëff an d'Saachen, déi een do opmécht par rapport zu deem, wat mer dobäi erauskréien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling nach eng Kéier an da géife mer zum Vott kommen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech ginn Iech Recht, mee ech mengen, och bei deenen NetZeroCities-Geschichten, dat ass eng Saach, déi dann dauernd ass. Dat ass et net nëmmen dräi Méint, déi iwwerwaachen eis ëmmer, andauernd.

Mee dat ass awer och, zum Beispill, eng Ambulanz déi muss iergendwou hifueren an déi hunn e Stau viru sech, da kënnen déi, en temps utile, der Ambulanz soen: „Fuer elo net riichtaus, mee fuer eng Kéier riets an eng Kéier lénks, dann ëmgees dee ganze Stau, well do ass eppes." Dat ass awer och wichteg, fir duerno kënnen de Leit ze hëllefen an déi Informatiounen ze hunn.

Mee bon, dat ass eng aner Diskussioun an et ass natierlech och en anere Käschtepunkt, well da muss de an der ganzer Stad Kameraen installéieren an, wéi gesot, dat muss ee kucken.

*récolter ou pas des informations à l'insu des citoyens. La commune a la possibilité de dire non.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que l'argent liquide pourrait être aboli. Les gens n'auraient alors plus le choix.*
*(Interruption de M. Aguiar)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime qu'il faut distinguer les entreprises privées des particuliers. Les particuliers peuvent prendre les décisions qu'ils veulent. Mais dans ce cas-ci, la commune récompense une entreprise privée revendant des données personnelles.*
*En revanche, il est vrai que ces données ne permettent pas d'identifier les individus. Il s'agit juste d'analyser les flux. Cependant, on pourrait imaginer la dérive suivante. Un confinement est instauré dans le cadre d'une pandémie. Grâce à ces enregistrements 24 heures sur 24, il serait possible de voir que des personnes ne se tiennent pas aux règles et on pourrait intervenir.*
*Les analyses dont a parlé monsieur Ulveling dans le cadre des smart cities ont une autre envergure et reposent sur une utilité collective et publique. Ici, Gary Diderich a plutôt l'impression qu'on va présenter quelques graphiques à la Ville, qui ne serviront à rien. En tout cas, Gary Diderich ne sait absolument pas ce que le collège échevinal compte faire de ces données. C'est pourquoi il trouve la somme demandée disproportionnée.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise toutefois que les données dans le cadre de smart cities sont récoltées en permanence. Il ne s'agit pas d'une action de trois mois.*
*L'avantage consiste, par exemple, dans le fait qu'une ambulance pourrait être redirigée en cas d'embouteillage. Ce type d'informations est important.*
*Mais une telle discussion mènerait trop loin et ces analyses engendreraient des couts bien plus élevés.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une convention ayant trait à l'environnement et au recyclage.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *précise qu'il s'agit d'un partenariat avec Ecotrel. La Ville de Differdange a elle-même lancé des mesures pour réparer les électroménagers, mais elles n'ont pas rencontré le succès escompté.*
*Désormais, il s'agit d'atteindre une masse critique en collaboration avec les communes voisines.*
*Sans partenariat avec Ecotrel, il faudrait chaque fois demander à un réparateur de se déplacer à Differdange. Bien entendu, Fred Bertinelli comprend qu'il faut essayer de réparer ce type d'équipement au lieu de le jeter. En outre, l'argent est réinvesti dans des activités à nature sociale comme des mesures pour l'emploi.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si ce projet va être implanté à Differdange.*
*Le principe est tout à fait louable puisqu'il permet de recycler des objets. Il ne faut rien jeter. En plus, ce projet crée des emplois pour les gens dans le besoin.*
*Mais les Differdangeois voudraient pouvoir recourir à ce service dans leur ville. Le CIGL ne pourrait-il pas reprendre cette activité ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que Differdange n'arrive pas à atteindre la masse critique. Si la commune recevait suffisamment d'appareils, il serait pertinent d'avoir un réparateur sur place. Mais ce n'est pas le cas. En ce moment, les appareils sont envoyés à Luxembourg-ville et à Walferdange.*
*Fred Bertinelli rappelle qu'une action a été lancée par la Commission de l'environnement samedi matin à la maison Moderne. Mais il faut savoir quelle masse cela représente pour trois ou quatre communes. C'est pourquoi le collège échevinal va en discuter avec les communes voisines.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci fir déi Iwwerleeungen an déi Bemierkungen. Mir kéimen zum Vott vun deem Punkt.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non d'approuver le contrat signé avec Editus Luxembourg SA portant sur l'offre de service Editus Insight.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 13), do geet et ëm eng Konventioun fir eng Zesummenaarbecht zum Wuel vun eiser Ëmwelt an zum Wuel vum Recycling. Ech géif d'Wuert dofir un den Här Bertinelli ginn, fir eis dat am Detail virzestellen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass eng Zesummenaarbecht mat der Societéit Ecotrel, déi mat Nei Aarbecht zesummeschafft. Dat ass, wat mer eng Kéier méi intensiv probéiert hunn, hei zu Déifferdeng un d'Goen ze kréien: Reparatur vun Elektroapparater, vu Wäschmaschinn bis Radio. An dat war net esou dee groussen Erfolleg.

Mee et ass awer gutt, datt dat alles op enger Plaz an der Stad gesammelt a verkaf gëtt. Dat gëtt jo och fir e gudden Zweck agesat. Elo probéiere mer, iwwer eis Kommissioun an an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen eng Masse critique ze kréien, fir dat awer erëm e bëssen hei am Süden un d'Goen ze kréien.

Wéi gesot, mir haten et selwer sur place scho probéiert. Do hu mer allkéiers ee misse komme loossen, dee verschidde Radioen, Apparater gefléckt huet oder probéiert huet ze flécken. Et ass jo och richteg, datt wann een nach eppes kritt, datt een dat soll dann nach eng Kéier un d'Goe kréien a Leit, déi vläicht deen een oder deen aneren Apparat net hunn, deenen dee viruginn. Wann deen dann nach zwee Joer hält a fonctionéiert, ass et jo eng gutt Saach. D'Rentréeën dovunner gi jo un d'Nei Aarbecht an u Leit fir de gudden Zweck.

Duerfir géif ech soen, datt dat hei eng gutt Saach ass, datt mer do matmaachen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Wann net, da komme mer zum Vott.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hat iwwerluecht, ob oder ob net. Ech hätt just eng kleng Fro: Ass do eppes ugeduecht, dass e Projet herno géif op Déifferdeng kommen? Well hei ass et jo elo esou, dass den Déifferdenger Bierger oder Déifferdeng, also mir ginn zwar Saachen, wat och gutt ass, fir ze recycléieren. Et ass definitiv gutt, dass näischt ewechgehäit gëtt. An d'Nei Aarbecht huet jo domadder och Aarbechtsplaze fir Leit, déi am Besoin sinn.

Ass ugeduecht, dass esou eppes vläicht op Déifferdeng kënnt, dass och den Déifferdenger Bierger um Territoire vun Déifferdeng dat kéint notzen, dass den Déifferdenger CIGL dat vläicht weiderféiert? Ass eppes an déi Richtung vläicht ugeduecht? Merci.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Pregno, wa mer géife genuch Gemengen hei am Süde fannen an d'Masse critique wier do, datt mer esou vill Apparater géife kréien … Mir fuere jo och iwwer eisen Tipp, wa mer Saachen do ophuelen, wa mer es genuch hunn, dann ass et och derwäert, datt mer Leit hunn, déi dat dote reparéieren. Elo de Moment gëtt alles an d'Stad op Walfer gefouert, do gëtt dat alles sur place gemaach.

Mir haten et jo och hei zu Déifferdeng an der Maison Moderne. Samschdes moies sinn d'Leit dohinnerkomm mat den Apparater, et gouf do sur place gefléckt. Et ass iwwert d'Ëmweltkommissioun gelaf, dat war viru menger Zäit. Et muss ee kucken, wéi vill Mass dat mécht fir déi dräi, véier Gemengen.

Duerfir froe mer jo elo eis Nopeschgemengen, wéi vill Apparater datt dat géife ginn, fir dem CIGL dat ze ginn a

fir ze kucken, ob déi genuch Aarbecht domadder hunn. Ech weess et net. Ech weess net, wéi vill Aarbecht si zu Walfer domadder hunn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Mee wann Der vun deem samschdes moies schwätzt, da schwätzt Der vum Repair Café. Ass et dat, wat Der mengt? Mee dat ass jo awer eng aner Initiativ wéi dat hei, oder?

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et ass änlech.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass änlech. Okay, jo, ech verstinn, wat Der mengt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Weider Wuertmeldungen dozou, soss kéime mer zum Vott?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de coopération avec les associations Ecotrel ASBL et CNDS Nei aarbecht ASBL.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de coopération avec les associations Ecotrel ASBL et Digital Inclusion ASBL.*

Merci. Mer kéimen zum Punkt 13), eng Konventioun an eng Mise à disposition vun enger Parzell un d'Post fir e PackUp hinzestellen op de Parking Hauts-Fourneaux. Ech géif dem Här Bertinelli d'Wuert nach eemol ginn.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Um ënneschten Deel vum Parking Hauts-Fourneaux huet d'Post, Dir gesitt et um Plang, e PackUp higestallt. Et ass e bëssen dat, wat d'Post iwwerall elo mécht, wou ee seng Päck ka siche goen. Am ënneschten Deel, well een do och mam Auto hikënnt, wann et mol méi grouss Saache sinn. Dir gesitt, dat ass relativ grouss ginn. Ech hätt net geduecht, datt et esou grouss géif ginn. Mir fannen dat awer eng gutt Saach, well eis Post am Zentrum dat och net méi packt, wann dat gréisser Objete sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wëll zousätzlech erwänen, dass dat nëmme provisoresch ass op där doter Säit. Wann d'Parkhaus déi aner Säit fäerdeg ass, wat mer de Moie presentéiert kruten, da kënnt et dann dohinner, da gëtt et ewechgeholl, wou et elo provisoresch histoe kënnt.

Madamm Ceman, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt zu dësem Punkt just soen, wéi den Här Bertinelli scho sot, d'Gemeng stellt der Post eng Plaz fir eng PackUp-Statioun zur Verfügung um Parking Hauts-Fourneaux. Mir vun der CSV fannen, dass dat eng gutt Konventioun ass. Vläicht wär et och gutt, wann een esou eng Statioun an all Quartier hätt, wéi zum Beispill zu Lasauvage oder zu Nidderkuer, fir dass d'Leit sech net extra dowéinst an den Zentrum deplacéiere mussen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech ginn Iech ganz Recht. Mee et ass normalerweis d'Post, déi d'Soen drop huet an déi kucken och, fir sou mann wéi méiglech a sou grouss wéi méiglech där PackUp-Statiounen ze hunn. Dat ass ëmmer dee Punkt, deen da matspillt, dat ass d'Rentabilitéit.

Mee Dir hutt Recht, dass dat méi kamoud wier. Et hënnert eis näischt drun, fir dat eng Kéier bei der Post unzeschwätzen a mat hinnen doriwwer ze schwätzen. Dat ass eng gutt Iddi.

*Pour ce qui est du CIGL, Fred Bertinelli ne sait pas quelle quantité de travail cela représenterait.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *suppose que monsieur Bertinelli fait allusion au Repair Café quand il parle de samedi matin. C'est une tout autre initiative.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rétorque que ces initiatives sont similaires.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *comprend ce que monsieur Bertinelli veut dire.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe à une station PackUp sur le parking des Hauts-Fourneaux.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ajoute que les conseillers communaux disposent d'un plan. La station se trouve dans la partie postérieure du parking et est facilement accessible en voiture. Fred Bertinelli se dit surpris de la taille de la station. C'est une bonne chose.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que l'emplacement est provisoire. Lorsque le City Parking sera fini, la station PackUp sera déplacée.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *répète que la commune met un site à disposition de Post pour une station PackUp. Le CSV approuve cette convention. Emina Ceman propose d'installer de telles stations dans toutes les localités. Comme Lasauvage ou Niederkorn.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *concorde avec madame Ceman. Cependant, la décision revient à Post Luxembourg et ils préfèrent installer de grandes stations.*
*D'un autre côté, avoir davantage de petites stations serait plus pratique. Le collège échevinal pourrait aborder la question avec Post.*

**GUY TEMPELS (LSAP)** *voit le revers de la médaille. Il est question de revitaliser le centre-ville avec des magasins. Mais les gens veulent des stations PackUp parce qu'ils commandent tout en ligne.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *comprend ce que monsieur Tempels veut dire. Mais le collège échevinal ne peut rien faire.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe à un contrat de bail au 1535°. Un artiste souhaite exposer ses œuvres. Le détail figure sur le Diffcloud.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux règlements temporaires de circulation.*

**FED BERTINELLI (LSAP)** *en dénombre 25. Il s'agit surtout de petits travaux. L'échevin mentionne toutefois un grand chantier dans la rue Nicolas. La rue Pierre-Gansen est ouverte jusqu'au weekend.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux jumelages.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que Differdange est jumelée avec Fiuminata, Longwy, Penzberg, Oxford et Chaves.*

Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Ech fannen et och eng gutt Saach. Mee do gesi mer dat zweeschneidegt Schwäert vun deene PackUp-Statiounen. Ech mengen, d'Leit hätte gären, oder mir schwätzen andauernd vun engem Revaloriséiere vum Zentrum, dass mer erëm Geschäfter dohikréien, an op där anerer Säit fuerdere mer PackUp-Statiounen, well d'Leit alles iwwert den Internet kafen. Et ass e Misär dat Ganzt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Tempels, Dir hutt ganz Recht. Ech verstinn Är Erklärung ganz gutt an de Misär och, deen Der eis erkläert. Mee leider sinn eis do mat Momenter d'Hänn gebonnen, well soss wier de Misär net méi do, wa mir géifen do reagéieren. Wann et keng weider Wuertmeldung gëtt, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'une parcelle à Post Luxembourg pour une station PAckUp à Differdange sur le parking des Hauts-Fourneaux.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 13), dat ass e Contrat de bail am 1535°. Dat ass am Fong geholl just eng Formsaach, dass mer dee mussen duerch de Gemengerot goe loossen. Et ass en Artist, dee wëll op enger Ausstellungsfläch ausstellen. Den Detail hutt Der op der Diffcloud. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Wann net, da kéime mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Daniel Godinho Fragoso de Black Magic Tea.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 14, Règlements communaux, Règlements temporaires de circulation. An ech géif dem Här Bertinelli d'Wuert ginn. Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Wéi Der gesitt, hu mer 25 Règlementcommunallen. Dat meescht si kleng Aarbechten, Fassaden, déi renovéiert ginn. Méi ee grousse Schantjen ass an der Nicolas-Strooss, wou d'Strooss opgerappt ass bis Enn dëses Mounts, dann ass déi och erëm op.

Mee u sech ass näischt Gréisseres dobäi. D'Rue Pierre Gansen, wou dann nach bis de Weekend op ass. Soss sinn déi Reglementer alleguerten an der Rei a si sou ofgestëmmt. Et ass näischt, wat elo méi laang bis nächste Mount dauert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Bertinelli. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 15, deen handelt ëm déi verschidde Jumelagen, déi mer hunn. An ech géif dofir dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, wéi Der wësst hu mer zur Zäit mat Fiuminata, Lonkech,

Ahlen, Penzberg, Oxford, Ohio a Chaves e Jumelage. Leider ass et esou, dass mer vu Chaves keng Äntwerte méi kréien. 2004 hate mer e Kontrakt ënnerschriwwen. Et goufen e puer Ausflich organiséiert, och e puer Veräiner waren dohin, eis Harmonie Municipale zum Beispill war mol do. 2016 war dee leschte Kontakt praktesch mat Chaves.

An der Pandemie wollte mer eis renseignéieren, wéi et hinne géif goen, ob se Probleemer hätten oder sou, hunn hinne geschriwwen a leider hu mer keng Äntwert kritt. A mir hunn nach puer Bréiwer geschriwwen, déi sinn am Dossier, wou mer ni eng Äntwert kritt hunn.

Den Här Aguiar hat sengerzäit, well hien der portugisescher Sprooch méi mächteg ass wéi ech, do ugeruff an huet – ech mengen, hie kann dat bestätegen – do gesot kritt, deen neie Buergermeeschter hätt aner Vuen zum Jumelage. Jiddefalls ware se net méi begeeschtert. Soudatt ech géif virschloen, dass mer dee Jumelage géifen opléisen.

An en contrepartie sinn awer Leit vu Mira un eis erugetrueden, wou mer och eng grouss Populatioun hu vu Mira, déi hei wunnt. Déi wieren interesséiert un engem Jumelage. Mir sinn du mat enger Delegatioun dohinner kucke gaangen, kruten alles gewisen a mir hu Gespréicher gefouert, wéi mer dat gesinn. A mir hunn du Jo gesot. Déi Leit waren hei den 20. Mee 2023, fir den Akt ze ënnerschreiwen.

Déi Leit schéngen e bësse méi oppen ze si wéi déi vu Chaves. Ech mengen, dass mer do ee gudde Fësch um Krop hunn, géif ech soen, fir dass een do kann eppes maachen.

Mee ech si mer awer och bewosst – den Här Meisch hat dat virdru gesot bei de Commentairë vum Koalitiounsprogramm –, dass mer versiche mussen, aner Weeër ze goen a versichen dat e bësse méi ze beliewen. Dass mer Ureizer ginn, zesumme mat de Veräiner, fir mat deene Partnerstied eppes ze maachen. Mir als Gemeng musse vläicht am kulturelle Beräich an Zukunft méi verstäerkt maachen, wéi mer dat bis elo gemaach hunn. Doriwwer musse mer eng Kéier schwätzen, fir dat e bësse méi ze beliewen.

Ech géif Iech bieden, ofschléissend, wann Der d'accord sidd, alles an engems ofzestëmmen, dass mer de Jumelage mat Chaves géifen ophiewen an eis fir en neie Jumelage mat Mira géifen ausschwätzen. Wann Der d'accord sidd, géife mer dat an engem Vott maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling, fir déi Erklärungen. Eng Wuertmeldung dozou? Jo, den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären, ech fannen et schued, datt dat mat Chaves näischt méi weider gëtt. Ech war selwer eng hallef Dose Mol do, mat Gruppen a mat Veräiner. Eng ganz schéi Stad mat ganz sympathesche Leit. Och déi Decideuren, déi deemools do waren, ware ganz zuvirkommend.

Do musse mer elo no vir kucken. Mir gi mat op de Wee, fir deen nächste Jumelage mat Portugal unzegoen.

A wéi ech virdru gesot hunn, et ass schonn oft erklongen hei, musse mir dat Ganzt mat Liewe fëllen. A mir mussen eis bewosst sinn, datt dat och Sue kascht, mussen eis déi Moyenen dann awer och ginn. Mir stëmmen dat gäre mat an hoffen, datt dat an déi richteg Richtung geet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Nous saluons également le jumelage avec la ville de Mira.

Pour la petite histoire : la collaboration et la relation avec Mira se sont intensifiées à la suite des incendies tragiques de 2019, qui ont dévasté des hectares et des hectares dans toute la région.

Une initiative citoyenne et la Commission de l'intégration de la Ville de Dif-

*Malheureusement, Chaves ne répond plus aux sollicitations de la commune. Le partenariat remonte à 2004. Quelques excursions ont été organisées, mais le dernier contact remonte à 2016. Pendant la pandémie, la commune a demandé de leurs nouvelles, mais elle n'a jamais obtenu de réponse. Les lettres figurent dans le dossier.*
*Monsieur Aguiar a finalement téléphoné à la municipalité de Chaves et on lui a expliqué que le nouveau bourgmestre n'était guère enthousiaste quant aux jumelages. Tom Ulveling propose donc de dissoudre le partenariat avec Chaves.*
*En revanche, Mira a proposé un jumelage. De nombreux habitants de Differdange proviennent de cette ville. Une délégation differdangeoise s'est rendue à Mira. Des négociations ont eu lieu. Finalement, l'acte a été signé le 20 mai 2023.*
*Tom Ulveling pense que ce jumelage se passera bien. Toutefois, il est conscient du fait qu'il faille s'investir dans les jumelages. Les associations locales pourraient lancer des projets. La commune peut, quant à elle, faire plus dans le domaine de la culture.*
*Tom Ulveling demande au conseil communal de dissoudre le jumelage avec Chaves et d'approuver celui avec Mira.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *regrette que le jumelage avec Chaves n'ait pas fonctionné. Il s'y est rendu plusieurs fois et c'est une très belle ville avec des gens sympathiques. Mais les démocrates soutiendront bien entendu le nouveau jumelage avec une ville portugaise.*
*Pour que des jumelages fonctionnent, il faut émettre d'autres moyens. Cela coute de l'argent.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *salue le jumelage avec Mira. Les relations avec cette ville se sont intensifiées après les incendies de 2019. À l'époque, la Commission de l'intégration avait récolté des fonds et des produits de première nécessité pour les victimes. Paulo Aguiar a participé à ce projet avec la Maison des jeunes. Ils se sont d'ailleurs rendus à Mira pour y planter des arbres. Bref, les Differdangeois ont*

*amené un peu de trame verte à Mira.*
*Mira se trouve dans le centre du Portugal. C'est une ville évoquant l'harmonie entre la nature et la culture. Elle est connue pour ses plages, ses réserves naturelles, son histoire, son agriculture, etc.*
*Comme l'a dit monsieur Meisch, il faut que des échanges aient lieu — par exemple entre les écoles, les clubs sportifs, les associations culturelles…*
*(Votes)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux syndicats communaux.*
*(Interruption de M. Hartung)*
*Guy Altmeisch demande s'il a sauté un point.*
*(Interruption)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *propose de nommer monsieur Thierry Wagner au SECEC.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux commissions et groupes de travail.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que les commissions ont été ouvertes aux citoyens. Ceux-ci ont montré de l'intérêt pour cette initiative. En effet, la commune a reçu 113 candidatures. L'appel avait été lancé dans le* Diffmag *et sur les réseaux sociaux.*

ferdange ont organisé des évènements afin de récolter de l'argent, des fonds, respectivement des produits de première nécessité répondant en partie aux besoins urgents.

Personnellement, j'ai participé à ce projet. Avec la maison des jeunes, on a mis en place le projet d'aller à Mira planter des arbres. D'un côté, on a mobilisé des jeunes de Differdange et de l'autre côté les Bierger, pour amener un peu de trame verte à cette belle ville qui est Mira.

Pour la présentation de Mira, je vais me montrer bref, comme ça, vous savez plus ou moins comment cela se passe : Mira, située dans la région du centre du Portugal, est une ville qui évoque l'harmonie entre la nature et la culture. Connue pour ses plages magnifiques et ses réserves naturelles, Mira est un exemple vivant de la richesse historique et écologique du Portugal. Son économie, jadis ancrée sur l'agriculture et la pêche, s'oriente désormais vers un tourisme durable, en respectant l'environnement.

Le jumelage entre Mira et Differdange est une chose excellente. Monsieur Meisch a tout à fait raison, on espère vraiment de pouvoir promouvoir les échanges avec les écoles, les lycées, les Veräiner, Sportveräiner, Kulturveräiner… Qu'on arrive à prendre plus au sérieux tout ce qui est jumelage dans la ville de Differdange. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Mir kommen zur Ofstëmmung. Déi zwou Saache mateneen, wann dat okay ass fir jiddwereen. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de jumelage avec la ville portugaise de Mira.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité de résilier le jumelage avec la commune portugaise de Chaves.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 16, de Gemengesyndikater. Wou ech d'Wuert un den Här Hartung ginn, fir eis déi néideg Erklärungen ze ginn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Am SICEC, do proposéiere mer, den Här Wagner Thierry ze nominéieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 3 abstentions de nommer monsieur Thierry Wagner comme membre au sein du comité du syndicat SICEC.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 17, zu de Kommissiounen an de Groupes de travail. Den Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Ech huelen elo e bëssen aus: Am Sënn vun der Biergerparticipatioun hu mer d'Kommissioune jo opgemaach fir d'Awunner. Et ass wichteg, datt och Leit kënne matschaffen, déi net an enger politescher Partei wëlle sinn. Dat eent schléisst dat anert jo net aus. Et war e ganz groussen Interessen do, wat eis freet, well dat weist, datt d'Awunner interesséiert sinn, sech anzebréngen, Déifferdeng matzedenken a bereet sinn, eng Hand matunzepaken.

Insgesamt koumen 113 Kandidaturen eran. Ausgeschriwwe waren d'Kommissiounen an d'Aarbechtsgruppen am Diffmag vum Oktober an op eise soziale Reseauen.

Fir déi kommunal Kommissioune respektiv déi zwou Aarbechtsgruppen hate mer jo gesot, datt mer iwwerall véier Plaze fir d'Bierger géife virgesinn. All Déifferdenger konnt sech fir esou eng Plaz mellen, soulaang hien net scho vun enger Partei an iergendenger Kommissioun oder an engem Aarbechtsgrupp genannt gouf.

Lo gouf et a verschiddene Kommissioune méi Kandidature wéi Plazen. Do hu mer dann einfach geloust, fir et fair ze maachen. An hunn awer och opgepasst, datt een, deen nach keng Kommissioun kritt huet, Prioritéit zu engem hat, dee schonn eng krut. Well punkto Participatioun ass et jo besser, wann zwee Awunner jee eng Plaz hunn, wéi wann een zwou Plaze kritt an deen anere keng.

Wichteg och ze soen, datt mer se all bis zum Leschten ausgeloust hunn. Sou hu mer eng Lëscht mat Reiefolleg fir nozerutschen, wann een en cours de route demissionéiert, ouni nees nei ufänke misse mat Lousen.

Dat zu den 13 kommunale Kommissiounen an den zwee Aarbechtsgruppen.

Dann hu mer nach eng gesetzlech Kommissioun, wou och en Opruff war, an zwar déi vum Vivre ensemble interculturel, fréier als Integratiounskommissioun bekannt. Do war d'Virgab: Manner Politiker a vill méi Bierger. Et läit op der Hand, datt an esou enger Kommissioun vill verschidden Nationalitéiten eng grouss Plus-value duerstellt.

Hei eleng krute mer 24 Kandidaturen. No der Andeelung vun der Propositioun vun der ASTI hate mer hei 16 verschidden Nationalitéiten an allen Awunner, déi sech gemellt hunn. Fir keng Nationalitéit auszeschléissen, hu mer ee pro Nationalitéit geloust, also insgesamt 16 Leit zréckbehalen.

Ënner dem Stréch goufen an de 14 Kommissiounen an zwou Aarbechtsgruppen 68 Plaze verdeelt vun den 113 Kandidaturen. Wéi gesot duerch Lous, fir jiddwereë gläich ze behandelen, ënner der Leedung vun enger Fonctionnairin vun der Gemeng, wou souwuel Vertrieder vu Majoritéit an Oppositioun present waren.

Ech géif elo déi 68 Nimm virliesen. An der Kulturkommissioun ass dat d'Madamm Veniel Julie, d'Madamm Flenghi Nathalie, den Här Raschella Nicodemo, den Här Gundala Karunakar.

An der Finanzkommissioun sinn dat d'Madamm Rahal Gharbi Monia, d'Madamm Pereira Gonçalves Vera, den Här Sousa Sá Mikael Jose an den Här Plévin Sascha.

An der Sportskommissioun: den Här Courtois Henri, d'Madamm Wampach Nicole, d'Madamm Theves Cindy an d'Madamm Gracin-Haas Nicolle. Véier sinn op der Liste d'attente.

An der Jugendkommissioun: den Här Lacour Sacha, d'Madamm Reuter Chelsea, den Här Lopes Rocha Nelson an den Här Martin de Araujo Steven. Do sinn der zwee op der Liste d'attente.

An der Seniorekommissioun: den Här Rovatti Carlo, d'Madamm Ginepri-Scho Francine, d'Madamm Kintzinger Armance, den Här Mancini Denis. Eng Persoun ass op der Liste d'attente.

An der Kannerkommissioun: D'Madamm Hilário Teixeira Mélissa, d'Madamm Gustin Nathalie, d'Madamm Ott Magalie an d'Madamm Benkhaddou Sara.

An der Bautekommissioun: den Här Muller Louis Léon, den Här Lages Figuera Vítor, den Här Di Giorgio Luca an den Här Linster Alain. Do sinn der siwen op der Liste d'attente.

An der Ëmweltkommissioun: d'Madamm Mandaka Kasharelle, den Här Meyer Sébastien, den Här Brassel Emile an den Här Belardi Marc. Do sinn der sechs op der Liste d'attente.

An der Commission de Vivre ensemble interculturel ass et den Här Gundala Karunakar, d'Madamm Taveira de Almeida Mattos Alessandra, d'Madamm Fatuda Nelida da Cruz, d'Madamm Moscovich Corina, den Här Diallo Mamadou Korka, den Här Diao Hamidou, den Här Ben Aziza Chahine, d'Madamm Vasilescu Eliza-Camelia, d'Madamm Binni Ernestina, d'Madamm Masens Ngem Ata Man Roselyne, den Här Zalishchuk Oleksandr, d'Madamm Stauffacher Frei Lilian, den Här Abderrahmane Laggoun, den Här

*Quatre places sont destinées aux citoyens dans chaque commission et groupe de travail. Tous les Differdangeois pouvaient poser leur candidature à condition de ne pas déjà être membres d'une commission pour un parti politique.*
*Le nombre de candidatures à certaines commissions est plus élevé que prévu. La commune a donc procédé à un tirage au sort en accordant toutefois la priorité à ceux qui n'étaient pas déjà membres d'une autre commission.*
*Ceux qui n'ont pas été tirés au sort en premier figurent sur une liste d'attente et pourront remplacer les éventuels membres sortants.*
*La Commission du vivre ensemble interculturel est particulière en ce qu'elle est obligatoire. Elle doit être composée de moins d'hommes politiques et de plus de citoyens. Par ailleurs, le fait que plusieurs nationalités y soient représentées constitue une plus-value.*
*Vingt-quatre personnes de seize nationalités différentes ont posé leur candidature. La commune en a choisi une par nationalité.*
*En tout, 68 personnes sont devenues membres des 14 commissions et des 2 groupes de travail sur un total de 113 candidatures.*
*Jerry Hartung cite le nom de tous les membres.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'étonne qu'il ait fallu envoyer une motivation alors qu'on n'en a pas tenu compte pour la sélection. En effet, les membres ont été choisis par tirage au sort. Ce n'est pas tant le fait d'écrire une motivation qui a gêné les candidats, mais plutôt le fait qu'elle ne servait à rien.*
*Ceux qui n'ont pas été sélectionnés veulent certainement une explication. En effet, les gens se sont renseignés par téléphone, mais ils ont obtenu des réponses divergentes. Quelle était la réflexion du collège échevinal ?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond que la procédure a été fixée dès le départ.*
*Ensuite, quelqu'un qui veut participer à une commission doit prendre quelques minutes pour réfléchir à la question.*
*Enfin, certains candidats ont sélectionné la mauvaise commission. Les erreurs ont pu être rectifiées grâce au texte de motivation.*
*(Vote)*

Ben Mohamed Ali, den Här Cheung Sing-Loon, den Här Da Cruz Oliveira Edgar. Do sinn aacht op der Liste d'attente.

An der Sozialkommissioun: d'Madamm Dede Nzognou Diane Fabrice. Do ass et just eng Kandidatur fir déi Kommissioun. Op der Lëscht waren der zwou, mee déi Leit, déi scho fir eng politesch Partei an enger Kommissioun sinn, déi si jo net berécksiichtegt ginn. Ech kann dat direkt nokucken, da kann ech Iech soen, a wéi enger Kommissioun déi schonn ass.

An der Égalité des chances: d'Madamm Sabzehi Shabnam, d'Madamm De Carvalho Maria, an d'Madamm Kinn Chantal. Do ass nach eng Plaz op.

An der Verkéiers- a Mobilitéitskommissioun: Den Här Kandel Ben, d'Madamm Kapsalioti Aspasia, den Här Lopes Fernandes Vítor Augusto, den Här Umuhoza Odile. Do sinn aacht op der Liste d'attente.

An der Logementskommissioun: d'Madamm Cheng Qiao, den Här Diallo Yero Oury, d'Madamm Pereira Gonçalves Vera. Eng Plaz ass op.

An der Festivitéitskommissioun: d'Madamm Tavares Gloria, d'Madamm Schreiner Bernadette, den Här Birzan Ionut Razvan an den Här Steil Christian. Do si fënnef Leit op der Liste d'attente.

Am Klimateam ass et: den Här Sousa Sá Mikael Jose, d'Madamm Sengupta Melanie, den Här Fautsch Jean-Marie an den Här Bertinchamps Jean-Pierre.

An am Naturpaktteam: d'Madamm Houot-Schweitzer Danielle.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir déi gutt Aarbecht. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech si vu ville Bierger gefrot ginn, firwat se mussen eng Motivatioun schreiwen, wann déi Motivatioun bei der Selektioun am Fong keng Roll spillt. Well et ass jo e Losverfahren gewiescht. Dowéinst hunn e puer Leit et e bësse sënnlos fonnt, fir e Motivatiounsbréif ze schreiwen. U sech huet dat, mengen ech, kee gestéiert. Mee ze wëssen, dass déi Motivatioun am Fong keen Impakt dorop huet, ob een da ka Member vun enger gewësser Kommissioun ginn oder net.

Dat war eng Fro, déi ech gestallt hat, wou bestëmmt déi, déi elo de Pech hunn net per Chance hei selektionéiert ginn ze sinn, frou sinn eng Explikatioun ze héieren. Well heiansdo huet een dat eent gesot kritt um Telefon, heiansdo huet een dat anert gesot kritt. An ech mengen, et wär wichteg, wann Dir als Schäfferot Är Iwwerleeung dohanner da Präis géift gitt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Hartung, kënnt Dir nach eng Kéier dorobber reagéieren?

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo. Éischtens war net vun Ufank u kloer, wéi mer géife virgoen.

Zweetens ass et awer och wichteg, wa Leit sech an eng Kommissioun mellen, datt se sech dann och Zäit huelen, sech e bësse Gedanke maachen, firwat se sech mellen.

An drëttens hate mer awer och gesinn, datt verschidde Leit déi falsch Kommissioun ugeklickt haten. Wéi mer dunn d'Motivatioun gelies hunn, huet dat net mat der Kommissioun gepasst. Dorop hin huet eist Sekretariat dann nogefrot, ob dat wierklech déi Kommissioun wär, déi se wéilten. An do ass effektiv bei engem festgestallt ginn, datt dee sech an déi falsch Kommissioun ugeklickt hat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la nomination des membres observateurs au sein des commissions consultatives à la suite de l'appel à candidatures adressé à la population.*

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 17), Changementer an de Kommissiounen. Mir hunn e Bréif erakritt vun der LSAP, mat der Informatioun, dass an der Kannerkommissioun den Här Hansen Pascal d'Madamm Pereira Catia géif remplacéieren an an der Mobilitéitskommissioun den Här Adan Skenderovic den Här Fred Charlé géif remplacéieren.

Wann et keng Wuertmeldungen zu deene Changementer an der Kommissioun gëtt, da kéime mer zum Vott.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Déi ginn net ofgestëmmt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ginn déi net ofgestëmmt? Ma wa mer net brauchen driwwer ofzestëmmen, ass et just eng Informatioun. Dann hale mer dat esou bäi, wéi et virdru war.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Ier mer an d'Séance non-publique ginn, behandele mer d'Froen, déi agereecht gi sinn. Mir fänke mam Här Diderich un, deen d'Wuert kritt, fir seng Froe virzedroen. An da géife mer probéieren, dorop ze äntweren. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci villmools, Här Buergermeeschter. Vu dass mer elo bei de Kommissioune waren, fänken ech mat där Fro un. Ech hunn an der Virbereedung fir dës Gemengerotssëtzung e bësse wollte kucken, wat esou an de Kommissioune geschitt ass, och déi, an deene mir elo net méi vertruede sinn. Wat jo bis elo net de Fall war, dass mer als Partei, déi an engem Gemengerot vertrueden ass, net an all de Kommissioune kënne selwer sinn a matschwätzen, respektiv op d'mannst emol d'Informatioune kréien.

Dat ass awer lo de Fall opgrond vun der Decisioun, déi d'LSAP an d'CSV zesumme geholl hunn. A wéi déi Decisioun hei geholl ginn ass, mam leschte Vott an deem Gemengerot, wou d'Kommissiounen zesummegesat gi sinn, do ass vum Schäfferot gesot ginn, dass awer all Rapport an all Invitatioun ëmmer wäert un all Conseiller goen. Dass kee Conseiller sech muss an dräi deelen a probéieren, an all déi Kommissiounen ze goen, fir sech selwer do ze informéieren. Oder op d'mannst d'Rapporten ze kréien, fir déi da kënnen ze liesen.

Ech hu gekuckt, ob ech déi Rapporte respektiv d'Invitatiounen all kritt hunn. An do ass mer scho mol opgefall, dass ech sechs Rapporte kritt hunn, awer nëmme véier Invitatiounen. Dat heescht mat den Invitatiounen huet et scho mol net esou geklappt, dass ech hätt kënnen dohinner goen.

Dozou hunn ech follgend Froen: Wéi vill Reunioune vu Kommissiounen hu stattfonnt, zënter se zesummegesat gi sinn? Firwat gëtt et do en Ënnerscheed tëschent der Unzuel vun den Invitatiounen an de Rapporten? Gëtt et fir all Kommissiounssëtzung, déi stattfonnt huet, e Rapport? Wou kann een déi fannen? Firwat hu mir als Gemengerotsmemberen net Accès op all d'Rapporten, déi et gëtt? Wéi eng Mesuren ass de Schäfferot bereet ze ënnerhuelen, fir sécherzestellen, dass all Gemengerotsmember, éischtens, invitéiert gëtt an, zweetens, d'Rapporte kritt?

A schlussendlech: Firwat gëtt et en Ënnerscheed tëschent deenen, déi per E-Mail verschéckt ginn an deenen, déi op der Cloud sinn? Et muss ee quasi op

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe aux changements dans les commissions. Pour le LSAP, monsieur Pascal Hansen remplace madame Catia Pereira à la Commission des enfants. Monsieur Adan Skenderovic remplace monsieur Fred Charlé au sein de la Commission de la mobilité.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe aux questions.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'est informé de l'état des commissions consultatives. En effet, il rappelle qu'à la suite d'une décision du LSAP et du CSV, les membres de l'opposition ne peuvent plus être membres de toutes les commissions et donc s'informer de ce qui s'y passe.*
*Lorsque le collège échevinal a pris cette décision, il a assuré les conseillers communaux qu'ils recevraient tous les rapports et toutes les invitations. Or Gary Diderich constate qu'il a reçu six rapports, mais seulement quatre invitations. Il n'aurait donc pas pu se rendre à toutes les commissions.*
*Combien de réunions ont eu lieu jusqu'à présent ? Pourquoi a-t-il reçu moins d'invitations que de rapports ? Un rapport a-t-il été rédigé pour chaque commission ? Où se trouvent ces rapports ? Pourquoi les conseillers communaux n'y ont-ils pas accès ? Que va faire le collège échevinal pour s'assurer que chaque membre du conseil communal soit invité et reçoive les rapports ?*

*Gary Diderich se demande aussi pourquoi les rapports sur le nuage ne sont pas identiques à ceux envoyés par courriel.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *ne connait pas le nombre exact des réunions ayant eu lieu, mais en principe, la plupart des commissions se sont déjà rencontrées.*
*La plupart des commissions ont déjà élu un président et un vice-président. Monsieur Diderich est d'ailleurs vice-président d'une des commissions.*
*Pour ce qui est du chiffre exact, Jerry Hartung devra se renseigner auprès des 16 secrétaires.*
*La semaine dernière, Jerry Hartung a effectivement remarqué que le nombre d'invitations ne correspondait pas à celui des rapports. Mais les autres années, les rapports n'étaient pas non plus envoyés automatiquement à tout le monde. Cependant, les consignes étaient claires. Chaque conseiller communal doit recevoir les invitations. Il faudra améliorer ce point.*
*En principe, les rapports d'une séance sont validés rapidement par le président avant d'être envoyés. Lors de la séance suivante, les membres apportent d'éventuelles améliorations.*
*Jerry Hartung comprend que les délais doivent être raisonnables, mais la date des réunions des commissions ne correspond pas nécessairement aux dates des conseils communaux. La seule exception concerne les avis.*
*En tout cas, les invitations et les rapports sont censés être envoyés par courriel et sauvegardés dans le Diffcloud. Mais Rome n'a pas été bâtie en un jour. Le système informatique est en place. Désormais, il faut briefer les secrétaires et accorder les accès pour garantir que le flux d'informations fonctionne.*
*Jerry Hartung demande à monsieur Diderich s'il souhaite un rapport du nombre de commissions ayant déjà eu lieu.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Jerry Hartung le remercie.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *croit avoir compris que l'ancien système a été abrogé, mais que le nouveau système n'est pas encore en place.*

deenen zwou Plaze kucken, wou een dann awer kee komplett Bild kritt.

Dat wäre meng Froen un de Schäfferot. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Ech géif dem Här Hartung d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Wéi vill Reuniounen? Är Fro war elo zimmlech kuerzfristeg erakomm. Am Prinzip hunn déi meescht Kommissioune sech gesinn. Si sollte sech jo all eng éischte Kéier gesinn, fir en Echange ze hunn an eeben och d'Opmaache vun der Kommissioun fir d'Bierger ze preparéieren. Déi meescht hunn och schonn e President an e Vizepresident gewielt. Dir sidd jo och Vizepresident vun enger Kommissioun.

Déi genee Zuel, wann Der dat wierklech wëllt, kënne mer dat bei deene 16 Sekretären nofroen an Iech dann zoukomme loossen.

Firwat d'Unzuel vu Rapporte par rapport zu Invitatiounen ënnerschiddlech ass? Dat ass eis och d'lescht Woch opgefall, wéi mir dee ganze Vademecum erstallt hu fir d'Prozeduren. A mir hunn awer och festgestallt, datt dat och déi Jore virdru schonn esou war, datt d'Informatiounen net automatesch u jidderee verschéckt gi sinn, d'Rapporte schonn.

Natierlech hu mer d'Consigne erausginn, datt och d'Invitatioune mussen eraus, well all d'Gemengerotsmembere muss jo kënnen an déi Kommissioune goen. Mir verspriechen Iech do Besserung.

Wéini déi Rapporte kommen. Ech mengen, et ass virgesinn, datt u sech déi Kommissioun drop de Rapport soll validéieren. An der Reegel ass et awer esou, fir datt et eebe méi séier geet, datt u sech meeschtens de President et validéiert an da gëtt et erausgeschéckt an an der nächster Kommissioun nach eng Kéier mat all de Memberen duerchgekuckt, wann eppes misst ugepasst ginn.

Ech wëll awer och an deem Sënn soen: Natierlech muss een e räsonabelen Delai anhalen, awer et ass esou, bis op d'Avisen natierlech, déi fir e Gemengerot musse virleien, sinn d'Terminer vun enger Kommissioun net un d'Terminer vun enger Gemengerotssëtzung gebonnen. D'Kommissioune behandele jo Saachen, déi méi generell sinn. Ausser, wéi gesot, en Avis. Wann e Punkt um Ordre du jour steet, wou en Avis gefrot ginn ass, dann ass natierlech den Avis ëmmer an der Dokumentatioun vum Gemengerot dobäi.

Et ass ugeduecht, datt an Zukunft all Invitatioun soll gemailt ginn an all d'Rapporte ginn och un dee ganze Gemengerot gemailt. A se kommen op d'Diffcloud. Mee och do, ech menge Roum ass net an engem Dag gebaut ginn.

Do ass ee ganzen informatesche System hannendrun, deen elo opgebaut gouf. Do krut ech e Méindeg d'Réckmeldung, datt dee steet. Elo ginn nach d'Sekretäre gebrieft, well dat ass jo och eng Saach mat der Diffcloud: Wien huet Accès? Wéi fonctionéiert dat? Wie setzt wat drop? Wien huet keen Accès? Datt dat och propper ofleeft.

Déi lescht Fro: Jo, dat ass d'Zil, datt de Flux vun den Informatioune gutt soll stattfannen.

Ech mengen, dat waren all d'Froen zu de Kommissiounen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Pardon.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech wollt just nach froen: Wëllt Der elo wierklech en detailléierte Rapport, wéi eng Kommissioune stattfonnt hunn? Solle mer dat nofroen? Okay, da froe mer dat no.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et geet jo eraus, aus deem, wat Dir sot, dass Der de System verännert hutt an deen neie System nach net en place gesat hutt. Dat heescht, Dir hutt scho

Saachen abrogéiert, ewechgeholl. Dat heescht d'Méiglechkeet, mech als Conseiller ze informéieren, als Partei sech ze bedeelegen. An dat, wat Der versprach hutt, wat géif amplaz kommen, ass jo kloer, dass dat nach net do ass.

Déi Direktiven u Sekretären, déi si scho 50.000-mol gemaach ginn. Déi Saach mat den Invitatiounen, dat ass schonn x-mol kommunizéiert ginn, dass déi un dee ganze Gemengerot solle goen. Dat huet bis elo, an all deene Joren, wou ech am Gemengerot war, oder déi Lénk hei am Gemengerot vertruede waren, nach ni fonctionéiert.

Wann Dir mir net soe kënnt, wéi eng Reunioune stattfonnt hunn, da kann ech dat net nopréiwen. Et ass jo kee vun déi Lénk méi an deene Kommissiounen. Dat heescht, da misst ech selwer elo ufänken, all Woch oder all Mount e Sondage ze maache bei all de Parteien: Wie vun Iech huet vläicht schonn eppes do matkritt a wou war vläicht eng Kommissioun?

Dat weist, datt Dir Iech Är Saache geduecht hutt, mee d'Praktikabilitéit dovunner, déi wäert ech ganz no suivéieren, well ech jo och net averstane si mat deem System u sech. Dann ass dat mäi Moyen, fir do ze intervenéieren. Mee et wäert net opgoen. Dat soen ech Iech schonn. Ech wëll kënne verifizéieren. Dofir wär ech frou, déi Informatiounen dann ze kréien, jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich, dass Der Iech esou Gedanken driwwer maacht. Dir kënnt Iech awer virstellen, dass dat doten elo en Neiufank ass fir eis a fir d'Sekretären, fir déi ganz Kommissiounen. Do si Kommissiounen, déi waren d'lescht Woch fir d'éischt beieneen, dass mer deenen och mussen eng Chance ginn an net direkt ze vill skeptesch si bei engem Neiufank vun deene Kommissiounen, déi elo vläicht eng Sitzung haten an déi ass vläicht véier Deeg al. Ech huelen un, dass Der dat och verstitt an déi Erklärungen hei.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir probéieren natierlech, fir den Optimum erauszeschloe vun deem, wat mer versprach hunn. Da géife mer zu der zweeter Fro kommen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi zweet Fro geet ëm d'Camionnetten, déi mer als Gemeng sou kafen. Ech hat zwou Ausschreiwunge gekuckt, eng aus dem Joer 2020 an eng vu September 2023.

D'Fro ass, firwat mer keng Elektroautoen oder Elektrocamionnettë méi kafen, wéi dat bei deene leschten Ausschreiwunge war. Jiddefalls bei deenen zwou, 2020 an 2023, bei deenen ech gekuckt hunn, ass keen een Elektrogefier kaaft ginn.

An ob een am Kader vun NetZeroCities dat net awer misst maachen. An ob mer am NetZeroCities nach net esou wäit sinn, dass mer vläicht och Ziler hunn, wat mer mussen erreeche vun elektronescher Motoriséierung. Fir och eis Ziler ze erreechen, déi am NetZeroCities dra sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert, fir Iech dorop ze äntweren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass esou, Här Diderich, éischtens gëtt et net all Gefier, dat mer brauchen, am Elektreschen. Wann et se gëtt, si Probleemer do mat de Batterien, zum Beispill bei enger Camionnette oder esou, déi zwou Tonne weien. Dat heescht, déi zwou Tonne gi vun der Zouladung ewechgeluecht. Dat heescht, da kanns de manner lueden. Dat ass emol ee Probleem.

Deen anere Probleem ass, dass et bei verschiddenen Ausschreiwungen déi elektresch Variant nach net gouf.

Dat anert ass, dass déi elektresch Variant eng manner grouss Autonomie huet. Ech huelen elo d'Beispill vun engem

*Les partis politiques ne peuvent donc pas s'informer facilement. Le collège échevinal a fait une promesse qu'il n'a pas tenue.*
*Gary Diderich signale par ailleurs que les secrétaires ont déjà reçu des directives 50 000 fois. Ils sont déjà censés envoyer des rapports et des invitations. Mais depuis que déi Lénk est au conseil communal, cela n'a jamais fonctionné.*
*En outre, si monsieur Hartung ne sait pas quelles réunions ont eu lieu, Gary Diderich n'a aucun moyen de faire des vérifications, car déi Lénk n'est plus représentée. Chaque mois, il devra réaliser un sondage auprès des partis politiques pour découvrir qui sait quelque chose au sujet des commissions.*
*En tout cas, il compte suivre cette affaire de prêt, car il n'est pas d'accord avec le nouveau fonctionnement des commissions. Il veut pouvoir vérifier ce qui se passe et demande des informations.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle à monsieur Diderich que la nouvelle période législative vient de commencer et qu'il faut du temps pour que les commissions se mettent en place. Si une réunion a eu lieu il y a quelques jours, monsieur Diderich doit se montrer compréhensif.*
*Le collège échevinal essaie en tout cas de maintenir ses promesses.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *passe à sa deuxième question concernant les camionnettes de la commune. Pourquoi la commune n'achète-t-elle plus de véhicules électriques ? Le conseiller a vérifié les soumissions de 2020 et 2023.*
*Le collège échevinal a-t-il fixé des objectifs dans le domaine de la mobilité dans le cadre de Net0Cities ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que tous les types de véhicules n'existent pas en modèle électrique. Ensuite, des véhicules de deux tonnes ne se prêtent pas à être électriques.*
*Dans certains cas, les véhicules électriques ont une autonomie moindre. Tom Ulveling cite l'exemple d'un camion-benne à ordures. Non seulement le modèle électrique est deux fois plus petit,*

*mais il doit être rechargé au milieu du tour. Autrement, il faudrait revoir tous les tours.*
*Une camionnette électrique ne peut pas non plus tirer une remorque de 3,5 t.*
*Enfin, il ne faut pas non plus sous-estimer les frais engendrés par les véhicules électriques, qui coutent parfois le double. Un camion-benne électrique coute par exemple 400 000 € au lieu de 270 000 €. Deux camions couteraient donc un demi-million de plus. Pour Net0Cities, le collège échevinal prévoit un budget de 850 000 €. Si la commune achète deux camions pour un demi-million d'euros, la marge de manœuvre sera restreinte.*
*Tom Ulveling dispose d'une liste et constate que la plupart des voitures, scouteurs et camionnettes sont électriques. Mais pour des raisons d'autonomie, il est important de conserver quelques véhicules thermiques.*
*Actuellement, sur 125 véhicules et machines, 17,6 % sont électriques. En 2024, le taux atteindra 23 %.*
*Si monsieur Diderich le souhaite, Tom Ulveling peut lui fournir une liste des raisons pour lesquelles on ne peut pas toujours choisir de l'électrique. Parfois, le collège échevinal doit prendre des décisions sur la base des difficultés rencontrées. Il peut s'agit du poids des batteries, de la taille du châssis... Parfois, le volume de chargement d'une camionnette est fortement impacté par la taille de la batterie, ce qui forcerait les ouvriers à faire de nombreux allers-retours. Bref, la commune doit veiller à disposer d'une mixité de véhicules saine.*
*La commune dispose de deux camions-bennes. Les bennes sont électriques, mais pas le moteur, car lors de la commande il n'existait pas de camions-bennes entièrement électriques. Désormais, il y en a. Mais ils coutent le double et peuvent transporter la moitié. En acheter est donc problématique.*
*Tom Ulveling essaie de tenir compte de Net0Cities, mais de toute façon, l'électrification des véhicules n'est qu'une petite partie de ce que l'on peut faire. C'est pourquoi il ne vaut pas la peine de dépenser les fonds prévus pour ce projet pour acheter trois camions.*

Müllwon. E Müllwon gëtt et am Elektreschen, mee dat ass da keen esou een, wéi mir een hunn. En ass hallef sou grouss, wat bedeit, dass mer den Tour an zwee deele mussen. Dertëscht musse mer dat ofluede goen, op d'SIDOR fueren an duerno erëm oplueden, wat och net esou ganz evident ass. Oder mir missten alles ëmänneren, dat heescht den Tour méi kuerz maachen.

An da gëtt et natierlech och de Probleem, dass esou elektresch Camionnetten net kënne Remorquë bis 3,5 Tonnen nozéien. Dat, hunn ech gesot kritt, géif et nach net ginn.

An een anere groussen Nodeel ass de Präisënnerscheed. Déi elektresch Gefierer kaschten ongeféier dat Duebelt vun engem netelektresche Gefier, a mat manner Autonomie, wéi gesot.

An ech ginn Iech ee Beispill: Bei deenen zwee, déi mer elo fir d'lescht ausgeschriwwen hu vu Poubellesween, do ass den Ënnerscheed deelweis 270.000 Euro, also praktesch dat Duebelt. Dat heescht, wa mer zwee Elektrescher hunn, dann ass et eng hallef Millioun méi deier.

Ech soen elo schonn eppes am Viraus: Mir hunn am Budget ongeféier eng 850.000 Euro fir NetZeroCities virgesinn. Wa mer elo eng hallef Millioun ausginn, fir just nëmmen elektresch Gefierer ze kafen, an da sinn dat nach nëmmen déi zwee Poubellesween, dann hu mer net méi vill Spillraum. Dofir mengen ech muss ee kucken, dass een e gesonde Mix mécht.

Ech hunn e Listing hei vun all eise Gefierer, wat Autoen an esou ugeet, Elektroscooteren an Autoen a Camionnetten. Also Kangooen, ganz kleng Camionnetten, do si mer praktesch ganz op Elektresch ëmgestigen. Mir hunn awer och deen een oder deen aneren, wéi gesot, wéinst der Autonomie. Et muss ee jo garantéieren, dass wann ech op Clierf fueren, datt ech och nach eng Kéier erëmkomme mat mengem Auto, dofir hu mer och nach deen een oder deen anere Bensinner am Fuerpark.

Dir hutt gefrot, wéi vill Prozent mer à ce jour hunn. Vun eisen 125 Vehicullen a Maschinnen hu mer 17,6 % elektresch à ce stade. A bis 2024 ass virgesinn, 23 % vum Parc véhicule elektresch ze hunn.

Ech hoffen, dass Iech dat als Explikatioun duergeet. Ech hunn hei déi genau Beschrëftung – ech kann Iech dat ginn –, firwat bei verschiddene Soumissioune verschidde Saachen net konnten am Elektresch kaf ginn, well: „Pas encore de châssis camion avec moteur électrique", zum Beispill, steet dann hei. Oder: „à ce moment n'existe pas encore de châssis camion avec moteur électrique". Fir eng Balayeuse, do war et: „... qui est destinée de faire un nettoyage sans eau et peu être utilisée même en cas de température négative contrairement à tous les autres types de balayeuses."

Soudass mer do verschidden Decisioune geholl hunn, en fonction eeben, wat de Probleem ass. An den Haaptprobleem ass deen, dass wéinst dem Gewicht vun deene Batterien d'Zoueldung – de Chassis ass jo fir eng gewëssen Zouluedung – da just d'Hallschecht nach ass, well d'Hallschecht dovunner an der Batterie schonn ass. Dat heescht, du kanns op denger Camionnette, déi s de hues fir de Jardinage, nëmmen nach d'Hallschecht vun der Zouluedung maache wéi virdrun. Dat ass e Probleem. Da muss ee méi oft hin an hier fueren, auslueden an esou virun. Mir versichen, e gesonde Mix do ze erreechen.

A wéi gesot, mir kënnen net alles kréien. Wéi ech zu Barcelona war, hunn ech esou en elektresche Müllwon – laang gouf et jo keng ganz elektresch, mir hu jo zwee Poubellesween mat elektrescher Schüttung, awer net mat elektreschem Motor. An dat gëtt et mëttlerweil. Dat gouf et laang net. Dat gëtt et elo. Kascht, wéi gesot, dat Duebelt.

An d'Gréisst ass d'Hallschecht vun deem, wat mir elo hunn. Soudass dat dann och erëm mat Probleemer behaft ass. Ech mengen, mir versiche schonn, am Projet NetZeroCities dat doten alles ze berécksiichtegen. Mee et ass ee klengen Deel vun deem, wat ee ka maachen.

An da muss ee sech d'Fro stellen, ob ee mat deene Suen, déi ee wëllt fir NetZeroCities ausginn, ob een domat da just wëll zwee oder dräi Camione kafen oder ob ee wëll aner Projete maachen.

Wat mir Iech dann am Budget wäerten erklären.

Geet Iech dat duer?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Also hei hate mech ganz spezifesch d'Camionnetten interesséiert, 2020 an 2023 ware reng Camionnetten an der Ausschreiwung. An do war eebe keng Spuer vun engem Mix, well keng eng Camionnette war elektresch. Dat heescht entweeder fueren all eis Camionnetten déi ganz Zäit mat der maximaler Zouluedung oder et ass organisatoresch méi einfach fir d'Servicer, net dorobber mussen opzepassen.

Dir hutt elo vu ganz spezifesche Gefierer geschwat. Dat ass interessant gewiescht. Ech hu gemierkt, datt ech hei eng Kéier wollt ofwiessele mam Wording an der Véhicule-Benotzung amplaz Camionnette, mee ech hu mech spezifesch fir d'Camionnetten interesséiert.

Ech si frou, dass ech elo nach méi Informatioune kritt hunn. Mee spezifesch zu de Camionnetten, mengen ech, dass ee fir déi eng oder déi aner Camionnette fir de Gebrauch, fir dee se geduecht ass, hätt kënnen op elektresch awer ëmswitchen. Fir dass ee bei de Camionnetten e puer elektrescher huet, well se net alleguerten op maximaler Leeschtung an esou Luedung musse fueren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mee wat Der vläicht vergiess hutt, oder ech och elo vergiess hunn ze soen: Déi Camionnetten, déi gi jo ëmgebaut, also déi gi jo amenagéiert bannendran. Zum Beispill fir de Waasserservice, déi brauche jo Reservestécker, do ginn e ganze Koup Regaler agebaut. Dat eleng huet schonn e gewëssent Gewiicht. A wann et da fäerdeg ass, dann hues de praktesch keng Zouluedung méi par rapport zu enger anerer.

An den Haaptpunkt ass, dat muss ee soen, et kascht dat Duebelt fir manner Autonomie, an du kanns manner mat ronderëm schleefen. Ech hoffe jo, dass déi Evolutioun wäert e bësse changéieren, dass mer méi performant elektresch Gefierer kréien, déi och méi eng grouss Autonomie hunn.

An à ce stade hu mer haaptsächlech, do hutt Dir Recht, an elektresch Autoen investéiert mat elektrescher Schüttung oder esou, deels elektresch. Well dat och manner Kaméidi mécht. Et ass méi agreabel fir de Bierger. Well do d'Hydraulik net allkéiers muss eropgefuer ginn, wat Kaméidi mécht, wann déi um sechs Auer moies virun Ärer Dier steet, fir d'Poubellen eidel ze maachen. Mee effektiv, et ass e Probleem, et ass nach net esou 100 % au point.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech ginn d'Wuert weider un Madamm Pregno, déi och eng Fro ze stellen huet.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn zwou Froen. Mir hunn eis gefrot, elo mat der Delokalisatioun vum Office social an d'BIL-Gebai, wéi et do ausgesäit mat der Accessibilitéit fir PMRen, à savoir, dass jo déi noostgeleeë PMR-Parkplazen ënnen an der Rue de la Grève Nationale sinn? An dass dat awer e relativ laange Wee ass bis bei d'BIL-Gebai, also laang en terme vu PMR. Ass virgesinn, déi ze delokaliséieren, Här Verkéiersschäffen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech weess emol – pardon, ech wëll Iech dat soen: Et gëtt PMR-Parkingen. An der Groussstrooss sinn der zwee, beim Médico-sportif, wéi mer dat Gebai nennen, do sinn der mol zwou, wou ech sécher weess.

An dann ass och eng am Park ënnen an der Grève Nationale vis-à-vis, wou soss ëmmer de Malané war.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An am Parking sinn der och.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *signale que sa question portait essentiellement sur les camionnettes commandées en 2020 et en 2023. Or aucune de ces camionnettes n'était électrique. Où est la mixité ? Soit les camionnettes sont chargées au maximum de leur capacité, soit les ouvriers ne font pas attention à cela. Gary Diderich répète qu'il parlait spécifiquement des camionnettes même s'il est content d'avoir reçu des informations complémentaires. Il estime que la commune aurait pu choisir quelques camionnettes électriques, car de toute façon, les camionnettes ne sont pas toujours chargées au maximum de leurs capacités.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que les camionnettes sont transformées pour les besoins spécifiques des services. Le service de l'eau, par exemple, a besoin d'un équipement intérieur spécifique, qui pèse lourd. En outre, Tom Ulveling répète que les véhicules électriques coutent deux fois plus cher pour une autonomie moindre. Il espère qu'à l'avenir ces véhicules deviendront plus performants. Mais pour le moment, la commune investit surtout dans les voitures électriques et les bennes électriques, qui font également moins de bruit le matin tôt. Tom Ulveling admet que tout n'est pas encore au point.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que l'Office social a été délocalisé dans le bâtiment de la BIL. Mais la place de stationnement pour PMR la plus proche se trouve dans la rue de la Grève-Nationale. C'est plutôt loin.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond qu'il y a des places pour PMR dans la Grand-rue à proximité du centre Médicosocial.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute qu'il y en a aussi une dans le parking.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise qu'il y en a une autre près du parc en face de l'ancien Malané.*

**TOM ULVELING (CSV)** *mentionne une nouvelle fois le parking.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme qu'il s'agit du parking de la Grand-rue.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *trouve que c'est quand même loin.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a donné une réponse spontanée. Ce sont les places dont il se souvient.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que dans le cadre des économies d'énergie, la commune avait décidé d'éteindre un éclairage public sur trois. Cette mesure a-t-elle été suspendue ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande si la commune n'a plus besoin de faire des économies.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *réplique que la commune a reçu des réclamations après le changement de l'heure. En effet, il fait sombre une heure plus tôt.*
*Ensuite, le collège échevinal a réussi à négocier de meilleurs prix. Finalement, il a décidé de rallumer les lumières, car il fait sombre dès 18 h, ce qui a engendré des réclamations de la part des cyclistes et des piétons.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *a une question concernant la Commission des jeunes. Il sait que le service jeunesse réalise un travail remarquable. Mais la Commission des jeunes doit conserver son impartialité. Or, la responsable du service jeunesse est devenue présidente de la Commission des jeunes. Le bourgmestre peut-il garantir qu'il n'y aura pas de conflit d'intérêts ?*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *ne partage pas l'avis de monsieur Aguiar.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

An am Parking Groussstrooss, am Parkhaus selwer, sinn och Parkinge fir Leit mat PMR.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ass nach ëmmer e bësse wäit, mee okay.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat kann ech Iech elo mol spontan esou soen, well ech weess, wou déi sinn.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Déi zweet Fro: Am Kader vun de Spuermoossnamen an och de steigenden Elektreschpräisser war jo eng Spuermoossnam, dass eng Luucht vun dräi sollt ausgeschallt ginn. Ass dat zréckgefuer ginn, déi Spuermoossnam?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Spuere mer net méi?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dee leschte Schäfferot hat dat opgehuewen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo. Mir hate Reklamatioune kritt vu Leit, éischtens emol, well d'Auerzäit geréckelt ginn ass, eng Zäit, wou et méi laang däischter ass. Zweetens hu mer aner elektresch Präisser ausgehandelt kritt. An do hu mer d'Decisioun geholl am Schäfferot, fir d'Beliichtung erëm iwwerall unzemaachen.

Aus Sécherheetsgrënn och, well d'Leit do reklaméiert hunn an net iwwerall Zougang haten – well et owes um sechs schonn awer stackdäischter ass – zu de Vëlosweeër, de Foussgängerweeër. Do hate mer verschidde Reklamatioune kritt, dofir hu mer decidéiert, erëm all Luucht unzemaachen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Gär geschitt. Dann den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Monsieur le bourgmestre, messieurs les échevins, chers collègues, je souhaite aborder une question, qui nous préoccupe profondément, en ce qui concerne la Commission des jeunes. Nous sommes tous conscients de l'importance du service jeunesse dans notre commune, et nous reconnaissons le travail remarquable accompli par sa responsable. Cependant, il est de notre devoir de nous assurer que les responsabilités au sein de la Commission des jeunes ne soient pas sujettes à la partialité ou aux conflits d'intérêts.

Or, lors de la dernière Commission des jeunes, la responsable du service jeunesse est devenue présidente de la même Commission des jeunes. Nous avons la responsable du service des jeunes qui est responsable de la Commission des jeunes. Comment pouvez-vous garantir que cette Commission des jeunes reste impartiale compte tenu du conflit d'intérêts clair qui existe ?

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Den Här Wagner, wannechgelift

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech gesinn do direkt keng Gefor, wéi Dir dat elo gesitt, dass si déi zwou Tâchen net kéint respektéieren. Ech fannen, grad elo huet si d'Méiglech-

keet, déi zwou Saachen ze kombinéieren. Mir sinn der Meenung, dass dat dee richtege Choix ass. Mir hu guer kee Probleem domat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn zwou Froen, eng betreffend d'Schoul, déi aner d'Rue des Ligures.

Punkto Woiwer Schoul ass vun den Elteren an den Enseignanten, vun der ganzer Schoulcommunautéit, d'Fro gestallt ginn: Do si jo verschidde Säll, déi net kënne benotzt gi wéinst Schimmel, et si Säll déi am Moment nëmme kënne provisoresch benotzt ginn, bis en Expert erlaanscht ass. Wéi gesäit et do aus? Kënnt Der eis Detailer ginn? Fir datt déi Leit wëssen, wéi et virugeet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech kann Iech eng Äntwert ginn. Et gesäit net gutt aus. Déi Virbaute si verfault. Do gouf e Gruef opgemaach, fir ze kucken, wou et hierkënnt. D'Experte sinn amgaangen ze kucken, mee si fannen net richteg eraus, à ce stade emol, wat d'Ursaach ass, firwat dat gefault ass. A si hunn d'Angscht, dass et net nëmmen an deem enge Sall ass, mee dass et och vläicht kann enzwousch aneescht nach sinn.

D'Experte sinn amgaangen ze kucken, wat d'Ursaach ass. Si hate geduecht, et ass jo eng hëlze Konstruktioun, déi op enger Dall sëtzt, dass vläicht vergiess gi wär, tëschent der Holzkonstruktioun en Tëschestéck ze maachen, fir dass d'Waasser net kann eropkommen. Dat schéngt awer net de Fall ze sinn. Soudass se net genau wëssen, wou et hierkënnt.

De Probleem ass, wann et wierklech eppes Schroes ass, dann hu mer e risege Probleem. Well da musse mer alles nei maachen. Elo gëtt d'Statik kontrolléiert, ob dat iergendwéi en Afloss huet op d'Statik vum ganze Gebai. Soudass dat à ce stade wierklech net amüsant ass.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Villmools merci fir d'Informatioun.

Nach eng zweet Fro betreffend d'Rue des Ligures. Déi gouf scho virun engem Joer gestallt.

Tëschent der Residence op der Nummer 32 an der 22 war eng Parkplaz. Déi ass ewechgeholl ginn deemools. Do besteet schonn e Parkingsproblem, mee dorëms geet et net.

Zënterhier fueren d'Leit, déi hanne Gäert hunn, mam Auto reegelméisseg eran an eraus. Et war gesot ginn, et wier net dofir gemaach gewiescht, den Trottoir wier do manner breet wéi op anere Plazen. Ech hu mer dat ugekuckt, deen Trottoir ass net manner breet wéi op anere Plazen. Kloer ass, vu datt déi Parkplaz fort ass, fueren d'Leit eran an eraus. Déi Wiss gesäit ganz schlëmm aus. Dat wëll ech emol soen.

Ech weisen Iech Fotoen, fir datt Dir Iech dat eng Kéier ukucke kënnt. D'Fro ass: Wat kënne mer do maachen? Et ass gesot ginn, et géif eppes gemaach ginn. Awer et ass elo ee Joer hier an zënterhier ass näischt geschitt.

An d'Fro ass: Entweeder mir maachen e Parking dohin, fir datt d'Leit net méi dohinner kënne fueren oder mer soen: Dir kënnt bei Är Gäert fueren. Domadder hunn ech och kee Probleem. Da maache mer e festen Ënnergrond, fir datt d'Leit dann och mam Auto kënnen dohinner fueren.

Well op där anerer Säit, tëschent der Bushaltestell vum Diffbus, do gëtt et méi e befestegte Wee, wou een hannen era géif kommen. Mee do ass een, deen e Gaart do huet, deen huet natierlech do en décke fette Steen higesat, fir datt kee kann dohinner fueren. Well dee wunnt do an deem Eck. Dann ass et natierlech méi einfach, da fueren d'Leit all laanscht d'Residence.

Et ginn och vill Leit mat Hënn dohinner trëppelen, dat geet jo hanne bis an de Suessemer Wee erof. Net méi spéit wéi de Moien, soen ech dann an eegener Saach, sinn ech och mam Hond

*Au contraire, cela permet de combiner les deux choses. Il ne voit pas où est le problème.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *a une question concernant l'école du Woiwer. Il signale que certaines salles ne peuvent être utilisées que partiellement à cause de problèmes de moisissures. Qu'a prévu le collège échevinal ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'a pas de bonnes nouvelles. L'avant-corps est pourri et les experts n'ont pas encore réussi à en trouver les causes. Ils craignent que le problème ne concerne aussi d'autres salles.*
*Au départ, ils pensaient qu'on avait peut-être oublié de séparer la structure en bois de la dalle. Mais ce n'est pas le cas.*
*S'il s'agissait d'un problème particulièrement sérieux, il faudrait tout refaire. Actuellement, les experts analysent l'impact sur la statique du bâtiment.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *rappelle que l'année dernière, une place de stationnement a été supprimée dans la rue des Ligures entre le numéro 32 et le numéro 22. Désormais, les gens roulent en voiture jusqu'aux jardins. Or, contrairement à ce qui avait été dit, le trottoir n'est pas moins large à cet endroit. Et la prairie est désormais dans un état piteux.*
*Eric Cillien a pris des photos.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*
*Eric Cillien se souvient que la commune devait intervenir, mais rien n'a été fait. Soit la commune aménage un parking, soit elle autorise les gens à rouler jusqu'aux jardins. Mais dans ce cas, il faut un revêtement de sol.*
*En face, il existe bien un chemin. Mais le propriétaire du jardin a installé une grosse pierre pour empêcher les voitures de circuler.*
*Eric Cillien raconte par ailleurs qu'il est allé promener son chien à cet endroit et qu'il a fait un vol plané. Il faut donc trouver une solution rapidement.*
*Il y a longtemps, la commune avait proposé d'aménager un chemin de randonnée et, pourquoi pas, une piste cyclable.*

*Comme l'a dit madame Engel tout à l'heure, le site est aussi confronté à un problème de sangliers. Or, d'après le service écologique, on ne peut pas organiser de chasse, car la route est trop proche. Entretemps, les sangliers creusent des trous dans le jardin des riverains. Il faut une solution.*
*La dernière fois, madame Engel a aussi signalé des problèmes de respect de vitesse dans la rue des Ligures. Mais c'est le cas à de nombreux endroits. La police doit faire des contrôles réguliers dans les zones 30. Deux contrôles par an ne suffisent pas. Les automobilistes continuent de faire ce qu'ils veulent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Cillien pour les photos. Il n'était pas au courant de la situation, mais il ne peut pas non plus tout savoir.*
*Il sait en revanche que les gens se plaignent de la vitesse. Il reçoit deux ou trois coups de fil par semaine à ce sujet. La police effectue des contrôles, mais ils ne sont pas assez fréquents. Guy Altmeisch en parlera à la police, car la situation ne s'améliorera que grâce à des sanctions. Le prochain Règlement de circulation prévoit aussi de réduire la largeur de la chaussée là, où les automobilistes roulent trop vite. Le collège échevinal va faire de son mieux.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *n'en a jamais entendu parler dans les commissions de la circulation. Il propose d'installer un compteur de vitesse mobile. Les résultats sont parfois intéressants. Certains automobilistes freinent quand ils remarquent qu'ils roulent beaucoup trop vite. Il vaut la peine de faire un essai.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *vient d'avoir quelques informations de la police.*

gaangen, an ech sinn uerdentlech geflattert. Voilà! Do misst ee geschwënn eng Solutioun fannen.

Viru laanger Zäit, wou ech och emol am Gemengerot war, war gesot ginn, do géif eng Kéier en Trëppelwee amenagéiert ginn, vläicht och mat engem Vëloswee.

En plus, d'Madamm Engel hat dat de Muere scho gesot, et ass och eng vun deene Plazen, wou en extreeme Wëllschwäiprobleem herrscht. Ech hat dowéinst schonn am Service écologique ugeruff. An do hunn ech gesot kritt: Do kënne mer leider net vill maachen, well et ass no bei der Strooss. Do kënne mer keng Juegd maachen.

Et muss awer iergendeng Solutioun ginn, well d'Schwäin, déi gruewe Lächer.aA si gruewen och Lächer an d'Gäert vun de Leit. An dee Probleem, dee gëtt jo net manner. Iergendeng Solutioun muss do fonnt ginn.

D'leschte Kéier hat d'Madamm Engel gesot, par rapport, zu der Rue des Ligures, datt do e Vitessprobleem bestéing, datt d'Leit géifen do rennen. Et ass net nëmmen do, et ass an der Hiel, et ass op ville Plazen.

An ech géif einfach froen, ob een net vläicht kéint bei der Police froen, reegelméisseg Kontrollen ze maachen op verschiddene Plazen, eeben an den 30er-Zonen, wou vill Duerchgangsverkéier ass. Well wann een dat nëmmen zweemol am Joer mécht, dann ass et de Leit och egal. Een, dee grad do laanschtfiert, kritt dann ee Protokoll, mee dem Gros ass et egal. Mee wann dat an enger gewësser Reegelméissegkeet geschéie géif, géif ee vläicht derhanner kommen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen, déi Der eis matbruecht hutt. D'Biller si virugaangen un deen zoustännege Schäffen, dee sech dorëms këmmert. Déi Situatioun ass mir net bekannt. Mee mer kënne jo net all Eck hei aus der Gemeng kennen.

Op där anerer Säit verstinn ech d'Onrou vun de Leit, wa gerannt gëtt. Ech kann Iech confirméieren, dass mer d'Uleies vun de Leit des Ëfteren hunn. An enger Woch wäert ech awer zwee, dräi Telefonen hu vu Leit. Ech sinn do a guddem Kontakt mat der Police, déi ech dann ëmmer aviséieren iwwert déi Point-chauden, déi solle kontrolléiert ginn. Mee leider si se och net zu esou vill.

Ech wäert dat nach eng Kéier widderhuele bei de Kolleegen, dass do solle Kontrolle gemaach ginn. Well et ass nëmmen duerch Sanktionéieren, wou mer dat do richteg an de Grëff kréien. Respektiv wäerte mer am neie Verkéiersreglement, am neie Verkéierskonzept, wat mer amgaange sinn auszebauen, matrespektéieren, dass déi Zoufaartsstroossen, wou grouss Vitessen entstinn, dass mer déi an der Breet reduzéieren a soumat d'Vitess limitéieren, fir dat do e bëssen an de Grëff ze kréien.

Leider kréie mer et net honnertprozenteg. Mee mir wäerten eis awer Méi ginn, fir dat besser an de Grëff ze kréien.

Här Bertinelli.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wousst dat do net. Et gouf a kenger Verkéierskommissioun driwwer geschwat. Mee ech këmmere mech drëm. Wat ee vläicht kéint maachen, datt een eng Luucht eng Zäit dohistellt. Mir hunn esou Wanderluuchten, wou d'Vitess gemooss gëtt. Dat hëlleft awer schonn. A verschiddene Stroossen hate mer gutt Resultater domat. Zwar och net iwwerall. Mee et si Leit, déi da gesinn, datt se op eemol 60 oder 70 drop hunn, an dann zréckschalten. Dat kann een eng Zäitche maachen, well där hu mer der zwou, dräi. Dat kéint een emol probéieren, een, zwee Méint, fir esou eng Luucht dohinnerzesetzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech hunn nach eng Zousazinformatioun, déi ech och vun de Kolleege kritt hunn. Si hunn ee mobille Radar. Kuerzfristeg gëtt deen op e puer Plazen hei an der Gemeng opgestallt, dass mer kënne kucken, wou de Besoin ass. A wou

d'Leit dann och sanktionéiert ginn, wa se ze séier fueren. Da wësse se dat alt am Virfeld, dass déi Iwwerraschung usteet.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Da géif ech dem Här Meisch d'Wuert ginn. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Eng Fro an eng kleng Ureegung. D'Fro ass déi: Dir hutt bestëmmt an Uecht geholl, dass déi lescht Zäit Sansabrisen am Déifferdenger Zentrum lungeren oder leien. Virun der fréierer Krankekeess zum Beispill, huet ee sech niddergelooss. Sinn do Mesures sociales engagéiert, respektiv sinn eis Leit schonn op den Terrain geschéckt ginn, fir sech dat e bëssen unzekucken a vläicht mat deene Leit ze kommunizéieren? Dat ass d'Fro.

An dann eng kleng Ureegung: Mir si vu Bierger ugeschwat ginn. Beim Aquasud ass kee Bushaische beim Arrêt. A wann et reent, wéi dëser Deeg, da stees de effektiv do wéi e begossene Puddel, wuertwiertlech. Dat wär vläicht eng Ureegung, fir do e Bushaischen hinzestellen, bei den Arrêt Aquasud. Merci. Dat war et.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Hartung ka vläicht de Volet Sans abris erklären.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech kann dat confirméieren. Eise Sozialservice an d'Streetworker wësse Bescheed. Ech froen awer nach eng Kéier no, awéiwäit se wierklech vun der Ampleur Bescheed wëssen.

Et ass esou, vu datt mer am Parc Gerlache déi Toiletten hunn, datt dat en Unzéiungspunkt ass, fir datt si sech do mol kënne wäschen, erliichteren an esou. Do faasse mer an d'A, fir zesumme mat de Streetworker eng besser Léisung ze fannen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Op jidde Fall, wa mir esou Situatioune gemellt kréien – ech hat viru 14 Deeg eng Situatioun gemellt kritt, dass eng Koppel géif zu Nidderkuer an der Morgue schlofen, wouriwwer ech perséinlech immens erféiert war. Do waren déi zouständeg Leit dohinner geschéckt ginn, an do hat sech erausgestallt, dass déi Leit net hei am Land ugemellt waren. Dat just zur Erklärung, wann Der sollt dorop ugesprach gitt.

Déi Leit waren net hei am Land ugemellt, déi ware sozialverséchert an der Belsch. An déi hate geduecht, niewent hirer Sozialversécherung an hire sozialen Acquisen, déi se an der Belsch hätten, géife se hei dann nach ee klenge Supplement kréien. Do hu mer se dunn awer beléiert an hu gewisen, wou dann d'Grenze wieren. An do ass dee Probleem geléist ginn. Wa mer aner Probleemer hunn, wat mer och selwer opgefall ass …

(Ënnerbriechung)

Jo, et si verschidde Leit, déi sech am Ale Stadhaus aspäre loossen, fir do ze iwwernuechten. Wat e ganz schlecht Gefill ass fir déi Leit, déi moies opspäre kommen an dann do een am Pyjama oder anescht entgéintkënnt. Dat ass kee Gefill vu Sécherheet.

Mir wäerten op jidde Fall ëmmer deenen Informatiounen, déi mer do kréien, nogoen a kucken, fir eng adequat Léisung ze fannen.

Dat anert, wat mir selwer och opgefall ass, dass mer zwou, dräi Plazen hei an der Gemeng hunn, wou Leit sëtze fir ze heeschen. Do sinn der Police leider d'Hänn gebonnen, well do hu mer nach kee Verbuet, ausser wann et en groupe geschitt oder organiséiert ass – wat s de kengem kanns beweisen. Soudass mer do, wat d'Asazméiglechkeete betrëfft, limitéiert sinn. Awer mer informéieren déi Leit, dass se näischt Illegales däerfe maachen. Dat gesot, sinn nach Froen?

*Celle-ci va installer un radar mobile à certains endroits. Les chauffards seront sanctionnés.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *le remercie.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale un nombre croissant de sans-abris dans le centre de Differdange devant l'ancienne caisse de maladie. La commune est-elle intervenue à travers ses services sociaux ?*
*François Meisch attire ensuite l'attention sur le fait qu'il n'y a pas d'abri à l'arrêt de bus d'Aquasud. Le collège échevinal pourrait-il faire quelque chose ?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme les propos de monsieur Meisch concernant les sans-abris. Les éducateurs de rue sont au courant, mais il leur parlera une nouvelle fois. Le parc Gerlache est équipé de toilettes et attire les sans-abris.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a appris il y a deux semaines qu'un couple dormait à la morgue de Niederkorn. Finalement, on a découvert que ces personnes n'étaient pas enregistrées dans le pays et qu'elles dépendaient de la sécurité sociale belge. Mais elles espéraient pouvoir toucher aussi des aides sociales au Luxembourg. La commune leur a clairement fait comprendre que ce ne serait pas le cas.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch sait que des gens se laissent enfermer dans l'Aalt Stadhaus pour y passer la nuit. C'est embêtant pour ceux qui ouvrent les portes le matin et découvrent des gens en pyjama.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch ajoute que la commune interviendra chaque fois que cela sera nécessaire.*
*Le bourgmestre a aussi remarqué des gens qui font la quête. Malheureusement, la police ne peut pas intervenir, car la loi le permet.*
*La marge de manœuvre de la commune est donc limitée.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il a aussi posé une question concernant l'arrêt de bus d'Aquasud.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *verra ce qu'il peut faire. Il s'agit d'une gare où beaucoup de bus stationnent. C'est aussi le cas de certains bus scolaires lorsque les enfants vont à la piscine.*
*Le bourgmestre clôture la séance.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Busarrêt Aquasud.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Busarrêt Aquasud huelen ech mat. Ech kucken, wat mer do kënne maachen. Et ass mer just opgefall, dass e Busarrêt do ass, do hutt Der ganz Recht, Här Meisch, mee et sinn och vill Busser, déi do Pause maachen oder déi do en Arrêt maachen, ier se op hiren neien Trajet ginn. Mir musse kucken, wat mer do maache kënnen, well do steet och, ënner anerem, de Bus vun der Schoul, wann d'Kanner an d'Schwämm ginn.d- Déi hale sech da méi zum Aquasud op. Mee et ass richteg, dass do, wou den Diffbus en Arrêt huet, keen Abris do ass. Mir huelen dat mat, kucken, wat mer do kënne maachen.

Dat gesot, géif ech virschloen, dass mer zu der Séance non-publique kommen.

# FORMATION ANIMATEUR BREVET A

La Ville de Differdange organise la formation d'animateur brevet A, les :

- 2 et 3 mars 2024 ;
- 13 et 14 mars 2024 ;
- 16 et 17 mars 2024.

Les participants doivent être présents pendant toute la durée de la formation pour réussir. La formation est limitée à 25 participants.

**Conditions de participation :** avoir au moins 15 ans.


**Inscriptions**

# ZESUMME RENOVÉIEREN : BUREAU DE QUARTIER

Dans le but de promouvoir la rénovation énergétique durable de logements sur la commune de Differdange et de répondre aux questions des citoyens, nous sommes heureux d'annoncer la mise en place d'un bureau de quartier dans le cadre du projet *Zesumme renovéieren*.

Depuis le 8 janvier 2024, le bureau de quartier est ouvert tous les mercredis de 13 h à 17 h. Le bureau est idéalement situé dans les locaux du service écologique au 10, place du Marché à Differdange et ouvert à tous les résidents de la commune.

Votre manager de quartier, Julie Dupont, collaboratrice de Klima-Agence, vous accueille et répond à toutes vos questions sur la rénovation énergétique et ce projet pilote ; elle vous guide pour la mise en place de votre projet, vous explique les aides disponibles et fait le lien avec les acteurs qui vous accompagneront tout au long de votre rénovation.



# Kerzen-Recycling

in Zusammenarbeit mit der „Käerzefabrik Peters“

Kerzen sind nicht nur schön, ihr Wachs ist auch ein hochwertiger Rohstoff. Handelsübliche Anzünder enthalten oft Stoffe, die gesundheits- und umweltschädlich sein können. Anzünder aus Wachsresten mit Eierkartons, Sägespänen oder z.B. Nadelbaumzapfen stellen eine umweltfreundliche Alternative dar. Aber was geschieht mit ihnen, wenn sie einmal abgebrannt sind?

## Vermeidung

- → Eine Kerze ist ein offenes Feuer, die Flamme kann bis zu 1400 Grad heiss werden. Kerzen daher immer auf einen festen, hitzebeständigen Untersetzer stellen.
- → Dicke Kerzen sollten jedes Mal wenigstens so lange brennen, bis der ganze Brennteller flüssig geworden ist. Sonst brennen sie hohl ab und die Flamme kann verkümmern.

# *Recyclage des bougies*

*en collaboration avec la « Käerzefabrik Peters »*

*Les bougies ne sont pas seulement belles, leur cire est aussi une matière première de qualité. Les allumeurs du commerce contiennent souvent des substances qui peuvent être nocives pour la santé et l'environnement. Les allumeurs faits de restes de cire avec des cartons d'œufs, de la sciure ou, par exemple, des pommes de pin constituent une alternative écologique. Mais que deviennent-ils une fois qu'ils ont brûlé ?*

## *Prévention*

- → *Une bougie est un feu ouvert et la flamme peut monter jusqu'à 1400 degrés, alors placez toujours les bougies sur un dessous de verre ferme et résistant à la chaleur.*
- → *Les bougies épaisses doivent brûler au moins jusqu'à ce que toute la plaque de brûleur soit devenue liquide. Sinon, ils brûlent en creux et la flamme peut se faner.*

**Information**
***Informations***

**Ressourcenpotential**
***Potentiel de ressources***

## Circa 96%

Die eingesammelten Rohstoffe können somit in den Kreislauf zurück geführt werden und für die Wiederverwendung benutz werden.

Die Kerzenreste werden zunächst im SDK-Center in Colmar-Berg geprüft, ob sie den Vorgaben entsprechen. In der ‚Käerzefabrik Peters' werden die Kerzenreste dann bei der Produktion neuer Kerzen, Fackeln und Brennschalen eingesetzt.

**Korrekt entsorgen**

Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter


## *Environ 96%*

*Les matières premières collectées peuvent ainsi être réintroduites dans le circuit et utilisées pour la réutilisation.*

*Les restes de bougies sont d'abord contrôlés dans le center SDK à Colmar-Berg pour voir s'ils répondent aux exigences. Dans la ‚Käerzefabrik Peters', ils sont ensuite utilisés dans la production de nouvelles bougies, torches et photophores.*

***Elimination correcte***

*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*




- **95,93%** Zurückgewinnung von Rohstoffen / *Récupération de matières premières*
- **1,99%** Herstellung eines Ersatzbrennstoffes / *Production d'un combustible de substitution*
- **2,08%** Verunreinigungen werden beseitigt / *Les impuretés sont éliminées*



# Holzasche
Der richtige Umgang

# *Cendre de bois*
*Le bon traitement*

Massgeblich für die Entsorgung von Holzasche ist die Art und Herkunft des Brennmaterials und die Menge. Im privaten Umfeld entsteht Asche z.B. durch Verbrennen von Scheitholz in Kaminen und Kaminöfen sowie aus Pelletheizungen. Holzasche ist **kein** typisches Problemprodukt, welches über die SuperDrecksKëscht® abgewickelt werden kann. Auch die Ressourcencenter nehmen keine Asche an. Hier kommen autorisierte Entsorger ins Spiel, die auch in Luxemburg die fachgerechte Entsorgung von Holzasche anbieten.



*Le type et l'origine du combustible ainsi que sa quantité sont des éléments déterminants pour l'élimination de la cendre de bois. Chez les particuliers, la cendre provient par ex. du brûlage des bûches dans les cheminées et les poêles à bois ainsi que des chaudières à granulés. La cendre de bois* ***ne fait pas partie*** *des produits problématiques caractéristiques qui peuvent être traités par la SuperDrecksKëscht®. Les centres des ressources n'acceptent pas la cendre non plus. On fait ici appel à des sociétés agréées spécialisées dans le traitement des déchets qui proposent également au Luxembourg une élimination de la cendre de bois dans les règles de l'art.*

## Information
## *Informations*

Bei Asche aus gewerblichen Anlagen, aber auch bei grösseren Pellet-Heizanlagen, etwa in Residenzen ergibt sich schon aus der Menge, dass eine Entsorgung über den Restabfall nicht mehr sinnvoll ist. Die Holzasche muss dann analysiert und entsprechend der Qualität weiterbehandelt werden. Mögliche Wege sind Deponierung, Herstellung eines standardisierten Düngers nach Vorbehandlung, Zuschlagsstoff in der Zementindustrie, Zuschlagsstoff im Strassen- und Wegebau oder Verfüllmaterial im Bergbau.

*Dans le cas des cendres provenant d'installations industrielles, mais aussi d'installations de chauffage à pellets plus importantes, par exemple dans des résidences, il résulte déjà de la quantité qu'une élimination avec les déchets résiduels n'est plus judicieuse. Les cendres de bois doivent alors être analysées et traitées en fonction de leur qualité. Les voies possibles sont la mise en décharge, la fabrication d'un engrais standardisé après prétraitement, les granulats dans l'industrie du ciment, les granulats pour la construction de routes et de chemins ou les matériaux de remblayage dans l'industrie minière.*

## Verwendung von Asche
## *Utilisation des cendres*



Gegen die Nutzung der Asche als Hausmittel, etwa zur Reinigung der Glasscheibe von Kaminöfen spricht nichts, wenn anschliessend die Entsorgung wie angegeben erfolgt. So können Sie chemische Reinigungsmittel vermeiden. Voraussetzung: Es handelt sich um natürliches und unbehandeltes Brennmaterial.

*Rien ne s'oppose à l'utilisation de la cendre comme produit ménager, pour le nettoyage des vitres des poêles à bois par exemple. Vous pouvez ainsi éviter d'utiliser des détergents chimiques supplémentaires. Conditions requises : il s'agit de combustible naturel et non traité.*



Asche als Dünger im Garten zu nutzen bzw. auf den Kompost zu geben ist abzuraten. Holzasche kann mit Schwermetallen (dies sind vor allem Blei, Cadmium und Chrom) belastet sein. Bäume und Sträucher nehmen diese auf und konzentrieren diese. Da Holzasche basisch ist, kann sie zudem in zu hoher Konzentration die im Boden und Kompost arbeitenden Mikroorganismen zerstören. **Fazit:** Man kennt weder die genauen Mengenanteile der Mineralien, noch kann man ohne Analyse abschätzen, wie hoch der Schwermetallgehalt der Holzasche ist. So ist keine auf den pH-Wert des Bodens abgestimmte Düngung möglich.

*Il est déconseillé d'utiliser les cendres comme engrais dans le jardin ou de les composter. Les cendres de bois peuvent être contaminées par des métaux lourds (en particulier le plomb, le cadmium et le chrome). Les arbres et les arbustes les absorbent et les concentrent. La cendre de bois étant basique, elle peut détruire les micro-organismes présents dans le sol et le compost si elle est trop concentrée.* ***En conclusion :*** *On ne connaît pas les proportions exactes de minéraux et, sans analyse, il n'est pas possible d'estimer la teneur en métaux lourds de la cendre de bois. Ainsi, il n'est pas possible d'avoir une fertilisation du sol adaptée à son pH et il y a un risque d'enrichir la terre du jardin en substances toxiques.*

## Entsorgung
## *Elimination*



Der richtige Weg ist in der Regel die Entsorgung der erkalteten Asche über den Hausabfall. Natürlich sollte niemals heisse Asche in die heute verwendeten Kunststoffabfallbehälter eingefüllt werden.

*La procédure correcte pour l'éliminer consiste à jeter la cendre refroidie dans la poubelle de déchets ménagers. Bien évidemment, aucune cendre chaude ne doit être versée dans les conteneurs en plastique utilisés actuellement.*